n°3 /2024









# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 3.5.2024

#maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP




Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Christiane Colbett / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°3 / 2024 - Parution: août 2024 - Imprimé sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

Rapport sommaire en français 5

**1. CORRESPONDANCE** 7

**2. FINANCES** 7

2.1. Approbation des relevé et rôle supplémentaires de la taxe sur les chiens de l'exercice 2023
2.2. Approbation de la convention avec les soeurs Franck pour la mise à disposition à la Ville d'une parcelle de terrain au lieu-dit « Im Brillchen »
2.3. Approbation de la convention de collaboration avec la société coopérative Co-Labor
2.4. Approbation de la convention « SHPT Dudelange 10 », relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de demandeurs de protection temporaire entre l'ONA, l'Hôtel Cottage et la Ville de Dudelange
2.5. Acquisition de logements abordables, vente en l'état futur d'achèvement, 218, rue des Champs
- 2.5.1. Approbation du devis estimatif
- 2.5.2. Approbation de l'acte de vente notarié pour l'acquisition de logements abordables

2.6. Projet de construction de logements sociaux dans la rue Nic. Bodry
- 2.6.1. Approbation du devis remanié
- 2.6.2. Approbation de six actes de vente en l'état futur d'achèvement pour la construction de 6 maisons uni- et bifamiliales

2.7. Projet de rénovation et de transformation de la maison 37-39, rue du Commerce en logements sociaux
2.7.1. Approbation du devis remanié
- 2.7.2. Approbation d'un crédit supplémentaire

2.8. Approbation d'un acte notarié de constitution de servitude entre la Ville de Dudelange et la société « Creos Luxembourg S.A. »
2.9. Approbation d'un acte notarié de vente avec Madame Violetta Marguerite Josephine Turra pour l'acquisition d'un terrain labourable dans la route de Kayl
2.10. Emprises – approbation d'actes notariés de vente
- 2.10.1. Madame Emma Schneider, 2, rue Jean Friedrich
- 2.10.2. Madame Dawn Cheryl Buxton, 28, rue Michel Gindt
- 2.10.3. Société à responsabilité limitée « Active Invest S.à r.l. », 57-59, route de Noertzange

2.11. Approbation provisoire du compte administratif de l'exercice 2022 et approbation de la prise de position du collège des bourgmestre et échevins relative au rapport de vérification du compte administratif de l'exercice 2022 par la Direction du contrôle de la comptabilité communale du Ministère des Affaires intérieures
2.12. Approbation provisoire du compte de gestion de l'exercice 2022
2.13. Approbation de décomptes
2.14. Subsides extraordinaires à allouer

**3. APPROBATION DU NOUVEAU RÈGLEMENT SUR LES ESPACES PUBLICS DE LOISIRS, DE JEUX OU DE DISTRACTION EN PLEIN AIR** 35

**4. URBANISME** 43

4.1. Approbation de la convention et du projet d'exécution relatifs au Plan d'Aménagement Particulier « Rue Pasteur » conclus avec la société Sedna Investments & Services S.A.
4.2. Approbation du projet de lotissement/morcellement présenté par la société GEOCAD, pour le compte de Monsieur Remy Berchem concernant une parcelle de terrain, située au numéro 47, rue de Hellange

**5. PERSONNEL** 44

5.1. Création d'un poste de salarié à tâche intellectuelle en vue de l'engagement d'un chômeur longue durée à tâche complète (service de la circulation)
5.2. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, administratif (démocratie participative locale)

**6. COMMISSIONS** 45

**7. MAINTIEN DE L'ANTENNE RÉGIONALE DE L'ADEM DE DUDELANGE** 46
Motion soumise par la fraction LSAP

**8. ACQUISITION DE NOUVEAUX LOGEMENTS PUBLICS – ABORDABLES** 50
Motion soumise par la fraction « Déi Gréng »

**9. EXERCER LE DROIT DE PRÉEMPTION** 50
Motion soumise par la fraction « Déi Gréng »

**10. GROUSS BOTZ AKTIOUN VUN DER GEMENG DIDDELENG AM JOER 2025** 54
Motion soumise par la fraction « Déi Gréng »

**11. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS** 60

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents** : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina (à l'exception du point numéro 9 de l'ordre du jour) ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries (à l'exception du point numéro 5.1 de l'ordre du jour) ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Alain Clement ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler (à l'exception du point numéro 9 de l'ordre du jour), Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini (à l'exception des points numéros 2.1 et 2.13 de l'ordre du jour), Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang (à l'exception des points numéros 2.8 à 2.10.3 de l'ordre du jour), conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

**1 – Correspondance**

Le conseil communal prend connaissance de la lettre de réponse de Monsieur Léon Gloden, Ministre des Affaires intérieures, relative à la 2e motion, adoptée majoritairement par le conseil communal de Dudelange en date du 22 mars 2024 au sujet du retrait d'agents du Commissariat de Police de Dudelange dans le cadre du dispositif policier renforcé à Luxembourg-Ville ; de la lettre du 23 avril 2024, adressée par notre collège des bourgmestre et échevins à Monsieur Georges Mischo, Ministre du Travail par laquelle la Ville de Dudelange se manifeste dans le cadre des discussions qui sont menées au sein du Ministère du Travail et de l'Agence pour le développement de l'emploi concernant la fermeture de l'agence régionale de l'ADEM de Dudelange. Le collège des bourgmestre et échevins, en conclusion de sa lettre insiste sur la nécessité et l'importance que l'agence régionale de l'ADEM de Dudelange soit maintenue et prie Monsieur le Ministre d'informer la Ville sur ses intentions, les raisons qui le motivent dans sa prise de décision et de reconsidérer au vu des développements de la lettre, toute action destinée à fermer les bureaux de l'agence régionale de l'ADEM. Monsieur le bourgmestre poursuit et informe les conseillers communaux que 12'019 électeurs sont inscrits sur les listes électorales pour les élections européennes du 9 juin prochain (10'960 électeurs luxembourgeois et 1'059 électeurs non-luxembourgeois). Le taux d'inscription des électeurs non-luxembourgeois se situe au-dessus de la moyenne nationale.

**2 – Finances**

A l'exception des points numéros 2.7, 2.11 et 2.12, toutes les décisions sont prises à l'unanimité.

2.1 les relevé et rôle supplémentaires de la taxe sur les chiens pour l'exercice 2023 s'élevant au montant de 3'920,- €. Avec une taxe unitaire de 35,- € par chien, ce montant correspond à 112 chiens ;

2.2 la convention avec Mesdames Martine et Monique Franck, par laquelle les sœurs Franck mettent à disposition de la Ville de Dudelange, une parcelle de terrain au lieu-dit « Im Brillchen », à la fin de la rue de la Chapelle pour les besoins de l'installation de nids de corbeaux freux dans le cadre d'une mesure de relocalisation de ces espèces d'oiseaux. La mise à disposition est consentie pour une durée de 20 ans et se fait à titre gratuit, à condition que la Ville prenne en charge les éventuels travaux de nettoyage du toit de la cabane située sur la parcelle, suite à une dégradation causée par les corbeaux freux ;

2.3 la convention avec la société coopérative Co-Labor, ayant pour objet la promotion d'une économie sociale et solidaire, avec pour but principal de permettre l'intégration sociale dans la vie active à des demandeurs d'emploi nécessitant une guidance socio-éducative et un apprentissage particulier. La convention prévoit principalement l'exécution de travaux d'entretien récurrents sur divers sites communaux clairement définis, facilitant ainsi le suivi par le service communal d'entretien des espaces verts ;

2.4 la convention entre l'Office National de l'Accueil, l'Hôtel-Restaurant Cottage et la Ville de Dudelange pour la mise à disposition d'une surface totale de 376,13 m2 dans l'immeuble Logis Hôtel Restaurant Cottage Dudelange à l'ONA pour l'hébergement provisoire de bénéficiaires de protection temporaire. La Ville contribue au loyer dû par l'ONA pour un montant mensuel de 3'000,- €, ceci pendant toute la durée de la convention qui couvre la période du 1er avril 2024 au 31 mars 2025. 21 chambres sont ainsi mises à disposition des bénéficiaires de protection temporaire, 1 chambre est mise à disposition pour le bureau de la Croix-Rouge et 2 salles pour le réfectoire. Actuellement 36 personnes bénéficiaires de protection temporaire résident au Cottage dont 21 femmes, 12 hommes et 3 enfants. 1 chambre-double est offerte par l'Hôtel Cottage ;

2.5 le projet d'acquisition de logements abordables par le recours à une vente en l'état futur d'achèvement (VEFA) au numéro 218, rue des Champs. Le devis estimatif, établi par le service de l'architecture et des domaines, travaux neufs, pour un montant de 3'910'000,- € toutes taxes comprises est approuvé et par une deuxième décision, l'acte de vente afférent. L'acte de vente notarié en l'état futur d'achèvement conclu entre la société à responsabilité limitée « B4U S.à r.l. », avec siège à Dudelange formalisé la vente au profit de la Ville de Dudelange d'une maison d'habitation, destinée à la démolition pour la construction d'un immeuble à 4 appartements, avec place et toutes ses appartenances et dépendances au numéro 218, rue des Champs pour le prix de 3'684'000,- € toutes taxes comprises. Le projet prévoit la construction de 4 logements destinés à la location abordable dans une résidence avec un sous-sol, rez-de-chaussée et 3 étages ;

2.6 le devis remanié au sujet du projet définitif

de construction de logements sociaux dans la rue Nic. Bodry, établi par le service de l'architecture et des domaines, travaux neufs, chiffrant les coûts pour la construction de logements sociaux à 9'695'000,- € toutes taxes comprises. Dans une deuxième décision sont approuvés les six actes de vente notariés en l'état futur d'achèvement (VEFA), aux termes desquels la société anonyme « Wiesen-Piront Constructions S.A. », avec siège social à Bridel, vend à la Ville de Dudelange les parcelles de terrain afférentes sur lesquelles seront construites six maisons sises 25, 25A, 25B, 27, 27A et 27B, rue Nic. Bodry ;

2.7 avec 15 voix et 4 abstentions sont approuvés le devis remanié, établi par le service communal d'architecture et des domaines, travaux neufs, d'un montant de 2'270'000,- € toutes taxes comprises, relatif aux travaux de rénovation et de transformation de la maison 37-39, rue du Commerce en logements sociaux ainsi qu'un crédit supplémentaire nécessaire de 90'000,- € ;

2.8 l'acte notarié de constitution de servitude aux termes duquel la Ville de Dudelange accorde à la société « Creos Luxembourg S.A. », sur le site de l'école Boudersberg, le droit d'établir à demeure et de maintenir pendant toute la durée de sa concession, un poste de transformation, des câbles électriques souterrains et des tuyaux de réserve, tout équipement et installations connexes nécessaires au réseau ainsi que de pouvoir exécuter tous les travaux y relatifs et nécessaires ;

2.9 l'acte de vente notarié aux termes duquel Madame Violetta Marguerite Josephine Turra vend à la Ville de Dudelange une parcelle de terre labourable dans la route de Kayl, faisant 6,65 ares pour le prix de 34'900,- €. L'acquisition est faite en vue de la constitution d'une réserve foncière ;

2.10 les actes de vente notariés suivants pour l'acquisition d'emprises de terrain en vue de leur intégration dans le domaine public communal : avec Madame Emma Schneider au sujet d'une parcelle de terrain sise 2, rue Jean Friedrich ; avec Madame Dawn Cheryl Buxton au sujet d'une parcelle de terrain sise 28, rue Michel Gindt ; avec la société à responsabilité limitée « Active Invest S.à r.l. » au sujet d'une parcelle de terrain sise 57-59, route de Noertzange ;

2.11 avec 13 voix et 6 abstentions est approuvé provisoirement, le compte administratif de l'exercice 2022 et la prise de position du collège des bourgmestre et échevins relative au rapport de vérification du compte administratif de l'exercice 2022 par la Direction du contrôle de la comptabilité communale du Ministère de l'Intérieur ;

2.12 avec 17 voix et 2 abstentions est approuvé le compte de gestion de l'exercice 2022 du receveur communal ;

2.13 les décomptes suivants : complexe scolaire Lenkeschléi – études et construction 18'524'911,96- € ; complexe scolaire Lenkeschléi – aménagement aires de jeux 218'427,46€; complexe scolaire Lenkeschléi – installation transformateur 172'345,59- € ; complexe scolaire Lenkeschléi – œuvre artistique ; 156'059,90- € ; complexe scolaire Lenkeschléi – acquisition matériel informatique 45'460,35- € ;

2.14. les subsides extraordinaires suivants : 750,- € à l'a.s.b.l. La Sécurité Routière ; 300,- € à l'association SOS Détresse – Mir hëllefen iwwer Telefon an online – anonym a vertraulech.

**3 – Nouveau règlement sur les espaces publics de loisirs, de jeux ou de distraction en plein air**

Le nouveau règlement sur les espaces publics de loisirs, de jeux ou de distraction en plein air est approuvé avec 12 voix contre 4 et 3 abstentions. Le règlement adopté remplace le règlement du 9 novembre 2007 au même sujet et impose l'observation des certaines règles particulières sur les espaces publics de loisirs, de jeux ou de distraction en plein air. Les espaces publics de loisirs sont des lieux de détente et de convivialité. Ainsi, toutes les activités de loisirs et de repos y sont les bienvenues dans la mesure où elles s'exercent sans gêner autrui, ni porter atteinte à la sécurité des personnes et des biens et sans dégrader les lieux. Le public se servira des équipements mis à disposition sans les détourner de leur finalité. Le règlement s'applique aux espaces publics de loisirs formés par : les espaces verts, qui comprennent :
- les parties des forêts communales destinées par leur aménagement aux activités de loisirs ;
- les parcs et les esplanades ;
- les jardins et les squares ;
- les places plantées ainsi que toutes les parties du domaine public communal supportant des plantations, qu'elles soient ou non clôturées ;

les espaces de jeux en plein air, qui comprennent :
- les aires de jeux ;
- les aires de sports telles que terrains multisports et mini-stades ;
- les cours de récréation des écoles et des foyers scolaires communaux.

Le texte intégral du règlement peut être consulté sur le site internet de la Ville de Dudelange dans la rubrique des règlements communaux.

**4 – Urbanisme**

Les deux dossiers ci-après, relatifs à l'urbanisme sont approuvés à l'unanimité :

4.1. la convention et le projet d'exécution relatifs au Plan d'Aménagement Particulier « Rue Pasteur » conclus avec la société Sedna Investments & Services S.A. et portant prolongation des délais d'exécution du projet déjà approuvé en 2019 ;

4.2. le projet de lotissement/morcellement présenté par la société GEOCAD, pour le compte de Monsieur Remy Berchem concernant une parcelle de terrain, située au numéro 47, rue de Hellange, sur laquelle est projetée de construire une maison bifamiliale.

**5 – Personnel**

5.1. le conseil communal marque avec toutes les voix son accord à la création d'un poste de salarié à tâche intellectuelle en vue de l'engagement d'un chômeur longue durée à tâche complète pour renforcer le service de la circulation ;

5.2. avec 18 voix et une abstention est décidé de créer un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, administratif en vue d'assurer les travaux en relation avec le la démocratie participative locale et la participation citoyenne.

**6 – Commissions**
Le conseil communal est unanimement d'accord avec le remplacement de Monsieur David Marques par Madame Mara Martins dans la commission de la circulation et de la mobilité.
Point numéro

**7 – Maintien de l'antenne régionale de l'ADEM de Dudelange (Motion soumise par la fraction LSAP)**
Ayant pris connaissance des discussions qui sont menées au sein du Ministère du Travail et de l'Agence pour le développement de l'emploi concernant la fermeture de l'agence régionale de l'ADEM de Dudelange, le conseil communal se trouve saisi par une motion, soumise par la fraction « LSAP » qui vise le maintien de l'antenne régionale de l'ADEM de Dudelange. Après discussion et échange d'opinions, le conseil communal arrête avec 15 voix et 4 abstentions de demander au Gouvernement, et plus particulièrement au Ministre en charge du Travail : de faire en sorte que les principes de l'aménagement du territoire et du développement des services publics décentralisés et de proximité soient pleinement respectés, et d'engager tous les efforts visant à maintenir une antenne régionale de l'ADEM à Dudelange.

**8 – Acquisition de nouveaux logements publics – abordables (Motion soumise par la fraction « Déi Gréng » )**
Le conseil communal est saisi par une motion soumise par la fraction « Déi Gréng » invitant le collège des bourgmestre et échevins à effectuer des efforts supplémentaires pour l'acquisition de nouveaux logements publics abordables. La crise du logement est un problème persistant dans de nombreuses régions du pays et elle se caractérise par une pénurie de logements abordables pour une partie significative de la population. Un des aspects, les plus critiques de la crise du logement, est l'augmentation des prix des logements, tant à l'achat qu'à la location, qui dépassent proportionnellement souvent largement l'inflation et l'augmentation des salaires. Après discussion et échange d'opinions, le conseil communal, à l'unanimité, invite le collège des bourgmestre et échevins : à vérifier l'opportunité d'acquisition d'unités d'habitation dans le cadre de nouvelles constructions ou de nouveaux Plans d'Aménagement Particulier (PAP) qui ne sont pas couverts par les obligations de l'article 29bis, lequel définit un pourcentage légal et obligatoire d'acquisition publique ; à vérifier l'opportunité d'acquisition de telles unités d'habitation, si, et seulement si, elles répondent aux critères d'éligibilité pour bénéficier des subventions gouvernementales, telles que les aides à la pierre ainsi que le cahier des charges définis par le ministère du Logement.

**9 – Exercer le droit de préemption (Motion soumise par la fraction « Déi Gréng » –)**
Au vu des mêmes considérations que pour la motion précédente, la fraction « Déi Gréng » a soumis une deuxième motion. Après discussion et échange d'opinions, le conseil communal, à l'unanimité, invite le collège des bourgmestre et échevins à présenter annuellement à la commission des bâtisses et du développement urbain, une liste des terrains constructibles soumis à un droit de préemption avec une indication sommaire des raisons pour lesquelles la Ville n'a pas exercé son droit de préemption.

**10 – Grouss Botz Aktioun vun der Gemeng Diddeleng am Joer 2025 (Motion soumise par la fraction « Déi Gréng »)**
Après discussion et échange d'opinions, les auteurs retirent la motion de l'ordre du jour de la séance.

**11 – Questions au collège des bourgmestre et échevins**
Des questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins
par la fraction « CSV » au sujet de la mobilité, plus précisément dans le cadre du projet de suppression de passages à niveau à Dudelange ; de la problématique de la présence de rats dans la localité et des mesures prises à cet égard ;
par la fraction « Déi Lénk » au sujet de l'éclairage artificiel des terrains de tennis dans la rue du Stade J.F. Kennedy ;
par la fraction « Déi Gréng » au sujet de l'initiative gouvernementale à encourager la création d'espaces de co-working, couvrant l'ensemble du pays, y compris dans les zones proches des frontières, notamment à Dudelange ; de l'établissement du « plan de cohésion sociale », englobant une stratégie transversale en matière d'emploi, de formation, de santé, de logement et de culture, projet annoncé par le collège des bourgmestre et échevins.

Il est répondu aux questions séance tenante.
La réunion se poursuit ensuite à huis clos. •

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 3. MEE 2024

## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech géif Iech ganz häerzlech begréissen. Mir hunn e chargéierten Ordre du jour, nieft deem, deen de leschte Freiden erausgaangen ass sinn och nach e puer Motiounen erakomm. Ass de Gemengerot domat averstanen, dass mer déi och nach zousätzlech op den Ordre du jour setzen? Reng formal. OK, villmools Merci. An eiser Kompositioun si mer och komplett, da géif ech proposéieren, dass mer op den éischte Punkt iwwerginn. Dat ass ënnert Korrespondenz, do hu mir Iech zwee Courrieren drageluecht.

Deen éischte Courrier, dat ass d'Äntwert vum Innen- a Police-Minister Léon Gloden, par rapport zu der Diskussioun, déi mer am leschte Gemengerot haten, an déi Motioun, déi mer hei gestëmmt hu par rapport zum Dispositif. An der Täschenzäit hutt Der jo matkritt, dass deen zréckgefouert gouf. Dat ass deen éischte Courrier, dee mer dem Gemengerot wollten zur Kenntnis ginn. An den zweete Courrier, do hu mer jo herno och nach eng Diskussioun driwwer, dat ass de Courrier, dee mer souwuel un den Aarbechtsminister gemeet hu wéi och un de Landesplanungsminister am Kader vun der regionaler Antenn vun der ADEM. Voilà, dat ënnert Korrespondenz. Ech wollt d'Kolleeginnen an d'Kolleege froen, ob si nach Punkten hunn? Neen.

Dat heescht, ech misst nach eng Info ginn. Well jo den 9. Juni Europawale sinn, einfach de leschte Stand. Mir hunn en Total vun 12.019 Wieler. Dovu sinn 10.960 Lëtzebuerger Wieler, 1.059 Net-Lëtzebuerger Wieler. A mir leie beim Taux d'inscription bei 18,83%. Dir wësst, dass d'Moyenne national bei 15,1% ass. Mir leien also do iwwert der nationaler Moyenne. Beim nächste Gemengerot kann ech dann e puer Informatioune ginn iwwert d'Bréifwal. Wéi gesot, dee Prozess, dee leeft nach de Moment a mir wäerten och, wéi mir dat bei de leschte Wale scho gemeet hunn, a wéi mer och schonn d'Diskussioun hei am Gemengerot haten, och deementspriechend e Bus ubidde fir d'Leit bei d'Wallokaler ze féieren. Si kënnen deen an Usproch huelen. Och wa mer wëssen, dass e bei de leschte Wale ganz wéineg an Usproch geholl gi war. Mee op alle Fall ass d'Méiglechkeet an deem Sënn ginn. Et ass un de Biergerinnen a Bierger drop zréckzegräife wa se wëllen.

## 2. FINANZEN

### 2.1. Approbatioun vum Relevé a Rôle supplémentaire vun der Hondstax vum Exercice 2023

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Do hutt der de Rôle supplémentaire vun der Hondstax virleien, dat sinn 3.920.- €. Dat ass wéi gesot de Rôle supplémentaire fir d'Joer 2023. Déi Tax déi läit jo bei 35.- €, dat sinn am Fong dann 112 zousätzlech Hënn.



A fir d'Joer 2023 ass et en Total vun 1.470 Hënn, déi hei zu Diddeleng enregistréiert goufen an déi dann och gebüreflichteg hir Tax bezuelt hunn, respektiv de Proprietär se bezuelt huet. Dat zu där doten Tax. Sinn dozou Froen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Et ass just en Detail. Am Ecrit, do steet nämlech 3.920.- op der zweeter Säit, a vir, am Ausgeschriwwenen, do steet awer „quatre mille trois cent quarante". Ech huelen un, datt dat eng Erreur ass, dass dat vläicht d'Zomm ass vum leschte Joer. Beim Relevé ass mer just opgefall, dass vir eppes Anescht steet wéi hannen. Et ass jo net wichteg, mee et misst een dat awer vläicht korrigéieren. Do an déi zweet Rei, do een erof, do steet „quatre mille". Just fir ze weisen, dass mir och alles liesen, wat mer geschéckt kréien.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi dote Remark, mir adaptéieren dat. Soss nach Remarken? Dat ass net de Fall. Ass de Gemengerot mat Rôle supplémentaire hei averstanen?
***Dat ass unanime.*** Da soe mir Iech villmools Merci.

### 2.2. Approbatioun vun der Konventioun mat de Geschwëster Franck fir d'Mise à disposition vun enger Terrainsparzell un d'Stad um Flouernumm „Im Brillchen"

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den zweete Punkt iwwer, dat ass eng Konventioun mat de Geschwëster Franck, fir dass si en Terrain am Lieu-dit „Im Brillchen" zur Verfügung stellen an da ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, Dir wäert Iech warscheinlech gefrot hunn: „Wat maache mir mat deem Terrain do?" Et steet just am Text dass mer wëlles hunn, déi Kuebennäschter, déi Der hei vis-à-vis vun der Gemengeplaz gesitt, dass mer wëlles hunn, déi ze relokaliséieren. Wéi komme mer op déi verréckten Iddi wäert Dir Iech vläicht geduecht hunn. Ma mir hunn eis emol inspiréiere loosst vun der Stad Lëtzebuerg, déi och dee Wee gaange sinn a si hu sech, wéi mir och, vu Luxplan berode loosst. An du hu mer da vu Luxplan, déi och hei op der Plaz waren e Managementkonzept kritt mat bal 100 Säiten. Déi hunn déi ganz Situatioun analyséiert a gekuckt, alles wat ee muss oder net muss wësse vun de Kueben. An du hu mer e ganze Koup Saachen effektiv bäigeléiert. A mer hunn dann decidéiert fir verschidde Moossnamen ze huelen, nieft deenen, déi mer maachen, d'Näschter ewechhuelen an d'Beem e bësse kierzen a sou weider.

Du si mer awer op d'Iddi komm, fir eventuell mol ze probéieren, fir d'Kueben ze relokaliséieren, dat heescht, se op eng aner Plaz ze drainéieren. Dat ass natierlech net sou einfach, wéi dat sech elo unhéiert. Et kann ee jo net e Blat an d'Nascht leeën, en Avis: Ab muer ass hei elo zou, dir musst op eng aner Plaz. Wann dat sou schéi wier, da wär et jo gutt, mee dat ass et awer leider net. An du hu mer eis da vun deem Fachmann, den Dokter Markus Quak, dat ass en Ingenieur berode gelooss. Ech muss soen, dass dee Mann e ganz grousst Fachwëssen huet an déi Sitzunge mat him waren immens interessant, do huet ee wierklech eppes bäigeléiert.

Mee fir elo op eise Punkt zréckzekommen. Et geet drëms, fir déi Kolonie ëmzesidelen, an do sollt d'alternativ Plaz am Prinzip meeschtens aus Platane bestoen, wat awer hei net de Fall ass. Du huet den Expert eis geroden, e Standuert ze siche mat Eschen a mat Bierken. Firwat? D'Esche ass stabil genuch, fir dass d'Näschter an déi Beem do kënne gesat ginn, fir dass d'Ënnerkonstruktioun fest ass. An d'Bierken ersetzt d'Buch fir d'Banneverkleedung, also fir d'Nascht selwer dann ze bauen. An hei zu Diddeleng hu se da gekuckt, wou se sou e Standuert kënne fannen, an du hu se der dann zwee fonnt, een entlaang der Rue Ribeschpont an och een entlaang der Rue de la Chapelle, deen Terrain, dee mer dann och elo laut der Konventioun wäerte kréien.

A wéi maache mer dat dann an der Praxis? Ma mer musse kucken, dass mer d'Näschter déi hei sinn dëst Joer am Oktober – Dezember, alleguerte schonn ewechhuelen. Dass se keen Doheem méi hei fannen. A vun deenen Näschter solle mer awer 12 – 18 halen, an da gi se dann ëmgeplanzt an déi Rue de la Chapelle, dass d'Kueben da solle gesinn, hei män Haus a ass geplënnert. Do gi se och mat Drot fachmännesch fixéiert. An da musse mer hoffen, dass d'Kueben dat sou unhuelen. An hei ginn da parallel, fir dass se sech net ze séier erëm zréckbauen, d'Beem geschnidden. An och do gëtt et eng Technik, do gëtt net einfach geschnidde fir ze schneiden. Dat ass eng Gabel mat dräi, véier Äscht, an do muss een den Haaptaascht ewechhuelen, dass d'Ënnerkonstruktioun vum Nascht net méi kann halen, sou dass d'Kueben da vläicht deen neie Standuert unhuelen. Dat ass awer en Exercice, dee geet net mat engem Joer duer. Do muss een e bëssen e laangen Otem hunn an ëmmer dohannert bleiwen. An da kucke mer, wat d'Zukunft bréngt. Wéi gesot, mir froen da vun Iech hei d'Konventioun matzedroen, déi och gratis ass. Dat Eenzegt wat mer musse bezuelen ass d'Botze vun enger klenger Cabane, déi um Terrain do ass. Mee wéi gesot, dat do gëtt nach eng spannend Saach, da kucke mer mol, wéi dat dann ausgeet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem René Manderscheid fir déi fachmännesch Erklärungen zu de Kueben.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, et ass méi fir eng Fro. Et ass richteg, Kuebe gehéiere vun der Natur aus normalerweis net an d'Uertschaft. Wéi huet den Här Professer sech dann do geäussert op d'Chance, dass se awer erëmkommen heihinner?

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo, de Professer huet sech geäussert: „Mer probéieren dat. Et muss net klappen." An en huet och gesot, wa mer et maachen, da brauche mer e laangen Otem, dat ass net an 1, 2, 3 Joer realiséiert, et brauch een e laangen Otem. An all Joers muss een deselwechten Exercice maache fir dass d'Kueben, dat anscheinend eng ganz schlau Spezies ass, déi checke relativ vill schnell, fir dass déi dat och unhuelen. An dofir ass déi Plaz och sou ausgewielt gi fir dass déi Sträicher a) och geschmeideg si fir d'Nascht ze bauen a b) den Ënnergrond deementspriechend stabil ass wou d'Nascht ka gehaange ginn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Huet en dann Erfarungswäerter?

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): En huet Erfarungswäerter aus der Stad Lëtzebuerg. Ech muss awer éierlech soen, dass et bescheiden ass. Mer mussen ofwaarden. Mee mer mussen eppes probéieren. Sou wéi et hei am Moment ass, ass et relativ dramatesch, virun allem – a mer kommen nach eng Kéier op dat Wuert Hygiène a Proprietéit hei ze schwätzen haut de mueren – vu dass mer jo zweemol am Dag hei botzen an awer mengt een, et wär ni eppes geschitt. Mir mussen eppes ënnerhuelen. Ob et e Succès gëtt, dat musse mer kucken.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci. Ech wollt grad do anhaken. Dir hutt gesot, dass et eng verréckten Iddi ass, mee ech fannen dat net. Well wann ee kuckt, och den Endommagement vun dem Autoen, déi laanscht d'Strooss stinn, wou d'Kueben driwwer sinn. De Kaméidi, dat ass eeben d'Natur, bon, dat fannen ech net sou dramatesch. Mee et ass virun allem d'Verschmotzung. Wann ee kuckt, d'Bänken déi do si wou de Busarrêt ass. An eis Propos ass och, soll een net awer vläicht kucken, dass och déi Bänken iwwerdaacht sinn, fir dass déi Leit, déi do sëtzen an op de Bus waarden net och nach ëmmer d'Chance oder de Risk hunn, dass se do da vum Kueb da géife begléckt ginn. Ech hunn eng Fro: Op de Beem, do gesäit een do sou e roude Rank deelweis ënnert den Äscht. Zoufälleg waren dat och een, zwee Beem, wou och e Kuebennascht dra war. Huet dat eppes domat ze dinn?

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Mat deem roude Rank dat war gezeechent, dass do Eeër dra sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Wa keng weider Froe sinn, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat der Konventioun mat de Geschwëster Franck averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mer Iech villmools Merci.

**2.3. Approbatioun vun der Konventioun fir d'Zesummenaarbecht mat der Kooperativ Co-Labor**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer. Dat ass eng Konventioun an Zesummenaarbecht mat der Société coopérative Co-Labor, an do géif ech hei dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Villmools Merci. Am Ordre du jour hutt Der jo d'Konventioun leien, déi mer gemaach hu mat Co-Labor, mat der Kooperativ. Dir wësst, datt mer schonn d'lescht Joer verschidde Saache mat hinnen zesumme gemaach hunn. Ënner anerem hu mer d'Blummewiss an der Rue des Champs gemaach an et huet ee gesinn, datt si ganz gutt um Terrain schaffen an dofir hu mir och elo eng Konventioun mat hinnen ausgeschafft. Dir wësst, datt mir ganz vill Bongerten hunn duerch Diddeleng mat Uebstbeem dran, déi och ganz spezifesch ëmmer musse kontrolléiert an ënnerhale ginn an dofir hu mir eis mat Co-Labor zesummegesat, fir ze kucken, ob si dës Saach kéinte maachen. Ech si ganz frou iwwert déi Konventioun. Déi ass net nëmme geduecht fir den Ënnerhalt vun eise Bongerten. Dir hutt den Detail komplett mat de Fotoen do leien, wat si solle maachen. Mee virun alle ass dat heiten awer eng sozial Mesure, déi enorm wichteg ass, well och si wäerten Demandeurs d'emploi kënne rekrutéieren, fir dës Aarbechten ze maachen.

D'Missiounen, ech hunn et gesot, dat ass den Ënnerhalt vun de Bongerten. Dat sinn ënner anerem de pedagogesche Bongert um Mont-Saint-Jean, de Bongert beim Labo, de Bongert am Weierchen, de Bongert an der Rue des Romains, dat ass deen hannert der Butschebuerger Schoul. An dann ass et de Bongert ënnen an der Rue des Champs, wou mer jo och d'Blummewiss hunn a wou och Uebstbeem sti wou d'Leit kënnen Uebst siche goen. Dann ass et awer och esou, dass si sech ëm d'Hondsspillwiss solle këmmeren. Ënnen an der Rue des Champs soll eng Hondsspillwiss installéiert ginn, e bësse méi no beim Terrain. Do solle se sech och drëm këmmeren. An dës weideren natierlech déi Blummewiss, déi do entstanen ass, dat ass e ganz flotte Projet gewiescht an och dat solle si weidermaachen. Da maache se och d'Heckeschneiden. Dat ass am Fong laanscht de Bongert vun der Rue des Champs, déi ganz Rei. Dat maache se dann an engems, well se jo da souwisou um Terrain sinn.

D'Durée vun der Konventioun, Dir hutt dat dra gelies, dat ass 1 Joer. Déi gëtt dann all Joer verlängert, wann net ee vun de Partner kënnegt. De Suivi social, dat war eis immens wichteg. Fir net nëmmen ze soen: Voilà, dir kuckt elo no eise Bongerten. Mee virun allem maache mer all Joer mat hinnen e Bilan, mir gesi si ëmmer erëm an eis Leit wäerten dat och kontrolléieren. Wéi vill Leit si rekrutéiert gi fir dee Projet ze maachen? Wat hunn déi Leit geléiert? Virun allem geet et jo drëm, datt do e ganz spezifescht Encadrement muss sinn. Ech mengen dat ass alles ganz wichteg. Natierlech och, wéi vill Stonnen hutt der gebraucht? Wéi gesot, fir mech ass hei de sozialen Aspekt sou wichteg wéi och datt mer eis Bongerten, déi mer jo iwwer Jore lo ugeluecht hunn, an déi de Familljen zur Verfügung stinn, do ass dat e wichtege Facteur. De Präis vun der Konventioun, dat si ronn 40.000.- €. Ech menge méi detailléiert wéi d'Konventioun elo virläit, mat all de Plazen, kann ech och elo hei net soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Josiane fir all déi doten Erklärungen zur Zesummenaarbecht mat Co-Labor, déi mer weider ausbauen a verdéiwen. Si Froen oder Remarken dozou? Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci. Mir si ganz averstane mat dëser Konventioun. Mir fannen dat eng ganz flott Saach. Eng Fro just: Bei eis huet de CIGL jo deelweis och déi Aarbechten do iwwerholl. Do wollt ech froen, ob do eng Collaboration directe gemaach gëtt? Ob vläicht och Leit aus eisem CIGL kënnen integréiert ginn an dëse Projet? Oder wéi eng Affektatioun kréien dann eis Leit, déi awer och am Jardinage täteg waren, déi beim CIGL geschafft hunn? Mee wéi gesot, mir fannen dat hei eng ganz flott Saach. Och vum Präis, absolut an der Rei. En plus ass dat dann och Suivi en continu. An och wann dat dann dozou bäidréit, dass eebe Leit och awer erëm eng sënnvoll Aarbecht kréien, dat fanne mer natierlech absolut begréissenswäert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir begréissen déi dote Mesure och, well mer och fannen dass mat Co-Labor e wichtege Partner u Bord ass fir eng ganz sozial an nobel Aarbecht. Mir haten awer elo an der Woch, an do hätte mer eng konkret Fro derzou, d'Geleeënheet, d'Ekipp sur Place ze treffen an der Rue des Champs. A si waren am Gaang, do de Wee ze sprutze fir d'Onkraut ze rappen. Ech benotze lo den Term Onkraut ganz ongär, well et gëtt jo am Fong keen Onkraut, wann een u wëll Wisen denkt an u wëll Straicher. Och dat franséischt „mauvaises herbes" gefält eis natierlech net. Mee um Wee mécht et jo absolut Sënn, dass dee propper gehale gëtt an dass een do eeben net iwwer Planzen trëllt. Si hunn eis erkläert, dass se Finalsan géinge benotze fir dann eeben déi Kraider do ewechzemaachen.

Am Finalsan, do ass Pelargonsaier dran, déi ass erlaabt, déi ass beiefrëndlech, dat ass am Fong keen Thema. Si zerstéiert d'Zelle vun der Planz bannent Stonnen, mee d'Planz muss awer erausgerappt ginn. Dat heescht, am Endeffekt musse se et sprutzen an erausrappen. A mir hunn eis gefrot, fir dat dote Beispill ze huelen, genau an der Rue des Champs, ob et net sënnvoll wier einfach guer net ze sprutzen. Dass keen et géing falsch verstoen, dee laanscht trëppelt. Dass mer einfach soen, mir zéien et direkt mechanesch do eraus. De Wee ass jo net immens laang. An d'Onkraut, ech war et kucken, et ass och net souvill do. Dat war just eng Fro. Mee mir ënnerstëtzen déi do Mesure, wéi d'Madame Kayser och, voll a ganz. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Als LSAP begréisse mer dëse Sujet, well mer erëm e weidere Partner u Bord hunn, deen och Inclusioun lieft an deen och an dësem Fall hoffe mer weider Aarbechtsplaze kreéiert an d'Leit an d'Inclusioun an d'Aarbechtswelt mat bäihëlt. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Vläicht zum CIGL. Déi Leit, déi am CIGL schaffen, déi kréie mir vun der ADEM. An do ass et wierklech sou, datt déi net qualifizéiert si fir sou Saachen ze maachen. Dir braucht och en Encadrant, dee richtegen Encadrant. An d'Co-Labor huet déi. De CIGL huet eigentlech keen Encadrant fir d'Beem ze schneiden, also e richtege Bamschneider. Dofir si mer op d'Co-Labor gaangen. Et ass net sou, dass de CIGL net méi fir eis schafft. De CIGL mécht weider den Ënnerhalt vum Buerféisswee an och soss an der Le'h awer och an der Lenkeschléi mëttlerweil pake se eis eng Hand mat u beim Onkraut rappen. Also wéi gesot, hei geet et wierklech drëm, datt et spezifesch Saache sinn, déi Co-Labor hei fir eis mécht. Dann den Här Steffen. Ech muss ganz éierlech soen, ech si lo net de Fachmann fir ze soen, sprutzen, net sprutzen. Mir si jo ganz kloer, hei an der Gemeng Diddeleng sprutze mer net, huele mer keng Pestizide fir d'Onkraut ze vernichten. Ob dee Produit do, ob et do méi einfach ass ze sprëtzen an da rauszerappen, dat muss ech lo leider nofroen, dat kann ech elo aus dem Aarm eraus net soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Wa soss keng weider Froe sinn a wa se alleguerte beäntwert goufen, da géif ech proposéieren, dass mer op de Vott iwwerginn. Wien ass hei mat der Konventioun mat Co-Labor averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.4. Approbatioun vun der Konventioun «SHPT Dudelange 10» fir d'Mise à disposition vun enger Struktur fir déi provisoresch Ënnerbréngung vun Demandeurs de protection temporaire tëschent der ONA, dem Hotel Cottage an der der Stad Diddeleng**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass am Kader vum Ukrain-Krich. Do hu mer d'Mise à disposition vun Hébergement provisoire am Kader vun Demandeurs de protection internationale, déi aus der Ukrain kommen, tëscht dem ONA, dem Cottage an der Stad Diddeleng. Do ass et sou, dass de Cottage 14 Zëmmeren zur Verfügung stellt, dass mer do och eng Konventioun mam ONA hunn, dat heescht hei eng Adaptatioun hunn. Dat heescht, déi heite Konventioun, déi erstreckt sech vum 1. Abrëll bis den 31. Mäerz 2025. De Rechnungsmodus ass e bëssen anescht wéi déi viregt Konventioun. Et geet elo op Niveau vun de Meterkareeën. An hei ass 373,13 m², déi den ONA zur Verfügung gestallt kritt vum Hotel Cottage. Et geet hei ëm 21 Zëmmeren, fir Leit, déi do kënne wunnen, déi och op der Gemeng ugemellt sinn. Et ass och een Zëmmer, wou d'Croix-Rouge huet als Büro. Da ginn 2 Säll als Refectoire geholl. An, dat kann een och hei ernimmen, dass de Cottage och een Zëmmer fräi zur Verfügung stellt. Dat ass hir Contributioun zu dem Ganzen, wat jo och ganz begréissenswäert ass.

Laut der Konventioun huele mir lo als Stad Diddeleng 3.000.- € de Mount en charge. Dat heescht, dat ass e gudde Krack manner wéi mir dat an de viregte Konventioune gemeet hunn. Mir hate jo och notamment am Budget 2023 e Forfait mensuel vun 12.500.- €, respektiv vun 150.000.- € am Budget 2023 stoen. Dat heescht, mir behalen hei international Solidaritéit, mir behalen hei och weider eng finanziell Participatioun, mee déi ass de moindre Envergure wéi déi Jore virdrun, well och den ONA méi en charge hëlt wéi déi Jore virdrun.
Dat e bëssen zu der Ausféierung an och der Weiderféierung vun der Konventioun tëschent de Partner ONA, dem Hotel Cottage an der Stad Diddeleng. A just fir Iech ze soen, de Moment sinn et 21 Zëmmeren. Et si 36 Residenten, 22 Dammen a 14 Hären. An dovun awer och e Kand an e Jugendlechen. Just dat als Prezisioun.

Dat zu den Ausféierungen zu där dote Konventioun. Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat där heite Konventioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.5. Acquisitioun vu Logements abordables, Vente en l'état de futur achèvement, 218, Rue des Champs**

*2.5.1. Approbatioun vum Devis estimatif*
*2.5.2. Approbatioun vum Acte de vente notarié fir d'Acquisitioun vun abordabele Logementer*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat sinn elo zwee Wunnengsbauprojeten, déi mer hei presentéieren. Zweemol VEFA-Projeten, Vente en l'état de futur achèvement. Engersäits op 218, Rue des Champs an deen deen aneren an der Rue Nic. Bodry. Ech géif elo mam éischte Projet ufänken, mat der Rue des Champs, a begréissen dofir och hei an eiser Ronn de Pir Glesener, deen och vun eisem Service Architecture et Domaines en charge vun deenen zwee Projete war an ass. Déi heite Projete sinn net onwichteg, well mir haten an eiser Schäfferotserklärung stoen, dass mer wéilten als Stad Diddeleng och weider Responsabilitéit huele fir abordabele Wunnraum ze schafen. An dës zwee Projeten, déi reie sech ganz kloer hei och an.

De Projet 218, Rue des Champs, deen ass entstanen e bëssen an der Diskussioun, wou och déi eng oder aner Gemeng, respektiv awer och d'Regierung an de Logementsministère op de Wee gaangen ass, fir e puer Projeten opzekafen, wou se och Negociatioune gefouert huet am Kader vu VEFA-Projeten, wou jo de Prinzip ass, en fonctioun vun der Evolutioun vun der Konstruktioun gëtt een och graduell Proprietär vun der Konstruktioun a vum Bau. An déi Projeten, déi mer hei hunn, déi goufe jo och mat eisem Service Logement gekuckt. An ech mengen, dass dat hei och eng Contributioun ka si fir engersäits méi schnell abordabele Wunnraum ze schafen an awer och compte tenu vun der Logementskris, déi mer och hunn. Fir dee Projet 218, Rue des Champs ëmzesetzen, a mir hate jo och schonn am Budget 2024 Kreditter virgesinn, hu mer hei en Devis estimatif virleie vun 3.910.000.- € fir deen heite VEFA-Projet. Dovun ass d'Acquisitioun vum Terrain 1.200.000.- €, d'Konstruktioun selwer ass 2.400.000.- € bal 2.500.000.- € a mir hunn och nach e puer Positiounen hors contrat VEFA. Da sinn 216.000.- €, fir dann op déi 3.900.000.- € ze kommen.
Wéi si mer virgaangen? Ech wëll awer och d'Demarche erklären. Mir hunn engersäits hei den Devis estimatif

virleien awer och den Acte de vente. Mir hunn eis e bëssen e Kader gesat, an Dir gesitt jo och, dass am Kader vun der VEFA och eng Schäfferotsdeliberatioun ass, well eng Rei Projeten hei zu Diddeleng konnte realiséiert ginn, wou och Promoteuren un eis erugetruede sinn a wou mer eis eng Rei objektiv Krittäre ginn hu fir och déi néideg Selektioun ze maachen am Kader vun de VEFA-Projeten. Dofir läit och déi Deliberatioun vir vum 19. Januar 2024.

Fir et nach eng Kéier ze soen: Et geet hei ëm 4 Logementer fir 21 Persounen, déi och do kënnen ugemellt ginn. An dat heiten ass ee vu ville Projeten, déi geneemegungsfäeg waren, mee kee Repreneur fonnt hunn um private Marché, an der privater Vente. Dat war och deen dote Marché, wou mer eis e Kader ginn hunn, fir eis Krittären ze ginn. Fir eis war et natierlech wichteg dass mer, wa mer sou e Projet maachen, dass et de Konditiounen entsprécht vum Logement abordable. Dass mer och déi néideg Subside kréien. Do si mer am Pourparler mam Logementsministère. D'Konventioun, déi wäert dann och eng Kéier hei an de Gemengerot kommen, wou mer dann och Subside kréien. Dat ass eng Diskussioun, déi mer am Gaange sinn als Gemeng. Ouni lo ze vill wëllen ze soen an ze vill wëllen an de Raum ze setzen, komme mer hei bei dësem Projet, bei engem Total vun – approximativ, ech wëll mech net hei festleeën – ëm 67% Subsiden, wou mer bei der Konstruktioun bei gutt 73% sinn. Ech mengen dat si Chifferen, déi de Moment am Raum sinn, déi nach net confirméiert sinn, mee wou mer a Pourparler si mam Logementsministère. Bon dat heiten, dat sinn déi Krittären, déi mer festgehalen hu par rapport zu 3 Projeten, déi natierlech och zur Diskussioun stoungen an Dir hutt se an der Deliberatioun virleien.

Et waren engersäits 4 Unitéiten, 6 Unitéiten an 9 Unitéiten an 3 verschidde Projeten. Do hu mer natierlech och gekuckt, wat d'Eligibilitéit ass vun de Subventiounen, wat och de Präis ass a wou mer och am beschten ewechkommen. An dofir hu mer och deen heite Projet zréckbehalen, well deen am Fong dee war, wou mer och am meeschte Subside kréien. Wëssend dass mer op där anerer Säit an eisem Budget 2 Milliounen astoen hunn. Dat heiten ass jo e Projet, wann en hei guttgeheescht gëtt, deen am Laf vum Joer kann ufänken an dann am Joer 2026 ka fäerdeggestallt ginn. Voilà, mir schafen hei neie Wunnraum, an Dir gesitt hei 4 Appartementer 104, 125, 125 an 98 m² mat der Societéit B4U déi dann natierlech och pour le compte vun der Gemeng, wann dat hei guttgeheescht gëtt, wäert och bauen. An dofir ginn ech da vläicht op de VEFA-Projet iwwer op den Akt selwer. An do gesitt Der natierlech och ganz kloer, wéi deen opgebaut ass. Et ass e klasseschen Akt am Kader vun der VEFA, wou dann drasteet, dass natierlech mir den Terrain kafen 218, Rue des Champs. Dass als éischt bei deem Haus wat dropsteet eng Demolitioun muss gemeet ginn an dass 4 Appartementer do gebaut ginn.

Et ass well et bei der Lëtzebuerger Strooss ass an deelweis Rue des Champs läit och eng Permission de voirie vir, well dat heite jo och e Projet war, deen deelweis scho geneemegt gouf an och schonn an der Bautekommissioun viru Jore presentéiert gouf. An hei an deem Kafakt, an deem VEFA-Projet och déi néideg Konditiounen. Dass mir graduell par voie d'accession Proprietär ginn. Dass mer en fonctioun vun de Pourcentagen och eis wäerten deementspriechend akafen. Also déi logesch VEFA-Prozedur. Dass hei de soi-disant Promoteur och Bauhär ass an dass wa mir nach Saache wëllen erundroen, dass mir dat mat him klären. Mee ech mengen d'Viraarbechte sinn awer sou gutt wéi ofgeschloss. An Dir hutt natierlech och am Kafakt op der Säit 13 och déi Montante virgesi vun der Konstruktioun, déi 3,6 wéi gesot an déi 1,2, dat engersäits vum Terrain an engersäits och de Prix de vente par rapport zu der Konstruktioun mat 17% TVA. An natierlech dass de Präis hei och garantéiert ass am Kader vum VEFA.
An och op der Säit 15 gesitt Der déi verschidde graduell Pourcentagen, déi mer dann och hei festgehalen hunn.

Natierlech spillen och hei d'Assurancen an och d'Garantië par rapport zu de Vices apparents an de Vices cachés. D'Garantie décennale, wéi gesot 10 Joer. Och d'Garantie d'achèvement, déi se musse ginn an déi och deposéiert gouf bei der Spuerkeess. Den Notaire huet dat och hei deementspriechend festgehalen. An natierlech an deem heiten Akt och d'Utilité publique, well mer déi heiten Acquisitioun maachen am Kader vum Gesetz vum 7. August 2023 iwwert de Logement abordable.
Voilà, dat grosso modo d'Ausriichtung vun deem VEFA-Projet, dee mer hei wëllen ëmsetzen. An ech géif awer och nach hei dem Pir Glesener kuerz d'Wuert gi fir awer e bësse méi an den Detail vum Projet anzegoen, respektiv awer och schonn eng Rei Projektiounen ze maache wat d'Pläng ugeet vun deem dote VEFA-Projet.

PIERRE GLESENER, TRAVAUX NEUFS – BÂTIMENTS COMMUNAUX: Merci. De Buergermeeschter huet schonn de grousse Kader erkläert vum Projet, wéi et dozou komm ass. De grondleeënde Projet: 4 Appartementer, Sous-sol, Rez-de-chaussée plus 3 Etagen. Insgesamt schwätze mer vu 460 m² Surface habitable a 630 m² Surface brutten op engem Terrain vu 6,2 Ar. De Konstrukteur ass B4U. Momentan schätze mer dass de Chantier fäerdeg ass am Hierscht 2026. Vum Oflaf hir war deen éischte Projet schonn eng Kéier an der Bautekommissioun. Mir hunn eigentlech, nodeem mer de Projet ugetruede sinn e liicht ugepasst, dass mer wa mer am Logement abordabel sinn a mir Bauhär sinn däerfen och Derogatioune ginn dass mer net sou en héije Schlëssel u Parkplaze mussen am Gebai maachen. Et war e Lift am Gebai virgesinn, deen immens héich Chargë mécht fir Locatairen, wat mir am Logement abordable probéieren ze verhënneren. Also d'Optik ass ëmmer, d'Chargë sou déif wéi méiglech ze hale fir d'Locatairen. Sou dass mer eng Photovoltaik nach bäigesat hunn.

Aus Appartementer mat 3 Kummeren hu mer Appartementer mat 4 Kummere konnte maachen. Doduerch ass awer d'Stuff an aner Saache méi kleng ginn. D'Buedzëmmere si méi kleng gemaach ginn, mat Duschen, net mat Bidden, einfach net deen nämmlechte grousse Volume. Prinzipiell huet all Stack eigentlech een Appartement. Amplaz vum Lift an déi Gaine, déi do war, hu mer Buanderien an d'Trapenhaus gesat, sou dass eigentlech de Liftschacht nach ka genotzt gi mat Steig-

leitungen an allem Drum und Dran. Doduerch konnte mer och de Keller eng gutt 15 – 20% méi kleng maache wéi en am initiale Projet virgesi war, wat och nach eng Kéier Budget gespuert huet an deem Ganzen. Dann hu mer nach e puer Raim misse bäisetzen, déi einfach fir d'Subside verlaangt ginn. E Poussetteraum muss do sinn, et muss e Vëlosraum spezifesch do sinn, deen e bësse méi grouss ass wéi dat, wat eist Bautereglement freet a sou weider.

Dëst ass alles gemaach ginn. Mir hunn och nach eng Kéier mat de Pompjeeën driwwer gekuckt, dass mer u sech, andeem mer d'Raim e bëssen anescht opgestallt hunn, de Brandschutz eigentlech méi effikass konnte maachen, mee awer mat manner Branddieren, mat manner Resserrage, sou dass doduerch de Projet och e bësse vereinfacht ginn ass. Eng Kéier fir ze weisen, wou den Terrain ass. Deen hannen do am Dräieck ganz spatz un de Kierfecht uschléisst. Vir op der Kräizung Rue des Champs / Lëtzebuerger Strooss. Haut ass et en Eefamilljenhaus wat dropsteet, wat ofzerappen ass. Do ass d'Bauunterneeme lo am Gaang, eng Analys ze maachen ob iergendwou nach Asbest am Haus ass. Momentan gesäit et elo net wierklech duerno aus, ausser vläicht d'Dichtunge vun den Heizkierper. Sou dass mer net domadder rechnen, dass et doduerch zu engem Verzuch kënnt. Sou oder sou wären d'Fraise beim Bauunterneemen. Dat hei wär e bëssen dee Volume, deen nei geschaf géif ginn op där dote Plaz.

Haut op deem Bild, well dat den initiale Projet nach e bëssen ass visuell, sinn do nach Gelännere fir eraus, well dat fréier Balkone waren. Do hat quasi nach all Schlofkummer e klenge Balkon vir eraus. Dat ass awer bei eis elo simplifiéiert ginn, sou dass mer keng Gelännere brauchen, dass mer Fënstere mat Allègen hunn an net Fënsteren, déi bis op de Buedem ginn. Och dat alles fir lénks a riets nach e puer Euro ze spueren, sou dass déi kleng Flaachdiech do eigentlech mat e puer klenge Planze besat sinn an eigentlech wéi eng mini kléng Dachbegrünung sinn, méi net. Nach eng Kéier d'Vue vu lénks. Hannen huet all Appartement u sech ee Balcon, deen direkt zur Stuff/Kichen uschléisst an dat um Rez-de-chaussée, well den Terrain sou stramm am biergop läit. Deem seng Terrass ass quasi e bëssen am Buedem dran. Vill méi héich hätte mer et net dierfte setze vun dem Bautereglement hir. Dat heescht, mir hätten d'Gebai lo net kënne méi an d'Héicht hiewen an dat do ass sou e bëssen de Mëttelwee, dee mer fonnt hunn am Projet, fir dass et opgeet. Dat hei ass elo d'Veranschaulechung vu Gelänneren, déi si vläicht elo net sou ausgefalen, wéi den Architekt se hei duergestallt huet. Wéi de Buergermeeschter schonn ugedeit huet, leie mer bei de Subside bei der Konstruktioun quasi bei deene 75%. Lo mol geschätzt bei 73% an e bëssen eppes. Well mer wierklech hei all d'Konditiounen, déi de Cahier de charges vum Ministère de Logement virgëtt och beschtméiglech erfëllt hunn.

De Gesamtprojet ass dann net sou héich subsidéiert, dat ass einfach well de Präis fir d'Subside vun dem Terrain schwéier zu Diddeleng ze erfëllen ass, mat deene Projeten, déi och zu deem Zäitpunkt och ugebuede gi sinn a wou mir a Gespréich waren. Do war kee Projet dobäi, deen dee Präis fir den Terrain ugebueden huet, an do war och déi mannsten Diskussiounsbereetschaft bei all de Promoteuren, well déi meescht dat awer mat enger Schold kaaft hunn an eng Bank dann och net erlaabt, dass een den Terrain fir 60% vun deem verkeeft, wat een e selwer kaaft huet. Dat sinn awer Contrainten wann ee wierklech wëll eppes realiséieren an net nach 2, 3 Joer waarden. An dat wär eigentlech d'Ronn zu deem do Projet vu menger Säit aus.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, da soen ech dem Pir Glesener Merci fir déi doten Erklärungen a begréissen och nach an eiser Ronn d'Eva Gottschalk, dat och hei zougestouss ass. Voilà, an d'Diskussioun ass op. Ech mengen Dir hutt hei elo Asiichte kritt an d'Envergure vum Projet, wou mer dann abordabele Wunnraum schafen an och probéiert hunn, a wéi gesot, dat ass ëmmer sou eng ongoing Diskussioun mam Logementsministère, sou no wéi méiglech engersäits d'Krittären ze erfëlle fir sou vill wéi méiglech Subsid ze kréien. D'Diskussioun ass op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Dat hei ass am Fong an deem Sënn en immens flotte Projet, well mer eis bewosst sinn dass mer Plaze brauche wou mer Familen ënnerkréien. Mir hunn där net ganz vill. Ech hu selwer privat jorelaang mat 4 Kanner an engem Appartement gewunnt, wou nëmmen 2 Schlofkummere waren. Dat war „la mer à boire". Dat hei ass awer elo wierklech an deem Sënn eng flott Saach. Wann ech dat elo richteg verstanen hunn, de Präis vum Ofrappen, dee fält un de Promoteur? Do hu mir näischt domat ze dinn? Dat gëtt net herno nach fir eis noverrechent? Neen. Dann hunn ech dat richteg verstan. Wat ech mech elo gefrot hunn, mir hate scho mol soss Terraine kaaft hei vun der Gemeng an da war hannendrun ëmmer e Projet verbal d'expertise vun der Madame Gottschalk, wou dann zertifiéiert war dass deen Terrain, dee Wäert och huet. Ech weess net, gëtt dat net gemaach bei Terrainen, wou soll drop gebaut ginn? Wéi ass do d'Situatioun? Mee soss hat ech dat ëmmer hannendrun, wa mer sou eppes presentéiert kritt hunn, lo hunn ech dat hei awer e bësse vermësst. An dann ee Punkt, wou ech mer awer meng Gedanke maachen, dat ass deen, dass kee Lift dran ass.

Et ass natierlech e ganz flott Amenagement, wat amplaz gemaach ginn ass. Et gesäit een hei ass wierklech en Architekt, deen huet gutt iwwerluecht. Awer erfarungsgeméiss, ech menge wann ee Kanner huet oder hat, da weess een awer, dass et net evident ass fir Kutschen an esou erop op de véierte Stack ze schleefen. E Lift ass awer eng Saach, déi Gold wäert ass. Dat ass lo hei net méi ze änneren, mee ech wollt dat just bemierken, ech fannen et awer schued, dass kee Lift dran ass. Och wann ee lo ka soen: Jo, mir hunn awer besser Saachen amplaz gemaach. Dat ass alles richteg. Mee ech géif en do vermëssen. Wat mech lo just stéiert, dat ass, wann ech op de Site vu B4U ginn, do fannen ech awer ganz kloer an hirer Ausso vun deem Projet, et wier en "Ascenseur" dran. Lo weess ech net, dat sinn elo zwou Aussoen, déi géintenee ginn. Dat war dat, wat ech ze froen hat. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir mussen haut eng interessant Diskussioun hei féie-

ren an eng interessant Decisioun huelen, déi bedeitend Implicatioune fir eise Budget, eis Gesellschaft an natierlech fir d'Zukunft vun eiser Stad Diddeleng huet. Et geet, wéi Dir gesot hutt, ëm d'Acquisitioun vu VEFA-Projete fir d'Entwécklung vun abordabele Wunnengen. An ech wëll schonn direkt am Ufank ganz kloerstellen, datt mir dofir sinn. Mir ënnerstëtze sou Aktiounen. Mir wëllen dat natierlech, datt abordabel Wunnenge gebaut ginn a mir hunn dat Ganzt natierlech och mat groussem Interessi analyséiert an duerchgekuckt. Allerdéngs ass et awer sou, datt ee sech kann awer legitim hei e puer Froe stellen no der detailléierter Analys. An ech muss soen, mir sinn hei an eisem Rôle vun der Oppositioun, wou mer wierklech als Vertrieder vun der Gesellschaft, vun de Bierger, awer dat mussen ënnert d'Lupp huelen a mat Iech duerchdiskutéieren. Et sinn dräi Punkten, déi eis opgefall sinn.

Fir d'alleréischt ass déi Fro, déi sech stellt, ech mengen Dir hutt et zum Deel beäntwert: Ass d'Gemeng un de Promoteur erugetrueden oder ass de Promoteur un d'Gemeng erugetrueden? Well dat ass awer e wichtege Punkt fir ze wëssen a fir ze verstoen, virun allem bei deem Präis vum Terrain. Dozou kommen ech och nach.
An am Deskriptiv steet effektiv, datt am VEFA kafe gewësse Virdeeler huet. Dat ass och richteg. Mir hunn aktuell Normen, et ass alles Standard no den aktuellen Normen. Mir hunn e gudden Energiepass. Mee dat, wat eis stutzeg gemaach huet bei deem Ganzen, et ka positiv mee natierlech awer och negativ gekuckt ginn, dat ass datt d'Appartementer nach personalisabel sinn. An hei ass déi Fro: Riskéiere mer dann net duerch déi personalisabel dat Ganzt nach eng Kéier an d'Luucht ze drécke mam Präis? Virun allem, wat Dir gesot hutt, och datt de Promoteur Bauhär bleift.

Meeschtens ass de Bauhär deen, deen de Promoteur kontrolléiert, an hei ass de Promoteur selwer Bauhär. Dat heescht sou gesinn, wann ech richteg verstinn, entscheet hie selwer. Oder sidd Dir awer do hannendrun, wat genau gemaach gëtt? Well dat ass awer e Risiko an deem Sënn. De Präis vum Terrain, deen am Projet spezifizéiert ass, ass bemierkenswäert héich vis-à-vis vum Maartpräis am Moment. An dofir ass et legitim, dass déi Fro sech eeben opwerft. Ech wëll awer wierklech nach eng Kéier soen, mir si fir de Bau vu Sozialwunnengen, mir si fir de Bau vun abordabele Wunnengen an natierlech och fir d'Acquisitioun vu Bauterrainen. Mee, wann ech hei awer richteg kucken, muss een awer soen: Jo, mee net zu all Präis. A wann een hei awer de Präis richteg ausrechent, ech ginn dann direkt vläicht op dat konkret an, da si mer beim éischte Projet – Dir verbessert mech, gell, dat ass wierklech eng Rechesaach an eng Interpretatiounssaach – beim éischte Projet, wou mer beim Bauhär si vum B4U bei 1,2 Millioune fir 6 Ar. Also héichgerechent sinn dat 193.000.- € den Ar.

Beim zweete Projet, wou den Active Invest investéiert, si mer bei 1,8 Millioune fir 9 Ar. Do si mer op ganzer 185.000.- € den Ar. WPW 2,9 Millioune fir 10 Ar. Dat war ech am Geoportail sichen. Vläicht hunn ech mech och geiert. 10 Ar, da wäre mer bei 280.000.- € den Ar. Dir mierkt, ech hunn net vum Baupräis geschwat. De Baupräis, wou dat Ganzt gebaut gëtt fir déi Residenz, dat ass méi wéi korrekt. Dat sinn och déi Präisser wou déi ëffentlech Hand, also de Staat, Logement bezuelen. Dat heescht, do hu mer absolut näischt auszesetzen, dat sinn déi aktuell Präisser. Mee wierklech de Problem, wou mir gesinn, dat sinn déi Ars-Präisser. An et kann ee sech och hei vläicht déi legitim Fro stellen: Ass et herno schlussendlech ënnert dem Stréch net d'Gemeng, déi den Ars-Präis, also vum Bauterrain, eropdréckt, andeems si sou deier bezuelen? Wat mir eis och gefrot hunn: Hu mir hei den Notairesakt, fir ze kucken, fir wéi vill de Promoteur, à la base, den Terrain kaaft huet? Ech weess, datt vill Fluktuatioune si wuelverstanen, mee mir géifen awer gäre wëssen, fir wéi vill de Promoteur am Ufank kaaft huet a vläicht ass et dee Moment legitim, dee Präis do ze bezuelen. Oder och net. Ech hu mer och erlaabt, op AtHome an op dem Internetsite selwer zum Beispill vum Active Invest ze kucken, nach eng Kéier pour rappel: Mir si bei 185.000.- € den Ar, déi mir als Gemeng da solle bezuelen. Hie selwer verkeeft awer am Moment 2 Terrainen. Deen een ass fir 100.000.- € den Ar an deen aneren ass fir 78.000.- € den Ar. Dat heescht, ganz wäit ewech vun 185.000.- € den Ar. Dat ass bal dat Duebelt.

An op AtHome, wann ech Referenze gekuckt hunn, well et gëtt jo keen definéierte Präis sou pro Ar, wéi gesot, dat ass Spekulatioun ëmmer. Mee am Moment hunn ech 5 Referenze gekuckt, déi plus minus déi selwecht Kategorië vun Terraine sinn, da si mer an der Moyenne bei 132.000.- €, respektiv 127.000.- € den Ar. Dat heescht nach ëmmer wäit ewech vun deem, wat mer bezuelen. Fir ze argumentéieren, den héijen Ar-Präis, do ass vläicht och Infrastruktur dobäi gewiescht. Ech weess et net. Mee wann et wierklech nëmmen – ech soe lo mol – de plakegen Ars-Präis ass, dann ass et wierklech immens héich. Voilà, dat sinn déi puer Froen. Mee wéi gesot, mir sinn dofir fir Saachen ze bauen. A wat mir eis och vläicht gefrot hunn: Mir sinn hei an engem Gemengerot. Vläicht wär et awer interessant gewiescht justement den Deel vum Präis opkafen an enger Bautekommissioun ze diskutéieren. Ech soen dat, well an deem Sënn hu mer jo och eng Motioun deposéiert, wat mer zum Schluss vum Gemengerot wäerten diskutéieren, mee eis Motioun freet justement, datt mer méi transparent mat sou Saachen ëmginn an datt déi Saache vläicht am Virfeld méi mat de Membere vun der Bautekommissioun diskutéiert ginn. Voilà. Souvill zu deene puer Froen a Remarke vun eiser Säit.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Als éischt wëll ech mol soen, dass ech dat ganz gutt fannen dass an der Schäfferotserklärung drastoung dass d'Diddelenger Gemeng sech soll dofir asetze fir méi abordabele Wunnraum ze schafen. Mir als DP haten dat jo och an eisem Walprogramm stoen. Mee net à tout prix. Ech hunn zwar net den AtHome-Site duerchstöbert, ech hu mech awer bei 3 verschidden Agence immobilièren ëmfrot, an déi hu gesot, dass en Duerchschnëtts-Arpräis hei zu Diddeleng tëschent 100.000.- € a maximal 120.000.- € géif kaschten. Hei, wéi gesot, si mer bal bei deem Duebelen. Mir bezuele fir 6,24 Ar 1,2 Milliounen Euro. Den Appartementspräis, wann een dat herno ausrechent ass bal 1 Millioun pro Appartement. OK, et sinn net déi klengsten Appartementer. An awer, et muss ee bedenken dass an deene

leschten 18  Méint d'Präisser gefall sinn hei am Land, an dann ass 1 Millioun fir eng Wunneng deier. Dat muss een einfach mol sou soen. Et soll jo abordabele Wunnraum sinn a keng Luxus-Wunnengen. A wann een da bedenkt, dass d'Käschte fir d'Ofräissen net dobäi sinn, dass kee Lift dran ass, dass kee grousse Luxus dran ass, wéi eng grouss Bidden oder sou, dann ass dee Präis awer mol eng Kéier ënnert d'Lupp ze huelen an ze kucken, wéi deen zustane kënnt. Wann d'Madame Ahmedova seet dass d'Baukäschten u sech net de Problem sinn, mee da musse mer eis ganz seriö Gedanke maachen, ob deen Terrain, de Präis vum Terrain virun allem, ubruecht ass. Also wéi gesot, mir si fir abordabele Wunnraum, awer net à tout prix. A wann dat hei vläicht eng Geleeënheet ass, déi e bëssen ze deier ass, da musse mer eeben op déi nächst hoffen, dass déi dann eeben e bësse méi gënschteg ass. Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Ech hu gesinn datt am Devis vun deene 4 abordabele Wunnengen de Präis vun de Kiche fir déi 4 Wunnenge bei 60.000.- € läit. Ech fannen, datt een hautdesdaags zu Lëtzebuerg nach Kichen zu engem méi abordabele Präis ka fannen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech froen no der Sëtzung d'Madame Spagnuolo wou ech déi Kiche fannen. D'Kichen ass an eisen Ae ganz OK sou. Wou mir de Projet gesinn hunn, hu mir eis gefreet am Fong, well dat war jo och eng Demande vun déi Lénk, dass eebe grad och an dëser Zäit vu Logementskris, solle VEFA-Projeten opkaaft ginn, soubal dat méiglech ass. Dir erënnert Iech och, dass mir dat och reegelméisseg froen. Mir waren och ganz frou iwwert deen heite Projet. Dass eeben déi Appartementer net sou kleng sinn, dass dat och virgesinn ass fir Famillje mat Kanner well d'Appartementer grouss genuch sinn. Déi Fro mam Lift, do kann een effektiv driwwer streiden. Ech verstinn d'Argumenter dass ee wëll d'Chargen niddreg halen. Ech hunn dat och am Ufank als Virdeel gesinn. Ech hunn awer keng Kanner. Ech hu mer herno soe gelooss, dass wann ee Kanner huet, dann ass dat vläicht heiansdo e bësse méi komplizéiert. Bon, do gëtt et Vir- an Nodeeler. Allgemeng hu mer et eigentlech e flotte Projet fonnt. „Fermons les yeux, avançons" hätt ee lo kéinte soen. Mee ech hunn awer mer e bësse Froe gestallt zum Virgoe vum Schäfferot. Well den Här Buergermeeschter huet dat virdrun och erkläert, dass dat ganz objektiv evaluéiert ginn ass. A mir hu jo déi transparent Evaluatioun am Fong, eng Decisioun vum Schäfferot vum 19. Januar, wou eeben opgrond vun deen Krittären do decidéiert gouf, dass deen heite Projet geholl gëtt. Wann do net d'Budgetsried gewiescht wier vum 15. Dezember.

Well do ass scho kloer gesot gi vum Spriecher vun der LSAP dass eeben dee Projet VEFA, deen am Budget virgesi wär, eeben net einfach just eng Reserv wär, mee dass dee kloer fir dee Projet an der Rue des Champs wier. An do stellen ech mer dann d'Fro: Ma wéi ass et méiglech, wann de Schäfferot réischt am Januar déi Decisioun hëlt, dass de Spriecher vun der LSAP schonn am Dezember weess, firwat déi Suen do genotzt ginn a firwat déi Budgetspositioun do virgesinn ass? Dat heescht, da si mer e bësse manner transparent an objektiv. Dat géing mech dann einfach wonneren. Bon dee Präis, déi 2 Milliounen, déi da virgesi sinn am Budget, déi passe jo dann, sous condition dass mer plus ou moins déi Subsiden da kréien, passt dee relativ gutt. Dat trëfft sech jo da gutt. Ech rappelléieren nach eng Kéier, dass mir och deemools gefrot hate fir méi virzegesinn. Well domadder ass jo am Fong lo schonn de Budget opgebraucht fir VEFAen ze kafen. Mir hätten eis do gewënscht wann de Schäfferot sech vläicht e bësse méi Reserv geholl hätt fir wa vläicht nach aner interessant Projete komm wieren.

Mir hu jo lo hei déi Evaluatioun vun deenen dräi Projeten, mee vläicht wier deen zweete jo och interessant gewiescht. Dee kenne mer lo leider net am Detail, deen hu mer ni virgestallt kritt. Mir mengen dass een eeben och lo grad misst méi couragéis virgoen an eeben alles, wat e bëssen interessant ass, opkafen. Well mer eeben an där Logementskris sinn. Soit, mir freeë eis eigentlech iwwert dee Projet, hunn awer och wéi déi aner Parteien e bësse Bedenken. A mir waarden da mol of, wéi d'Äntwerte vum Schäfferot op déi verschidde Froe sinn, éier mer decidéiere wéi mer wäerten ofstëmmen. Eng lescht Iwwerleeung just. Bei VEFA-Projeten ass et jo ganz oft, ech kennen eng ganz Rei Leit, déi sou Projeten opkaaft hunn, dass duerno d'Supplemente kommen. Dann hätt ee gären aner Plättercher an dann hätt ee gären eng aner Dier dran an da gëtt et richteg, richteg deier. Dat ass e bëssen dat, ob wat d'Spriecherin vun Déi Gréng agaangen ass. Kënne mer garantéiert kréien, dass deen heiten Devis sou bleift? An dass mer net a 6 Méint gesot kréien: „Jo, déi Plättercher, déi waren net méi ze kréien, lo hu mer hei 50.000.- € méi an do 20.000.- € méi. Wësse mer kloer, dass bei deem Präis, dee mir hei hunn, dass do keng Supplemente méi dobäikommen? Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Ganz kuerz zum Thema Lift. Ech hunn och zu Innsbruck gewunnt op engem 4. Stack ouni Lift mat 2 Kanner, ee vun 2 Joer an ee vu 6 Méint, ech kann Iech soen, dat ass net easy. Dat méchs de wann s de 30 Joer bass, mee wann s de e bësse méi al bass, da geet dat net, a mat 3 Kanner scho guer net, zemools wann et da souvill Kummere sinn. Dofir, wéi gesot, e Lift ass sécher kee Luxus. Da kommen ech awer zu enger allgemenger Stellungnam. De Kolleeg Gangler huet ech scho gesot, mir fannen dat ganz wichteg, dass mer elo abordabele Wunnraum schafen. Ech mengen do si mer eis alleguerten hei eens. Et sinn awer e puer Saachen, déi awer e bëssen ze bedenke ginn. Iwwert de Verkafspräis vum Terrain ass elo scho geschwat ginn. Do brauche mer nach e bësse méi Informatioune firwat mer deen héijen Ar-Präis hunn. En plus kann een elo net soen, ma dat ass well do en Haus drop ass wat ofgerappt ass, well dat bezuele mer an der 1. Tranche, do steet 15% à l'achèvement des travaux de démolition de terrassement et de fondation kréie se déi 2. Tranche.
Lo kommen ech nämlech zu deem wat ech am Fong hei nach wollt soen. Et steet eng Klausel dran, dass muss a 24 Méint gebaut ginn.

An et steet awer och dran, dass mer maximal 2 Millioune Facturë bis Enn 2024 kréien. Lo hu mer den Terrain, dee kascht 1,2 Milliounen. Dann kënnt déi 1. Tranche, dat sinn eeben déi Démolition, Terrassement, de Fon-

dation 372.000.- €. Da kënnt d'Dalle vum Sous-sol 200.000.- € an da kënnt d'Dalle vum Rez-de-chaussée 240.000.- €, da si mer bei 1,9 Millioune. Da si mer fäerdeg. Dann hu mer kee Su méi. Dann ass eis Reserv opgebraucht. An dat steet och explizitt sou dran, bis Enn 2024 däerfe si keng aner Rechnunge ginn. Dann hu mer awer réischt 32% vun der Aarbecht ausgefouert. Dir sot elo ganz optimistesch, bis den Hierscht d'nächst Joer wär dat Gebai do fäerdeg. 2026, jo, voilà. Mee dat ass awer dann nach laang. Si kréie 24 Méint? Neen 2026, also dat Joer drop. Dat geet awer mengen ech net op an der Zäit. Ech denken dass dat zimmlech risky ass, well et steet do a 24 Méint, da sollt et theoretesch am Februar 2026 fäerdeg sinn. Dir hutt elo gesot, Hierscht 2026, da si mer jo schonn iwwert deen Delai eraus, wa mer vu 24 Méint schreiwen. Et steet explizitt 24 Méint do an et steet och explizitt dran, dass wann den Delai depasséiert gëtt, dass da misst eng Strof bezuelt ginn.

Mee, da steet awer erëm am Kontrakt ënnendrënner: „Il est cependant de convention expresse entre les parties, que cette prorogation de délais fera l'objet d'un écrit distinct et signé entre le promoteur et l'acquéreur." Dat heescht, da kënne mer jo awer maache wat mer wëllen. Da maache mer einfach en neien Akt.
Also déi 24 Méint, dat kléngt ganz gutt, vun haut u gerechent, oder villméi misst et jo vun deem Datum sinn, wou den Akt ënnerschriwwe ginn ass, dat war jo schonn am Abrëll. Da misst et am Abrëll 2026 fäerdeg sinn. Dofir, ech doutéieren e bëssi dodrunner. Well virun allem, dat wollt ech och nach an de Raum geheien, mir hu jo och nach aner Projete Logements sociaux a Logements abordables. Wann een de PPF kuckt, Dir sot ëmmer, et ass net relevant, wat do drasteet, mee trotzdeem. Mir hunn an der Fontainestrooss en Haus kaaft fir 815.000.- €, wat och en plus nach klasséiert ass. Do steet dann e Projet dran am PPF vu 4,84 Millounen. Dat steet nei dran. Mir hunn och do nach ni Pläng gesinn, do geet et och erëm drëm, wéi d'Madame Thoma gesot huet, e bësse méi Transparenz wär och vläicht gutt.

Mir hunn en Haus kaaft an der Lëtzebuergerstrooss. 1,14 Millioune. An do steet och am Plan pluriannuel dran, dass déi Logementer, déi do gebaut ginn eis och nach eng Kéier 3,8 Millioune kaschten. An dann, wann ee weidergeet, an de Projets non-votés do steet souguer nach a Projet dran an der Rue de la Paix, wou mer nach ni eppes dovun héieren hunn, wat do soll gebaut ginn, 0,85 Millioune. Dann, A Bëlleg, dat wësse mer. Bon, dat zitt sech no hannen, mee do wëlle mer 17 Unitéite kafe mat 19,1 Millioune. An dann, virun allem och, wou mer och schonn e puer Mol driwwer geschwat hunn, wou mer awer och nach guer näischt gewise kritt hunn, de Logement social am Eecherdall, do wou d'Spillschoul ass. Do stoungen am PPF 2022 4,6 Millioune dran, am PPF 2024 sti 7,6 Millioune dran. Do hu mer nach guer näischt gesinn. Dat och fir ze soen, wéi dat ass mat deenen Delaien. Ech weess net, wien déi Projete scho gesinn huet, mir op jiddwer Fall net, vläicht d'Majoritéit, vläicht hate si sech do verplappert, wéi si gesot hunn dass si scho wéissten, dass an der Rue des Champs dat heite sollt gebaut ginn. Mee wéi gesot, vläicht wësse si och eppes wat am Eecherdall geplangt ass, wat an der Rue de la Paix geplangt ass. Mee wéi gesot, mir wëssen et net. A mir géifen eis och do méi Transparenz wënschen. Dat sinn eeben e puer Saachen, wou eis och e bësse stéieren. Mir sinn absolut d'accord mat der Iddi och vum VEFA. Ech denken dat ass einfach wichteg, dass mer abordabele Wunnraum sou séier wéi méiglech schafen. Mee awer net coûte que coûte. A virun allem wënsche mer eis do vill méi Transparenz, dass mer och kënnen déi Projeten en bonne et due forme duerchkucken, beschwätzen. An dann och eng Decisioun huelen, déi dann och am Sënn ass, dass d'Leit zu Diddeleng och kënne Wunnraum kréien. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Merci Pir och nach fir d'Presentatioun vun dësem interessanten an dach ganz wichtege Projet. Effektiv, et ass schonn e puer Mol gesot ginn, den Här Buergermeeschter huet et och gesot, d'Gemeng huet déi Responsabilitéit, abordabele Wunnraum ze schafen. An dat ass extrem wichteg an néideg. Mir wësse wéi d'Logementskris nach ëmmer dréit. Et ass nach ëmmer kee wäissen Damp an Aussiicht, obschonn dass, wéi virdru gesot ginn ass, op eng Kéier 2023 d'Präisser erofgaange sinn. Do muss ech awer den Här Meyer e bësse korrigéieren. Dat sinn awer haaptsächlech d'Präisser vun den Immeubelen am Bestand an déi vum Neibau ganz liicht. An dat ass 2023 gewiescht. Ech mengen déi heiten Envergure, dee VEFA, deen hei erausgesicht ginn ass huet effektiv scho mat de Präisser geschafft, déi nach virdru waren. Wou et elo réischt lues a lues zouschléit, déi Baissen.

Mee et ass nach ëmmer net méiglech, dass d'Leit sech eppes kënne kafen, vu que dass bis wäit an d'Mëttelschicht eran, nach ëmmer duerch déi héich Zënsen, d'Leit kee Prêt accordéiert kréien. De Bau ass also quasi paralyséiert vum leschte Joer un. D'Promoteure bleiwen op hire Projete sëtzen. A weider Faillitte vu Bauentreprisen an Handwierksbetriber wäerten nozéien. Och den SNHBM fënnt mëttlerweil keng Cliente méi fir seng Immeublen. Un dëser Situatioun wäert och dëst Joer net vill änneren. Nëmmen eng bis zwou kleng Baissë vum Leetzëns ginn erwaart, wat de Marché net wierklech wäert ukuerbelen. Also wéi gesot, de Bau vun abordabelem Logement ass méi wéi néideg. De Fonds du logement kënnt do och net no, bei där stänneg wuessender Waardelëscht vun Demanden. Eise Schäfferot huet den Thema Logement abordable zu enger Prioritéit gemeet vun dëser Legislaturperiod an eng ganz Rei Projete fir Logement abordable ze bauen huet de Schäfferot a senger Erklärung definéiert. Mir hunn der och nach e ganze Koup méi oder wéineger virgestallt kritt, wéi se kéinten ausgesinn, wéi mer an den Diskussioune ware ronderëm d'Modifikatioune vun dem PAG.

Monoparentauxen, Familljen a Schwieregkeeten, Famillje mat méi Kanner sinn de Public cible an der Wunnengsnout, déi gehollef solle kréien. An dofir huet déi Form vu VEFA vente en état de futur achèvement - ech hat och a menger Ried zum Budget 2024 scho gesot -, eng ganz Rei Virdeeler. Eng Gemeng brauch keen Architekt, kee Bureau d'études a kee Statiker op de Projet ze setzen an et brauche keng Cahier de chargen aus-

geschafft ze ginn, also keng Soumissioune gemeet ze ginn. Vill Käschte loosse sech also aspueren an en plus gewënnt ee vill Zäit. Da kënne contrairement zu enger Acquisitioun vun engem fäerdegen Immeubel op engem virleiende Projet nach Upassunge gemeet gi fir dem Cahier de charges vum Ministère de Logement souwäit wéi méiglech gerecht ze ginn, fir op deem Wee e Maximum u Subsiden ze kréien. Mir hu jo héieren, dass mer mat engem relativ héijen, nach net festgeluechten, mee awer trotzdeem mat enger relativ héijer staatlecher Subventioun rechne kënnen, wat jo tëschent 68% an 72% dréit, wat jo awer relativ no un de Maximum kënnt, wat de Ministère accordéiere kann. Da begréisse mer och d'Erugoensweis fir de passende VEFA-Projet erauszewielen. Virdrun ass och nach gesot ginn "de Spriecher vun der LSAP wousst et schonn am Budget". Dat ass wuel eng Ausso gewiescht, an zu deem Ament wou de Budget war, do war schonn effektiv vun deem Projet do rieds.

Hei goufe vu ville Bauprojeten déi vun eisem Bauservice agereecht goufe fir eng Baugeneemegung ze kréien 3 interessant Projeten, déi sech géifen eegne fir abordabele Wunnengsbau ze bauen analyséiert op de Präis hi fir de Terrain an dee vun der Konstruktioun, wou de Bien immobilier läit, wéi et mat méiglече Subventioune vum Ministère steet par rapport zu der Taille an der Typologie vun de Logementer, déi geplangt sinn. D'Inzidenze vun eventuell noutwennegen Adaptatioune sinn evaluéiert gi fir dass de Projet d'Norme vum Cahier de charges vum Ministère erfëllt. An esou koum dann iwwert den Tableau d'évaluation dee mer alleguer gesinn hunn eraus, dass de Projet aus der Rue des Champs effektiv mat deene 4 grousse Wunnengen à 3 Schlofzëmmeren dee gënschtegste fir d'Gemeng ass awer och fir déi zukünfteg Bewunner, vu dass an deem Projet och probéiert gëtt, d'Charge fir herno sou déif wéi méiglech ze halen. Dofir d'Erklärung nach eng Kéier, firwat dass kee Lift am Immeubel virgesinn ass, eppes wat d'Chargen ëmmer relativ déck an d'Luucht dreift.

An deem Sënn ass och, obscho se net mat subventionéiert gëtt, d'Installatioun vun enger gemeinsamer Photovoltaikanlag, déi de Familljen hëlleft, d'Stroumrechnung kleng ze halen. Ech fannen dass dee Projet do, mat all deene Kriticken, déi ech elo héieren hu vun de Parteie ronderëm, wat de Präis vum Bien ugeet, virun allem dem vum Terrain, korrekt ass. Et muss een awer och Eent soen, wann d'Firma B4U deen Terrain do kaaft huet, hat se jo och herno nach Käschten. Dat heescht, en ass héich, dat ass sécher, mee mir hunn och schonn aner Terraine kaaft, déi nach méi héich waren. Et kann een dat net ëmmer alles an een Däppe geheien, wat AtHome seet, d'Moyenne misst esou sinn, asw. Dat geet leider Gottes net. Dat ass Wonschdenken a mir kënnen net einfach de Präis diktéieren. Ech fannen et e gudde Projet, an ech hu jo och scho gesinn, wéi genéckt ginn ass beim fixe Präis vum Devis, dass mer wierklech a Rou kënnen deen heiten Devis matstëmmen. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci fir d'Wuert. Nach 2 technesch Froen. Et ass e ganz interessante Projet gewiescht, vill flott Reflektiounen. Ech wollt just froen: de Subsid vun der Photovoltaikanlag, wéi gëtt deen herno opgedeelt? Wie kritt deen? Kritt dee wou baut, wou montéiert deen, oder kréie mir deen als Gemeng, well mir de Bauhär sinn? Dat hunn ech net sou richteg rëmfonnt. An dann nach just eng Fro, fir méi wäit ze kucken, well mir déi Informatioun dann net ëmmer sou hunn. Vu dass jo alles verlount gëtt, gëtt virgesinn, fir déi Saachen am Virfeld ze miwweléiere fir ze verlounen? Fir dem Locataire vun deem Punkt aus Käschten ze spueren, dass en net muss Miwwele kafen. Awer och vun der Vue vum Proprietär. Duerch d'Plënneren entstinn ëmmer vill Schied an de Partie communnen, wéi leeft dat do? Wien hëlt déi Saachen herno en charge? Just fir eng kleng Visioun ze kréien, wéi dat sou ausgeduecht ass. Dat sinn déi 2 eenzeg technesch Froen, déi ech nach dozou hat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Här Martini. Da géif ech hei d'Ronn ofschléissen. Et waren eng Rei och méi technesch Froe par rapport zu der Prozedur. Do géif ech dann der Madame Gottschalk an dem Här Glesener d'Wuert ginn an dann déi e bësse méi politesch Considératiounen, op déi géif ech dann agoen.

PIERRE GLESENER, TRAVAUX NEUFS – BÂTIMENTS COMMUNAUX: Merci Här Buergermeeschter. Ech hu probéiert, mer all d'Froe souwäit wéi méiglech opzeschreiwen a probéiert e bësse chronologesch drop anzegoen. Vum Oflaf hir, also mir hu keen Appel à offres public gemaach an deem Sënn, mee mir hu recht vill Projeten am Baugeneemegungsservice virgeluecht kritt, wou et natierlech och zu Diskussioune kënnt, ob Projeten, déi rëm modifiéiert ginn a rëm modifiéiert ginn, wou eng Baugeneemegung do ass gëtt verlängert, et ass awer nach net ugefaange ginn. Firwat ass dann nach net ugefaange ginn? A sou sinn Diskussiounen entstanen zu enger 7, 8 Projeten, wou der awer och ganz kloer dobäi waren, déi vu vir fir hannen net subsidabel gewiescht wäre vum Ministère du Logement an doduerch och einfach guer net an d'Diskussioun mat rakomm sinn.

Déi dräi do, dat waren déi interessantsten, wou mer iwwerhaapt mol an eng Diskussioun eragaange sinn. Hei bei deem engen ass den Terrain deier, bei deem aneren ass d'Konstruktioun vläicht méi deier, wou mer schonn éischt Gespréicher gemaach hu fir iwwert d'Präisser ze verhandelen an och ze gesinn, wéi vill Marge ass do, fir am Projet déi Upassung ze maachen, déi e VEFA eis och erlaabt ze maachen. Dann ass gesot ginn: Wéi vill hu mir Afloss dorobber? Jo, dat ass eeben déi Virverhandlung, déi mer gemaach hunn. Mir hu mat jiddwerengem probéiert, an dat war recht zäitopwänneg, Detailer ze kréien. U sech sinn déi Projeten alleguer op engem Niveau APS, APD, also Avant-projet sommaire an détaillé. Deen ee méi wéi deen aneren. Dat hänkt ëmmer e bësse vum Promoteur of.

Fir dann eebe grad dodrop anzegoen. Do sinn Virgabe wéi Lift, do kann een ëmmer perséinlech driwwer streiden, ob dat Luxus ass oder net Luxus ass. Eise Service Logement huet kloer eis d'Virgab ginn d'Chargë sou déif wéi méiglech ze hunn. An engem Gebai wéi deem heite kascht e Lift 4000.- bis 4.500.- € d'Joer wa mer Stroum- an Entretienskäschte beieneen huelen. Dat sinn 1000,- Euro d'Joer am Duerchschnëtt pro Famill

u Chargen. Wat vill ass fir déi Famillen, déi mir solle begleeden. Do hu mer ganz kloer gesot kritt, dat solle mer vermeiden, vu dass mer och aner Projeten, déi mer herno weise kréien, an do och d'Méiglechkeet hunn, d'Leit op e Rez-de-chaussée oder en éischte Stack ze setzen. Dat heescht, dat ass eise ganze Park, dee mer wëlle kucken an adaptéiert d'Leit och wëllen e bëssen hisetzen. Et muss ee jo soen, dass mer eng Waardelëscht hu vun 180 Stéit.

Dann Terrainspräis. Terrainspräis ass eppes, wat mir mat deenen heite verhandelt hunn. An där alleréischter initialer Offer déi do war, war den Terrain nach méi deier. Et ass zum Terrain verhandelt ginn. An deem hei Projet, wéi gesot, mir hu mat jiddwerengem verhandelt a gekuckt, dee beschte Präis erauszehuelen. Dat hei war dat, wou mir um Terrain hikomm si mat alle Verhandlungen. Mir wären natierlech frou, wann et nach hätt kënne méi erofgoen. Fir awer ze soen, dass dee Präis, deen de Ministère de Logement virgëtt, an ech bis elo och bei Kolleege vun anere Gemengen nogefrot hat, déi 1.800.- € de m² Surface habitable. Do gëtt also net op den Ar gerechent, wat subsidabel ass, mee do gëtt gerechent wat ass d'Surface, op déi ech kann drop bauen. An doduerch gëtt och automatesch e Präis, op deen ech 6 oder 7 Appartementer kann drop baue méi deier wéi en aneren. Jo. Et kann ee jo wéi gesot ëmmer iwwert alles diskutéieren. Mee an dësem Fall hu mer mat de Kanner misse spillen, déi do sinn.

Hei hu mer probéiert fir erauszehandelen. Wa mer awer elo déi 75% Subsiden an déi Virgabe vun 1.800.- € hätte wëllen erfëllen, da schwätze mer elo vun enger Präisdifferenz vun ëm déi 300.000.- € an eppes. Et ass also elo net, dass de Präis elo einfach d'Hallschent gewiescht wier, wat de Ministère da virgëtt. An déi Virgabe vum Ministère sinn déif. Also ech kennen net vill Gemengen, déi déi Präisser do hikritt hunn. Kloer, d'Stad, déi hunn elo aner Präisser, mee déi hunn dee lo schonn op 4.000.- € bei sech gesat. An anerer schwätzen och éischter vun 2.000.- € an eppes, 2.000.- € an déi Mëtt, an 2.000.- € einfach op d'Konstruktioun bezunn. Hei ass och net vill Gaart hannen, deen net bebaubar ass, an doduerch ass déi viischt Sträif eigentlech dann direkt vir dran. Dat ass bei engem véiereckegen Terrain dann och e bëssen anescht ze gesinn. Mee et ass zum Terrain verhandelt ginn. Dann hate mer hei mat drastoen zu den Tranchen an zum Ofrappen, also zum Ofrappen ass eng Positioun am Akt. Dat steet kloer dran, do kommen och elo keng Méikäschten. Wann elo iergend eppes dran ass, ech soen elo, si géife verstoppten Asbest fannen, dann ass dat do mat dran. Dee Präis, deen Deel ass net méi negociabel. Dee Präis ass fixe.

Mir hunn och e Vertrag hei ausgehandelt, wa mer iergend eng Kéier och um Deckel ukomm ware mat der Verhandlung, sou dass, wou mer déi Verhandlunge gefouert hu waren och nach 16% TVA. Deen 1 % TVA, do si mir eis herno eens ginn, dass deen net zu eiser Charge ass, dass deen zu hirer Charge ass. An dass zukünfteg Indextranchen, dass mir hei an eisem Budget einfach eng Sécherheet brauchen, dass mir net dauernd mat Remaniementer a Crédits supplémentairë musse kommen, fir dass de Projet ka weider lafen. Dat heescht, mir hunn hei wierklech d'Optik geholl, e Fixpräis ze maachen, am Wëssen och, wa mer lo Kichen oder aner Positiounen huelen, do kann een ëmmer kucken, ass et machbar. Mee wa mer vu 6 Persounen an engem Appartement schwätzen, da schwätze mer net vun enger Kitchenette mee vun enger Kichen. Déi Wunnenge bleiwe jo laang an eisem Besëtz a mir mussen do och den Entretien maachen a wann iergend eppes an deene Wunnenge futti ass muss eise Service après-vente era kucke goen. Dat sinn all Kéiers Fraise fir eis.

Also 2.000.- € op enger Kiche spueren, wann en Techniker dräi Mol dohinner war, dann hu mer dat dräi Mol méi bezuelt. Dofir probéiere mer ëmmer sou e Mëttelwee ze fannen. Och dat ass en Devis estimatif. Mir hunn haut nach net eng fäerdeg Offer fir d'Kichen anzebauen, vu dass se réischt an annerhallwem Joer wäert kënnen agebaut ginn. An déi Präisser variéieren. Et gëtt eis och haut keen e Präis fir eng Kichen a garantéiert eis dee Präis fir an annerhallwem Joer. Dat kréie mer souwisou net. Sou dass mir lo mol eppes ageschriwwen hunn. An natierlech, well mer eeben net mat Remaniéë wëlle kommen, hu mer och eng Zomm agesat, wou een eng Kiche fënnt. Wa mir lo gesot hätten, mir setzen 11.000.- € an, mir wëssen net, wat bis dohinner geschitt. Wann an annerhallwem Joer op eemol 30% Präisdeierecht op de Kiche kënnt, da kéinte mer se erëm net bezuelen. Wa mer et hikréien, déi beschtgënschtegst Kichen ze fannen, da probéiere mer natierlech och, déi ze kafen. Sou dass mer probéiert hunn, dat alles mat eranzehuelen. Lift ass och eng Virgab vum Ministère du Logement, déi wäitméiglech ze vermeiden. Dat fält och mat an d'Subsiden eran. E Lift gëtt prinzipiell just nach mat subsidiéiert, wann et och virgeschriwwen ass, ee mussen eran ze bauen. Si sinn do net onbedéngt dofir, fir Lifter anzebauen an där Hisiicht.

Dann, kann de Präis gehale ginn? Dat war eng Fro, déi och elo een- zweemol komm ass. De Fixpräis soll dat natierlech als eng Garantie an där Hisiicht ginn. Mir hunn déi Cahier de chargen an deene Verhandlunge scho recht wäit gefouert. Et ass also iwwer Qualitéite vun Dieren, iwwer Plättercherspräisser a sou weider hu mer scho gekuckt a mir hunn déi och op déi Präisser vun haut ugepasst. Et ass net schonn e Modell Plättercher ausgesicht, mee mir schwätzen da vu Plättercher, déi an enger gewëssener Präiskategorie sinn. A fir déi Präisser, déi hei drastinn ass awer haut eppes ze fannen. Natierlech, wann elo erëm eng international Kris an engem gewëssene Beräich entsteet, mir wëllen de Budget och net opbauschen zu eppes, wat en net muss sinn hannendrun. Mee mir hunn awer och e bësse Reserven am Budget gelooss, vu dass mer jo e Fixpräis hunn, hu mer och manner Reserven op de ganze Projet misste loossen.

Déi 2 Milliounen, ginn déi duer? Ma dat waren 2 Milliounen, déi mir am Budget, och am pluriannuel missen ageschriwwen hu fir kënnen ze verhandelen. Natierlech hu mir mat deem heite Partner och kloer gekläert an dofir steet et och am Akt dran, mir hunn e vu vir eran drop higewisen, dat ass dee Budget, dee mir lo hunn a mir wëllen net e Crédit supplémentaire elo stëmmen am Ufank vum Joer an dann erëm d'Budgeten iwwert d'Kopp geheien. An och zu dem Zäitoflaf vun deenen

Tranchen. Wa mir lo haut de Projet votéiere géifen, oder ech hoffe jo mol votéieren, da geet dat nach bei den Inneministère. Wann de Retour vum Inneministère do ass, da gëtt réischt bezuelt, a réischt da wa mär den Terrain, also de Quote-Part Terrain bezuelen, an et domat och wierklech offiziell ass, da fänken déi 24 Méint un. Dat heescht, dat kann awer elo, vun elo op dat, wat de Ministère eis gëtt, plus dann dat mam Notaire ofgewéckelt gëtt, dat ass och schnell nach eng Kéier e Mount, deen hei drop kënnt. An da wësse mer, dass mer da scho Richtung Summer ginn. Dofir hunn ech elo Hierscht gesot, well wann do och iergend eppes nach an de Beräich vum Congé collectif rutscht a sou weider, jo.

A mir musse soen, dat hei ass de Contrat VEFA, do ass keng Kichen dran, do sinn eenzel Saachen net dran. Déi mussen duerno kommen. Dat heescht, mir mussen d'Gebai ofhuelen, et muss ganz akzeptéiert sinn, receptionnéiert sinn, an da kënnt dat Nächst mat dran. Dat ass also och nach eng Kéier Zäit, déi entsteet an drop kënnt. Do sinn awer och schnell nach eng Kéier zwee Méint. An da kënnt jo de Congé collectif vun der Zäit elo e bësse mat dran. Ech wëll Iech net en Delai hei verspriechen, deen hannendrun dann awer net kann erfëllt ginn. De Promoteur selwer ass och drun interesséiert, sou schnell wéi méiglech ze bauen, well hie kritt seng Tranchë wa se realiséiert sinn. Wa mir do méi schnell si kucke mer dass mer méi schnell sinn. Den Hierscht 2026 ass awer eng realistesch Zäit. An déi Tranchen do, domat kann de Promoteur liewen a mir kommen och aus, ouni dass mer de Budget lo nach eng Kéier mussen erhéijen. Ob et miwweléiert ass, dat war nach eng Fro vun der CSV. Momentan ass et mam Service Logement sou ausgemaach, mir liwweren e fäerdeg ugestrachent Appartement mat Kichen. Mee déi Leit, déi haut bei hinnen op der Waardeléscht sinn, déi wunnen iergendwou an hu Miwwelen an hu Situatiounen. A miwweléiert misste mer och deemno wéi méi Loyer froen, sou dass dat net onbedéngt am Interêt vun der Saach hei war. Dat heescht, et ass net miwweléiert mat Miwwelen, mee Kiche setze mer dran.

An eppes wat sou dertëschent schwieft, mir hänken trotzdeem gären d'Luuchten op, wat an deem Beräich net ass, mee dat kënnt e bëssen dohier, dass mer net wëllen dass all Mënsch mat senger Buermaschinn do am Neibau do ufänkt ze bueren. Awer erëm Schréipse maachen, awer erëm Saache maachen. Dat heescht, dat ass eng Positioun, déi mir mat erageholl hu fir eebe sou Degâten ze vermeiden a Diskussiounen ze vermeiden. Ech mengen awer dass elo bei Trapenhaiser wéi déi hei, déi elo net grad 85 breet sinn, mee déi awer eng Breet hunn, wéi dat haut och modern gefrot ass, sou datt een och Saache ka plënneren a ranhuelen, ouni dass dat elo zu risegrousse Degâte kënnt. Déi eng oder déi aner Schréips ass ëmmer, mee dat ass awer och iergendwou an deene Projeten hei mat dran an dat gehéiert dozou. Dat hu mer och bei enger Schoul oder engem anere Projet, soen ech mol sou. A jo, d'Subsiden nach vun der PV. Dat war nach déi lescht Fro, stëmmt. Déi PV-Anlag, déi kafe mir als Gemeng a mir kréien och d'Subside vun der PV-Anlag. De Gain deen awer all Joer kënnt, also souzesoen, d'Auto-consommatioun, déi ass fir d'Locatairen. Dat ass och eréischt säit dem September d'lescht Joer ënnert där do Form méiglech, dass ee Besëtzer vun enger Photovoltaikanlag ka sinn a méi Notzer zu enger Photovoltaikanlag ka ginn.

Dat ass eigentlech opgemaach ginn an ass och haut mat manner Fraise verbonnen, well et haut iwwert de Compteur intelligent vun der CREOS net nach e supplementaren Zäler brauch a sou weider. Mir schalten dat sou, dass d'Stroumproduktioun op de Commun geet, an um Commun hänkt souwisou schonn déi ganz Wärmeproduktioun, Waarmwaasser an Heizung vum Gebai. Dee Stroum gëtt also scho mol ganz fir de Commun ofgezunn, do huet also scho mol jiddweree säi Benefice. An da kënne mir e Schlëssel maachen, an der Reegel no Millièmen, wie wéi vill Stroum vun der Iwwerproduktioun nach ka vu senger eegener Consommatioun ofgezu kréien.Dat ass dann awer eenzel. Dat ass dann déi Auto-consommation collective, déi haut méiglech ass, wou et ganz vill verschidde Forme gëtt. Vu dass dat réischt säit September méiglech ass, si mir do am éischte Projet dran. An ech mengen, domat hätt ech all d'Froen ugerass.

EVA GOTTSCHALK SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Ech wollt nach ganz kuerz dem Här Gangler äntweren, well hie jo gesot hat, do géif de Procès verbal feelen. En ass dran an e gëtt och a sou engem Fall dra gemaach. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo ech hunn nach just eng technesch Nofro. Merci fir d'Explikatiounen. Wat mir am beschte gefall hutt ass, wou Der gesot hutt: Mir bauen eng Sécherheet dra mat engem Fixpräis a mir wëlle keng Remaniéën. Dat ass ganz gutt, dass mer dat mol eng Kéier hei haart héieren. Mee wat ech als Fro nach hunn: Dir hutt gesot, Dir hutt ganz vill Projeten, déi un Iech erugedroe gi sinn. Vläicht kënnt Dir eis eng Ziffer nennen? Dat ass vläicht ganz interessant fir ze wëssen, wéi vill Leit waren dat. An dann hat Der gesot, déi hei Projeten, déi hei am Verglach waren, déi sinn zréckbehale ginn. Du hutt Der och gesot, mat deem Projet, deen elo hei vum B4U, deen elo zréckbehale ginn ass, do hätt Der och verhandelt, fir den Terrainspräis ze drécken, also fir do op e gemeinsamen Nenner ze kommen. Hutt Der och mat deenen aneren, déi hei erwäänt gi si geschwat, och sou intensiv geschwat, dass déi dann och vläicht hir Präisser sou ajustéieren, dass déi dann awer och an enger Zukunft awer och kënnen en considératioun gezu ginn?

Et ass ganz interessant, dass Dir och elo déi Erklärung ginn hutt mam Lift, firwat deen och net zréckbehale ginn ass, dass deen net subsidiéiert gëtt. Dat wosste mir net, dat ass ganz interessant, dass een dat eebe weess. Wéi gesot, hutt Dir och mat deenen anere Promoteuren, déi déi aner Projete virgestallt hunn och sou tough verhandelt, dass mer déi an engem nächste Punkt och vläicht eng Kéier kënne gesinn. An dann, wat mer awer nach net gesot kritt hunn, an dat ass e puer Mol gefrot ginn: Wéi vill hat de Promoteur bezuelt fir deen Objet do? Merci.

PIERRE GLESENER, TRAVAUX NEUFS – BÂTIMENTS COMMUNAUX: Jo, an där éischter Phas, also mat deenen dräi, déi insgesamt mol gekuckt gi sinn, hu mer

d'nämmlecht verhandelt, also dat war mat jiddwerengem déi nämmlecht Diskussioun. Deen ee war och méi bereet fir iwwert säi Präis ze schwätze wéi en aneren. Déi detailléiert Diskussiounen zu Dieren, Fënsteren an Optiméierungen, déi si mer natierlech réischt duerno agaangen, well soss hätte mer mat jiddwerengem sechs Méint iwwert säi Projet gemaach a mir hate jo och iergendwéi eng Zäitvirgab fir e Projet ze kréien. Jo, mer hu mat jiddwerengem iwwert de Präis gehandelt, souwuel Terrain wéi Konstruktioun. Déi éischt Fro u jiddwereе war: Wat ass däi Präis? An natierlech, wou mer dee kruten hu mer gesot, dat fält eis awer elo op. Ass do net awer nach eng Stellschrauf dréibar oder net dréibar? Mir mussen awer en Terrain d'entente fanne fir den Terrain opzefänken.

Déi zweet Fro war, also ech sinn net am Service vun de Baugeneemegungen. Dat heescht, ech krut iergendwann gesot: Dat do sinn déi 3 Projeten, kuck mat de Subsiden, den Detail. Menges Wëssens waren et awer 6, 7 Projeten, déi dee Moment do waren. Dat waren awer och zum Deel Projete wou awer schonn en Deel vum Gebai verkaaft war. An eng vun eise Virgabe war och, mir wëllen e ganzt Gebai hu fir net e Syndikat dran ze hunn, fir net erëm e Beamte mussen an eng Kommissiounssëtzung ze schécken a sou weider, wat och erëm Fraise fir d'Gemeng bedeit. Och en vue vun deene Saachen hu mer probéiert, eng propper Linn hinzekréien.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci dem Pir Glesener an dem Eva Gottschalk fir eng ganz Rei Äntwerte par rapport zu ganz vill Froen, déi gestallt goufen. Dat erméiglecht mir, mech op eng Rei Punkten ze reduzéieren. Ech si frou dass insgesamt iwwert d'Bänken hei de Projet begréisst gëtt, mat enger Rei Nuancen an enger Rei Punkten, déi hannerfrot ginn, wat mengen ech och ganz OK ass. Wat virun allem wichteg ass, ass dass mer hei an abordabele Wunnraum investéieren an an där Situatioun och sinn, dass mer iwwert de VEFA-Projet da vläicht och vill méi schnell virukommen. Wéi gesot, ech géif do vläicht op e bësse méi generell Considératiounen agoen. Den Här Meyer sot hei: Net à tout prix. Ech hu bei 3 Agence immobilièren ugefrot. Jo, wann ech en Avis juridique brauch an ech froe bei 3 Affekoten, da kréien ech och 3 verschidden Avis juridiquen. Eng Agence immobilière huet jo keen Objet social, loin de là.

Wat ech awer net hei am Raum wëll stoe loosse, dass mer hei Luxuswunnenge bauen Här Meyer. Well wa mer géife Luxuswunnenge, da géife mer a priori net ëm déi 73,7% vun der Constructioun vum Wunnengsbauministère kréien. Dir hat virdrun d'Méiglechkeet, Iech auszedrécken, elo ass et wéi gesot u mir. Et gëtt en Neibau, jo, mee et gi sécher keng Luxuswunnengen, well wann et Luxuswunnenge wären, da wär de Pourcentage net sou no bei deene 75% wou mer awer deementspriechend elo sinn. An och wa mer nach mam Logementsministère weider diskutéieren an och nach eng Kéier an dëse Gemengerot wäerte kommen um Niveau vun der Konventioun, wou mer dann och déi Suen zougeséchert kréien da par rapport zu de Recettes extraordinaires op där anerer Säit. Dir hutt ugefouert, wat d'Präisser vun den Terraine sinn, d'Madame Ahmedova huet dat och gemaach. Hei kann een net ëmmer Terrain zu Terrain vergläichen. Mir hate jo Projeten hei am Gemengerot wat d'Terrainen deelweis mol kaschten an engem Quartier résidentiel. Oder wat d'Terraine kënne kaschten, dat hei ass jo och e Bau deen awer och ganz no ass beim Zentrum, beim ëffentlechen Transport, Bus, Zuch. Och dat huet eng Rei Virdeeler bei deem ganze Bau. Dat gouf haut de Mueren nach net gesot, mee et ass och e Schratt gewiescht fir deen heiten zréckzebehalen nieft dem Präis, well en awer och um Niveau vun der Ubannung ganz gutt läit.

Et fënnt een hei an Diddeleng ganz vill Terrainen, déi verschidde Präisser hunn, mee de Pir Glesener ass jo och drop agaangen, wat schlussendlech subventionéiert gëtt vum Wunnengsbauministère. Dat par rapport zu den Ausféierungen, déi d'Madame Ahmedova gemeet huet an och den Här Meyer par rapport zum Präis vum Terrain. D'Madame Kayser ass drop agaange par rapport zum Bau an zu der Rapiditéit vum Bau, huet dat och deelweis a Fro gestallt. Ech mengen Dir wësst jo, an hei si jo Leit, déi schonn eng länger Zäit hei sinn, wéi laang dass et dauert, wann d'Gemeng Bauhär gewiescht wär. Da misste mer natierlech déi ganz Dispositioune vum Marché publics-Gesetz respektéieren. An Dir hutt virdrun ugefouert iwwert eng Fontainesstrooss, eng Lëtzebuergerstrooss, Rue de la Paix, bon A Bëlleg ass private Promoteur, Eecherdall. Dat sinn alleguerten, an déi Akten hate mer jo hei an der Gemeng, an Dir wësst jo ganz genau Madame Kayser, an Dir sidd jo net säit gëschter hei am Gemengerot, dass dat dote Projete sinn, wou mer en Architekt mussen dropsetzen, wou mer da mussen ausschreiwen, wou mer dann Offere kréien, vläicht kréie mer der méi, vläicht kréie mer der manner, an da kënne mer réischt den Zouschlag maachen. An da muss de Projet jo och souwisou hei am Gemengerot gestëmmt ginn.

Mir sinn an enger ganz anerer Prozedur, an engem ganz anere Cas de figure wéi an dësem. Dir kënnt also net hei virféieren: Wou si mer do drun? Dir wësst dass mer am Kader vum Budget iwwert déi dote Projete geschwat hunn. Do sinn Architekten drop. An de Gemengerot wäert souwisou déi dote Projete presentéiert kréie wann d'Architekten hir Aarbecht gemeet hunn an och hir Präisser dropgesat hunn. Wéi gesot, mir sinn an engem ganz anere Cas de figure bei deem dote Projet wéi bei dësem Projet, deen och e VEFA-Projet ass. An Dir wësst also, dass dat heiten e Projet ass, dee méi schnell virukënnt wéi wann d'Gemeng de Bauhär wär, wat jo och en Avantage ass.

Dir hutt virdru vun Transparenz geschwat Madame Kayser. Dir hutt gesot, effektiv steet dann am Akt „Il est cependant de convention expresse entre les parties, que cette prorogation des délais fera l'objet d'un écrit distinct et signé entre le promoteur et l'acquéreur." Entre Promoteur an dann d'Stad Diddeleng. Dann hu mer jo Fräiraum, awer Delaien ze zéien. Mee transparenterweis hutt Der bewosst net gesot, wat virdru steet a wat duerno steet. Virdru steet: „Si l'acquéreur commande des travaux supplémentaires non-prévus au cahier de charges en cours d'exécution du contrat, il accepte que les délais supplémentaires générés directement ou indirectement par le choix en

question feront augmenter le délai global de l'achèvement." Dat steet virun Ärer Ausso, déi Dir hei just selektiv an isoléiert gesot hutt. An duerno steet och, dat hutt Dir och net gesot transparenterweis: „En cas de retard d'exécution au délai imputable au vendeur, celui-ci payera à l'acquéreur une indemnité journalière calculée de la façon suivante." Also muss een dat och an deem Ganzen transparenterweis, an Dir sidd jo ëmmer fir Transparenz, och an de Kontext setzen. Dat hutt Dir hei an deem Ausmooss net gemeet. Dofir wollt ech awer hei nach eng Kéier rappelléieren, wat hei am Akt ganz kloer drasteet.

Da par rapport zu der Approche. An et ass iwwert e puer Saachen hei geschwat ginn, och vun der Madame Ahmedova. Ech mengen dass dat hei jo eng Situatioun war, dass mer déi dote Projeten och zréckgehalen hunn, mir hu keen Appel public gemeet, mee mir haten eng Rei Promoteuren, déi un eis erugetruede sinn. Mir sinn an enger Period, wou et effektiv méi schwiereg virugaangen ass, déi hunn och gesot: Ass d'Gemeng net interesséiert? Mir sinn interesséiert, mee da kucke mer mol an da komme mer mol a Verhandlungen, an da hu mer eis jo och déi objektiv Krittäre gi fir ze kucken, wat ass interessant fir d'Gemeng, wou kënne mer vun Ufank u mat definéieren? An ech mengen den Här Glesener ass drop agaangen. Vun anere Projeten, déi mer haten, do war schonn en Deel deelweis fäerdeg oder och scho verkaaft. Dat heescht, et wär eng ganz aner Ausgangspositioun gewiescht wéi déi heiten. Dofir hu mer och déi heiten 3 Projeten zréckbehalen an do hu mer jo och am Detail gepréift. Mee hei war engersäits d'Demande: Ass d'Gemeng net interesséiert? Mir hu gesot, jo mir sinn interesséiert. Mee da musse mer eis natierlech och objektiv Krittäre gi fir och ze kucken dass d'Gemeng zu hirem kënnt. An et ass hei net aneschters wéi bei all VEFA-Projet. De Promoteur ass Bauhär. Dofir geet et jo dann och méi schnell virun. An natierlech, ech mengen Dir hutt virdru vu Risiko geschwat. Mir hu kee Risiko, well engersäits hu mer de VEFA-Akt, dee ganz kloer jo d'Konditioune vun der Stee setzt a mir mussen nach doriwwer ofstëmmen. An, dat ass awer den ABC, hu mer jo och eng Baugeneemegung, déi mer nach ëmmer ausstellen an déi dann de Buergermeeschter ënnerschreift, no där dann och de Promoteur, deen dann hei Bauhär ass, no där en dann och baue muss.

Dat heescht, hei ass jo net de Risiko, dass en egal wat baut. A wann en et wierklech misst maachen, da kënne mir als Gemeng natierlech nach ëmmer intervenéieren. Mee dat ass bei dësem Projet net anescht wéi bei all anerem private Projet, wou d'Baugeneemegung net géif respektéiert ginn. Dat par rapport zu deenen e bësse méi generelle Considerationen. Da wéi gesot d'Madame Thoma. Jo, et mierkt een awer och um Niveau vun der Oppositioun och verschidden Aart a Weisen, fir un de Projet erunzegoen. Déi eng soen, méi couragéis virgoen, méi maachen. Also bal à tout prix. Déi aner soen: Net à tout prix. Och d'Oppositioun huet do deelweis aner Aart a Weise mengen ech, abordabele Wunnraum unzegoen. Wann d'Gemeng oder dëse Schäfferot eng Initiativ hëlt, wat ech op alle Fall ka soen, dat ass dass d'Deliberatioun ausschlaggebend ass, d'Deliberatioun vum 19. Januar 2024. Et ass do, wou mer de Projet finaliséiert hunn. An ech hu ganz bewosst virdru VEFA-Projeten ugenannt, mee awer net gesot, wéi eng dass et wieren, well dat eng ongoing Diskussioun gëtt. Do ware mer nach a Verhandlungen, an ech ka mech net drun erënneren, dass ech dat doten namentlech ernimmt hunn, well mer an Diskussioun waren.

A Madame Kayser, Dir néckt hei, ech hunn am Verbatim nokucke gelooss, ech hunn dat do effektiv an deem Sënn net gesot. Well mer do grad eeben an der Diskussioun waren, d'Analysë waren en cours. An et war net dann de Moment och dann deementspriechend den Zouschlag ze maache well d'Krittäre gepréift goufen an dat war wéi gesot réischt den 19. Januar de Fall. Mee vu dass mer wousten, dass VEFA-Projete gemeet géifen hu mer och deen néidege Montant deementspriechend an de Budget gesat. Quitt dass bei där Diskussioun den Zouschlag ee Mount duerno gemeet gouf, natierlech hei awer ee Projet war, deen d'Nues vir hat. Well innerhalb vun engem Mount hunn d'Gegeebenheete keng gréisser Changementer virgeholl.

Et ass e puer Mol iwwert de Lift geschwat ginn. Do hunn ech elo näischt méi ze soen. Wat hei jo lo och wichteg ass, wa mer hei den Aval gi vun der Prozedur hir ginn, da geet dat natierlech, sou wéi dat am VEFA-Akt och drasteet, bei den Inneministère. Dee muss dat natierlech, vu dass et e gewëssenen Invest ass, och approuvéieren. An da kréie mer dat approuvéiert zréck an da kënne mer déi néideg Demarchë maache fir dësem VEFA-Projet gréng Luucht ze ginn. Da kann ech och d'Baugeneemegung ausstellen an da kënne si och ufänken andeem si dann d'Demolitioun maachen an och de Projet ugi ënnert dem Virfall, dass a 24 Méint dann alles méiglech ass. Dat nach e bëssen zu den Ausféierungen hei par rapport zu de Stellungnamen, déi gemeet goufen. Voilà. Da géif ech proposéieren, dass mer dann zum Vott iwwerginn.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Just ganz kuerz. Ech hunn net gesot, Dir hätt gesot, dat wier e Projet an der Rue des Champs. Dat war an der Budgetsried vum 15. Dezember, wou den Här Zuang als Spriecher vun der LSAP ganz kloer gesot huet VEFA an der Rue des Champs. Punkt. Dat heescht, de Spriecher vun der LSAP, deen net Member vum Schäfferot ass, wousst dee Moment schonn, dass dat dee Projet wier. Just zur Vervollstännegung.

MARC MEYER (DP): Ma da wëll ech och nach eppes kloerstellen. Ech hunn net gesot, Luxuswunnenge bauen, mee Wunnenge bauen zu Luxuspräisser. Well et si jo keng Luxuswunnengen, vu dass kee Lift a keng Bidden an och soss näischt dran ass. Merci dofir.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Da soen ech och nach just e Wuert. Ech hat effektiv dat vun der Indemnité journalière gesot, dass déi dra wär. Mee do hunn ech gesot gehat, dat kann ee jo dann awer e bëssen zéien. An dass mir als Acquéreur keng Travaux supplémentaires non-prévus maachen, dat ass jo wuel kloer. Dofir hunn ech dee Saz net zitéiert. Also et läit sécher net un eis, wann d'Delaie kommen. Well mir si jo gehalen, effektiv, wéi Der sot, un eng Konventioun. Wat ech ganz interessant, fannen, ech war mir desse

guer net sou bewosst, dass et do wierklech e klore Cahier de charges och gëtt. Vläicht kënnt Dir eis dat och zoukomme loossen? Oder ass dat ze vill komplizéiert, ze komplex? Firwat mer déi 72%, déi 68% Zouschoss kréien. Wéi dat genau ass. Well Dir hutt jo lo gesot, de Lift, dee gëtt net subventionéiert. Dann ass dat e komplexen Déngen? Wësst Dir, wat ech mengen? Dat wär interessant, da kënne mer och e bësse méi en connaissance de cause matschwätzen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. Ech wollt just eng Remark maachen. Mir fannen et awer trotzdeem nach ëmmer schued, datt ee bei engem Bauterrain, de Potenzial um Terrain keeft, also bis 6 Appartementer kënne baue vis-à-vis vun engem Unifamilial, an net einfach de Präis vun engem Ar kënne bezuelen. Also de Potenzial do, dat mécht datt d'Spekulatioun déi ass déi se ass am Moment dobaussen. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ganz kuerz. Mir kruten nach ëmmer net de Präis gesot, wat de Promoteur bezuelt huet fir deen Acquis.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Deen hunn ech elo net bei Hand. Par rapport zum Cahier de charges, dee gëtt jo am Fong opgestallt vum Logementsministère, also sou vill ech weess sinn d'Krittäre vum Cahier de charges normalerweis och um Internetsite vum Logementsministère. Also dat ass am Fong e Cahier des charges, dee fir all Logement abordable gülteg ass wa lo eng Gemeng, respektiv de Staat, eng konventionéiert ASBL an déi dote Richtung wëll goen oder eng privat Entreprise. Ech mengen dat ass ouni Problem asehbar. Mir kënnen Iech do dat awer eng Kéier zoukomme loossen, wéi de Cahier de charges opgebaut ass. Dat ass kee Problem.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass fir d'éischt emol mam Devis estimatif vun 3.910.000.- € averstanen? ***Dat ass unanime.***
Wien ass mam Acte de vente notarié, also mam VEFA-Akt averstanen? ***Dat ass och unanime.***
Da soen ech Iech villmools Merci.

### 2.6. Bauprojet fir Sozialwunnengen an der Rue Nic. Bodry

*2.6.1. Approbatioun vum Devis remanié*
*2.6.2. Approbatioun vu 6 Actes de vente en l'état de futur achèvement fir de Bau vu 6 Eefamilljenhaiser a Méifamilljenhaiser*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den zweete Punkt iwwer. Dat ass och abordabele Wunnraum an der Rue Nic. Bodry. Do hu mer hei engersäits en Devis remanié virleien awer och dann e VEFA-Kontrakt. Am Fong 6 Akten. Fir do nach eng Kéier e bëssen den Historique ze maachen. Hei geet et an der 25 – 27b Rue Nic. Bodry ëm 2 Maisons bi-familiales a 4 Maisons unifamiliales mat Logement intégré. Am neie PAG hu mer eis jo do déi Méiglechkeet ginn. Am Total sinn dat 12 Logementer fir 34 Leit an 2 Logementer, déi sinn natierlech och PMR-gerecht. De Constructeur ass hei Wiesen-Piront. Dir wësst dass mir dee Projet hei am Gemengerot haten. Dat war am Februar 2021. Do hate mer en Devis estimatif fir déi 6 Terrainen, dat waren 2,5 Milliounen Euro, a fir déi 12 Logementer en Devis estimatif fir 5,7 Milliounen Euro, fir also eng total Zomm fir 8,2 Milliounen Euro.

An elo hu mer hei en Devis remanié vun 9,6 Milliounen Euro virleien. Et ass natierlech och sou dass effektiv am Mäerz 2022 hei am Gemengerot och de Vott gemeet ginn ass fir déi 6 Terrainen ze kafen. An do gesäit een och am Devis remanié, do ass effektiv e Punkt Terrainspräis, wou jo och schonn d'Excavatiounsaarbechten am Gaange sinn. Deen ass d'selwecht bliwwen. Mee par rapport zu de Konstruktiounen, deen Estimatif, deen ass an d'Luucht gaange vu 5,7 Milliounen op 6,9 Milliounen, also e Plus vun 1,2 Milliounen Euro, wärend e beim Terrain just 0,2 Milliounen an d'Luucht geet. Et ginn och eng Rei Grënn, firwat mer haut hei den Devis remanié presentéieren, respektiv och déi 6 VEFA-Akten, fir dass och do déi Terraine kënne gebaut ginn. Déi Hausse fënnt statt, well och eng Rei Indextranchen, respektiv och de Bauindex dobäi kënnt. Et huet sech awer och erausgestallt am Kader vun den Aarbechten, dass Pieuxen och musse gesat ginn. De Pir Glesener wäert nach eng Kéier méi am Detail op dee Projet agoen.

A wat mengen ech hei awer och ervirzehiewen ass, dass mer hei nach eng Kéier d'Diskussioun hu misse féiere mam Logementsministère, well mer probéiert hunn awer par rapport zum Cahier de charges nach méi nozekomme par rapport zu den initialen Diskussiounen, déi mer haten, souwuel mam Promoteur wéi och mam Logementsministère. Wat eis natierlech och an eng Situatioun bréngt, déi ganz interessant ass an deem Sënn dass se och mat deem Devis remanié, dee mer hei virleien hunn, dass mer, wat den Terrain ugeet, an dat waren och d'Diskussiounen, déi mer mat Wiesen-Piront haten am Kader vun deem VEFA-Projet, dass mer do viraussiichtlech – mir sinn nach an Diskussioun mam Logementsministère – och do mengen ech komme mer nach eng Kéier an de Gemengerot, fir déi Konventioun hei virzestellen. Dass mer do awer ganz no um Maximum sinn, wann net um Maximum sinn, wat d'Subventionement vum Terrain ugeet. Wéi gesot, ech wëll mech net ze vill festleeën, mee mir sinn awer ganz no bäi a mir si bei 72% wat d'Konstruktioun ugeet. Dat heescht, dass mer och hei e Projet hunn, dee bal op déi 73% kënnt. Wat mengen ech net schlecht ass. Mee och dat sinn ëmmer déi Diskussiounen, déi eis Servicer mat den zoustännege Servicer vum Logementsministère hunn. Wéi gesot, do komme mir nach eng Kéier an de Gemengerot, fir Iech dat och virzestellen.

Also mengen ech dat heiten dann och e Projet an wann en hei den Aval kritt, datt en dann och ka lassgoen. Dir hutt hei den Devis remanié virleien, mee och wéi dat beim viregte Projet de Fall ass, déi 6 Akten am Dokument hei virleien tëschent der Societéit Wiesen-Piront an der Stad Diddeleng. Wou natierlech och d'Maison d'habitation bi-familiale dran ass, wou awer och deselwechte Prinzip ass, dass si de Maître d'ouvrage sinn. Mee, wéi och d'Diskussioun déi mer virdrun haten, eng Baugeneemegung ausgestallt gëtt an dass si sech natierlech och mussen dorun halen. A si mussen natierlech och no deene Conditions de paiement bauen, déi

Dir draleien hutt. A si mussen natierlech och eng Garantie d'achèvement ofginn, déi och hei deementspriechend virlouch, wéi den Akt beim Notaire gemeet gouf. Also wéi gesot, ech erspueren lech elo, fir duerch déi 6 Akten ze goen. Déi 6 Akte sinn d'selwecht opgebaut, wat déi verschidde Modalitéiten a Konditiounen ugeet. Dat par rapport zu der Ausriichtung vun dësem Projet, an ech ginn d'Wuert weider hei un de Pir Glesener, deen nach e bësse méi am Detail op déi verschidden Elementer kann agoen.

PIERRE GLESENER, TRAVAUX NEUFS – BÂTIMENTS COMMUNAUX: Merci Här Buergermeeschter. Wéi schonn ernimmt ginn ass schwätze mer hei vun 6 Parzelle mat 6 Gebaier drop. Zwee Bi-Familiallen, 4 Unifamilialle mat Logement intégré, sou dass mer insgesamt op 12 Wunnenge kommen. Mir hu selon Cahier des charges mat deene Virgabe vum Ministère de Logement u sech 34 Occupanten, déi mer do ausgerechent hunn. An deenen Diskussiounen, déi lo ganz rezent, d'lescht Woch nach, mam Ministère de Logement waren, mir sinn do an engem direkte Kontakt mat hinnen, huet sech awer erausgeschielt dass, mat liichte Modifikatiounen, mat zousätzlechen 0,3 m² an enger Kummer kënne mer ob eemol 2 Leit drasetzen, wa mer duerstelleresch kënne weisen, dass dat fonctionéiert. A wann dann eng Persoun méi rakënnt, da klammen och d'Subsiden an dann huet dat en Impakt souwuel op den Terrain wéi op d'Konstruktioun. Do ass vill Diskussioun a vill Schwätze mam Ministère. De Projet ass mat zwee PMR-Wunnengen. Sou steet et am Text dran. Ech wëll awer hei kloer duerstellen, dass PMR u sech barrièrefräi bedeit, mir hei awer d'Optioun gegraff hu fir rollstullgerecht ze sinn, also nach méi wäit wéi eng PMR-Wunneng. Doduerch sinn och herno deen een oder anere Supplement dobäi komm, well dann och eng aner Accessibilitéit muss gi sinn, zum Keller. Och dee muss kënne mam Rollstull bis bei säin Elektrozäler kommen. An dat sinn da Virgaben dass d'Diere méi breet gi sinn, dass d'Gäng hu missen ugepasst ginn, dass de Keller e bëssen ugepasst ginn ass. Dat huet och dozou gefouert, dass mer iwwert eenzel Saachen nach eng Kéier hu misste schwätzen.

Déi Terrainen alleguerten zesumme si 16 Ar. An deem doten Terrain verhandele war och nach déi 7. Parzell dobäi wou d'Spillplaz vun der Maison relais Ribeschpont dra war. Déi war u sech am Ufank an dësem Terrain mat dran. An dat ware just 6 Parzellen, a mir hunn aus 6 Parzellen u sech 7 Parzelle gemaach, fir dass dann d'Spillplaz och ka realiséiert ginn an dofir huet och missen den Terrainkaf e bësse virgezu ginn, well soss d'Maison Relais méi a Verzuch komm wär. Bauzäit ass am Akt zwee Joer. Si hunn awer schonn ugefaangen, doduerch si si natierlech och scho méi fréi fäerdeg. Déi zwee Bi-Familialle si sou opgebaut, dass dann am Rez-de-chaussée déi rollstullgerecht Wunneng ass an dann en Duplex vu 5 Kummeren op den Etagen, dat ass also scho richteg grouss. Dat sinn u sech Gabariten, déi weder den SNHBM nach de Fonds du logement bauen. An dat sinn och Leit, wéi mer festgestallt hunn, déi ganz laang op Waardeléschte stinn.
Also aneren, bei 2-Zëmmer- an 3-Zëmmer-Wunnengen, do ass vill méi Fluktuatioun an de Waardeléschten. Mee bei deenen do Fäll ass ee ganz gären drop an dann ass ee ganz gären drop, well et baut bal keen dat. Sou dass mer hei och wierklech gedréckt hu fir awer souvill Zëmmeren an en Appartement eranzekréien. D'Unifamilialen, do ass um Rez-de-chaussée e klengt Appartement vun 52 m² mat enger Schlofkummer an driwwer erëm en Duplex mat 2 Schlofkummeren. Dat Ganzt ass och ëmmer sou opgebaut, dass ee Bi-Familial mat 2 Unifamiliallen ee Block duerstellt an deen ass gespigelt op där anerer Säit mat enger gemeinsamer Ramp fir an de Sous-sol kënnen eranzefueren. Et si 6 Parkplazen am ganze Projet, also fir all Gebai ass eng Parkplaz do. Mir hunn an eise Waardeléschten och e Schlëssel vun nëmme all 3. Stot huet en Auto. Dat ass an eise Lëschte mat opgefouert, sou dass mer och mat deene Stellplazen do auskommen. Vu dass mer nëmmen eng Ramp gebaut hunn a sou, wéi mer et opgebaut hunn, fält eigentlech am Stroosseraum just eng Parkplaz ewech par rapport zu deem wat virdrun d'Situatioun am Stroosseraum war. Och hei hu mer eng Installation photovoltaïque auto-consommation, an dësem Fall zwou. Pro Block ass eng drop geplangt ginn.

Et war am initiale Projet vun 2020, also deen do Projet zitt sech scho méi laang, do war nach eng Gas-Chaudière dran, dat hu mer op eng Wärmepompel ëmgeännert, fir dass mer och mat deem Stroum, dee mer produzéieren, dat erëm kënnen opfänken a fir dass mir och am Ëmweltimpakt méi déif sinn. Mir hu Schibedieren duerch normal Dieren ersat fir d'Balconen a sou weider. Also mir hunn och Simplificatiounen dragesat. De Präis ass e Fixpräis an dem ganze Projet dran. Visuell ass et och e Bau, hei gesäit een all Kéiers de Block, et sinn dann 2 Bléck mat engem Rez-de-chaussée, den à plein pied accessibel ass. Déi ganz lénks a ganz riets, dat sinn déi, wou de Rez-de-chaussée rollstullgerecht ass. Do gesäit een och hei ugedeit schonn déi Ramp, déi dran ass. Dat ass dann direkt par rapport zum Passage dee rageet zur Maison relais an zur Schoul eran.

Eng Kéier vun hanne gewisen. Déi um 2. Stack, déi bannenzeg leien, do gesäit ee wéi wann een do sou e klenge Flaachdaach hätt. Dat ass awer kee Balcon, dat ass och erëm eng kleng Dachbegrünung, mee dat huet ee missten duerch d'Bautereglement eraféieren.Déi Logement intégréën, dee leschte Stack, deen däerf nëmmen 80% vun der Surface hunn. Dofir huet dee missen e bëssi méi era sinn. Also och do, dat ass net nëmmen d'Contrainte vum Ministère de Logement, mee natierlech musse mer och dem Bautereglement entspriechen a wëllen och net en „Alien" par rapport zum ganze Quartier schafen. Dat ass et sou wäit zum Projet u sech selwer. Natierlech zum Budget a sou Saache kann ech Ried an Äntwert stoen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci nach eng Kéier fir déi flott Explikatiounen. Ech war natierlech och erschreckt, wéi ech de Präis gesinn hunn, d'Augmentatioun. Mee mir hoffe jo lo, dem Här Glesener „sein Wort in Gottes Ohr", mir wëlle keng Remaniéë méi maachen. Mir baue méi Sécherheet an eis nächst Kontrakter an, méi Fixpräisser. Ech hu mer dat hei rout ugekräizt, dat soen ech elo all Kéiers.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Bei der VEFA?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, vläicht ass dat en Incentive, géif eisen Här Buergermeeschter soen, dass een dat och an deenen anere Kontrakter dran hëllt. Ech wollt just soen, ech war e bëssen erschreckt, well effektiv, déi Bi-Familiallen, déi sinn 52% méi deier gi wéi am éischten Devis. Dir hutt mer lo erkläert, dass dat och déi PMR-Geschichte sinn, dass mer do aner Contrainten hunn, dass déi Leit mam Rollstull ënne kënnen an de Keller fueren. Dat ass jo absolut ze begréissen. A wéi gesot, déi Leit fanne ganz sécher ganz schwéier eng Wunneng, an dat begréisse mer explizitt, dass mer do och op de Wee ginn, fir fir déi Leit, déi op e Rollstull ugewise sinn, deenen déi Méiglechkeete ginn. Dat géif mer dann d'Satisfaktioun gi bei deenen 52% vun der Hausse vun de Präisser vun de Bi-Familiallen, déi vun 957.000.- € op 1,4 Milliounen eropginn. Wou ech dann elo awer e Problem hunn, well do krute mer lo keng Explikatiounen, firwat déi aner Unifamilialle mat der Einliegerwohnung awer 47% méi deier gi sinn. Dat heescht, déi eng vu 715.800.- € op 1,05 Milliounen. An déi aner vu 648.000.- op 953.000.- €. Dat ass jo awer net näischt. Dat ass jo och bal 50% Hausse, an do musst Dir eis vläicht e bëssen Explikatioune ginn, wou dat hierkënnt.

Wat mech e bëssen erstaunt huet, dat ass dass am Fong den Terrain, dee gëtt méi bëlleg. Den Här Buergermeeschter huet gesot, e gëtt méi deier. Neen, mir haten dee gestëmmt mat 2.510.000.- € a lo steet en awer hei am Devis remanié mat 2.356.000.- €. Deen ass méi bëlleg ginn. Hutt Der do einfach nach eng Kéier e bësse méi tough verhandelt? Dir hutt mer do déi Geschicht erzielt mat deem Terrain vun der Spillplaz, dass mer deen erausgeholl hunn. Mee deen hu mer jo och missen iergendwou bezuelen. Dat heescht, kënnt dee lo just hei net dran? Dat heescht, mir hunn am Fong déi 2,5 awer bezuelt, mee dat ass deen Deel, deen erausgeholl ginn ass. Mee da stëmmen d'Loe jo net genau. Well ech mengen dat si ganz genau déi selwecht Kadasternummeren, déi mer jo och haten am éischten Devis. Do musst Der mer dann nach Explikatioune ginn. Bon, mir hunn den éischte Projet matgestëmmt, mir hunn d'Explikatiounen elo zähneknirschend zur Kenntnis geholl a mir wäerten dat och matstëmmen. Mee mir bieden nach ëmmer drëm, déi éischt Kontrakter déi mer maachen e bësse méi ze ficeléieren.

Wann Dir elo sot, mir kréien dat elo sou gutt subventionéiert dank där Hausse, lo ass d'Fro, déi Hausse, vun deem wat mer als Subventioune kréien, dat wäert warscheinlech dat opfriessen, wat mer hei awer elo mussen nostëmmen. Dofir ass dann d'Fro, ob et wierklech eng Win-win-Situatioun ass oder ob mer awer nach am Defizit sinn. Mee déi Aarbecht hat ech mer elo nach net gemaach. Dat gesi mer da wa mer déi endgülteg Konventioun da kréien. Voilà, wéi gesot, mir stëmmen de Projet mat, mee mir wären awer frou iwwert d'Explikatioun vun den Haussë vu 47% vun de Maison unifamiliallen. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Merci och fir dës Presentatioun. Also mir fannen de Projet hei immens gutt, och vum Präis hir, och vum Präis vum Terrain hir fanne mir dat ganz interessant an dat schreift sech absolut an där Logik a vun abordabel Wunnengen ze bauen. Fir richteg ze verstoen: Ginn hei alleguer déi Wunnenge verlount? Geschitt dat iwwert eng GLS, dat heescht eng Gestion locative sociale? Et sinn och verschidden Typologien, wat mer ausdrécklech begréissen. Maison unifamiliallen, plus déi Einliegerwohnung fanne mer immens gutt beim Unifamilial a beim Bi-Familial datt mer Appartementer hunn. Ech huelen un, datt de Baupräis iwwert de Bauindex ausgerechent gouf. A wann ech dat sou héichrechnen, da si mer bei 4.400.- € de Quadratmeter, wat absolut wierklech ganz interessant ass de Moment fir fir dee Präis kënnen ze bauen. Hoffentlech bleift dat sou.

Dann déi nächst Fro: Ass et hei och sou, datt de Promoteur och Bauhär ass a wa jo, ass et sécher gestallt, datt déi ganz Saach vum Parachèvement, well et ass net de Gros-oeuvre, et ass éischter de Parachèvement, alles wat banne kënnt, wat de Präis kéint nach eng Kéier eropdrécken. Dat heescht, do encadréiert d'Gemeng awer trotzdeem de Promoteur, fir déi Saachen ze maachen? Dat ass déi Fro. Mam Morcellement dës Kéier ganz ganz begréissenswäert fir e 7. Terrain Spillplaz, dat ass wierklech gutt. PMR – ech wëll nach eng Kéier kuerz drop agoen, well et ass immens wichteg. Leider Gottes ass et och oft sou datt Leit mat enger Behënnerung och ganz oft méi susceptibel si fir an d'Prekaritéit ze falen, wéi déi, déi eebe keng Behënnerung hunn. An dofir ass et immens interessant a wichteg, datt mer och un déi denken, quitt datt vläicht déi Wunnengen dee Moment vläicht e bësse méi deier kaschten, awer méi där Wunnengen ze bauen. Well déi Leit, déi sollen net vergiess ginn an et si justement oft leider déi, déi sech och an enger prekärer Situatioun befannen.

Eng technesch Fro. Just déi 161 m² bei der Maison unifamiliale avec logement intégré, déi 161 m², dat ass dann d'Wunneng plus dee Logement intégré? Dat ass déi gesamt Surface habitable huelen ech un. OK? Dir néckt mam Kapp. A just fir et nach eng Kéier ze soen, hei si mer bei engem Präis vun 145.000.- € den Ar, wat wierklech e gudde Präis ass. Nach ëmmer e bëssi iwwert der Moyenne, mee et soll ee jo net iwwer Moyenne schwätzen. Mee nach ëmmer vill méi interessant wéi de Projet virdrun. Dat wollt ech awer hei gesot hunn. Merci villmools.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech ka mech och relativ kuerz faassen dës Kéier. Mir hunn de Projet an all Phas bis elo matgestëmmt. Mir wäerten dat och weider maachen. Mir begréissen et och wierklech, dass hei och eppes gemaach gëtt fir weiderhin abordabele Wunnraum ze schafen. Dass och zwou Wunnengen dobäi sinn, déi PMR-gerecht, respektiv souguer rollstullgerecht sinn. Dat ass immens wichteg, well dat effektiv oft vergiess gëtt. Dat begréisse mir. Ech wollt just kuerz soen, de Präis op der Konstruktioun ass am Fong nach e Stéckelche méi gewuess, wéi den Här Buergermeeschter et gesot huet, well am ursprénglechen Devis war bei Prix construction, do waren d'Kiche mat dran. Déi sinn elo hei net mat dran. Dat heescht eigentlech hu mer lo hei eng Hausse vu bal annerhallwer Millioun. Do si mer dann och gespaant. Mir krute jo schonn eng Rei Erklärungen, an dat erschéngt eis

och alles logesch. Schlussendlech hu mer jo dann och verstanen, dass e bësse probéiert gëtt, Reserve virzegesinn, fir dass mer och wierklech mat deem kënne rechnen, wat mer lo hunn an dass net nees e weidere Remanié kënnt. Trotzdeem, wa mer déi 10.000.- € brauche fir déi 12 Boîtes aux lettres, da ginn ech mer ganz gären déi Bréifkëschten eng Kéier ukucken, well dat mussen awer da ganz architektonesch Bréifkëschte si fir 833.- €. Mee vläicht kënne mer jo dann eng Kéier eng Visite guidée maachen. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Jo, d'Madame Thoma huet mer d'Wierder aus dem Mond geholl. Wéi gesot, mir wäerten dat do och weider matstëmmen. Jo effektiv, ech hunn och gekuckt wéi d'Präiser fir Bréifkëschtge sinn, dëst bei „Briefkastenvergleich". Wat et do sou alles gëtt! Do gëtt et alles vu 25.- € bis 150.- €. Et fënnt een och eng vun 320.- €, mee dat ass awer en 1,20 m héijen Täissel mat allen Extrae wou sou eng Bréifkëscht kann hunn. Soit, mir wëlle lo net un de Bréifkëschte ronderëm rennen. Ech muss awer nach soen dass de leschte Punkt mer och e bësse gefält a mech e bëssen zum Schmunzele bruecht huet. Dass e Präis gehéicht gëtt „pour arrondir", fir dass d'Zuel da schéin ausgesäit. Ma dann hätte mer och ëm weider 5.000.- € kéinten hiewen an dann hätte mer mat 9,7 Millioune wéinstens en anstänneg ronne Präis gehat. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech hat bei der Ouverture vun der Spillplaz vun der Maison relais Ribeschpont gefrot, wéi et wier mat der Geothermie. Well ech hat iergendwéi gemengt, am Ufank vun deem Projet, wéi en eis virgestallt ginn ass, matkritt ze hunn, dass Geothermie kéint envisagéiert ginn. An do sinn ech dann enges Bessere berode ginn, déi Geothermie fält ewech. Mee ech froe mech just, hätte mer duerch d'Geothermie nach vläicht e Subsid vum Ëmweltministère kritt?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Mir hunn also haut d'Explikatioune kritt, wou déi Hausse vun dem Devis 2021 op den Devis 2024 hierkënnt. Ech mengen et sinn e puer Joer dertëschent. D'Baukäschten, hunn ech mer ugekuckt gehat, déi ware vum Oktober 2021 bis 2022 schonn eleng ëm 15,9% an d'Luucht gaangen. Dono hate mer vun 2022 op 2023 nach eng Kéier 6,4%. Dat maache lo schonn iwwer 22%. Dann hate mer nach 5 Indextranchen dobäi, also et ass kee Wonner, dass mer mol schonn direkt hei eng grouss Erklärung fannen. Dann ass Villes geschitt. Déi ganz Konzeptioun ass laang a gutt iwwerschafft ginn. Eebe just, wéi de Pierre Glesener eis erkläert huet, schonn eleng fir d'PMR-Wunnengen, do sinn awer wierklech scho vill Méikäschten ugefall. Dat ass jo doduerch ze erklären, dass dat sech net nëmmen uewen op de Rez-de-chaussée begrenzt, mee awer och am Keller, fir och do d'Accessibilitéit ze gewären, dass eng Persoun am Rollstull och nach do säin Zougang fënnt.
Wann een dann och nach eng Kéier déi zwee Devisen iwwertenee leet, dann huet een effektiv do déi Méikäschte wou d'Fraise fir d'Kiche sinn. Ausser d'Fraise fir d'Kiche sinn déi aner net subventionéiert, d'Fraisen net opgezielt an deementspriechend och net chiffréiert. Par rapport zum Projet vu virdru steet dës Kéier just d'Photovoltaik an der Quote-part construction. Gëtt déi elo mat subventionéiert oder awer erëm net? Ech hunn dat net sou richteg verstanen, well se an där Quote-part do steet. Bon, et ass et super Projet. En ass och schonn am Gaangen. Et ass direkt och schonn och e Problem komm. E gréisseren Imprevu mat de Pieuxen, wéi virdrun och schonn ugefall ass. Dat sinn dann natierlech zousäetzlech Erklärunge fir déi Hausse do. Mee d'Kärausso ass hei wéi am Projet virdrun, dass mer lo hei en Devis à prix fixe hu fir d'Partie VEFA, dat jo awer trotzdeem eng gutt Garantie ass, dass mir eis net méi erëmgesinn an deem heite Kader fir nach eng Kéier en Devis remanié, also nach eng Kéier en Devis supplémentaire mussen hei stëmmen. Dofir, bei der Positioun 3 hutt Der dës Kéier e grousse Montant bei den Imprevue virgesinn, sou dass mer do eng gewësse Reserv hunn. Wann dann och méi bëlleg Bréifkëschte komme wanne mer och do nach Geld drop fir nach bei der Kiche vläicht bäizeleeën. Dat weess een net, mee dat ass egal. Mir stëmmen natierlech dësen Devis remanié mat. Dee Projet do ass super.

PIERRE GLESENER, TRAVAUX NEUFS – BÂTIMENTS COMMUNAUX: Merci. De Präis vun den Unifamiliallen an déi zwee Devis estimatiffen, do muss ee soen dass dee Projet hei, wou ech intern an der Gemeng gewiesselt hunn, ech am Februar d'lescht Joer de Projet zougewise krut. De Mataarbechter dee virdrun de Projet begleet huet huet d'Gemeng gewiesselt. A virdru sinn zwee Devis estimatiffer gemaach ginn. Eng Kéier Terrain, eng Kéier Konstruktioun mat deem wat dran ass. An d'TVA ass och nach eng Kéier hannendru mat dobäigerechent ginn. A mengem Devis estimatif hei ass wierklech de Montant pro Lot, mat der TVA, fir och kloer ze weisen, wat kascht e Lot mat allem Drum und Dran. Sou dass eigentlech bei deene 47%, wa mer déi lo huelen, awer 17% TVA mat dra sinn. Wat awer vill ausmécht wat d'Nuance vun der Präisdeierecht ugeet. Alos vu 47% gi mer da schnell op 30% erof. Den initiale Vertrag, dee war net fix, mee dee war indexgebonnen, mat 5 Indextranchen déi dobäikoumen, ass den initiale Vertrag d'office schonn eropgaangen. Am initiale Vertrag war keen Ustrach vun den Appartementer virgesinn, am initiale Vertrag ware keng Luuchte virgesinn. Fir de Rollstull hu mer 2 Plateforme élévatricen dragesat, sou dass d'Persoun am Rollstull vum Rez-de-chaussée an de Keller kann, mee et ass kee Lift, deen duerch d'ganzt Gebai duerchféiert, wou mer erëm Wunnraum verluer hätten a rëm Zëmmere verluer hätten an dann automatesch och Subsiden. Eleng deen Deel mat de Plateformes élévatrices schléit awer mat 70.000.- € zu Buch, well mer wierklech sur mesure quasi probéiert hunn, do eng Léisung ze fannen ouni Meterkareeën ze verléieren. D'Pompe à chaleur ass scho mat dran.

D'Geothermie, d'Geothermie fält e bësse mat an deen nämmlechte Volet wéi d'Pieuxen, vun der Stabilitéit vum Projet. Eis Buedemanalys vun däser Plaz huet tatsächlech en anert Ergebnis vun de Buedemschichten erausgi wéi d'Buedemanalys vun der Maison relais, déi awer just 50, 70 Meter niewendru steet. Tatsächlech falen d'Schichten do anescht erof. Do wësse mer net op virdrun, viru Joerzéngten, do eng Kéier anescht geschafft gi war oder wéi och ëmmer. Mir haten hei awer e Schi-

fer-/Leembuedem, deen d'Pieuxe scho Flicht gemaach huet, wat bei der Maison relais schonn net de Fall war. An d'Geothermie, do ass och erauskomm, dass dat net géif goen. De Surplus, dee mer gehat hätten, wa mer Geothermie gemaach hätten, da wär et vum Ministère de l'Environnement subsidéiert ginn, jo. Vum Environnement an net vum Ministère du Logement an dësem Fall. Trotzdeem sinn d'Investkäschten an deem Fall méi héich, dat hätt awer kënnen an de Chargen erëm eppes ausmaachen.

Et war awer och net am initiale Projet mat dran. A vu dass et en initiale Projet gouf an och deen hu mer misse verhandele mat hinnen a si och dauernd gesot hunn, jo Dir sidd indexgebonnen, Salariés-indexgebonnen. Mee d'Präisdeierecht vun 2023 an 2022 huet 40% op eise Materialien ausgemaach. Dat heescht, hir Diskussioun doranner war sou, dass mer hu misse ganz vill Reunioune maache fir do en Terrain d'entente ze fannen. An am Fixpräis hu mer och eigentlech schonn déi Indextranche, déi Enn dëses Joers géif kommen, déi ass do schonn e bësse mat opgefaange ginn. Mee reng déi 5 Indextranchen, déi hunn an dësem Fall 730.000.- € ausgemaach, an dësem Projet. Eleng d'Indextranchen, déi an deem Delai do ugefall sinn. An dee Kontrakt war sou. Terrain, wisou méi bëlleg? Hei ass wierklech den Devis estimatif vu mengem Aarbechtskolleeg vun 2021. Duerno sinn d'Terraine kaaft ginn. Dann ass ausgerechent ginn, wéi vill Eco-Punkte musse mer maachen, d'Notaireskäschten a sou weider. Dat hei ass de Präis, deen deemools bezuelt ginn ass, do ass awer net de Präis mat dra vum Terrain vun der Ribeschponter Schoul. Deen ass do eraus. D'Terraine sinn einfach just e Stéck méi kleng ginn. Natierlech doduerch dass se méi kleng gi sinn huet sech de Präis natierlech och e bësse geännert. Mee dat wat gestëmmt ginn ass, dat si schonn déi 6 Terrainen, déi och kaaft gi sinn op dësem Projet. Also dee Morcellement, deen ass schonn deemools gemaach ginn.

Jo, zu dem Unifamilial, wisou déi méi deier sinn, dat ass och bei 30%. Den Ënnerscheed ass awer iwwerall e bëssen d'nämmlecht. Da war d'Fro vum Encadréiere vum Chantier mat Parachèvement an Detailer. Jo, mir hu wéchentlech Sitzunge mat hinnen, mir sinn mat op de Chantiersreuniounen, an dat ass och vum Entrepreneur gewollt. Mir hunn natierlech ganz vill Diskussiounen am viraus gemaach fir dass sou mann wéi méiglech Diskussioune spéiderhin optauchen en cours de route. Mee mir hate lo scho Visitte mat CREOS zesummen, wéi mer de Raccordement maachen. De Vertrag ass natierlech sou ausgeluecht, dass wa CREOS oder wann elo verlaangt géif ginn, dass anescht Uschlëss gemaach ginn oder dass iergend eng aner Instanz seet, mir mussen eis anescht uschléissen, jo dann ass dat op hir Fraisen. Mee wa mir soen, mir hätten awer gär onbedéngt, dass et sou an sou exekutéiert gëtt, da sinn déi Fraisen op eis. Dat ass och e bësse mat deem aneren Akt VEFA sou. Jo PMR ass an dësem Fall wierklech iwwert dem Niveau vum Standard-Accessibilitéitsreglement, och dat aktuellt Accessibilitéitsreglement op déi Wunneng.

161 m², dat ass d'Wunneng mat dem Logement intégré a Kombinatioun. An dat sinn och Wunn-Meterkareeën, do ass de Keller a sou weider elo net mat dran.De Präis vum Terrain ass méi interessant, mee et ass natierlech de Präis vum Terrain vun 2021, deen ass net elo ënnerschriwwe ginn, deen ass 2021 ënnerschriwwe ginn, sou dass en, wa mer de Verglach huelen, änlech ass wéi déi aner. Detail zu der Hausse, do war ech am Gaangen. Bréifboîte, ech muss soen, mir liwweren d'Bréifboîten a mir gi se, an déi solle wa méiglech och richteg laang halen. An da kënnt jo nach dobäi, dass mer an dësem Fall nach net ganz gekläert hunn, ob déi an d'Fassad do integréiert ginn. Mir wëllen net onbedéngt déi Wärmebrécken an aner Problemer zu der Fassad kréien. Wann déi vir hi gestallt gëtt, da muss awer e klenge Betonssockelche gemaach ginn. Jo doheem maachen ech dee vläicht selwer, mee hei muss awer iergendeen dee klenge Betonssockelche maachen. Se musse geliwwert ginn, se mussen dohinner gestallt ginn, se musse fixéiert ginn. Dat do sinn u sech d'Präisser vun deene Bréifboîten, sou wéi se an der Lenkeschléi an der Milly Steinmetz gesat sinn. Déi sinn an deene Präiskategorië schlussendlech. Wa mer och wëllen, dass se 20 Joer net raschten a maachen an dinn an och Ersatzstécker kréien a sou weider.

Geothermie hu mer gekuckt. Subventioun PV. An dësem Fall hu mer d'PV-Anlag mat an de VEFA-Kontrakt mat erageholl. Déi gëtt erëm subsidéiert iwwert den Environnement awer net iwwert de Ministère du Logement. Dat heescht an hiren Demande Subsiden, wa mer dann erëm de Fichier géifen huelen a soen, wou komme wéi eng Subsiden? Do steet se dran, se muss drastoen. Mee se gëtt awer an deem ganzen Excel-Fichier erëm an der Formule net benotzt, fir d'Subside vum Ministère de Logement ze rechnen. Dat heescht, an deene Subsiden, déi mer vum Ministère de Logement kréien, kréie mer och nach eng Kéier en Deel dozou. Natierlech fält dann erëm dran, wéini ass d'PV-Anlag bestallt ginn. Dofir hunn ech hei e bësse gedréckt, fir dass se hei mat rakënnt, well mir hu se lo bestallt. Et sinn also och d'Subside vun haut. Da musse mer nach just kucken, dass mer an den Delaien och d'Rechnung kréien zu der Photovoltaik fir dann erëm d'Subsiden. Dat spillt dann och alles mat dran. Ech mengen dass ech domadder all d'Froen ugeschwat hunn, ausser ech hätt elo eng verluppt mengen ech, ech wär op alles agaangen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Et ass just fir meng perséinlech Erklärung. Also wa mir dee VEFA hei maachen, sou Saache ginn dann iwwert eise Service Logement, dat geet net iwwert den Office social, oder?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi dote Fro. D'Madame Ahmedova hat jo och nach Froe gestallt, dofir wollt ech elo op e puer Punkten agoen. Also éischtens mol ass dat heite jo den éischte Projet hei an Diddeleng, zemools wou d'Gemeng lo baut, wou mer dann och eng Einliegerwohnung hunn. Dat ass jo och an deem Kontext, duerch deen heite Projet deen e bëssen Ausléiser war, dass mer dat an deem Kader vum PAG iwwerhaapt agefouert hunn. A la base ass dat och deen éischte Projet dee sou ëmgesat gëtt. An dat heiten, wéi och dee viregte Projet, geet ganz kloer an déi Ausriichtung, dass herno de Service Logement déi ganz Gestioun dovu mécht, well hei jo och d'Besoinen ofgestëmmt goufen am Virfeld mam Service

Logement, wäert et herno och de Service Logement sinn, deen d'Gestioun och dovunner mécht. An och bei dësem Projet ass et net anescht wéi beim viregten, an dat steet jo och ganz kloer am VEFA-Akt, dass de Promoteur de Bauhär ass. Dat ass hei net anescht wéi beim viregte Projet, a wéi gesot, et steet am Akt, deen de Gemengerot zougestallt krut. Mee hei ass et aneschters well mir d'Aarbechten och wäerte mat suivéieren.

Ech hätt probéiert, ob deen een an op deen anere Punkt anzegoen, an da géif ech elo proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mam Devis remanié, sou wéi en hei presentéiert gouf, averstanen? ***Dat ass unanime.*** Wien ass mat deene 6 VEFA-Akten averstanen? ***Dat ass och unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. Dann hätte mer deen heite Projet ofgeschloss.

### 2.7. Renovéierungs- an Ëmbauprojet vum Haus 37-39, Rue du Commerce a Sozialwunnengen

*2.7.1. Approbatioun vum Devis remanié*
*2.7.2. Approbatioun vun engem Crédit supplémentaire*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da kënne mer op deen nächste Projet iwwergoen. Och en Invité wäert zou eis stoussen. Ech begréissen dofir an eiser Ronn den Här Schwarz, dat war den Architekt deen en charge war ronderëm de Projet an der Rue du Commerce, ronderëm d'Sozialwunnengen, déi mer jo d'lescht Joer ageweit hunn an déi en Deel vum Service Logement awer och vum GLS geréiert ginn a wou jo och e Projet dran ass fir Jonker a méi schwierege Situatiounen, respektiv och deenen anere Famillen aus der Ukrain. Mir sinn hei an der Situatioun, wou mer dem Gemengerot en Devis remanié presentéiere vun 2.270.000.- €. De Projet war, dat gesitt Der an Ären Dokumenter, den 13. Juli 2018 hei am Gemengerot fir 1,7 Milliounen Euro. Du si mer den 30. Abrëll 2021 nach eng Kéier heihinner komm, wou mer e Supplement gestëmmt hu vu 470.000.- € fir dann 2,1 Milliounen Euro. Ech ka mech nach erënneren, d'Diskussioun war virun allem och ëm de Bestand selwer vum Gebai, deen dozou gefouert huet, dass mer hu missen nostëmmen an och mat der Technik, well dat net sou evident war. An elo hu mer hei e Crédit supplémentaire wou mer de Gemengerot froen, respektiv dann och en Devis remanié an Héicht vun 90.000.- Euro. An dofir ass och d'Presenz hei vum Här Schwarz fir och op deen een oder anere Punkt anzegoen, deen zu där Hausse do gefouert huet vun 90.000.- €. An dofir géif ech him dann och d'Wuert gi fir op déi verschidde Positiounen anzegoen.

CHRISTOPH SCHWARZ, ARCHITECTE OAI: Ja guten Tag. Ich bin Christoph Schwarz, ich habe das Projekt 37, Rue du Commerce in Dudelange geleitet. Um da noch einmal ein bisschen den Rahmen aufzuspannen, wollte ich hier so die Daten nennen. Wir hatten also eine Baugenehmigung erhalten im Oktober 2018 und Baubeginn war im September 2019. Gebaut haben wir bis 12/2022, wo ich gleich noch ein bisschen drauf eingehen werde, dass sich die Bauphase auch in die Länge gezogen hat durch diverse externe Einflüsse. Wie Herr Biancalana schon darauf eingegangen ist wurde ein ehemaliger Bauernhof, das ist einer der letzten, der wenigen die noch erhalten sind im Zentrum von Dudelange, es handelt sich auch um ein Bâtiment classé. Zwei Appartements und 10 Chambres meublées für Personen mit Schwierigkeiten auf dem ersten Wohnungsmarkt sind dort geschaffen worden mit ca. 430 m² Nutzfläche insgesamt.

Die Herausforderung war die Integration einer kontrollierten Be- und Entlüftungsanlage, auch VMC genannt, in das denkmalgeschützte Objekt. Damals haben sich schon sehr viele Fragen ergeben und waren zum Teil nicht einfach zu lösen. Ziel war, möglichst viel Originalsubstanz zu erhalten und die Technik unauffällig in das Gebäude zu verbauen. Im Rahmen der begrenzten Platzverhältnisse vor Ort, also links ist ja das Wohngebäude und rechts die ehemalige Scheune gewesen, war das insgesamt also eine ziemliche Herausforderung.
Die Ausführung des Projektes, wie oben schon genannt, fand also von September 2019 bis Ende 2022 statt. Fand in einer für alle Beteiligten am Bau und in anderen Branchen in einer schwierigen und herausfordernden Zeit statt. Quasi mit Baubeginn war Corona, unsere neue, ungewohnte Realität. Das hatte also massive Auswirkungen, sowohl auf die zeitlichen Abläufe als auch die Preisentwicklung am Bau. Zum Ende des Projektes kam dann noch der Angriffskrieg Russlands auf die Ukraine dazu, was eine weitere Inflation durch einen Energiepreis-Schock auslöste. Deshalb haben wir hier auf dem Tableau die Indexerhöhungen mal zusammengefasst, die jetzt in der Bauphase aufgetreten sind. Am 13.04.2021 war die Nachstimmung der Finanzierung. Und seit diesem Datum gab es 3 Indexerhöhungen, die sind hier aufgeführt: 01.10.2021, 01.04.2022, 01.02.2023, die alle in den Zeitrahmen der Kostenstellung der Firmen fallen. Und da kann man also hier auf der rechten Seite sehen, das sind hier die Mehrkosten, die angefallen sind allein durch die Indexerhöhung. Also das hat nichts mit Nachträgen zu tun, die durch zusätzliche Arbeiten entstanden sind, sondern das sind reine Indexerhöhungen, die entstanden sind durch die Anpassung der Preise.

Hier unten sind die Révisions des prix dargestellt. Einige, es sind noch nicht alle. Da sieht man dass wir im Bereich Technik auch einen erheblichen Nachfinanzierungsbedarf hatten. Da gehe ich gleich noch drauf ein. Das hier ist das Gesamttableau vom Projekt. Auf der linken Seite hier, das ist die Kostenschätzung. Das ist das, was wir gemacht haben zum APD. In der Mitte hier sind die Nachträge. 13.04.2021 auf die die erste Nachstimmung des Budgets basierte. Und auf der rechten Seite hier gelb unterlegt in dieser Spalte sind jetzt die definitiven Rechnungen, die bezahlt wurden, die von den Firmen bestellt wurden. Also die definitiven Kosten sehen wir hier auf der rechten Seite. Eingehen möchte ich jetzt da im Detail auf die Mehrkosten im wesentlichen in drei Bereichen, wo die aufgetreten sind. Das ist einmal die Haustechnik gewesen. Das ist die Firma Paul Wagner, die das Gewerk Heizung, Lüftung, Sanitär ausgeführt hat und die Firma Buffadini, die Elektro ausgeführt hat. Und dazu ist zu sagen, also es wurde im Zuge der Ausführungsplanung entschieden, zusätzlich zum ursprünglichen Brandschutzkonzept. Der Avis von CIS Dudelange, der stammt von 2018. Also im Rahmen der Baugenehmigung wurden wegen der Ankündigung von

neuen Vorschriften im Bereich Brandschutz, die dann 2021 erst Gesetz wurden, zusätzliche Abschottungen der Lüftungsanlage zwischen den einzelnen Chambres meublées ausgeführt. Das heißt also die Lüftungsanlage wurde geschottet zwischen den einzelnen Zimmern. Das sind natürlich erhebliche Mehrkosten, die dadurch entstanden sind, sowohl bei der Firma PWF (Paul Wagner & Fils) die den Brandschutz eingebaut hat in die Lüftungsanlage, wie auch beim Elektriker, der die ganze Verkabelung an die Brandmeldeanlage und so weiter machen musste.

Dann haben wir den Punkt 2. Das ist hier die Position der Firmen Edward Traczyk und Putz-Design. Der ursprünglich auch für die Fassadenarbeiten vom Auftraggeber beauftragte Auftragnehmer Putz-Design ist vom Auftrag Putzfassade zurückgetreten mit der Begründung, dass seine Equipe für Bestandsarbeiten, welche die Innenputzarbeiten ausgeführt hatte in der Maison sociale komplett von einem Konkurrenten abgeworben wurde. Hier stellt sich im Nachhinein die Frage, ob die vermutlich zu geringer Bezahlung der Mitarbeiter auch zu entsprechend geringerer Motivation und Ausführungsqualität geführt hat. Die Firma Edward Traczyk hat von Firma V&B übernommen, sowohl die Putzarbeiten Außenfassade fertig zu stellen als auch alle Malerarbeiten und musste im Innenbereich erhebliche Nacharbeiten an Innenputzflächen, Detailabschlüssen vornehmen, bevor die eigentlichen Malerarbeiten beginnen konnten. Hier ist die Position Malerarbeiten. Bei Edward Traczyk ist eine ziemlich hohe Überschreitung des ursprünglich angesetzten Budgets aufgetreten. Letztlich muss konstatiert werden, dass das Angebot der Firma Putz-Design nicht auskömmlich war um eine denkmalgerechte Putzgestaltung auszuführen wie z.B. das Herstellen wandfolgender Putzoberflächen und entsprechende Details im Bereich der Fensterstürze. Da ging es um Anschlüsse des Kalkputz an Stürze aus Eiche im Bestandswohngebäude. Das geht jetzt schon ein bisschen in die Details, aber da musste nachgearbeitet werden.

Dann haben wir noch einen dritten Punkt, das ist Firma Fillon, das sind die Metallarbeiten. Die Prozente, das sind die Überschreitungen von den Devis. Die Firma Fillon hat die Metallarbeiten gemacht. Ursprünglich wurden die Geländer im Treppenhaus einfach in Flachstahl ohne Holzauflage ausgeschrieben. Zur Ausführung kam dann auf Wunsch des Bauherrn ein aufwendigeres Detail mit Massivholzauflage in Eiche, welches erheblich zu Nutzbarkeit und Komfort des Handlaufes beiträgt.
Das heißt, die Kosten sind dadurch erklärt, dass ein Handlauf aus Massiveiche auf die Stahlkonstruktion aufgesetzt wurde. So, das waren jetzt die drei Hauptpunkte. Es gibt da noch kleinere Geschichten. Aber dadurch ergibt sich halt eine Überschreitung der ursprünglich finanzierten Kosten in Höhe von 2,177 Millionen auf 2,261. Das heißt, eine Finanzierungslücke, die nachzufinanzieren ist von 84.256.- €. Die haben wir auf 90.000.- arrondiert und das wäre jetzt heute zu stimmen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da soen ech dem Här Schwarz villmools Merci fir am Detail drop anzegoen, firwat dass mer hei 90.000.- € wëllen nostëmmen, respektiv och den Devis remanié hei virleien hunn. A wa lo nach Froen, Remarke sinn, ass dat de Moment.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter. Also fir d'éischt emol, ech hu mer dat notéiert, dass méi eng geréng Bezuelung zu manner Motivatioun a manner gudder Qualitéit vun der Aarbecht féiert. Dat kann een hei vläicht hei eng Kéier soen, dass all Betrib seng Leit soll anstänneg bezuelen. Dat just niewebäi. Dann hätt ech awer eng Fro. Mir hunn deen Tableau kritt mat Index a Révision des prix an do komme mer schonn TTC op déi 84.000.- € an am ganzen hu mer elo e Crédit supplémentaire vun an déi 90.000.- €. Bon, et si warscheinlech verschidde Rechnungen. Ech hunn elo net alles am Detail gekuckt, mee déi si warscheinlech och e bësse manner héich ausgefall. Well ech elo zum Beispill gesinn dass awer an der drëtter, véierter Zeil, do sinn z.B. fir 21.000.- € Hausanschlüsse dobäikomm. Ech mengen dat war lo net erkläert ginn. Waren déi virdru vergiess ginn? Wou kommen déi 20.000.- € hir? An da si jo och verschidden Etuden e gutt Stéck méi deier ginn. Ass dat och elo reng indexbaséiert, dass déi méi deier ginn? Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert. E puer Froen huet d'Madame Thoma mer scho virgeholl. Ech wëll just nach séier ervirsträichen déi d'Madame Thoma elo net gestallt huet, well mech huet e bësse verwonnert, dass bei de Menuiserie-Aarbechten dat Ganzt +/- 28.000.- € an d'Luucht gaangen ass. An insbesonnesch, dass do nach e Poste bäikomm ass, Glaswänn an Duschabtrennung. Ass déi virdru vergiess ginn? Oder wéi ass et zu deem Poste vun insbesonnesch 11.000.- € komm? Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci fir d'Wuert. Wat och nach eng Fro ass wann ee lo d'Subside kuckt ënnen, dat ass och vläicht interessant. Do war den Environnement am Ufank ugi mat engem Subsid vun 20.000.- €, deen ass elo herno net méi erëmzefannen, dee feelt. Awer par Konter de Logement, deen huet eis awer amplaz 875.000.- € 1,2 Milliounen als Subsid ginn. Den INPA huet sech och vu 70.000.- € op 130.000.- € eropgesat. Do kann een och vläicht nofroen, firwat dat ass. Da wollt ech awer och nach kuerz erklären, mir wäerten eis bei dësem Vott enthalen, well mir haten eis och 2018 an 2021 enthalen. Firwat hate mer eis enthalen? Éischtens emol, 2018 hu mir fonnt, well dat e klasséiert Gebai wär, dass et ganz komplizéiert géif gi wann een an dat aalt Haus, wat een awer duerch de Klassement muss a villen eenzele Poste muss sou erhalen, wéi et ass, dass dat ganz komplizéiert géif gi fir Kummeren dran ze maachen a Wunnraum ze schafen.

An d'Hausse vun Ufank 1,7 Milliounen op 2,1 Milliounen huet eis och do Recht ginn. An elo wann ech och nach eng Kéier d'Erklärungen héiere vum Här Schwarz, dass effektiv eng ganz komplex Technik huet misse gemaach ginn, dass eng Be- an Entlüftung huet misse gemaach ginn, eng Lüftungsabschottung tëschent den Zëmmeren, da gëtt dat eise Bedenken am Fong och Recht.
Mir haten deemools d'Iddi gehat, dat flott Gebai, wat absolut erhalenswäert ass, dass een dat soll integréieren an de Schoulcampus Strutzbierg. Mir hätten och do sécher Affektatioune gehat, fir zum Beispill eng Psy-

chomotricité, d'Schoulmedezin oder iergend eppes do dran ze setzen als Servicer fir eis Kanner, wat sécher manner käschtenintensiv gewiescht wier a virun allem manner kriddeleg gewiescht wier an der Technik a sou weider.

En anere Punkt, wou mer eis och herno gesot haten, dat hate mer och schonn 2018 gesot, et stoung nämlech guer kee Posten dran Schadstoffbeseitigung. Déi huet herno awer och net näischt kascht. An dat war einfach och scho vergiess ginn. A wann ech elo hei déi Remarke vu menge Kolleegen, d'Madame Kemp an och der Madame Thoma héieren, si verschidde Saachen awer mengen ech net sou uerdentlech ausgeschafft gewiescht am éischten Devis an dat bréngt mech dann erëm zu menger Ried, mer missten déi Devisen och vill besser ficeléieren, vill besser kontrolléieren an och méi dohannert sinn, an da kéim et vläicht och zu manner Depassementer. Mee mir hoffe jo, dass mer an Zukunft och op dee Wee ginn, dass mer eis dat och lo mol e bëssen zu Häerz huelen, dass ee vill méi genau muss kucken, wat een an den Devis erabréngt.

Natierlech si mer ganz frou, dass mer Logementer schafen. Den Här Buergermeeschter wäert et soss erëm soen. Natierlech si mer frou. Och fir déi eenzel Gebaier, déi Zëmmere fir Jonker, déi Iddi fanne mer ganz gutt. Mee mir hätten eis do en anere Projet virgestallt, wou mer déi 10 Zëmmere schafen. An dat bréngt mech dann och zu menger Fro, déi ech och schonn zweemol gestallt hunn 2018, 2021 an och schonn 20 Mol dertëschent: Wéi eng Krittäre wende mer u fir Jonker dranzesetzen? Mir wëssen dass elo verschidden Zëmmeren an 1 Appartement den ukrainesche Famillen a Jugendlechen oder Erwuessenen zur Verfügung gestallt ginn. Mee wéi eng Krittäre si wichteg, fir dass en Diddelenger Jonken do eng Wunneng kritt? Mir hunn nach ëmmer gefrot, mir hätte gär déi Krittären, mir hätte gären déi Kontrakter, déi mat de Leit ofgeschloss ginn. Dat hunn ech säit 2018 gefrot, säit 2021. Mee vläicht 2024 kréie mer do och eng zefriddestellend Äntwert.
Merci villmools. Wéi gesot, mir enthalen eis aus deenen Ursaachen, déi ech elo gesot hunn. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Wierklech ganz kuerz. Et ass immens Villes gesot ginn. Merci fir déi Presentatioun a fir déi weider Erklärungen. Ceci explique cela. Et ass effektiv ganz oft sou, datt bei enger Renovatioun, respektiv Transformatioun et ëmmer erëm zu Iwwerraschunge kënnt. A mir begréissen och ausdrécklech, datt nei Technike komm sinn. Well déi Be- an Entlüftung ass immens wichteg fir d'Liewensqualitéit. Zemools bei sou al Wänn, also al Maueren, al Haiser, ass et essentiell, fir datt sech kee Schimmel bilt. Well et kann ee sech net ëmmer drop verloossen, datt d'Leit op eng richteg Aart a Weis, déi immens pertinent ass bei ale Gebaier, richteg lëften. Dofir ass dat do awer e Facteur, dee wäert dozou féieren, ech hoffe mol, datt déi Bausubstanz wierklech méi laang a gesond erhale bleift an deem Sënn.

Mir gesinn och, dat ass och gesot ginn, ech widderhuelen ongär erëm Saachen. Mee bei de Subside si mer effektiv ëmmer eropgaangen, wat begréissenswäert ass. Mee mir haten eis effektiv och gefrot, firwat déi 20.000.- € beim Environnement do op eemol net méi opgetaucht sinn, mee Dir hutt bestëmmt déi néideg Explikatiounen dofir. Merci.

CHRISTOPH SCHWARZ, ARCHITECTE OAI: Also ich hoffe, ich habe mir da alles notiert. Die Frage nach dem Indextableau, warum hier schon 84.000.- € auftauchen und die Gesamtsumme dann auch etwa identisch ist. Das liegt daran, dass wir bei einigen Gewerken auch Minderkosten hatten. Man kann hier z.B. bei dem Gerüstbauer sehen, 72%. Rollingertech Dach ist sogar auch unter dem Angebot geblieben, Estrich z.B. 90%. Es gibt einige Kosten, die drunter geblieben sind und dadurch erklärt sich diese Geschichte, dass das fast der gleiche Betrag ist. Die Hausanschlüsse sind effektiv vergessen worden. Normalerweise hätten die bei unseren Ausschreibungen selber drin sein müssen, aber die waren nicht vorgesehen. Die Duschabtrennungen waren ursprünglich enthalten im Angebot von PWF, von der Sanitärfirma. Da wurde dann aber auch auf Wunsch vom Bauherrn, das hat der Herr Gutierres seinerzeit betreut, gefordert, dass wir das mit der Firma Glaswelt machen, weil wir da individuellere Möglichkeiten hatten zu reagieren auf die Situation am Altbau. Wir haben oben unterm Dach Duschen die in der Schräge verbaut sind und das war dann einfacher mit auf Maß gefertigten Glaselementen zu arbeiten.

Subsides – da kann ich leider nichts dazu sagen, der Herr Tesauro ist ja leider heute nicht da, warum dieser Betrag wegfällt vom Environnement, das ist mir auch nicht bekannt. Wie eben gesagt wurde, es ist bei diesen Projekten nicht ganz einfach, in die Glaskugel zu kucken bei dem APD, bei der ursprünglichen Kostenkalkulation, was alles auf einen zukommt, was alles notwendig ist. Die Schadstoffsanierung, die war notwendig, weil wir ja Asbest da gefunden haben. Man könnte natürlich von Anfang an hingehen und so ein Projekt mit x Prozent Sicherheit kalkulieren. Nur das ist in einer Demokratie so, dass das gestimmt werden muss so ein Projekt und letztendlich ist das dann auch der Hintergrund. Die Etüden, also unsere Planungskosten, die sieht man ja hier unten. Die sind natürlich an die Baukosten liiert, wir haben da Verträge, die auf die Bausumme rekurrieren. Das heißt, durch die Kostensteigerung gehen natürlich auch die Honorare nach oben.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi doten Erklärungen. Dat mam Environnement, dat froe mer nach eng Kéier no a schécken lech dat. Ob dat en Oubli ass, dass dat net dragesat ginn ass oder ob do nach aner Elementer waren. De Patrick notéiert sech dat an d'Eva Gottschalk och an dat kënne mer lech ouni Problem noschécken. Ech wollt op eppes agoe wat d'Madame Thoma gesot huet. Et ass déi éischte Kéier och gewiescht an engem Projet vun der Gemeng, wou en cours de route vum Projet e Betrib Mataarbechter verluer huet, well en anere Betrib se aktiv op de Chantier ofwerbe komm ass. C'est inédit. Dat ass net nëmmen zu Diddeleng sou gewiescht. Dat war eng Zäit sou hei am Land, wou mer aus der Kris erauskomm sinn an dat ass och hei geschitt, wat dann och mat sech bruecht huet, dass mer eis hunn anescht missen organiséieren. D'Madame Kayser huet nach eng Kéier ganz kloer argumentéiert firwat dass se sech hei

enthält. Ech mengen dat respektéiert een. De Fait ass, si hunn de Projet net matgestëmmt.

Fir eis war et evident, wann d'Gemeng Proprietär ass vun zwee Haiser, dass mer dann och Wunnengsbau, abordabele Wunnengsbau do maachen an net Büroen. An och wann ee Büroen do gemeet hätt, hätten awer déi ganz Sanéierungsaarbechte misse gemeet ginn. Et kann ee jo net hei am Raum stoe loossen, wa mer lo einfach Büroen do gemeet hätten, dass dat doten alles vun Aarbechten op engem Gebai dat klasséiert ass, op engem Gebai, wou eng Rei Problematike sech gestallt hunn, dass déi Sanéierung net hätt misse virgeholl ginn. Dat kann een net sou am Raum stoe loossen. D'Tatsaach ass, hei ass abordabele Wunnraum geschafe ginn. An an deenen Diskussiounen, déi mer hei haten ass ëmmer ënnerstëtzt ginn, wéi wichteg et ass, dass d'Gemeng hei abordabele Wunnraum schaaft. Dat huet eng grouss Majoritéit hei am Gemengerot matgedroen an d'CSV huet sech do, wéi gesot, enthalen. Ech mengen dat ass dann Äre gudde Choix fir dat sou ze maachen.

Vläicht par rapport zum Projet vun deene Jonken, do ka vläicht de President vum Office social, de Romain Zuang nach aner Informatioune ginn. Ech wëll awer just soen, ech wollt drop agoe mat de Kontrakter. Hei ass jo näischt aneschters, ob dat elo e GLS ass oder Kontrakter mat anere Wunnengen, dat ass e Kontrakt tëschent dem Service Logement, der Stad Diddeleng an de Beneficiairen am Kader vum Logement abordable. Dat hei ass net anescht wéi bei deenen anere Wunnengen, déi gemeet ginn. Et ass e klassesche Bail à loyer nom Gesetz, wou effektiv berechent gëtt no de Krittäre vum Logement abordable. Dat ass hei net anescht wéi op anere Plazen, respektiv bei der Gestion locative sociale, wou nach aner Krittäre spillen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, de Projet Jeunes, dofir ass dëse Projet jo zum Deel gemeet ginn, dofir hu mer jo deen Input gemeet vun enger stolzer Zomm, vun iwwer 700.000.- €, fir effektiv hei kënnen de Projet selwer ze maachen, de Projet vum Logement Jeunes. Wien ass do betraff? Jonker ab 18 Joer bis 26 Joer kënnen eng Demande stellen. Dat si Jonker, déi vläicht doheem net méi eens ginn, Jonker, déi vläicht vun der Schoul kommen. Jonker, déi nach an der Schoul sinn a scho vläicht en Akommes eeben hunn, wa se eng Léier maachen. Jo, si kommen dohinner a si kënnen eng Demande stelle bis 26 Joer a kënne maximal bis 32 Joer do an esou enger Wunneng wunnen. Ugeduecht war eeben hei, dass déi Jonk keng grouss Betreiung géife kréien, also elo net wéi an der GLS, dass eng Assistante eng permanent Kontroll hätt iwwert hir Finanzen, iwwert hieren Accompagnement, mee se kënne sech natierlech selbstverständlech wa se eppes hunn, sech vertrauenswierdeg un eng Assistante wennen.

Jo, dat muss ech awer elo ganz kuerz dozou soen, mir haten effektiv als GLS wëlles e Forfait ze froe vun 300.- € Charges comprises, well et effektiv net einfach ass, fir do d'Chargen nozerechnen. Déi Ouverture hätte mer ënner der GLS gehat. Dat huet sech awer elo duerch d'Gesetz vum 7. August 2023 geännert, dass mer elo am Fong geholl déi Wunnengen, wou eng Aide à la pierre war, dass mer do keng GLS méi kënnen ënnert deem dote Modell maachen. An dat heescht och, mir missten elo Bailleur social ginn. Ech wëll elo net hei aushuelen. Dat ass eng Decisioun, déi elo ganz kuerz eréischt getraff ginn ass. Konditiounen, déi mer awer net wëllen oder kënnen erfëllen. An dofir wäert elo de Logement Jeunes un de Service Logement dann zréckfalen. Alleguerten déi Immeublen, déi mer haten, wou eng Aide à la pierre war, déi gi mer alleguerten un de Service Logement.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir déi ganz interessant Informatiounen. Dat sinn effektiv Saachen, déi mer net woussten. Virun allem fannen ech et flott, dass Der gesot hutt, dass een da bis 26 Joer eng Demande ka maachen an da bis 32 Joer kann dra wunne bleiwen. Ech hunn elo net verstanen, wat dat genau elo heescht, wann Dir dat elo eriwwergitt vum GLS an deen anere Service. Dat heescht, do setze mer nëmmen Nécessiteuxen dran, déi och e Suivi hu vum Office social? Ass dat och doduercher, éischtens emol ass eng Aide à la pierre an den Office social ass jo hei awer och mat enger Participatioun vu 700.000.- € souwisou an deem Projet mat dran. An Dir sot, Dir wëllt net op de Wee goe vum Bailleur social. Dat heescht, hu mer lo guer näischt méi fir Jonker, déi da géifen eng Wunneng sichen an awer keng GLS-Begleedung bräichten? Hu mir momentan dann, oder wäerte mer dann näischt méi sou hunn?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Dach, firwat solle mer näischt méi hunn? De Service Logement féiert dat dote virun. Et ass de Service Logement dédié Jeunes dann dee Moment an dee fält och ënnert de Service Logement, dee kann een natierlech och do bedreiwen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dat heescht, d'Krittäre bleiwen awer déi selwecht. Dat kënne Jonker sinn, déi keng Begleedung brauchen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Genau.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): A wéi vill Demanden hutt Der? Dat ass vläicht och just interessant. A wéi vill Zëmmeren hu mer nach an deem do Gebai?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Also et ass elo sou, dass an deem Gebai do uewen, vun deem mer elo grad hei schwätzen, dass et do immens laang gedauert huet, bis mer iergendwéi een do konnte placéieren, well effektiv nach d'Storë gefeelt hunn. An dat ass an deem dote Fall net auszehalen, dat muss ee scho soen. Wann een eng grouss Velux huet a sengem Zëmmer an et kënnt déi waarm Zäit wéi mer se erlieft hunn. Dofir sinn also déi Verdunklungen, respektiv d'Rolllueden, déi sollen och nach eng Kéier dropkommen virgesinn. Dat huet immens laang gebraucht bis dat Material effektiv do war. Dofir hate mer elo laang keen dragesat. Mir haten awer du changéiert an den Tattebierg, do hu mer och déi 4 Zëmmere gehat an déi hu mer du als Logement Jeunes geholl, fir keen ze laang op der Strooss sëtzen ze loossen. Mir hunn elo an dem Gebai, haut de mëtte sollen déi nächst 2 erakommen, dat heescht, da sinn der lo mol 3 do uewen. Nach wësse mer jo, dass 4 Flüchtlingen aus der Ukrain do sëtzen, DPIe pardon.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dat do ass elo en neie Moment mat deem Gesetz mat der Aide à la pierre. Lo interesséiert et mech natierlech: Wéi ass et dann elo mat deene Wunnengen, déi mer am Veräinshaus hunn an der Zinnenstrooss? Ass dat deselwechte Modus? Falen déi och un de Service Logement?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ok, mir sinn da gespaant op d'Äntwert. Ech hat éierlech gesot gemengt, de GLS wär e Bailleur social. Dann hunn ech och eppes bäigeléiert wann dat net de Fall ass. Just nach en anere Punkt. Ech sinn dat elo gewuer ginn, dass d'Etuden un de Baupräis gebonne waren, dat kennen ech effektiv aus der Projetsphas, mee dat hunn ech nach ni héiere bei enger Exekutiounsphas. Dat hunn ech nämlech och e bësse komesch fonnt, well wann dann eng Präisexplosioun ass, wéi mir dat mat der Ukraine a mat Covid gesinn hunn, dat ännert jo eigentlech guer näischt un den Etuden, mee doduerch klammen dann d'Etuden automatesch, eebe just well de Bau vill méi deier ginn ass. An do wollt ech einfach froen, ob dat reegelméisseg de Fall ass, dass och an der Exekutiounsphas nach d'Etuden un de Baupräis gebonne sinn an automatesch domadder klammen. Well dat war mir bis elo net bewosst. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): D'Kärgeschäft vun der GLS si Privatwunnengen. Dat maache mer och weider. Mir haten eebe bis elo déi Situatioun, dass dat dote guer kee Problem duergestallt huet, dofir hu mir och ganz gären déi Konventioun, respektiv de Kontrakt mat dem Kierchefong an der Oeuvre Paroissiale gemeet. Mee leider Gottes huet d'Situatioun sech elo geännert, well lo vu gëschter un dat Gesetz soll a Kraaft triede soll, an dat gëtt natierlech elo e ganz anere Moment. Mee alleguer déi Wunnengen, déi effektiv elo an iergendengem Gebai sinn, déi vun der Aide à la pierre betraff waren, dat sinn heinidden am Veräinshaus, dat ass awer och nach en Haus, dat mer Ribeschpont am Lebork hunn, dat ass nach en Haus an der Rue Zinnen mat 3 Appartementer a Proprietéite vun der Gemeng . Also wéi gesot, déi triede mer lo un de Service Logement of.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat huet jo virun allem effektiv jo mat deem neie Gesetz ze dinn iwwert de Logement abordable. Do si jo net nëmmen d'Diddelenger Gemeng mee och eng Rei aner Gemengen, déi och déiselwecht Diskussioun féieren, respektiv et goufen och schonn Diskussiounen an deem een oder anere Gemengerot gefouert. Dat heescht, et gëtt schonn deementspriechend en neie Moment.
Do wäerte mer natierlech och eng Kéier an de Gemengerot kommen an Iech e bëssen iwwert de leschte Stand vun den Diskussiounen, déi mer am Gaange sinn ze maachen, sécherlech informéieren.
An da par rapport zu der Demande vun der Madame Thoma. Ech ka mech un deen een oder anere Projet erënneren, wou dat selwecht geschitt ass. Mee genau wéi ee dass et war, wou och de Lien deementspriechend war. Ech kann awer nach eng Kéier nokucke wéi ee genau. Mee ech ka mech erënneren, dass mer déi Diskussioun schonn eng Kéier haten.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Dee Passage do vun der GLS op de Service Logement muss awer net duerch de Gemengerot goen, also accordéiert gi vum Gemengerot?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Neen, neen, dat ass eng intern Diskussioun, déi tëschent dem GLS an dem Service Logement leeft, wou mer och eng Transitioun maachen. Wat ech wollt soen, dat ass, dass mer eng Kéier an de Gemengerot kommen an Iech einfach informéieren, wat ass den aktuelle Stand. Wa mer dat bis ofgeschloss hunn, wat ass den aktuelle Stand GLS – Service Logement. A wat ass deen neie Stand duerch déi nei Gegeebenheete vum Gesetz. Dass een do e bësse méi weess, wéi d'Situatioun ass. Dat kënne mer eng Kéier maachen an dat kënne mer och mat enger Diskussioun verbannen oder mam Office social, dat ass jo kee Problem.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Awer d'finanziell Konditiounen, Locatiounen, Präis an esou, dat bleift d'selwecht?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Neen, eeben net. Well an der Gestion locative sociale gëtt en anere Loyer gefrot wéi beim Service Logement. Déi Diskussioun hate mer jo scho ganz reegelméisseg hei. Well am Kader vum Service Logement, oder déi Projeten, déi mer z.B. hei gestëmmt hunn, do spillt dat Gesetz vun 2023 iwwert Logement abordable.
Do gëtt de Revenu en consideratioun geholl an do gëtt de Loyer en fonction vum Revenu gerechent. Dat heescht, mir kommen do an eng ganz aner Situatioun.
Bon, op där anerer Säit kann een natierlech kucken, ob déi Beneficiairen, och wa mer dee Switch maachen, déi Leit déi dra sinn oder déi nei Leit, déi dra sinn, déi kënnen dann natierlech och en fonction vum Revenu Beneficiaire gi vun enger Subvention de loyer. Wat bei enger GLS net de Fall ass. Dat heescht, mir kommen och an aner Registeren dran, an aner Mechanismen, déi och spillen. Et gëtt schonn deementspriechend e Changement.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Mir hu sou nogerechent, also mat der Formule. Do sinn der e puer déi komme besser ewech par rapport zu deenen aktuelle Loyeren, déi mer am Veräinshaus bezuelen. Mee et sinn der awer och, déi bezuele vill méi.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): D'GLS ass jo d'Mise à disposition. De Service Logement ass jo Bail à loyer. Do ginn et jo ganz grouss Ënnerscheeder an dofir, fir dass d'GLS dann aus deem Schlamassel erauskënnt, kënnt de Service Logement dann hei a Fro.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, ech géif proposéieren, dass mer d'Diskussioun hei ofschléissen. Mir mussen awer nach e Vott virhuelen. Engersäits den Devis remanié stëmmen. ***Wien ass dofir? Dat sinn déi Gréng, d'LSAP, dat ass d'DP, den ADR an déi Lénk. Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.***

Dann de Crédit supplémentaire. Ech mengen do wäert de Vott identesch sinn. ***Wien ass dofir? Effektiv déi Gréng, d'LSAP, d'DP, ADR an déi Lénk. Wien ent-***

***hält sech? D'CSV.*** Villmools Merci. An och dem Här Schwarz Merci fir seng Presenz an och seng Erklärungen haut de Mueren hei am Gemengerot an och der Madame Gottschalk Merci fir hir Presenz.

**2.8. Approbatioun vun engem Acte notarié fir d'Konstitutioun vun enger Servitude tëschent der Stad Diddeleng an der Societéit «Creos Luxembourg S.A.»**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass en Akt wou mer CREOS eng Servitude ginn. Dat ass an der Route de Boudersberg. Dat sinn 58 Ar an 96 Centiar, déi éischt Parzell. Eng zweet Parzell 8 Ar 49 Centiar. Ech mengen Dir hutt do den Akt virleien. Dat ass fir en Transformatorsposten, wou natierlech den Accès fräi muss bleiwen am Dag an och an der Nuecht. Dat sinn Installatiounen an Equipementer, déi fir de Reseau wichteg sinn. Dat Ganzt ass am Kader vum Gesetz 2007 iwwert d'Organisatioun vum elektresche Marché. An dofir hei tëschent der CREOS, déi vertrueden ass hei duerch den Här Kirsch an der Stad Diddeleng, wou mer hinnen, déi Zäit, wou d'CREOS déi Concessioun och huet, déi ass de Moment op Durée illimitée, dass se dann do Accès kënne kréien op hir Installatiounen. Dat zu dësem Akt.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? Jo.
***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.9. Approbatioun vun engem Acte notarié de vente mat der Madame Violetta Marguerite Josephine Turra fir d'Acquisitioun vun engem Terrain labourable an der Route de Kayl**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da ginn mer och deen nächste Punkt iwwer. Dat ass en Acte de vente an der Keelerstrooss tëschent der Madame Smet-Turra Violette an hiert Meedchen, der Madame Smet Viviane respektiv an och der Stad Diddeleng an der Route de Kay, dat si 6,65 Ar. D'Madame Turra huet do Kontakt mat der Gemeng opgeholl. Mir géifen och, wéi et am Akt steet, eng Utilité publique draus maachen a fir de Präis vu 34.900.- €. E bëssen en änleche Präis, 5.250.- € den Ar, wou mer och schonn änlech Akten hei haten. Dir gesitt och um Niveau vun de Pläng, wou den Terrain sech befënnt an der Butschebuergerstrooss. An et ass als Constitution de réserve foncière, wou mer déi Acquisitioun hei maachen. Dat ass an der Keelerstrooss, jo. Pardon, et ass zu Butschebuerg an der Keelerstrooss. Do gesitt Der och den Terrain, wou déi Acquisitioun gemeet gëtt an Dir wësst jo och, dass do an der Géigend eng Kéier e Bauprojet kann entstoen. Dofir maache mer et als Réserve foncière, well dat à cheval ass tëschent der Keelerstrooss an der Aloyse Kayser, respektiv der Rue de la Vallée.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech hätt just eng Fro. Dat Testament, dat ass 2001 gemaach ginn, do steet dran, déi zwee Grondstécker dierfte wärend 30 Joer net verkaaft oder verlount ginn. A lo si mer awer nach keng 30 Joer no dem Testament. Op der Säit 2 vum Akt.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo, do steet awer och: „Wenn sie zukünftig als Baugelände in Frage kommen kann Madame Smet sie vorher verkaufen." Dat ass jo Réserve foncière, da si mer am Cas de figure.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dat heescht, bei der Réserve foncière versteet een, dass et soll Bauland sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: D'Réserve foncière ass jo Baulandreserv.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech hat dat verstanen, wéi eng Reserv, déi ee muss uleeë fir zum Beispill Kompensatiounen ze maachen oder sou.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Neen, neen, dat hei ass jo da Baulandreserv. Dofir mengen ech spillt dat hei. Gär geschitt. Nach weider Froen? Neen. Ok, kënne mer dann deen Akt hei sou guttheeschen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci.

**2.10. Emprisen – Approbatioun vun Actes notariés de vente**

*2.10.1. Madame Emma Schneider, 2, Rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass engersäits an der Friedrichstrooss tëschent der Madame Schneider an der Stad Diddeleng. 161.- €, 700.- € den Ar. Dat ass dat wat mer froen, 0,23 Ar. An dann d'Degressioun vun der Parzell an d'Voirie publique, dat ass am Kader vun Aarbechten, déi an der Friedrichstrooss gemeet goufen.

Ass de Gemengerot mat där Emprise averstanen?
***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

*2.10.2. Madame Dawn Cheryl Buxton,*
*28, rue Michel Gindt*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: AN da ginn ech op deen nächsten iwwer. Dat ass tëschent der Madame Buxton, hei vertrueden duerch d'Madame Lopez. Hei si mer an der 28, rue Michel Gindt. 119.- €, 700.- € den Ar, d'selwecht 0,17 Ar sinn dat heiten an och gëtt d'Parzell hei an d'Voirie publique integréiert, an dat steet och sou am Akt.

Ass de Gemengerot och mat deem Akt averstanen?
***Och dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

*2.10.3. Société à responsabilité limitée « Active Invest S.à.r.l. » 57 – 59, Route de Noertzange*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da ginn ech op deen nächsten iwwer. Dat ass mat Active Invest S.à.r.l., dat ass op 57 – 59, Route de Noertzange. Dat si 595.- €, och 700.- € den Ar, 0,85 Ar. An do gëtt och d'Parzell an d'Voirie publique integréiert. Dat ass deselwechte Cas de figure.

Ass de Gemengerot och domadder averstanen? ***Och dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.11. Provisoresch Approbatioun vum Compte administratif vum Exercice 2022 an Approbatioun vun der Prise de position vum Schäfferot zum Rapport de vérification vum Compte administratif vum Exercice 2022 vun der Direction du contrôle de la comptabilité communale vum Inneministère**

**2.12. Provisoresch Approbatioun vum Compte de gestion vum Exercice 2022**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Do ass de Compte administratif an de Compte de gestion, déi mer hei presentéieren. Dat ass wéi all Joers. Dat ass de Compte administratif vum Joer 2022, dee gëtt vum Schäfferot hei opgestallt. An de Compte de gestion, dee gëtt vum Receveur opgestallt. Dir krut och de Rapport vum Service vum Contrôle vum Interieur. Deen ass de 4. Mäerz 2024 erakomm. An do hu mer och dozou eng Stellungnam geholl, op déi ech elo och wëll agoen. Ech begréissen och hei an eiser Ronn eisen Ingenieur, den Nic Krumlovsky. Ech wéilt vläicht ufänke fir nach eng Kéier op de Kont anzegoe vum Joer 2022.

Do hu mer en Total vun de Recetten am ordinäre Beräich vun 119,7 Milliounen an den Total vun den Depensë vun 105 Milliounen. Dat mécht eis e Boni vu 14,6, bal 14,7 Milliounen Euro am ordinäre Beräich. Dann hu mer Recettes extraordinaires vu 15,6 Milliounen Euro an d'Depense vu 40,7. Dat mécht eis dann e Mali vu 25,1 Milliounen. Mir hunn nach de Boni vum Kont 2021 vun 12,4 Milliounen Euro. Sou dass mer e generelle Boni hu vu 27,1 Millioun Euro. Wa mer dann do de Mali vu 25,1 Millioun ofzéien hu mer dann e Boni définitif vun 1,9 Milliounen Euro. Dat par rapport zum Kont vum Joer 2022. Dat mol zu deenen Informatiounen. Wa mer lo op de Rapport vum Interieur aginn, deen huet eng Rei Saachen, eng Rei Elementer geschriwwen, wou mer och eng Stellungnam dozou geholl hunn. An op déi wéilt ech hei agoen.

Den éischte Punkt ass de Suivi vun de Contrôles antérieurs par rapport zum Enseignement musical vum Joer 2021, wou mer effektiv falsch verbucht haten. Dat hu mer richteggestallt dës Kéier. Dat hu se nach eng Kéier kontrolléiert. Do ass keng Aktioun méi néideg, well dat an der Rei ass. Dann ass awer de Volet Taxe-Raccordement fir d'Ofwaasser. Et ass jo sou, dass mer eng Taxe de raccordement hu fir de Gas a fir d'Waasser, net fir d'Ofwaasser. Dat heescht, do si mer am Fong ëmmer higaangen, an den Nic Krumlovsky kann hei nach e puer Erklärungen dozou ginn, dass mer dat jo ëmmer ausgeschriwwen hunn an dass do eng Entreprise den Zouschlag kritt huet, fir dann déi Raccordementer ze maachen. Sou dass mer als Gemeng weeder eng Depense haten nach eng Recette.

D'Stad Diddeleng ass jo Proprietär vum Reseau. An do seet eis hei den Interieur, dass mer hei missten eng Tax stëmmen, do hu mer eis och e bëssen informéiert bei aner Gemengen, fir dass mer hei eng Tax fir d'Ofwaasser, fir den Uschloss un den Ofwaasserkanal misste stëmmen an dann e bëssen en anere Wee aschloen, wéi mir dat bis elo gemeet hunn. An da kucke mer dann och, dass mer deem wäerten nokommen an dann am Laf vun dësem Joer eng nei Tax stëmme fir de Raccordement un d'Ofwaasser. An dann hu mer bei den Dépenses ordinaires, do ass et sou, dass mer eng Demande kritt hate fir 100.- € vum Centre commun de la Sécurité sociale, well mer do ze spéit d'Déclaration de sortie an d'Déclaration d'entrée vun 2 Agenten ofginn haten. Do hu mer eis natierlech da konforméiert an eise Servicer matgedeelt, dass se dat sollen an der Zäitschinn respektéieren.

Dann eng Remark par rapport zu de petits Equipements. Do hu mer d'Remark kritt vum Interieur dass souwuel wann een Déngschthandye keeft, mee och wa mer klengen Equipement kafen oder och e Vëlo, dass mer dat net als Dépense ordinaire mee als Dépense extraordinaire solle verbuchen. Dat ass à ce stade richteg, mir wäerten dat och rektifizéieren. Mee op där anerer Säit muss ee soen, dass awer elo säit engem gudde Joer Diskussioune lafen tëschent de Gemengen an och dem Ministère de l'Interieur, dass sou Invester wéi kleng Equipementer éischter an den Ordinaire solle verbucht ginn an net an den Extraordinaire. Well dat och effektiv vill méi Sënn mécht. Si hunn eis hei zwar eng Remark gemaach. Mee normalerweis soll jo am Laf vum Joer 2026 deem Rechnung gedroe ginn.

An do sinn notamment eise Comptabel, de Pascal Poull, wéi och Comptabele vun anere Gemenge sinn do am Austausch mam Interieur, fir d'Refonte ze maache vum Plan budgétaire normalisé. An dann d'Indemnité de jour fir d'Joer 2022. Déi ass effektiv gerechent ginn unhand vun engem ale Règlement grand-ducal. An dat hu mir och hei an eiser Stellungnam geäntwert, dass mer dat rektifizéiert hunn. Do waren effektiv Agenten, déi concernéiert waren. An do hu mer nach eng Kéier déi néideg Regularisatioune gemeet. Dat zu deene Punkten, déi hei de Contrôle vum Interieur geschriwwen hunn a wou mer och Stellungnam geholl hunn a wou elo deementspriechend d'Diskussioun op ass. Respektiv wou vläicht awer nach eng Kéier den Nic Krumlovsky op deen een oder anere Punkt vläicht kann agoen, en fonctioun och vun de Stellungnamen déi hei geholl ginn. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Et sinn natierlech e puer Froen, déi sech erginn. Éischtens emol mat der Taxe de raccordement, do schreift Der dann, dass mer dat „introduire une taxe de raccordement au réseau d'assainissement, de soumettre celle-ci pour approbation au conseil communal lors d'une de ses prochaines séances." Wéi een Delai hutt Dir do virgesinn? Wéini maache mer dat? Dann déi zweet Fro, déi awer ganz pertinent ass: Wann am Joer 2022 Handye kaaft gi si mat enger Zomm, déi ass jo awer net negligeable vun 21.672.- €. Do kann ee froen: Fir wéi ee Service ass dat? Ass dat üblech, dass eis Mataarbechter Handye kréien aux frais de la princesse, bezéiungsweis aux frais de la commune? Éischtens emol, wéi vill sinn dat der, a wie kritt déi? An ass do sou e Roulement? Wéi stellen d'Leit sech dat fir? Kréie se all 2 – 3 Joer en neien I-Phone, wann en neien I-Phone eraus ass? Ech mengen dat ass awer scho wichteg, dass een dat eng Kéier kloerstellt, dat sinn sou Saachen, dat ass sou e Gemauschels kéint ee bal mengen, dass dat sou e bëssen an den Ordinaire era gedruddelt gëtt. Ech soen et just. Ech soen et just. Et ass awer eng Fro, déi

d'Leit sech dobausse stellen: Wéi? Kritt do jiddwereen en Handy? A wie kritt den Handy? Majo dach, et kann een dat jo awer froen. Firwat elo déi Opreegung? Et ass eng normal Fro. Wie kritt en Handy? Wa mer an engem Joer 21.600.- € ausgi fir Handyen, an da gëtt dat an den Ordinaire eragesat. Firwat ass dat sou schlëmm, wann een dat muss an den Extraordinaire erasetzen? Dann ass dat vill méi transparent. A wéi gesot, mir sinn ëmmer erstaunt iwwer sou Saachen, déi dann hei esou erausfonnt gi vun de Ministèren. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Wou ech dëse Punkt um Ordre du jour gesinn hunn an d'Dokumenter dobäi fonnt hunn, du hunn ech mech fir d'éischt gefrot, firwat et hei am Virfeld keng Finanzkommissioun ginn ass, an där mer d'Remarke vum Ministère hätten duerchgoen an d'Erklärunge vum Schäfferot hätte kënne presentéiert kréien. Dat ass lo kee Witz. Ech hunn duerno d'Archiver gekuckt vun deene Gemengeréit virdrun, wou dat heiten Thema war, an déi Gréng hunn dat nach all Kéiers iergendwéi gesot gehat. Dës Demande wéilt ech dann dëst Joer och nach eng Kéier ervirbréngen. Zu de Froen. Taxe de raccordement. Do hat d'Madame Kayser och elo gefrot. Allgemeng hu mir als Positioun, och wa mir de Budget net matgestëmmt haten, sou ass nom Retour vum Service de contrôle an eisen Aen d'Gestioun korrekt gewiescht a sou kënne mir dëse Punkt och matdroen, och wann dat net eise Budget war.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech ka mech dann am Numm vun déi Lénk natierlech nëmme ralliéieren un déi Demande vun déi Gréng, wéi mir dat säit Jore maache fir sou eppes am Virfeld an enger Finanzkommissioun duerchzekucken. Eis sinn och elo déi Erklärunge vum Schäfferot relativ logesch virkomm. Par konter, sou wéi mer et déi lescht Joren awer ëmmer gemaach hunn, mir waren net d'accord mam Budget. Dofir kënne mer d'office och net d'accord si mat der Gestioun vum Kont an dofir wäerte mir dat net matstëmmen. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Jo, ech wëll zum Schluss nach just mäi Pefferkär hei bäileeën. Ech iwwerloossen dat dem Här Buergermeeschter fir elo hei op déi Polemik anzegoen, déi elo grad hei entstanen ass. Mee ech wëll just vun eiser Säit aus dem Schäfferot felicitéiere fir wa mol sou eppes optaucht, sou wéi mer elo grad hei gesinn hu beim Contrôle financier, déi gutt Zesummenaarbecht tëschent dem Schäfferot, awer och de Servicer, déi jo dann och kompetent do kënnen Detailer liwweren. An dann awer och mat deene staatlechen Instanzen, fir konstruktiv do eng Léisung ze fannen op dat wat da mol zäitweileg sou opkënnt. Also vun eiser Säit aus kënne mer nëmme soen, datt mer zefridde sinn, wéi déi Problemer geléist ginn. Ganz konstruktiv an am Dialog. An dofir stëmme mir dat natierlech mat.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Soss nach? Dat schéngt net de Fall ze sinn.
Da ginn ech dem Nic Krumlovsky d'Wuert. D'Fro war, wéini dass mer an de Gemengerot kommen. Ech géif proposéieren hei, ech wëll mech net festleeën, dass mer am Laf vun 2024 an de Gemengerot wäerte komme fir dann och déi heite Règlements-taxe dem Gemengerot virzeleeën. Mee ech ginn do vläicht dem Nic Krumlovsky d'Wuert, well et ass am Fong hie mat sengem Service, deen de Règlement-taxe wäert missen ausschaffen. An do hu mer schonn dat eent oder anert Element, respektiv wou mer eis informéiert hu bei anere Gemengen. Nic, Du kanns vläicht op deen een oder anere Punkt agoen?

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD): Moien. Also et ass esou, virun 1995 hate mer Taxen. Do ass et esou gewiescht, dass de Kanal vum Entrepreneur geluecht ginn ass wa mir en ugestallt hunn. Mir hunn eng Facture kritt vum Entreprener a mir hunn den Entreprener bezuelt a mir hunn dat weider un d'Bierger facturéiert, déi de Kanaluschloss kritt hunn. A well dat ëmmer relativ komplizéiert war an och ongerecht, well déi Tax déi war eemoleg, et ass eng Moyenne geholl ginn. Et sinn der da gewiescht, déi haten e klengen Uschloss vun engem Meter. Dat huet dat nämmlecht kascht, wéi een dee 25 Meter Kanaluschloss hat. Du si mer no 1995 higaangen a mir hunn d'Decisioun geholl dass mer eng Soumissioun maachen. An do dra steet am Cahier des charges, dass den Entreprener d'Soumissiounspräisser direkt dem Bierger muss verrechnen.

Dat heescht, mir waren am Fong eraus aus deem Ganzen. Mir hu keng Facturatioun misse maachen. An dat ass och d'Erklärung, firwat mer keng Tax duerno méi agefouert hunn. 2008 ass dat neit Waasserreglement erauskomm. Do steet awer dran, datt et muss gestëmmt ginn. An dofir ass eeben, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, déi nächst Seancen, wou da kommen, wou mer da proposéieren, fir déi Tax och ze stëmmen. Wat een awer muss wëssen, d'Fraisen, déi mir hu vun eisen Installatiounen, déi technesch, déi sinn am Ofwaasserpräis mat integréiert. Dat heescht, do gëtt et déi Taxe fixe, dat ass iwwert den Equivalent habitant moyen an et gëtt iwwert de Waasserverbrauch, deen am Waasserzieler geholl gëtt, domat ginn eis Onkäschte gedeckt. Dat hei ass am Fong eng Tax, déi mir wäerten aféieren, well se sou verlaangt ass. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem Nic Krumlovsky fir déi doten Erklärungen, déi net onwichteg sinn. Da ginn ech vläicht op verschidde Punkten an. Mir kënne ganz gäre kucken, wann d'Zäit eis et dann och erlaabt, a fonctioun wou mer d'Remarke kréie vum Interieur, vum Contrôle, respektiv och d'Zoustellung vum Kont. D'Iddi ass jo och, dass een och direkt sou schnell wéi méiglech reagéiert. Eis Servicer musse jo dann och nach eng Kéier par rapport zum Contrôle Stellung huelen an do och déi néideg Recherchë maachen. Wann deen Zäitkader eis et erlaabt, kommen ech ganz gären nach eng Kéier an eng Finanzkommissioun. Et ass jo och wichteg, an der Finanzkommissioun och déi néideg Äntwerten ze hunn. Well ech ka mer d'Reaktioun hei ausrechne vun enger Finanzkommissioun, wa mer an enger Finanzkommissioun sinn a mir hunn d'Äntwerten net par rapport zu der Stellungnam an de Remarke vum Contrôle. Dir sot eis, et ass jo schéin dass hei eng Finanzkommissioun ab-eruff gëtt, mee mir hätten dann och gären deementspriechend Äntwerten. An heiansdo si se awer e bësse méi komplex. An dat gesitt Der jo och unhand vun der

Stellungnam, déi mer hei geholl hunn an déi mer och dem Gemengerot presentéieren. Wéi gesot, och par rapport zu de Stellungnamen, wéi Dir Iech wëllt positionéieren och par rapport zum Vott. Ech preziséieren nach eng Kéier hei, de Compte administratif gëtt jo vum Schäfferot erstallt, de Compte de gestion vun eisem Receveur. Dat sinn déi zwee Elementer.

Dann awer par rapport zu den Handyen. Wann hei awer op e bësse sou eng populistesch Aart a Weis gesot gëtt, dass et e Gemauschels ass, dass et net transparent wier. Ech mengen net, ausser Dir hutt eng aner Interpretatioun Madame Kayser vun der Stellungnam vum Interieur, dass deen hei seet, dass Gemauschels wier, dass et net transparent wier. Dee seet just dass et effektiv hätt sollten extraordinär gebucht ginn statt ordinär. Dee stellt de Prinzip vun den Déngschthandyen net a Fro. An den Déngschthandy, sief et a Privatbetriber, sief et an anere Gemengen, do gehéiert den Déngschthandy zum Alldag. Mir hunn ëm déi 70 Leit, déi deen hunn. Dat ass och kee Problem, dat ass limitéiert op hir professionell Interventioun. Dofir ass den Déngschthandy haut gang und gäbe, a groussen an och a klenge Betriber.

Wann een en Déngschthandy muss kréie brauch en de Feu vert vu sengem Supérieur hiérarchique. Et ass och eise Service informatique, deen de Kader nach mat setzt. Also et sinn eng ganz Rei Balisen. Also fir hei da populistesch ze soen: Oh, Gemauschels, Transparenz. Also vous faites fausse route, Madame Kayser. Dir probéiert dat ëmmer sou unzesetzen. Mir hunn hei e ganz kloer gereegelte Kader deen dat deementspriechend virgëtt. A wann ech Iech virdru gesot hunn, dass Diskussioune de Moment lafen tëschent der Gemeng an dem Interieur fir de petit Equipement éischter awer wéi mir et elo gemeet hunn, quitt dass et vläicht rectificatif muss gemeet ginn, éischter um Ordinaire ze buche wéi um Extraordinaire weist, dass mer an der Grondausriichtung als Gemeng richteg louche fir do ze buchen an net op aner Plazen. Dofir, déi Usätz, déi Dir hei maacht, fir an eng gewësse Richtung ze drécken, elles font fausse route.

Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Zwee verschidde Votten. Engersäits natierlech d'Stellungnam vum Schäfferot par rapport zum Compte administratif an och de Compte administratif en tant que tel. ***Wien ass domadder averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun deene Gréngen an och vun der LSAP an och d'DP. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Dat ass den ADR, Déi Lénk an d'CSV.***

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech hat net verstanen, dass mer déi zwee Punkten zesummen huelen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Neen, ech huele se och separat. Ech hu vum Compte administratif geschwat. Dat ass den éischte Punkt. Ech hu jo virdru preziséiert, de Compte administratif, dee gëtt jo vum Schäfferot erstallt mat der Prise de position.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech wollt just ee Saz soe beim Compte de gestion.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer lo iwwer op de Compte de gestion, dee vum Receveur opgestallt ginn ass. Wien ass mat deem averstanen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Do wollt ech just soen, ech hu mech natierlech schlecht ausgedréckt virdrun. Well mat der Gestioun vum Kont si mer selbstverständlech averstanen, an de Receveur huet natierlech eist vollst Vertrauen, an dee wäerte mer och matstëmmen. Mam Kont vum Schäfferot, deen hu mer net matgestëmmt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci fir déi dote Prezisioun. Da gi mer awer iwwer zum Compte de gestion. ***Wie stëmmt dee mat? Dat sinn dann déi Gréng, d'LSAP an dann d'CSV an Déi Lénk. Wien enthält sech? Den ADR an d'DP.*** Ok. Interessant.

**2.13. Approbatioun vun Dekonten**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer, dat sinn Dekonten. Dat ass virun allem d'Schoul Lenkeschléi, déi mer lo hei presentéieren, well jo och do nach de Volet war vun der Oeuvre artistique, deen nach de leschte Akt war am Fong. Dofir erméiglecht dat eis, dat ofzeschléissen. Dofir hutt Der hei engersäits de Complexe scolaire Lenkeschléi, den Devis war 18.704.665.- €, d'Dépense effective 18.524.911,96.- €. An do gesitt Der och, dass mer Subside kritt hu vum Interieur, vun der Education nationale a vum Sportsministère vu 7.990.215.- €, dat sinn am Fong 42,7%. Da gi mer iwwer op deen nächsten Dekont. Dat ass d'Amenagement vun der Spillplaz, 220.000.- €, d'Depense effective 218.527,46.- €. Do krute mer och vum Sportsministère 25.000.- €, souvill Prozent. Dann d'Installatioun vum Transformator 175.000.- €. Dépense effective 172.345.- €. Do gouf et kee Subsid. An dann d'Oeuvre artistique vum Trixi Weis, 165.000.- € an d'Depense 156.059,90.- €. Ech mengen dann hätt ech hei alles duerch wat d'Dekonte vun der Schoul Lenkeschléi ugeet. Remarken, Froen dozou? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Kënne mer dann iwwert déi Dekonten do ofstëmmen? Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.14. Extraordinär Subsiden**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer zu Subsiden. Sécurité routière 750.- € an d'Association SOS Détresse 300.- €. Ass de Gemengerot och mat deene Subsiden averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mir Iech villmools Merci.

# 3. APPROBATIOUN VUM NEIE REGLEMENT IWWERT D'ESPACES PUBLICS FIR FRÄIZÄIT, SPILL ODER DISTRAKTIOUN DOBAUSSEN



DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op eist Reglement ronderëm d'Spillplazen an d'Aires de jeux. An da géif ech hei dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Villmools Merci. Ech wëll dann op dat Reglement agoen. Bei deem Reglement geet et elo haaptsächlech ëm d'Auerzäiten, wéi op ass. Déi aner Saachen, Vandalismus, ob een däerf op Spillplaze grillen oder campéieren, dat ass jo am Policereglement, dofir brauch ech do am Fong net weider drop anzegoen. Ech muss soen, dat Reglement, do si mer schonn eng Zäit am Gaang, scho relativ laang, well dat guer net sou einfach ass fir et jiddwerengem gerecht ze maachen. Am Virfeld hunn ech net nëmme mat de Leit geschwat, mee och mat de Schoulen. Mir haten et och an der Schoulkommissioun, einfach fir eng Kéier mat de Presidenten driwwer ze diskutéiere fir et dann an déi richteg Form ze bréngen. Mir hu jo verschidde Saachen an deem Reglement stoen. Dat si jo als alleréischt emol eis Spillplazen.

Eis Spillplaze sinn och nach ënnerdeelt a Spillplaze bis 12 Joer a Spillplaze fir Kanner bis 6 Joer. Dat ass ëmmer och affichéiert fir wat fir een Alter, dat gesitt der, wann der dohinner kommt. D'Auerzäiten, déi hu mer geännert. Summer/Fréijoer op 8:30 bis owes 22:00 an dann am Hierscht a Wanter vun 8:30 bis owes 19:00. Do war virdrun d'Ouvertureszäit 7:00 Auer moies an 8:00 Auer am Wanter an owes war et dann d'selwecht. Mir hu mëttlerweil 63 Anlagen, déi mer moies musse botze virun där Zäit, déi hei affichéiert ass. Dat ass en enormen Opwand fir eis. Och fir eis Leit, déi dat kontrolléiere ginn. Well mir wëlle jo eigentlech d'Sécherheet garantéieren, sief et an de Schoulhäff, sief et op de Spillplazen. An dofir musse mer all Moies déi 63 Anlage kontrolléiere goen an dofir hu mer och gemengt, 8:30 wär awer eng gutt Zäit och fir d'Leit, datt se nach kënnen dohinner goen.

Dann ass et sou, dass mer awer och d'Schoulhäff mussen anescht reglementéieren. Mir haten do d'Diskussioun, ech hunn et scho gesot, an der der Schoulkommissioun. Well eigentlech geet jiddwereen anescht mat sengem Schoulhaff ëm. Et ass elo net sou datt deen ee seet: Hei mir loosse Kanner eran an deen anere seet: Mir loosse keng Kanner eran. Et ass e bësse wéi an Italien. Do dierfen d'Kanner roueg dohinner spille goen och wa Maison relais oder Schoul ass. Dat ass dat Éischt. Dofir hu mer awer gemengt, mer missten hei e gutt Reglement fannen, dat et awer erlaabt, datt jiddwereen zefridden ass. D'Auerzäiten, och hei hu mer geännert wéi op de Spillplazen, do ass näischt anescht. 8:30 bis 22:00 Auer. An am Hierscht ass et 8:30 bis 19:00 Auer. Dat Eenzegt, wat mer anescht gemaach hunn, dat ass well e Schoulhaff net nëmme Spillplaz ass, mee Schoulhäff leie jo meeschtens a Wunnquartieren, dass mer sonndes a Feierdeeg vun 10:00 bis 12:00 a vun 14:00 bis 18:00. Firwat d'Mëttesstonn net? Well eis Schoulen ëmmer a Wunngebidder sinn, dat läit relativ no bei den Haiser, well mer jo un de Quartiersschoule festhalen. Dofir hu mer gemengt, et wär heiansdo och wichteg, datt d'Leit eng Mëttesstonn kéinten hunn ouni dass niewendru Kanner am Schoulhaff Fussball spillen. Dann steet och an deem Reglement datt d'Schoulhäff fir d'Schoul an d'Maison relais reservéiert sinn.

Firwat ass dat esou? Do kann ee lo soen, dat ass gutt, dat ass net gutt. Also mir hu Situatiounen erlieft, wou Kanner, déi an der Maison relais ageschriwwe waren, dann am Schoulhaff waren an der Mëttesstonn an datt d'Leit dann déi net ageschriwwe waren oder Kanner, déi net ageschriwwe waren an der Maison relais, déi sinn einfach do deposéiert ginn. An dofir hu mer dann och einfach iergend eng Kéier gesot, et ass elo reservéiert fir d'Schoul an d'Maison relais. Si däerfen do awer nach ëmmer maache wéi se wëllen. Also ech mengen d'Lenkeschléi, déi loossen och d'Kanner eran, do ass et egal, ob se ageschriwwe sinn. Mee hei ass e Reglement, wann d'Leit géife profitéieren oder einfach sech net un d'Reegelen halen, hu mer dat misse sou maachen.

Dann hu mer awer och nach d'Aires de sport dran. A mir hunn Aires de sport, déi sinn am Schoulhaff a mir hunn Aires de sport, déi sinn net am Schoulhaff. Do ass et sou, dass mer och do déi selwecht Auerzäite gemaach hunn, mee mir hu verschidden Ausname dran. A Firwat? Well mer do ganz vill Reklamatiounen haten. Dat ass dat Éischt. D'Aire de sport an der Gaffelt, déi hu mer missten zoumaachen, hannert der Schoul. Déi ass nëmmen nach fir d'Schoul do, well do ganz vill Vandalismus war an och ganz vill Kaméidi a mer des Ëfteren d'Police do haten. Dann hu mer awer och nach d'Lenkeschléi, déi maache mer owes ab 20:00 zou, de Fussballsterrain wuelverstanen. Firwat? Well do d'Haiser wierklech no um Fussballsterrain leien. An d'Leit kommen zum Deel do wierklech mat den Autoen hin a se ginn do Fussball spillen, bis 22:00, 23:00 Auer an déi Leit déi do wunnen, déi Kanner hunn, do kënnen d'Kanner net mol méi schlofen. Dofir hu mer gesot, déi ass ab 20:00 zou. An dann den Däich, och déi ass zou wärend der Maison relais an och wärend der Schoul. Firwat? Well mer do gemierkt hunn, dass och do Jugendlecher sech dann ab 15:00 dohinner setze ginn an eebe Saache maache wou net onbedéngt an d'Schoulberäicher bei kleng Kanner gehéieren.

Dat wär am Fong alles, wat ech zum Reglement ze soen hunn. Ech wëll awer eppes ganz kloer soen: Eigentlech gëtt jo jiddwereen a sengem Beräich eens. D'Schoul souwuel wéi d'Maison relais. Mee dat hei Reglement ass haaptsächlech fir Leit, déi sech net u Saachen halen, fir déi brauche mer sou e Reglement an ech hoffen dass mer dat elo sou fir jiddweree gutt gemaach hunn. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech hu just eng kleng Fro: Mir hate jo déi schéi Spillplaz am Wolkeschdall ageweit. An do war deen Ament gesot ginn, dee rietsen Deel, wann ee vun der Nic Biever-Strooss erakënnt, deen ass fir kleng Kanner an dee lénksen Deel, deen ass fir grouss Kanner. Lo steet awer am Artikel 10, dass déi ganz Spillplaz just nëmme fir Kanner ënner 6 Joer reservéiert ass. Do wollt ech froen, wéi dee Revirement komm ass?

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter. Ech hu just eng ganz kleng Fro zu der Lenkeschléier Schoul. Do hutt Der gesot, de Fussballterrain ass ab 20:00 Auer zou. Deen ass lénker Säit, wann ee virum Haff steet. Rietser Säit ass de Basketsterrain. Zielt dat och fir deen? Well ech hat nämlech mat de Bewunner vum ieweschten Haus an der Rue Op Lenkeschléi rieds, an do gëtt effektiv dann och, wéi Dir sot, bis 22:00, 23:00 Auer de Basketball op de Buedem geknuppt an dee Basketshaff ass just eng 25 Meter vun hirer Schlofkummer ewech. Wat net ganz agreabel ass, wéi mer eis kënne virstellen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Majo, Merci fir d'Wuert. Mir begréissen en gros dat heite Reglement, bei deene verschiddene Plaze mat verschiddene Benotzer eppes ze fannen, wat iwwerall an ëmmer zu 100% passt ass wuel eng Aufgab vun der Onméiglechkeet. D'Josiane hat et virdrun eng Kéier ugedeit. Dir waart ganz laang am Gaang, fir dat Reglement do opzestellen. Dass mir op där enger oder anerer Plaz hu misse Kompromësser sichen a fannen, dat mierkt een. Et mierkt een, dass sech vill Gedanke gemaach gi sinn ëm de gudde Fonctionnement vu formaler an non-formaler Benotzung vun Infrastrukturen. An awer de Spagat hinzekréien, dass och d'Kanner baussent de Strukture weider Accès kënnen hunn op déi eenzel Anlagen ass hei mengen ech gutt gelongen. De Respekt vun de Lieuxen an d'Propretéit sinn och an eisen Aen elementar fir d'Matmënschen. Souwuel fir d'Noperen, wéi och fir deen, deen no mir wëll vu qualitativ héichwäerteger Infrastruktur profitéieren. Dass et der 63 sinn, dat hate mer sou net um Schierm, dat si wierklech immens vill Anlagen, déi do reegelméisseg propper ze hale sinn.

Wat mer och positiv ervirhiewen aus dem Dokument, dat ass d'Sécherheet vun de Kanner a virun allem vun deene klenge Kanner, déi ass hei ganz gutt erauszeliesen an och ze begréissen. Mir hätten allerdéngs e bësse Bedenken, ech weess, et ass ganz vill diskutéiert ginn iwwert d'Ëffnungzäite vun deenen eenzelen Infrastrukturen. Mir hu probéiert, et aus der Siicht vun deene Jugendlechen ze kucken. An dat sollte mer an eisen Aen e bësse weider am A behalen, dass d'Angebot fir déi Jugendlech, wou d'Schoulhäff engersäits awer och d'Ministade an d'Terrains multisports am Hierscht ëm 19:00 Auer zou sinn. Och op de Sonndeger an de Feierdeeg ass ëm 18:00 Auer Schluss. Wann een d'Reglement kuckt a kuckt, wéi een Angebot eis Jugendlech duerch Diddeleng hu fir Energie lasszeginn, ass an eisen Aen hei nach net honnertprozenteg déi richteg, respektiv déi perfekt Léisung fonnt ginn. Kloer, eng Sportsanlag bei der Schoul Ribeschpont an eng Anlag bei der Schoul Gafelt, d'Madame Di Bartolomeo hat et just gesot, dat Eent läit matten nieft Haiser, dat aner läit e bësse méi wäit ewech dovun, déi hunn een aneren Impakt op d'Noperschaft. An awer ass et iergendwéi schwéier vermëttelbar, wéisou beispillsweis d'Nuetsrou, déi an engem Kaméidisreglement keng Joreszäite kennt, d'Terrains multisports se awer kennen. Och bei de verschiddenen Ëffnungszäite vun den Anlagen.

Jee no Quartier zu Diddeleng ass et awer schwiereg, aus der Siicht vun de Jugendlechen, erëm ze verstoen, wisou a verschiddene Quartieren d'Nuetsrou als Richtwäert geholl gëtt an et an anere Quartieren 20:00 Auer ass an op anere Plazen de Site carrement zou ass. Mat engem klenge Clin d'oeil, deen och éischter humoristesch geduecht ass, si mer domat net déi eenzeg Gemeng, déi eenzel Gruppen aus verschiddene Quartiere versicht erauszekréien. Dat war wuel e bëssen iwwerspëtzt mat Referenz op eis lescht Motiounen, mee mir wéilten einfach bei der Thematik vun de verschiddenen Ëffnungszäiten einfach eng Kéier d'Fro opwerfen, ob et net och an dësem Fall méiglech wier, verstäerkt op Preventioun a Sensibiliséierung um Terrain ze setzen? Ob een net nach eventuell manner repressiv Mëttelen an der Hand hätt wéi z.B. u Streetworker ze denken, fir eventuell déi ënnerschiddlech Besoinen, engersäits vun den Awunner hirer Rou an anerersäits eeben och den Defoulement vun deene Jonken ënnert een Hutt ze kréien.

Erlaabt eis just nach fir den Ofschloss 2 bis 3 konkret Froen an eng méi generell zum Schluss. Dat war am Fong déi, wou de Jemp Gangler lo just gesot hat, vun eeben där Spillplaz am Wolkeschdall. Dann, déi aner, dat wier déi Kapitel 3, Artikel 9, wou et drëms geet, dass Kanner mat manner wéi 6 Joer all Kéiers mussen accompagnéiert si vun engem Adulte. Hei hu mir eis d'Situatioun virgestallt vum 5jäerege Kand dat mat méi grousse Geséschter op der Spillplaz ass. Och d'Fro vum 14jäerege Kand dat mat méi jonke Geséschter oder der Nopesch op der Spillplaz ass. Hei si mer der Meenung, dass d'Reglement verschidden Zenarien net toleréiert, déi awer eigentlech ganz OK si fir op enger Spillplaz. An do hu mer eis gefrot, ob et Spillraum gëtt fir Ausnamen, dass een eventuell do Formulatioune fënnt. Dir hutt bestëmmt eng Äntwert, well Dir hutt se bestëmmt duerchduecht, sou gutt wéi d'Dokument awer duerchduecht ass. Dann, Kapitel 3, an ech kréien et nach hin, de Vëlo an dës Interventioun och mat anzebauen. „Il est défendu de faire du vélo sur les espaces de jeu à l'exception des cours de récréation des écoles et des foyers scolaires communaux." Hei stellt sech eng änlech Fro, an natierlech, mat gesondem Mënscheverstand kritt ee sou Saachen hin. Mee mir schwätzen hei eeben ëm e Reglement.

Mir hu Spillplazen, wou Weeër ronderëm d'Gerüster féieren an hei fueren oft kleng Kanner mat de Vëloe ronderëm. Et schéngt eis evident, dass dës Weeër keng Vëlospiste solle sinn, an awer kéint een eventuell eng altersgebonne Reegelung och hei vläicht fannen. Well déi Jonk hunn hei en zimmlech gutt gesécherte Kader fir Vëlo fueren ze léieren. Och genau op deene Weeër. Wärend d'Schwëster vläicht lénks a riets um Gerüst spillt, kënnen d'Elteren hei mat de Kanner fueren. Méi generell, an dat äntwert vläicht och op verschidde Froen, déi ech virdru méi prezis gestallt hunn: Wéi gëtt dat Reglement herno ëmgesat? Respektiv, wéi gëtt herno gekuckt? Gëtt éischter drop gekuckt wa Leit sech beschwéieren? Kënnt et zu Kontrollen? Wann et och just wier am Fall vu Reklamatiounen, sou versti mer dass een als Gemeng sech wëll d'Méiglechkeet gi fir ze intervenéieren, allerdéngs kéint een dat bei verschidde vun de genannte Beispiller eebe preziséieren an dobäischreiwen, am Fall vun enger Beschwerde. Oder och déi preventiv Méiglechkeeten abauen, wou ech virdru vun deene Jugendlechen d'Beispill gesot hunn. Ech soe Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech wëll och eng Kéier dozou soen, dass ech dat e gudde Kompromëss fannen. Et war paff, wou ech gesinn hunn 63 Spillplazen, dat ass awer scho relativ vill vun Diddeleng, an ech mengen, dass mer do och um richtege Wee leien. Mir wëlle jo ëmmer méi, dass eis Kanner sech beweegen an erausginn, wéi dass se doheem beim Computer oder bei den Handyen hänken. An ech mengen dat ass och e gudde Kompromëss, dass eis Mataarbechter och Zäit hu fir déi Sécherheet ze garantéieren op de Spillplazen an dass d'Kanner moies eng propper an och eng sécher Spillplaz fannen. Wichteg ass awer och d'Rou vun de Leit. Ech mengen do si mer ëmmer méi an enger Gesellschaft, wou jiddwereen e bëssen no sech kuckt, an do gëtt et ëmmer méi schwiereg fir sou Plazen ze fannen. An da fannen ech et och gutt, dass mer do awer e gesonde Mix fonnt hu fir deene Leit, déi de ganzen Dag schaffen, respektiv och am Schichtbetrib sinn, dass een deenen awer och d'Méiglechkeet gëtt fir dass se zäitweileg, wéi gesot, mir hunn e gesonde Mix do fonnt, dass d'Kanner sech kënnen austoben an dass d'Familljen awer och Rou kënne fannen.

Natierlech ass et och esou, ech mengen dat war fréier och schonn esou, wa mir gespillt hunn, mir hunn an der Gaass gespillt, da war d'Garagëpaart de Goal an do huet all Noper héieren, wéini e Goal gefall ass, well déi Zäit sinn do nach keng schallgeschützte Garagepaarte ginn. An ech mengen dat wäerte mer och haut nach behalen. Ech gesinn och vill an de Citéë ronderëm Basketskierf, do gëtt owes an der Strooss nach Basket gespillt. Ech mengen dat wäert och éiweg bleiwen. Ech mengen dat ännert och elo net vill un de Spillplazen. Ech soe Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Et ass wéi d'Madame Di Bartolomeo gesot huet, mir hu schonn an der Schoulkommissioun e puer Mol driwwer geschwat, mee mir haten awer ni d'Reglement virgeluecht kritt, dass mer et am Detail nach eng Kéier kéinten duerchhuelen. Ech hu mer du geduecht, da schwätzt de mol zu deem Reglement, well et muss ee jo awer soen, dat ass iwwer 20 Artikelen, dat ass net näischt. An wann ee lo Punkt fir Punkt, Artikel fir Artikel duerchgeet, do sinn awer verschidden Inkoherenzen op verschidde Saachen, déi awer nach Froen opwerfen. Zum Beispill Artikel 3, do steet jo: „L'accès sur les sites et l'utilisation des équipements présents se fait aux risques et périls des usagers qui sont seuls responsables pour tout dommage subi et occasionné." Do feelt zum Beispill: Eltern haften für ihre Kinder. Dass d'Elteren dofir responsabel sinn. Mais bon, dat ass een Detail. Da kommen ech op den Artikel 6, do geet et ëm „Les chiens et autres animaux domestiques sont admis dans les espaces verts à l'exception des espaces de jeu en plein air." Do feelt mer dran, dass d'Hënn mussen un der Léngt gehale ginn. Dat steet natierlech am Police-Reglement, mee wann et am Police-Reglement steet, da froen ech mech, firwat mer et iwwerhaapt hei mussen drasetzen, well ech huele jo un, d'Police-Reglement steet nach iwwert dësem Reglement.

Da steet do: „Il est interdit de cueillir des fleurs, des fruits ou des légumes." Grad des fruits, do géif ech awer mengen, wann iergendwou awer bei Bongerten oder sou, wéi ass dat do gereegelt? Däerf een do ni en Apel plécken oder sou? A wéi kontrolléiere mer dat? Mir hunn extra Bongerten ugeluecht fir Äppel a Bieren a wat weess ech nach alles ze hunn. Mat de Blummen, jo OK, dat ass scho richteg sou. An des légumes, do steet jo och do „des lieux spécialement désignés à ces effets", mee bon, deen Zousaz do, dee fannen ech e bëssen iwwerflësseg. Dann den Artikel 8, deen ass ganz interessant. Dass een zum Beispill „L'exercice d'activités sportives collectives ou d'activités culturelles, tels que spectacles, expositions et autres est permis sous réserve de l'autorisation préalable du bourgmestre qui en fixe les conditions. A ces occasions il peut être dérogé aux interdictions de l'alinéa premier." L'alinéa premier, dee seet aus: „En dehors des endroits spécialement réservés à cet effet il est interdit de camper, bivouaquer, allumer des feux, installer des barbecues et faire des grillades." Ech denken dass dat awer net dat ass, wou een eng Derogatioun kritt wann een eng Activité culturelle mécht oder eng Activité sportive collective, ech denken elo un e Cross-Laf oder sou.

An dann ass och d'Fro, wat nennt een eng Activité sportive collective? Gëllt dat och, wann d'Crèchë mol zum Beispill e Picknick organiséieren? Musse si eng extra Derogatioun froen? Dat ass e bësse vag gehalen a bréngt awer och Saachen, déi e bëssen onkloer sinn.Dann, 3 Abschnitter méi spéit: „Toute activité incompatible avec la nature, la salubrité, l'aménagement des lieux et des équipements sont interdits. Tout jeu dangereux, tel que l'usage de pétards, de fusées ou d'armes sont interdits." Dat ass jo iwwerall verbueden, net nëmmen op eise Spillplazen an an der Natur, dat ass jo souwisou och scho vum Police-Reglement verbueden. Dofir ass dat meng Fro. Hei déi Saachen, déi drastinn, déi jo awer am iwwergeuerdente Police-Reglement souwisou scho festgehale sinn, an dann ass et awer net prezis genuch, wéi dat mat de Léngte vun den Hënn zum Beispill. Dann déi Geschicht mat de Kanner ënner 6 Joer, dass déi mussen accompagnéiert si vun der Personne adulte, do huet den Här Steffen

och scho ganz genau erkläert, wéi eng Grenzfäll een do kann hunn. A wat ech ganz interessant fannen, dass mer effektiv am Artikel 9 drageschriwwen hunn: „Il est strictement interdit de consommer des boissons alcoolisées et de fumer sur les espaces de jeu.“ Bon, do musse mer och d'Elteren heiansdo bei der Nues huelen, well ech weess awer och dass Mammen oder Pappen oder d'Bopien oder d'Bomien d'Kanner spille loossen an awer hir Zigaretten do genéissen. Mir huelen un dass mer dat geduecht hu fir och déi Jugendlech ofzeschrecken. Mee ech mengen da muss een awer och d'Recht hunn zu deenen ze soen: Hei ass et verbueden ze fëmmen. Dat wär zum Beispill och eppes, wat een da misst op de Panneau setzen, dee mer bei de Spillplaze stoen hunn.

Dat mam Vëlo. Déi selwecht Remark hat ech mer och geduecht wéi den Här Steffen scho gesot huet. An dann dee leschten Abschnitt am Artikel 9: „Toutes activités incompatibles avec la nature et l'aménagement d'un espace de jeu et ses équipements sont prohibées.“ Dat steet och schonn am Nummer 1, dat heescht, dat ass och zweemol dat selwecht. Dann, zu den Aire de jeuxen, zu deenen ënner 12 Joer. Ech war mer déi mol ukucken am Wolkeschdall. Ech hat gemengt, de Jean-Paul Gangler huet gemengt, dat wär déi grouss, déi mer do gebaut hunn. Ech hat gemengt, et wär déi kleng geduecht, déi niewent der Spillschoul ass. Mee do kann d'Madame Di Bartolomeo eis dat vläicht nach eng Kéier soen. An du war ech an d'Rue Dicks kucken, déi ass tipptopp. An du war ech an d'Rue du Château Fort. Also dat ass jo en aarmséilege klengen Eck. Do sinn zwou sou kleng Schaukelen, do ass eng Kou an et ass e Päerdchen, an déi sinn an engem delabréierten Zoustand. Also wa se déi 63 Anlage kucken, ech mengen op déi Anlag kënne se awer nach eng Kéier e Bléck werfen, dat ass aarmséileg. An do hunn ech mer d'Fro och gestallt, wann elo an engem Quartier, wéi zum Beispill uewen op Butschebuerg, keng aner Spillplaz do ass, firwat restriktéiere mer dat op déi 6 Joer? Bon, se ass net immens attraktiv. Déi kann ee vläicht nach méi attraktiv maachen. Mee et ass awer eng kleng Plaz am Gréngen, wou ee mol raschte kann, e Picknick maachen. Ech denken dat wär awer eng Méiglechkeet, och fir méi grouss Kanner, fir dohin ze goen. Et seet een ëmmer, mir kënnen do Derogatioune maachen. Mee bon, wa mer et hei am Reglement stoen hunn, ech fannen dass mer eis hei e bësselchen ze vill limitéieren.

Voilà. An da geet et ëm d'Ëffnungszäiten. Jo, effektiv, fréier ware se ëm 7 Auer op, mee d'Erklärung, wéi Dir gesot hutt, dass mer déi alleguerten awer eng Kéier offueren a kucken ob alles an der Rei ass. Mir wëssen dass dat de Service ass, dee moies ëm 6 Auer ufänkt mat schaffen. Dat wäerten déi si vum Botzdéngen, Jardinage oder wéi och ëmmer. Dass déi sou laang brauchen, dat fannen ech och Ok. Dat erkläert da meng Fro, firwat mer vun där Ëffnungszäit vu 7 Auer zréckginn.
An den Här Steffen huet genau dat Richtegt gesot. Och fir déi Jonk ass 7 Auer awer e bësse fréi wou se mussen heemgoen. Da kënnt awer e Punkt vun de Schoulhäff an de Schoulen an dee Complexe scolaire. Mir fannen dat absolut onglécklech, dass explizitt drasteet, Sonndes a Feierdeeg ass zou vun 12 bis 14 Auer. Mir hätte gären dass d'Kanner an engem Quartier grouss ginn, wou eng Quartiersschoul ass, wou Quartiersspillplaze sinn, wou d'Kanner sech solle beweegen, den Här Goergen huet et och nach gesot, mir hätte gär, dass d'Kanner dobausse spillen. An dann, ëm 12 Auer, éischtens mol musse d'Kanner wëssen, wéini 12 Auer ass, OK, et kann ee soen, et sinn der vill, déi en Handy hunn. Mee vill Klenger ënner 12 Joer hunn dat awer nach net. Et sinn nach Elteren, déi hire Kanner réischt en Handy gi wa se an de Lycée ginn. Da mussen déi op d'Klack lauschteren. Wéini laut et Mëtteg? Wéi fréier. A fréier bass de dann heemgaangen, well et dann eppes z'iesse ginn ass. Mee dat ass awer haut net sou. An da musse se waarde bis 14 Auer fir dierfe weider ze spillen. Dat ass en Non-sens. Dat ass géint d'Realitéit, sou eppes an e Reglement ze setzen. En plus, wéi kontrolléiere mer dat? Schécke mer dann e Portier ronderëm, deen dann zouspäre geet? Och nach zum Sonndestarif. An deen dann ëm 14 Auer erëm opspäre geet? Wéi wëlle mer dat kontrolléieren? Dat fanne mer absolut onglécklech. Ënnendrënner steet och dee grousse Saz: „Les cours de récréation des écoles et des complexes scolaires annexes sont ouverts au public en-dehors des heures d'ouverture des écoles et maisons relais.“ Neen, domadder si mir net averstanen. Virun allem net an de Vakanzen. Mir kënnen dat net maachen. D'Maison relaise sinn d'ganzt Joer op an da wäre verschidde Schoulhäff d'ganzt Joer zou.

Dat geet net, wa mer fir d'Quartiersschoule sinn, wa mer dofir sinn dass eis Kanner sech an hire Quartieren entfalen a spillen, dann ass dat en absolutten No-go. En plus, wann ech dann den Artikel 13 kucken, eng Derogatioun fir Italien, déi spillen dann de ganzen Zäit. Lenkeschléi, déi hätten erëm gär fir hir Aire de sports och eng aner Ëffnungszäit. D'Gafelt wëll alles zoumaachen, den Däich wëll och erëm eng Extrawurscht. Dir hutt gesot, jo, mir ginn op d'Demanden an, an Dir hutt och gesot „se“ wëllen hire Schoulhaff deelweis anescht affektéieren. Wien ass „se“? De Schoulhaff, d'Spillplazen, d'Mini-Staden, se si bezuelt vun der Allgemengheet, vun den Diddelenger Bierger mam Denier public bezuelt ginn a mir fannen et net richteg, dass mer do rëm Kanner, déi an enger Maison relais si privilegiéiere vis-à-vis vun aneren, wou d'Elteren doheem sinn an hir Kanner versuergen. An déi sollen da Steng an de Wee geluecht kréie fir wa se wëllen an de Schoulhaff goen.
Madame Di Bartolomeo huet gesot, jo, et kënnt aus verschidden Erfarungswäerter, déi mer haten. Mee mir kënne jo net drop waarden, mir hunn elo gesot, am Däich, déi hätte gären hire Mini-Stade nëmmen no de Schoulzäiten zou, well do Jugendlecher souzen. Jo, wa lo de Ribeschpont seet: Jo, bei eisem Mini-Stade sinn och Jugendlecher, déi Chaos maachen, da maache mer erëm en neit Reglement. Also mir sinn net do dofir, dass mir do ee Quartier géint deen aneren ausspillen. Den Här Steffen huet et e bësse méi diplomatesch ausgedréckt, dass vläicht verschidde Quartiere méi Drock maachen, fir déi Jugendlech erauszekréien. Mir fannen dat net gutt. Mir fannen, dass all Kand soll d'selwecht behandelt ginn.

Mir haten déi selwecht Diskussioun, wou et ëm d'Tariffer fir d'Kanner an der oppener Schwämm gaangen ass. Dat hu mer och net richteg fonnt, dass do déi eng, déi an der Maison relais waren an an d'Schwämm gaange

sinn, näischt bezuelt hunn. An déi aner, déi mat hiren Elteren hu virun der Dier misse waarde bis d'Maison relais-Kanner eraus waren, déi dann hu misse bezuelen. Dat huet de Schäfferot agesinn, dat Reglement ass gekippt ginn. Dat ass ganz gutt esou. Dofir kënnen och elo all Kanner bis 12 Joer gratis an d'Schwämm goen.
Sou soll et och si mat dësem dach awer kontradiktoreschem Reglementsentworf. Mir fannen deen net ganz glécklech. An ech denken ëmmer, mir musse verschidde Saache virun Aen halen. Sécher muss dat e bësse reglementéiert ginn. Mee wann ech dat aalt Reglement kucken. Dat waren e puer Zeilen. Dat war op annerhallwer Säit. Dat war grosso modo de klore Mënscheverstand deen do dat Reglement ervirbruecht huet. Mee dat heiten, dat kënne mir absolut net matdroen.

E Panneau geet duer bei all Spillplaz, wou dropsteet: Eltern haften für ihre Kinder. Dass een net soll do fëmmen. Wat se däerfe maachen, wat se net solle maachen. An all Kand, all Schoulhaff, all Mini-Stade soll fir all Kand op sinn. An ech denke mir brauchen och keng Beschäftegungsmesure fir iergendeen, dee Sonndes Mëttes vun 12 bis 14 Auer soss näischt mécht wéi, déi si jo net all ofgespaart, et sinn der vläicht keng 63, mee et wäerten da 40 Anlage sinn, zouspären an opspären. Dann nach deen absolutten, de kokasste Punkt, dat ass den Artikel 17, wann s de do kucks, am Artikel 8, do steet dann drop: „Les faits énumérés à l'article 3, premier alinéa, à l'article 6, à l'article 8, premier et 5ième alinéa, aux articles 11, 12, 13, 14, 15 sont sanctionnés d'une amende administrative de 25 à 250 euros." Also ech hunn déi nogekuckt, mee ech hunn do zum Beispill Inkoherenze fonnt mam Artikel 8. Do si verschidde Saachen erwäänt ginn. Do ass zum Beispill e 6. Alinea, deen ass do guer net dran, dofir weess ech guer net, ob wien de 6. Alinea am Artikel 8 sech soll bezéien. Also wéi gesot, do sinn immens vill Inkoherenzen an deem ganze Reglement. A virun allem geet et eis awer drëm, mir hätte gär eng Preventioun. Mir hätte gär eng Sensibilisatioun, dat ass absolut richteg. Mir hunn e Police-Reglement a mir hätte gären, dass Uerdnung herrscht an eise Gäert, an eise Parken, an eise Spillplazen, an eise Mini-Staden an an eise Schoulhäff. An ech denken, dat kann een awer och anescht festhale wéi an dësem Reglement, wat an eisen Aen effektiv eng Diskriminatioun ass fir Kanner déi net an der Maison relais sinn. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Just kuerz, et ass wierklech schonn immens villes gesot ginn. Mee eis huet eppes an dësem Reglement gefeelt, nämlech filmen a Fotoe maache vun de Kanner op Spillplazen. Ech weess zum Beispill wierklech vun enger direkter Frëndin wat an England wunnt, datt et do wierklech strikt verbueden ass, op enger Spillplaz, wou Kanner spillen, mam Handy esou ronderëm ze goen. An ech muss soen, elo sinn ech jo e bëssi méi oft op enger Spillplaz, an ech mierken effektiv, datt heiansdo awer trotzdeem Leit do sëtze mat engem Handy, wat se do piddelen, kann ee schwéier soen. Mee ouni Kanner a se sinn awer um Handy. Dofir wier et vläicht interessant, fir sou eppes iergendwou unzemierken. Ech weess, dat ass vläicht immens restriktiv, mee wann ee Fotoe mécht, da soll een déi Fotoen och sou maachen, datt just säi Kand op der Foto ass en net sou allgemeng Kanner sech kënnen op der Foto befannen. Et ass vläicht och paranoid, mee leider si mer an Zäiten, wou déi do Saachen ëmmer méi diskutéiert ginn. An ech fannen dat och wichteg, datt ech dat hei gesot hunn.

Eppes aneres wat eis oft, och mir rëm perséinlech, ganz schwéier fält, dat ass datt Spillplazen, ech hunn dat schonn eng Kéier ugeschwat an Dir hutt dat effektiv gesot, datt all Moies alles gebotzt gëtt, ech gleewen Iech dat och. Mee ech muss Iech soen, wann e klengt Kand op enger Spillplaz ass, an niewent der Rutschban ass wierklech sou e grousse Flupp Kacka, ass dat wierklech degueulasse. An ech weess, do si Panneauen op all Entrée, wou seet verbuede fir d'Hënn. Wann ech awer do sou wärend enger Stonn sinn, gesinn ech datt d'Leit wierklech mam Hond just an d'Spillplaz eragi fir datt den Hond Gassi geet, an da gi se rëm raus. Dans le vrai sens du terme ils en ont rien à foutre datt d'Kanner do spillen an datt d'Kanner mol kënne stolperen a falen a vläicht fale se just an de Kacka. Also et ass wierklech net flott. Ech wëll net soen, datt d'Gemeng do responsabel ass. Mee et wier vläicht interessant, datt mer iwwert de Problem diskutéieren an eventuell Léisunge fannen. An eng Propos wier: Et gi verschidde Spillplazen, wou mer effektiv sou e Gitter hunn, wou wierklech dofir geduecht ass, datt Hënn dohinner Gassi maache ginn. An et wier vläicht ubruecht, dat iwwerall ze maachen anstatt op de Panneauen an der Entrée ze soen „Verbuede fir d'Hënn" well d'Leit respektéieren dat souwisou net. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech ka mech relativ kuerz halen, well et ass scho ganz Villes gesot ginn. Ech si selwer net an der Schoulkommissioun, mee ech hu mer awer soe gelooss, dass och do sech immens vill Gedanke gemaach ginn. Virun allem och iwwert déi Fro vun de Schoulhäff. Mir verstinn och dass ee muss eppes Bestëmmtes an e Reglement schreiwen, wann do Leit sinn déi profitéieren a sech einfach net un d'Reegelen halen. Et ass jo och gesot ginn, dass awer all d'Schoulen, respektiv d'Maison relaisen dat kënnen uwenne wéi se wëllen. Mir géingen dann och einfach mol dovun ausgoen an hoffen, dass do eng gewëssen Ouverture a Laxitéit ass a wa Kanner einfach do sinn, déi sech ëm sech selwer këmmeren an déi spillen a sech un d'Reegelen halen, dass déi dann net do rausgeheit gi well se net an der Maison relais sinn. Do gi mer mol dovunner aus, dass dat mat engem gewëssene Mënscheverstand ugewannt gëtt.

Zu den Auerzäiten allgemeng versti mer och, dass dat vu 7:00 op 8:30 moies geréckelt ginn ass. Ech war och ni e Kand, dat sech de Wecker gestalt huet fir kënnen op d'Spillplaz ze goen. Par konter, dass et dann awer owes am Hierscht an am Wanter vun 20 Auer no 19 Auer virgezu ginn ass, dat fanne mer e bësse schued, well dat effektiv fréi ass. An dann zum Schluss mat de Mini-Staden, dass et do ënnerschiddlech Reegele gëtt, dat gouf elo schonn e puer Mol gesot. Mir fannen dat och e bësse komesch. Mir verstinn, dass et fir d'Awunner net ëmmer ganz einfach ass. Als Kand hunn ech direkt nieft der Briller Schoul gewunnt. Dat war déi Zäit, wou nach do ganz vill Streetball do gespillt ginn ass. Ech weess, dass dat heiansdo Kaméidi gemaach huet. Et war awer och net dramatesch. An ech ka mech erën-

neren, wärend dem Walkampf d'leschte Joer war ech am Lycée hei zu Diddeleng an do war et wierklech, all Jonke koum ëmmer mat där selwechter Demande, dass misste méi Plaze virgesi sinn, wou se kënne Fussball spillen. An dofir fanne mir et och effektiv e bëssen onglécklech, dass et do fir verschidde Quartiere verschidde Reegele ginn, well mer awer mengen, dass déi Jonk ëmmer méi e bësse verdréckt ginn a keng Plaz méi hunn. Dach, se hunn nach Plazen. An trotzdeem fanne mer et e bëssen onglécklech. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. D'Michèle huet ganz ganz Villes gesot gehat, awer eppes huet et vergiess nach dobäi ze setzen an dofir fügen ech dat och nach dozou. Mir hunn eis ganz vill Gedanken zesummen doriwwer gemeet gehat, wéi mer dee Punkt hei sollen ugoen. Den Här Goergen huet nach gesot: Haut kuckt jiddwereen ëmmer méi no sech. Dat Reglement kënnt jo, well mer an der Gesellschaft ëmmer méi Problemer hu mat der Disziplin a mam Respekt. Vun do komme jo déi Reglementer, déi mer mussen aféieren. Soss géif jo keen op d'Iddi kommen, fir dat heiten ze maachen. A wa mer lo trotzdeem an déi Richtung ginn dass mer d'Schoulhäff an d'Mini-Staden zoumaachen à disposition vun de Maison relaisen, da spille mer dat jo grad erëm weider no vir. A mir hu virun zwee Joer eng Charte hei ausgeschafft gehat, eng Charte „Ensemble". An déi ass net anzehalen. A mat sou Reglementer wéi deem heiten, dass mer Saachen zoumaache fir d'Maison relaisen, spille mer déi Charte do aus.

An ech mengen, dass mer vill méi nees mussen zréckkommen drop ze kucken, firwat feelt de Respekt an d'Toleranz an der Gesellschaft? Wat leeft schif? An déi Fro stelle mer eis net méi. Mir stellen eis net méi déi Fro: Firwat ass dat esou? Mir huelen dat einfach sou hin a mir maachen nach méi Reglementer, a mir ginn nach méi streng. An déi Reglementer, déi gemeet ginn, déi gi gemeet fir herno erëm gebrach ze ginn. An da maache mer duerno nach méi streng Saachen. An effektiv, déi Jonk, vill Jonker, déi spiere sech virun de Kapp geschloe bei verschiddene Reglementer. An dat ass och net wierklech fair. An ech mengen dass mer vläicht awer nees e bësse méi op de Grondsaz kucke goen, wéi mer verschidde Saachen nees kënnen änneren a besser maachen. An och fir dass déi Charte iwwerhaapt kann agehale ginn, déi mer ausgeschafft hunn. Mir hunn eis alleguer zesummegestallt fir eng schéi Foto domadder ze maachen an dat war och bestëmmt vill Aarbecht, fir déi Charte auszeschaffen, mee wa mer net mol probéieren, se anzehalen, da brauche mer sou Saachen awer net ze maachen. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter. Et ass scho Villes gesot ginn. Ech wollt awer just nach op e puer Saachen eng Kéier kuerz agoen. Fir mech sinn d'Spillplazen do fir d'Kanner. Déi Jugendlech, oder wéi d'Madame Di Bartolomeo virdru gesot huet, dass se mat den Autoe souguer bis bei de Fussballterrain gefuer kommen. Déi kënnen och op aner Plaze goen, wou d'Diddelenger Gemeng fir se preparéiert huet wéi an der Waldschoul oder wéi bei der Skaterpist a sou weider a sou fort. Do kéint ee sech vläicht iwwerleeë fir nach 2 oder 3 Plazen erauszesichen, wou een och e bësse méi à l'écart ass vun de Wunnengen. Wat awer sécherlech e grousse Problem ass, dat ass dat, wat d'Madame Ahmedova och gesot huet, dat ass dass vill Leit einfach kee Sënn fir Propretéit hunn a just no sech selwer kucken. Verschidde Spillplazen, wéi zum Beispill déi an der Rue de la Vallée, fir just eng als Beispill ze huelen, wou och Duerchgang ass, déi gi just nach als Muppentoilette benotzt. Déi leschte Kéier war ech do mat menge Kanner an ech hunn iwwer 20 Fläpp opgeraf. An du ass eng Fra komm mat zwee Muppen a wou déi mech du gesinn huet, huet déi d'Flucht ergraff. An do musse mer eis eeschthaft Gedanke maache wéi mer do solle virgoe fir dass déi Reegelen, déi mer natierlech och selwer festleeën, och agehale ginn. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Et ass ganz vill gesot ginn. Ech wëll och elo ganz roueg bleiwen, well ech si scho relativ laang am Gaangen. Dat Reglement, dat gëtt et jo net réischt säit gëschter. Also am Prinzip hu mer Auerzäite geännert, mer hu Saache bäigesat, dat ass scho richteg, déi awer och schonn am Police-Reglement sinn. Mee fir de Rescht, eng Begleedung op d'Spillplaz vun engem Adulte, dat war och nach ëmmer sou. Et ass jo net sou, datt do ee kontrolléiere geet, ass dat déi grouss Schwëster? Dat ass een, dee vun den Elteren d'Responsabilitéit kritt, fir mam Kand dohinner ze goen. Ech kann net beurteelen, ob d'Schwëster vun 12 Joer à même ass, fir dee vu 4 Joer matzehuelen. Et ass einfach e bëssen dat, wat een domadder wëll soen.

Dann, den Här Gangler hat gefrot Wolkeschdall, dat ass beim Précoce déi kleng Spillplaz. Den Här Meyer huet gefrot Basketskuerf an der Lenkeschléi. Also do hat ech eigentlech ni iergendeng Reklamatioun, well dat awer méi geschützt am Haff ass. Also dat ass jo net direkt un den Haiser drun. E Basketskuerf, dee réckelt een och séier, e Multi-Stade, do muss ech soen, deen ass do, wou en ass. Mee e Basketskuerf, ech kann dat awer gären eng Kéier nofroen. Dann den Här Steffen. Deen huet eigentlech och e bëssen iwwert d'Jugend geschwat. Wou solle se sech dann ophalen? A verschidde Reglementer. Also ech muss soen, mir haten och fir d'Jugend op NeiSchmelz, leider ass dat lo de Fall, datt do ofgerappt gëtt, mee dat war am Fong hir Plaz.

Ech kann Iech soen, an dat léiert mech, ech si jo scho relativ laang dobäi: Fir d'Jugend schaaft ee keng Plazen. Si schafe sech se selwer, si siche se selwer. Si ginn hin a si soen: Voilà, dat do ass eis Plaz wou mir eis ophalen. Datt si lo net méi däerfen an der Lenkeschléi, wou wierklech un den Haiser läit, Fussball spillen ab 20:00 Auer, dat ass wéi den Här Meyer sot, si komme mat den Autoen dohinner, si kënnen och op aner Plazen. D'Waldschoul ass nach ëmmer do, wou se sech awer kënnen ophalen an zesumme sinn, bis eng gewëssen Auerzäit. Da Fëmmen. D'Madame Kayser huet gesot, Fëmmen op de Spillplazen. Also ech ginn net d'Mamme kontrolléieren, ob se do fëmmen oder net. Et ass kloer datt op enger Spillplaz net däerf gefëmmt ginn. Wien sech net drun hält, ech sinn elo net d'Police, ech ginn net kontrolléieren. Ech mengen de gesonde Mënscheverstand seet, datt d'Mammen net sollen op de Spillplaze fëmmen. Ech mengen dat misst mëttlerweil souguer deen Allerleschte matkritt hunn.

Dann, datt mir soen, d'Spillplazen ab 19:00 zou am Wanter fir 12 Joer. Ech mengen datt et da scho stackdäischter ass. Ech weess elo net, ob een dann nach onbedéngt muss dobaussen lafen an deem Alter, dofir hu mir dat am Fong ëmmer festgehalen. Dat war soss 20:00. Ëm 19:00 ass et genau sou däischter wéi ëm 20:00. Ech menge mir hunn dat jo laang diskutéiert. An dann ass vill gesot ginn: Jo, lo ginn déi Kanner, déi an der Maison relais si privilegiéiert. Also ech weess net, ob dat e Privileeg ass, wann ee muss e ganzen Dag an enger Maison relais sëtzen. Ech mengen datt Dir och ëmmer dofir antrëtt, datt d'Kanner net sollen dauernd an der Maison relais sinn. An elo schwätze mer vun engem privilegiéierte Kand wat de ganzen Dag vu moies 07:00 bis owes 19:00 an enger Maison relais sëtzt.Bon, datt mir dat zur Verfügung gestallt hunn, ech hunn et erkläert, dat ass eng Responsabilitéit datt mer soen: Voilà, wann d'Maison relais do ass, da muss ee kucken, wéi ass et mat der Responsabilitéit? Kommen do aner Kanner? Kënne mer domadder ëmgoen? Mir kennen déi Kanner net. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet: mir hunn 12 Schoulgebaier, mir hunn 12 Schoulhäff. D'ganz Vakanzen an all Vakanz, an dat kann een och nofroe beim Erni Hoffmann, hu mir ëmmer nëmme 4 Sitten op. Dat heescht, et bleiwen nach 8 Schoulhäff, déi komplett op sinn. Wou ee ka spille goen, wou ee ka Vëlo fueren, well ech mengen och Vëlo fuere war en Thema, also ech mengen datt dat ganz, ganz vill Plaze sinn, wou een nach ka profitéieren. Dobäi kënnt, niewent deenen 8 Schoulhäff, wou jo dann op sinn, hu mer och nach 29 Spillplazen, déi jo wuel och net nëmme vu Maison relais-Kanner benotzt ginn. Ech mengen och déi kann ee benotzen. Dat sinn awer ganz vill Plazen. Dat Eenzegt, wou ech Iech ka Recht ginn, dat ass e bësse Jugend. Jugend, wéi gesot, et deet mer lo e bësse leed, datt si do net méi op NeiSchmelz kënne sinn. Mee am Ribeschpont, do hu se och genuch Espace, wou se och kënne sinn. Ech mengen de Loris hat eng Kéier e Projet mam Jugendgemengerot, wou se sech en Terrain ausgesicht hu fir Fussball ze spillen. Mir sinn och do ënnerwee fir ze kucken, datt och si hir Plaz fannen. Mee wéi gesot, mir siche se net, si musse se selwer sichen an ech mengen datt d'Madame Dimmer och do eng Hand wäert mat upaken. Ech mengen dat wär alles, wou ech wollt drop agoen. Ech wollt awer nach just soen, Lenkeschléi, d'Ausnamen. Firwat déi Ausnamen?

An der Gaffelt, deen hu mer jo ganz zougemaach, do war d'Police all Dag dräimol. Wa se do waren an d'Police ass fortgefuer, si se rëm zréckkomm. Dat war nëmme Krich mat den Noperen, mat de Leit, mat allem. Si hunn do Saache gemaach, déi kënnt Dir Iech net virstellen. An eigentlech hate mir et gutt gemengt, fir do en Terrain ze maachen. Just Respekt, also dat waren net nëmme Jugendlecher, mee och ganz aner Leit, déi do waren. D'Lenkeschléi, also ech muss Iech soen, wann der do wunnt an dir wunnt do niewent deem Fussballterrain, an déi Jugendlech däerfe bis owes 22:00 spillen, an da spille se weider, an da rufft der d'Police, an d'Police kënnt ëm 23:00. A sou laang wéi d'Police net do war ass do weider Kaméidi. Da muss een och iergend eng Kéier soen, mir mussen déi Leit schützen. Mir kënnen net nëmmen d'Kanner schützen oder de Kanner eppes zur Verfügung stellen. Mir mussen awer op d'Leitronderëm kucken.

Däich, do kann ech ganz kloer soe wat geschitt ass, dat ass och kee Geheimnis. Do sëtze se mëttes ab 15:00 mat Kiffen a Béierfläschen. Ech weess net, ob dat e schéint Bild ass fir d'Kanner. Mee dat ass awer och Grond genuch fir eis ze soen, mir maachen do zou. A wann dann d'Kanner net méi do sinn, da kënne se natierlech dohinner. Also ech fannen dat elo net sou schrecklech.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Josiane fir déi doten Erklärungen, ech wollt vläicht just nach e puer generell Remarke maachen, well virdrun ugefouert ginn ass, dass mer, also ech fänke mol sou un: D'Police-Reglement huet net méi eng grouss Valeur wéi elo dat heiten. D'Gesetz hätt éischter méi eng grouss Valeur. Et ass net, dass d'Police-Reglement eng aner Valeur huet. Et ass ëmmer e Règlement communal, sou wéi dat heiten och ass. Dat ass einfach mol reng juristesch gesinn. Dann ass virdrun déi Ausféierung gemeet ginn dass d'Schoulhäff, d'Spillplaze mat ëffentleche Gelder finanzéiert goufen. Jo, dat ass richteg. Ech mengen d'CSV hat dat gesot, do sinn ech ganz bei Iech Madame Kayser. Et ass awer och d'Verantwortung vun dësem Gemengerot, d'Modalitéite vun der Notzung ganz kloer ze reegelen. An dat ass eise Rôle an och eis Responsabilitéit, an dat maache mer och hei.

A wann een awer och kuckt d'Ausféierunge vun der CSV, déi gesot hunn 2007, effektiv war dat e Gemengereglement, dat waren eebe just e puer Zeilen. 2007 bis elo 2024, innerhalb vu 17 Joer hunn awer d'Gegeebenheeten hei an Diddeleng vun der Notzung vun de Schoulhäff, vun de Spillplazen awer och grondleeënd geännert. An ech hunn awer och eng liicht Kontradiktioun an Ären Ausféierunge fonnt. Och säitens vun der d'CSV engersäits, d'Madame Kayser sot: Jo, soll een et reegelen, awer de klore Mënscheverstand soll spillen. Dat ass e bësse sou den neie Mot d'ordre, de klore Mënscheverstand. Op där anerer Säit sot Der, den Här Martini, mat Recht, et ass de Respekt, deen net méi spillt. Majo wat dann elo? Klore Mënscheverstand? Respekt, deen net méi spillt? Ech mengen dat ass net onbedéngt dat selwecht. Mir hunn de Constat gemeet dass klore Mënscheverstand soll spillen an anerersäits gëtt de Constat gemeet, dass näischt méi respektéiert gëtt. Also weist dat jo ganz kloer, dass de klore Mënscheverstand soll present sinn, wa Saachen net méi respektéiert ginn, dass ee muss eng Approche huelen an och deementspriechend e Reglement huelen, wat d'Modalitéite fixéiert.

Dat ass jo dat, wat hei gemeet gouf. Dat Reglement hei dréit enger Rei Gegeebenheete Rechnung, déi aus der Erfarung eraus koumen a wou mer als Gemeng och domat befaasst goufen op déi verschiddensten Aart a Weisen. Dofir ass et och e schwieregen Exercice, déi Modalitéiten hei sou auszeleeën, wéi se ausgeleucht goufen. An d'Gegeebenheeten a Quartieren, déi wäerten och nach weider evoluéieren. An et ass sécherlech och méiglech, dass eng Kéier déi éischt Mouture hei muss adaptéiert ginn en fonction vun der Evolutioun an och vun den Erfarungen, déi gemeet ginn, engersäits vun den Utilisateure vun de verschiddenen Installati-

ounen awer och säitens vun de Réckmeldungen, déi ee kritt aus dem Quartier, well dat Ganzt gehéiert jo och zesummen an och d'Gegeebenheete sinn an eise Quartiere verschidde gewuess, sou dass een net hei kann e klassesche Moule wou alles dra kënnt an iwwert e Leescht zéien, och sou ausriichten. Sou dass dat heiten awer schonn en delikaten Exercice war fir un deene verschiddene Stellschrauwen ze dréien.

A mir mussen elo souwisou kucke wéi d'Ausleeung an der Praxis ass a wéi dat och fonctionéiert fir dass grad eeben, wat ech och net deelen, wat den Här Martini gesot huet, fir dass grad de Vivre ensemble hei méiglech ass. Well och dat war en Element, dat s Du ugefouert hues, déi Modalitéiten hei sou ze definéieren, wéi se definéiert goufen an net ze soen, dass dat heite géint de Vivre ensemble ass. Och dat kann een hei net sou am Raum stoe loossen. A wéi gesot, et ass un eise Servicer an awer och un der Police, respektiv dann och ze kucken, wéi dat hei ëmgesat gëtt a wéi och dann d'Reaktioune sinn op dat heite Reglement, wat jo effektiv op Erfarungswäerter baséiert, déi mer schonn iwwert déi leschte Jore gesammelt hunn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci. Éischtens emol, ech hunn dat net gesot, d'Kanner aus der Maison relais. Ech sinn deen Allerleschten, deen dat gutt fënnt wann d'Kanner de ganzen Dag an dat ganzt Joer an der Maison relais sinn. Mee wann si awer däerfen d'Schoulhäff benotzen an déi Kanner, deenen hir Eltere vläicht op eng 80%-Tâche ginn an hir Kanner doheem versuergen, déi däerfen dann net an deen éischte Schoulhaff an hirer Géigend spille goen, mee déi mussen an een anere goen. Da sinn d'Kanner an der Maison relais „privilegiéiert“ an déi aner si benodeelegt, well déi vläicht méi wäit musse goen. Vun de Jugendlechen. Ech menge mir schwätzen hei net, alleguerten, déi hei d'Wuert ergraff hunn, vun de Jugendlechen, déi mam Auto kommen. Mir schwätze vun deene vun 12 bis 15 Joer, déi zu Fouss oder mam Vëlo an hir Géigend wëlle spille goen. Ëm déi geet et. Et geet net ëm déi, déi mat 18 Joer dann dohinner kommen a Chaos maachen. Ech hunn awer nach en konkret Fro: Sonndes, Fermeture 12:00 bis 14:00. Wéi kontrolléiere mer dat, wéi maache mer dat?

An dann, den Här Buergermeeschter huet et selwer gesot: Ma mir wäerten dann deemnächst och alt erëm hei sëtzen an eng Adaptatioun maachen. Jo, wann am Ribeschpont Vandalismus gemaach gëtt oder wann zu Butschebuerg Vandalismus gemaach gëtt. Mee dat kann et jo awer net sinn. An dat ass et, wat den Här Martini gesot huet. Dat kann et dach net sinn, dass mer ëmmer da soen: Ma da maache mer zou. Ma da maache mer zou. Dat bréngt jo näischt. Dann hu mer guer näischt geännert. Mir hu vill Schoulpersonal, déi sech immens Méi ginn eng Charta ze entwéckele mat Respekt a mat hei a mat do. An ech denken, wa mer méi eng Campagne géife maachen, fir dobaussen d'Leit ze sensibiliséieren, dass se net mat hiren Hënn Kacka maache ginn op eng Spillplaz, wat ech och absolut schlëmm fannen. Wa mer do géife méi proaktiv, preventiv virgoen, da bräichte mer hei net sou e Morcellement vun engem Règlement global ze maachen, wat absolut ongléckleech ass. A mengen Aen ass dat hei en onglécklecht Reglement, a wéi gesot, mir kënnen dat net droen. Mee meng konkret Fro ass: Wéi kontrolléiere mer dat, dass d'Spillplaze sonndes tëschent 12:00 an 14:00 zou sinn?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Also fir d'éischt emol, wéi kontrolléiere mir dat? Mir kontrolléieren et am Fong net, mee et gëtt awer de Leit d'Méiglechkeet och mol eng Kéier op hirer Terrass dobaussen z'iessen, wann an der Mëttesstonn eng Kéier net Fussball dobausse gespillt gëtt. Ech kann do ganz konkret Fäll soen. A mir halen eis do e bëssen un dat, wat am Kaméidisreglement ass. Iergend eng Kéier muss awer och e bësse Rou an deem Ganze sinn. Dat hei ass sonndes vun 10:00 bis 12:00, also mir wäerten elo net eis Agents municipaux ronderëm schécken, déi dat kontrolléieren. Dat ass am Fall wou Leit sech gestéiert fillen, dat hunn ech virdru schonn eng Kéier gesot, do hu se de Moyen ze soen: Hei wannechgelift haalt elo op mat Spillen hei.

Dann déi Leit, déi op 80% erofginn oder op 50% fir doheem ze bleiwen, déi ginn dann elo gestrooft well d'Maison relais am Schoulhaff ass. Ech soen et nach eng Kéier. Mir hunn 63 Anlagen. Da wäert et jo méiglech sinn déi 12, wou d'Maison relais ass, net ze benotzen. Et ass jo lo net sou wéi wann der iech misst an de Bus setzen an elo eng Stonn duerch Diddeleng fuere fir op déi nächst Spillplaz ze kommen. Ech huelen e Beispill, d'Gaffelt. D'Gaffelt, dat ass jo sou dat typescht Beispill. Do ass de Schoulhaff dann zou, net zou, mee do ware ganz vill Schwieregkeeten iwwer Joren, well d'Leit einfach hir Kanner deposéiert hunn obwuel se net ageschriwwe waren. Jo, dat ass schlëmm.

Also ech mengen den Här Zuang, dee kann do besser drop äntwere wéi ech. Hie war déi Zäit responsabel. Ech muss awer soen, wann een an der Gafelt wunnt, da wunnt een ongeféier 200 m vum Mayrisch-Park ewech. Da misst et jo och méiglech sinn, datt ee kann an de Mayrisch-Park goen. Oder et kann ee vläicht och an d'Rue de la Vallée goen, do ass och eng Spillplaz. Oder et kann een och vir déi notzen. Bon, et ass eng Diskussioun. An der Schoulkommissioun ass se anescht gefouert ginn. Déi war awer vill méi calme an do konnt jiddwereee matdiskutéieren a seng Meenung soen. Dat hei ass awer dat, wat ech d'leschte Kéier presentéiert hunn an der Schoulkommissioun, an do ass awer kee Wuert gesot ginn. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Ech géif nach vläicht eng Stellungnam huelen an da géif ech ofschléissen. Well mir mussen och e Vott virhuelen a mir hunn nach aner Punkten um Ordre du jour a mir si scho laang hie am Gaangen. Dofir wëll ech hei op d'Auer kucken. Dofir eng Interventioun, maximal zwou, an da maache mer hei d'Diskussioun zou. Den Här Zuang an dann den Här Steffen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wollt just ganz kuerz soe vun der Gafelt. Et ass net dass d'Gafelt do eleng war deemools. Et ass effektiv de Wonsch vun den Eltere komm, dass d'Schoulhäff zougemeet gi si moies a wärend der Schoulzäit, loosse mer sou soen. An an der Maison relais war et och op Wonsch vum Personal déi Zäit.

D'Gaffelt déi louch esou als Boxestopp, wann ech dat ka sou soen, tëschent der Nic Biever-Antenn uewen aus dem Quartier Italien an dem Zentrum. An dann ass do da mëttes, ëm 14:20 wou et geschellt huet, ëm 14:30 spéitstens war dann d'Ekipp do. An déi hu sech do wierklech net gutt beholl. Dat heescht déi hunn eis Kanner, déi awer ënnert der Opsiicht ware vun eisem Personal vun der Gemeng, se hunn déi Kanner do drangsaléiert. Ech wëll net soen och Sauereie gemeet, dat huet schonn ugefaange mat Fëmmen hei an de Ball ofgeholl an op d'Kanner geschoss an, an, an. An déi hu sech natierlech och näischt soe gelooss vum Personal.

An doropshin ass och dann aus Sécherheetsgrënn den Haff och zougemeet gi wärend där Zäit, wou d'Maison relais stattfonnt huet. Ech mengen da muss een och e bësselchen nodenken an och soen, dass dat net einfach sou au pif gemeet ginn ass, mee dass dat effektiv gemeet ginn ass no laangen Analysen. Dat ass och net aneschters wéi aner Schoulhäff. Doropshin ass dat och do gemeet ginn. An net einfach fir do ze soen, dass déi Kanner privilegiéiert sinn. Hei geet et och ëm d'Sécherheet an ëm de Schutz.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ma da soen ech Merci fir d'Wuert. Ech probéiere ganz léisungsorientéiert vun deenen eenzele Fäll erëm e bëssen op dat méi Grousst ze kommen. Dat vum Kacka oprafen, do hu mer herno nach eng Motioun, wou Dir Iech all dofir kënnt ausschwätzen, dass mer Dreck oprafe ginn d'nächst Joer. Dofir géing ech elo do net weider drop agoen. Dat mat den Ëffnungszäiten. Effektiv, am Wanter, do ass et iergendwann eng Kéier däischter an do hunn ech mer e bëssen d'Fro gestallt, meng Consigne war ëmmer, du kënns eran, wann et däischter ass. An dat war dann eebe souwisou gebonnen. Dofir hunn ech mech effektiv gefrot, ob et net machbar wier, sou Ëffnungszäiten einfach erauszeloossen, well souwisou, du gees heem wann et däischter ass, well s de näischt méi gesäis.

Dann awer eng aner Saach, déi e bëssen ugeklongen ass, dat wier dann d'Fro vun der Preventioun. Mir hunn doriwwer geschwat gehat. Ech géif dann e bësse méi positiv beliichte wéi d'Madame Kayser et duergeluecht hat. Wéi kréie mer et dann hin, dass mer iergendwéi eng Auswäertung, eng Upassung vun deem Reglement do kréien, dass mer eeben net an déi Situatioun kommen, dass mer méi restriktiv ginn, mee dass mer vläicht och kënne soen, mir kucken no engem Joer an dann diskutéiere mer iwwer Lockerungen. Oder mer maache vläicht iergendwéi e gemeinsame Projet mat der Jugendkommissioun, wou mer kucken, wéi mer mat Jugendlecher zesummen dee Problem an de Grëff kréien. Dass mer mat hinnen zesumme ganz geziilt Léisunge siche fir eventuell eenzel Häff. Einfach eng Kéier konkret mat hinnen ze kucken: Hei wéi stellt dir iech dat doten da vir aus ärer Siicht? Dann hätte mer déi Jonk mat agebonnen. Mir hätten hinnen erméiglecht, eng Léisung mat hinnen ze sichen a mir missten hinnen dann net déi Plazen zoumaachen.

Et ass virdru sou schéi gesot ginn: Déi Jugendlech, fir déi schaaft ee keng Plazen, si huele sech se. A mir maachen hinne se soss jo just zou. Am Fong kéint ee jo do kucken, OK, wéi kéint ee se da mat hinnen zesummen



erhalen? Dat wier sou mäi lescht Wuert dann heizou. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Éier mer op de Vott iwwergi wollt ech just nach zwou Remarke maachen. Also par rapport zum Vandalismus generell. Eng Persoun déi Vandalismus wëll bedreiwen, déi léisst sech net ofschrecke vun den Auerzäiten a vu Panneauen. Wann een déi Intentioun am Kapp huet, egal ënnert wéi enger Form, da wëll en dat och maachen an da sinn et net déi Auerzäiten hei, déi e méi oder manner ofschrecken, deemno wat e gären och vu Vandalismus wëll bedreiwen. A mat deenen Auerzäiten, par rapport zum Contrôle deen hei virgefouert gouf vun der CSV, dat spillt sech natierlech bei alle Reglementer, bei allen Auerzäiten, bei aneren där Dispositiounen ass ëmmer eng Fro vu Contrôle, deen do ass. An et kann een ëmmer erëm d'Fro stellen, wéi gëtt dat garantéiert? Mee dofir si jo déi Instanzen do, déi dofir kënne suergen.

Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. ***Wien ass mat deem heite Reglement, sou wéi et hei presentéiert gouf an ausgeschafft gouf averstanen? Dat ass d'LSAP, d'DP an den ADR. Wien ass dogéint? Dat ass d'CSV. Wien enthält sech? Dat sinn Déi Gréng an Déi Lénk.*** Ok. Villmools Merci.

# 4. URBANISMUS

**4.1. Approbatioun vun der Konventioun a vum Projet d'exécution fir de PAP «Rue Pasteur», dee mat der Societéit Sedna Investments & Services S.A. ofgeschloss gouf.**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass Urbanismus. Ech begréissen d'Eva Gottschalk an den Tom Bernard. Hei hu mer eng Konventioun an de Projet exécutif fir de PAP Rue Pasteur. Ech wëll net laang op dee Projet agoen, well dee Projet, dee war schonn hei am Gemengerot, deen hate mer 2017 hei gestëmmt. Och 2019 d'Convention d'exécution. Mir haten och am Kader vun der Refonte vum PAG hei dem Promoteur Rechnung gedroe par rapport zu enger Contestatioun, déi e gemeet huet. Dat Eenzegt, wat eis am Fong haut hei betrëfft, 14 Unitéiten, déi am Projet initial waren, dat ware jo 14 Maisons unifamiliales fir 35 Awunner a lo si mer jo op 18 Unitéiten, also 10 Maisons unifamiliales a 4 Maisons bi-familiales, also 45 Awunner, déi hei concernéiert sinn. D'DL ass jo am Fong erhéicht ginn.
A wat hei festgehale gëtt iwwert déi Konventioun, dat



ass, dass d'Durée verlängert soll gi vun der Konventioun, fir och deementspriechend kënnen eng Geneemegung auszestellen, well de Projet, an dat gesitt Der och an der Argumentatioun, a Verzuch geroden ass, well jo en Rei Moossnamen hu misse geholl ginn, Kompensatiounsmoossnamen. Mam Environnement waren do Diskussioune fir déi ze fannen, fir déi och kënne virzehuelen. Dat heescht um Projet en tant que tel par rapport zu der leschter Mouture huet näischt geännert. Et sinn eebe just déi Moossnamen, déi zum Retard gefouert hu fir déi Compensation environnementale, well dann de Promoteur och Diskussioune mam Ëmweltministère hat an déi dozou gefouert hunn dass Retarde waren. A wat mer hei maachen, de Projet en tant que tel bleift. Et ass just d'Konventioun, déi nach eng Kéier 2 Joer verlängert gëtt, fir dass de Projet och kann exekutéiert ginn. Méi ass et net, wat un deem Projet ännert. Dofir maachen ech och d'Ekonomie vun der Presentatioun well de Projet dem Gemengerot jo beschtens bekannt ass. Froen, Remarken dozou? Dat ass net de Fall.

Ass de Gemengerot da mat der Prolongatioun vun der Konventioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**4.2. Approbatioun vum Projet de Lotissement/Morcellement, dee vun der Societéit GEOCAD am Numm vum Här Remy Berchem presentéiert gouf fir eng Terrainsparzell op 47, Rue de Hellange**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass e Projet vun engem Morcellement par rapport zu engem Projet, deen och an der Bautekommissioun presentéiert gouf. Mir sinn op der 47, Rue Helleng hei zu Diddeleng, dat heescht zu Biereng. Dat ass e Projet deen an der Bautekommissioun presentéiert gouf den 22. Abrëll 2024. Am Virfeld huet och de Service Architecture et Domaines en Avis favorable ginn. D'Demande déi ass eis och am Mäerz hei eragereecht ginn. Och d'Bautekommissioun huet hieren Avis favorable ginn. Hei ass d'Realisatioun vun enger Maison bi-familiale. Et ass 130m2 an 160m2, et sinn 12,42 Ar, Proprietär ass den Här Remy Berchem an dofir muss de Gemengerot hei säin Aval ginn nodeems d'Bautekommissioun de Projet favorabel aviséiert huet. Dat zu der Prozedur.

Ass de Gemengerot domadder averstanen?
***Ass dat unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 5. PERSONAL

**5.1. Schafung vun engem Posten als Salarié à tâche intellectuelle en vue vun engem Engagement à tâche complète vun engem Chômeur de longue durée (Service de la circulation)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An dann hu mer hei de Service Circulation, an da géif ech dem Claudia d'Wuert ginn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Mir proposéieren Iech hei e Posten als Chômeur longue durée, eebe wéi de Buergermeeschter richteg sot, fir de Service Circulation ze schafen. Firwat lo grad fir dee Service an net fir en anere Service? Duerch déi vill administrativ Demarchen, déi och am Laf vun der Zäit ëmmer méi grouss gi sinn, muss Minimum ëmmer ee vun deenen zwee technesche Beamten de Moment mathëllefe bei där Aarbecht, well mer aktuell och nëmmen eng administrativ Beamtin am Service hunn. A wann déi da mol krank ass oder am Congé ass, da muss ëmmer een Techniker physesch dobleiwen, well Dir wësst, et ass e Service, wou d'Firmaen, haaptsächlech Entrepreneren, awer och Privatleit, hikomme mat Froen an och Demanden, déi mussen ausgefëllt ginn a beaarbecht ginn.

Et ass also genuch Aarbecht do, fir eng zweet administrativ Persoun kënnen ze beschäftegen. Dofir gëtt de Service dann och um technesche Niveau besser opgestallt, fir eeben déi Chargen an déi Aufgaben, déi och net manner gi sinn, an déi zum Deel leie bleiwen, wa se mussen administrativ Aarbecht maachen, besser ze bewältegen. An dofir wëlle mer eeben e Chômeur à longue durée iwwert de Programm EMI, dat ass d'Ofkierzung vun „Emploi d'insertion pour des demandeurs d'emploi de longue durée" astellen. Mir hu momentan 9 Leit ënnert deem Programm bei eis schaffen an eng Persoun dovunner geet och elo gläich an d'Pensioun. Mir kënnen awer dee Poste vun där Persoun net einfach mat enger neier Persoun besetzen, dat geet net. Firwat? Ma fir eebe kënne vun deenen Aidë vun der ADEM ze profitéieren, muss dee Posten, also all Posten do an deem EMI-Programm vum Gemengerot all Kéiers nei geschaf ginn an doduerch krite mer och 150% vum Salaire minimum social vum Salarié non-qualifié pro Mount un Hëllef vun der ADEM bäi. Wéi gesot, all Posten, dee mer kreéieren, muss hei frësch geschaf ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Claudia fir déi doten Erklärungen a Presentatioun. Si Remarken oder Froen dozou? Dat ass net de Fall. Kënne mer dann zum Vott iwwergoen? Ass de Gemengerot mat der Kreatioun vun deene Poste averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**5.2. Kreatioun vun engem Posten als Employé communal a Vollzäit, (Groupe d'indemnité B1, administratif) (lokal participativ Demokratie)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Posten iwwer. Dat ass d'Kreatioun vun engem Poste fir d'Participation citoyenne.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo Merci Här Buergermeeschter, léif Leit aus dem Schäffen- a Gemengerot. E klengen Historique nach vun deem dote Posten. Am Ufank, wou mer mam Biergerforum ugefaangen hunn zu Diddeleng war dat dem Gréngen Haus affektéiert. Do kënnt Der Iech erënneren, dass duerch dee ganze Prozess ronderëm Kannergemengerot, Jugendgemengerot en eegestännege Service kreéiert gouf. Fir d'éischt e CDD 20 Stonnen, duerno 40 Stonnen. An elo si mer dann um Punkt ukomm, wou mer e 40 Stonnen-CDI hei siche fir de Service Démocratie participative locale. Menges Wëssens si mer nach ëmmer déi eenzeg Gemeng, déi sou e Service huet an op d'Bee gesat huet a mat engem CDI besetzt, well mer eeben iwwerzeegt sinn, dass mer an deenen nächste Joren op deem dote Punkt wëlle weiderschaffen. Hei geet et lo drëm fir déi Persoun mat all deenen Tâchen ze befaassen, déi an deem Kader sinn. Wéi gesot, Jugendgemengerot, Kannergemengerot, d'Relatioun mat der Uni Lëtzebuerg, d'Gestioun vun der Plateforme participative, d'Strategie weider mat eis zesummen auszeschaffen, awer och am Kader vum Pakt vum Vivre Ensemble eng Hand mat unzepaken. Jee, et ass relativ vill an eng divers Aarbecht, déi hei ugeduecht ass. An dofir si mer mol gespaant, wéi eng Leit, mat wéi enge Profille sech dann och hei wäerte mellen, well sou wéi d'Plaz ausgeschriwwe gëtt, de Posten tel quel, eng Formatioun zu 100%, déi dorobber passt, déi gëtt et jo net. Dofir si mer mol gespaant, wie sech elo do alles melle wäert. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Mir hunn natierlech guer näischt géint déi Plaz, déi do geschaf gëtt. Par konter, et ass jo ëmmer méi an der Diskussioun dass a leschter Zäit ëmmer manner Fonctionairen agestallt ginn an ëmmer méi Employéen agestallt ginn. Virun allem elo wou mer natierlech de Problem hu mat dem Pensiounssystem vun de Fonctionnairen, mee allgemeng soe mer dat jo scho ganz laang. Oft ass dann d'Argument, an dat steet och hei an der Deliberatioun dran, dass et eebe relativ rigid Applikatioune vum Gesetz ginn an een doweinst net ëmmer Fonctionairë fënnt. Lo ass dat heite jo eng administrativ Plaz. Et ass elo grad gesot ginn, et gëtt keng spezifesch Formatiounen dozou. Also et ass elo net sou ee spezifesche Profil, dee mer sichen, sou dass ech mech gefrot hunn: Hu mer da fir d'éischt emol e Fonctionaire gesicht a mer hu kee fonnt, an doweinst siche mer lo en Employé? Oder firwat si mer direkt op eng Employés-Plaz gaangen? Merci.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Merci. Neen, effektiv hu mer dat elo net anescht ausgeschriwwen. Dat ass déi éischte Kéier, wou mer se sou tel quel ausschreiwen. Ech kann Iech do net méi Erklärunge gi wéi dat doten.

BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Et muss ee jo hei soen, wann een do wëll eng Persoun mat engem gewëssene Background, da schreift een dat och sou aus. E Fonctionnaire, deen ass jo dann deementspriechend am Stage, an dat kann eng Rei Leit ofhalen. Generell ass dat jo eng Evolutioun. Dir schwätzt am generelle Kader, mat der Caisse de prévoyance, mat deene Leit, déi a d'Pensioun ginn, Fonctionnairen, déi an d'Pensioun ginn, respektiv d'Bedeelegung vum Staat a vun de Gemengen, respektiv d'Géigeniwwerstellung vu Fonctionnairen, déi awer nach weider agestallt ginn, respektiv dann och Employéen. Dat ass e bësse méi eng generell Diskussioun, déi den Ament gefouert gëtt, wéi een dat Lach kann opfëllen. De Prinzip ass, dass fir déi klassesch administrativ Posten, dass do soll e Fonctionnaire rekrutéiert ginn.

Wann een awer Leit sicht mat e bësse méi engem spezifesche Profil, wou een och gären hätt, dass si dat matbréngen, gëtt jo och oft am Kader vum Employé communal, deelweis och Employé de l'Etat ausgeschriwwen, well dat jo natierlech eng ganz Rei Saache mat sech bréngt, wann een als Fonctionnaire communal agestallt gëtt, wou een dann och de Stage muss maachen an d'Exame muss maachen a wou een eng ganz Rei Leit, déi e gewëssene Profil an e gewëssene Bagage hunn, sech op déi Plazen net mellen. Dat sinn och Realitéiten, déi een huet. Zemools well dat heiten net e Posten ass, wou ee vun enger Gemeng an déi aner eriwwer wiesselt, well dat heite jo schonn eppes ass, wou mir e bëssen déi Éischt sinn, déi an déi dote Richtung ginn als Gemeng. Dat nach als zousätzlecht Argument, firwat mir dat dann och sou wäerten ausschreiwen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech verstinn d'Argumenter. Ech hätt et dann awer méi propper fonnt, wann een zumindest probéiert hätt, e Fonctionnaire ze sichen, vu dass mer wëssen, dass dat do e Problem ass. A vu dass elo gesot ginn ass, et ass näischt, wou een eng spezifesch Formatioun mécht. Dat heescht, et huet ee keng Anung, wéi eng Leit mat wéi engem Profil sech mellen. Voilà, sou dass mer dat e bëssen ongléckIech fannen, dass dat net zumindest probéiert ginn ass, e Fonctionnaire ze fannen.

Dan BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Soss nach weider Remarken? Dat ass net de Fall. Da kéinte mer iwwert d'Poste-Kreatioun hei ofstëmmen. ***Wien ass heimadder averstanen? Dat ass Déi Gréng, d'LSAP, d'CSV, d'ADR an d'DP. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Déi Lénk.*** Merci.

# 6. MODIFIKATIOUNEN VUN DER GEMENGEKOMMISSIOUN

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, da komme mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass d'Besetzung an enger Kommissioun, an enger Verkéierskommissioun.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Et ass an der Verkéierskommissioun. Do ersetzen Déi Lénk den Här David Marques duerch d'Mara Martins.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech villmools Merci.




# 7. MOTIOUN, DÉI VUN DER LSAP ABRUECHT GINN ASS – MAINTIEN VUN DER ANTENNE RÉGIONALE VUN DER ADEM ZU DIDDELENG

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da komme mer op den nächste Punkt. Dat ass d'Motioun, déi hei d'LSAP-Fraktioun abruecht huet par rapport zu der regionaler Antenn vun der ADEM. Kuerz als Intro. An ech hat jo virdrun ënner Korrespondenz gesot, dass mer als Gemeng e Courrier gemeet hunn un den Aarbechtsminister an och un de Minister vun der Fonction publique an och un de Minister fir den Aménagement du territoire, vun der Landesplanung. Well mer jo och der ADEM gehollef hunn, Lokalitéiten erauszesiche fir hiren neie Standuert a wéi gesot do weider keng Réckmeldung méi kruten, respektiv dann awer aus sécherer Quell gewuer goufen, dass d'Bestriewung besteet, déi regional Antenn vun ADEM hei zouzemaachen, déi jo net nëmmen Diddeleng betrëfft, mee och Beetebuerg, Fréiseng a Réiser.

An doropshin hu mer engersäits natierlech e Courrier gemeet den 23. Abrëll un den Aarbechtsminister, respektiv goufen et och nach aner Initiativen um parlamentaresche Plang fir dann och eng kloer Positioun kënnen ze kréie par rapport zu deenen dote rezenten Entwécklungen an dann och wat dann d'reellt Virhaben ass par rapport zu där Struktur, déi awer elo säit gutt 13 Joer hei ass. An dofir ass hei d'Motioun an och d'Méiglechkeet, hei am Gemengerot eng Diskussioun ze féieren an hei och nach e weidere Message ze ginn, sou wéi mir dat och schonn an der Vergaangenheet bei anere Gemengeréit gemeet hunn. An ech mengen do wollt d'Madame Kohn hei op d'Motioun agoen. An da géif ech hir och d'Wuert ginn. An da kënnen natierlech och déi reschtlech Membere vum Gemengerot sech dozou positionéieren.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ass et lo üblech, datt ech se eng Kéier virliesen? Ganz? Bon, ech ginn dann eng Kéier ganz séier iwwert den Text, well et warscheinlech och fir de Verbatim net ganz onwichteg ass. Also mir hunn den Text hei ausgeschafft vun eiser Fraktioun. De Kader huet den Här Buergermeeschter elo grad ëmschriwwen. Dat Ganzt huet jo och scho Welle geschloe bis an d'Chamber. Do ass jo och schonn eng Question parlementaire gestallt ginn. A mir wollten eeben och elo net hei als Diddelenger LSAP do nostoen, well eis eeben dat Thema ganz wichteg ass. An doropshin hu mer en Text ausgeschafft, deen Iech hei virläit. An ech liesen dat dann nach eng Kéier kuerz vir, fir d'Leit och dobaussen.

*Le conseil communal, considérant que l'agence régionale de l'ADEM Dudelange existe depuis 13 ans, Vu que cette agence régionale couvre les territoires des communes Dudelange, Bettembourg, Frisange et Roeser, englobant près de 45.500 habitants, Constatant que les espaces de l'antenne régionale sont devenus progressivement exigus et que la Ville de Dudelange a été sollicitée par l'ADEM afin d'aider à trouver de nouveaux espaces de bureau, Constatant que suite à plusieurs échanges avec l'ADEM la Ville de Dudelange n'a plus reçu d'informations quant à l'évolution du dossier, Rappelant qu'il existe une étroite collaboration entre les Service des ressources humaines, le Service local de l'emploi de la Ville de Dudelange et l'office social de Dudelange avec l'antenne régionale, ceci au bénéfice du suivi individualisé du demandeur d'emploi, Vu que la Ville de Dudelange, au niveau de l'aménagement du territoire, est considérée comme un centre de développement et d'attraction d'ordre régional, Notant que la Ville de Dudelange dispose de services communaux à vocation régionale et accueille des institutions étatiques nationales, Considérant que deux zones d'activités économiques nationales sont implantées entre Dudelange et Bettembourg, Constatant et soutenant que le gouvernement, dans son accord de coalition, mentionne la décentralisation des emplois aux CDA (dat heescht les Centres de développement d'attraction) comme une priorité, tout comme la création d'espaces de co-working pour la fonction publique, Rappelant que les services de l'antenne régionale s'inscrivent dans un contexte et tissu économique et social bien défini, Notant que la construction d'une nouvelle antenne régionale de l'ADEM est prévue dans le quartier NeiSchmelz, Est d'avis qu'un départ de l'antenne régionale aura des conséquences, répercussions non négligeables au niveau de la prise en charge et du suivi des demandeurs d'emploi en situation vulnérable ainsi que sur le travail axé sur la proximité, Demande au gouvernement et plus particulièrement au Ministre en charge du Travail et de l'Economie solidaire de faire en sorte que les principes de l'aménagement du territoire et du développement des services publics décentralisés et de proximité soient pleinement respectés, D'engager tous les efforts visant à maintenir une antenne régionale de l'ADEM à Dudelange.* Do kommen dann d'Ënnerschréfte vun der LSAP-Fraktioun.

Voilà, also eis läit et besonnesch um Häerz, éischtens emol datt mir et net logesch fannen a koherent, datt elo op eemol Initiative geholl ginn, déi tout au contraire sinn zu deem, wat soss geholl gëtt hei vu Politik vun Dezentraliséierung. A wéi gesot, mir sinn ee vun deenen Developpementszentren hei am Süden a mir ënnerstëtze voll a ganz datt eeben, datt entgéint vun deem „Alles muss an d'Stad an alles muss ech weess net wou hin", datt mir dat eebe gutt fannen, dat déi Leit, déi am Süde sinn och kuerz Weeër hu fir alles ze maachen a Villes och do ënnerholl gëtt an datt dat heite lo komplett fir eis onverständlech ass, datt dann eebe just d'ADEM hei sech géif zréckzéien. An op där

aner Säit ass et eis och besonnesch wichteg, wann ee gesäit, wat fir eng Leit dann och op d'ADEM ginn. An och déi Politik vun der ADEM, ech menge wann een déi Dossiere kennt, déi Leit déi dohinner ginn, déi musse mat enger gewëssener Rigueur do erugoen, déi musse sech mat Zäit op hir Rendez-vouse mellen, déi däerfen och kee verpassen, déi musse mat Zäit do sinn a sou virun a sou weider. Also ech mengen, wat do d'Weeër méi kuerz sinn, wat et mengen ech deene Leit entgéint kënnt fir hir Rendez-vousen anzehalen a fir eeben och do zesumme mat där Administratioun zesummenzeschaffen. Datt et net fir déi Leit sou einfach ass, sech ëmmer ze deplacéieren an datt den Encadrement hei vläicht méi personaliséiert ass an enger regionaler Struktur wéi an enger grousser, nationaler Struktur. Datt dat mengen ech deene Leit ganz entgéint kënnt.
An dofir fanne mir, datt de Büro vun der ADEM absolut muss oprecht erhale ginn hei zu Diddeleng, a mir hoffen do op d'Ënnerstëtzung natierlech och vun deenen anere Fraktiounen an deem Sënn. An dofir soen ech elo mol villmools Merci fir d'Nolauschteren.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, fir do anzehake wou d'Madame Kohn grad opgehalen huet, eis Ënnerstëtzung hutt Der. Mir ware viru ronn zwou Woche ganz erstaunt ze héieren, dass d'ADEM hir Dieren zu Diddeleng sollt zoumaachen. Mir begréissen an deem Sënn voll a ganz de Bréif vum Här Buergermeeschter aus dem Punkt virdru vun der Korrespondenz, deen an eisen Aen och den Nol op de Kapp trëfft. Bei sou enger Fermeture vu sou enger wichteger Instanz ass et eppes aneescht wéi wann een eng Lagerhal mat Stroosseschëlder géing plënneren. Hei geet et ëm e wichtegen Acteur, deen, wéi de Buergermeeschter geschriwwen huet, gutt vernetzt ass mat de Gemengeservicer an dat scho säit Joren, wou do eng wäertvoll Zesummenaarbecht gefleegt gëtt. Et geet awer och ëm e Vertrauensverhältnes wat sech mat der Zäit tëschent de Beamten an hiren Demandeuren opgebaut huet. Leit, déi aus wéi enge Grënn och ëmmer hir Aarbecht verluer hunn an am Chômage si liewen a finanzieller, awer och a perséinlecher Onsécherheet. De Gang op d'ADEM ass dohier och keen einfachen an dee Service à proximité ze hunn, mam Beamten a mam Ëmfeld wat ee kennt, ouni eng grouss Hirees ze hunn ass an eisen Ae ganz wichteg. Och mir sti voll a ganz hannert der Iddi vun enger Dezentraliséierung op déi sougenannte Centres de développement et d'attraction, wou mir d'Stad Diddeleng och gutt an deem Rôle gesinn.

Do hu mir och an deem Sënn haut eng Fro un de Schäfferot geriicht, virun allem och déi Ugebonnenheet mam ëffentlechen Transport un d'Anzuchsgebitt Beetebuerg-Réiserbann, ass en Atout, dee fir de Standuert Diddeleng schwätzt. Wou mir d'Motioun gesinn hunn ass et eis och e bësse gaange wéi beim Bréif un de Minister. Mir ware frou ze gesinn, dass déi Demarche vun der Säit vun der LSAP gemaach ginn ass, well mir komplett averstane si mat deem, wat hei gefrot gëtt.
Bei de Consideranten hätte mer nach eventuell gesinn, dass een de PNM 35 ernimmt gehat hätt, de Mobilitéitsplang fir 2035, deen och eng ideal Ubannung vun Diddeleng vun deem ganzen Anzuchsgebitt vun der ADEM erméiglecht. Dëst eventuell nach eemol fir z'ënnersträichen, dass Diddeleng a senger Funktioun als Centre de développement et d'attraction och am Dossier vun der Mobilitéit an Zukunft net ewechzedenken ass. Wat d'Auslaaschtung vun Alternativsitten ubelaangt, do wou Diddeleng sech eisen Informatiounen no géif opdeelen op de Site vum Belval a vun Déifferdeng, bleift ze soen, dass et um Site Belval och elo schonn aktuell eng ganz héich Demande gëtt an dass och do schonn eng Surcharge vun deem Site besteet. E kuerzfristegt Opdeele bis NeiSchmelz géing opgoen, wéi dat an engem vun de Bréiwer och ze liese war, géing och hei weider d'Situatioun op de Bestandssitte verschlechteren. Sief et dass d'Surchargë sech géinge bei de Beamte verstäerken, sief et dass och do d'Lokalitéiten nees riskéieren, un hir Grenzen ze kommen. Och hei géing nees dee méi klenge vertraute Kader an der Proximitéit, wéi d'Madame Kohn se grad ugeschwat huet, sech verschlechteren.

D'Premiss, dass wann e Gebai ze kleng ass, wat jo och doranner stoung, dass dat de Grond wier, dat weist jo, dass d'Demande grouss ass, an dat géing am Réckschloss jo heeschen, dass et komplett onsënneg ass, dee Site, an deem Fall Diddeleng, zouzemaachen. Formell elo, d'Motioun gekuckt, do hu mir eis d'Fro gestallt, do stoung elo just dran „demande au gouvernement" iwwert wéi e Mëttel dass géing gefrot ginn. Wier dat erëm wéi bei der Motioun un den Inneminister via Bréif, deen an eisem Numm vum Gemengerot géing erausgoen? Dat war awer elo just eng formell Fro. Fir de Rescht hutt Der gréng Luucht.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ma da fänke mer der Rei no un. Merci fir de Courage, fir eng Motioun ze stellen. Et ass ëmmer interessant, et gëtt ëmmer eng interessant Diskussioun bei enger Motioun. Wann een awer eng Motioun stellt wéi déi heiten, do feelen eis awer elo verschidden Zuelen, fir dass een déi ka matdroen oder net matdroen oder sech enthalen. An déi Zuelen, déi hu mer elo hei net erëmfonnt. An dofir stellen ech déi lo einfach nach. An zwar, wann ee seet, dass se sollen heibleiwen, dass dat de richtege Standuert hei ass, da musse mer awer och wëssen, wéi vill Passagë sinn do am Joer? Wéi vill Dossiere ginn traitéiert? Wéi vill Leit schaffen do? An da steet hei am Text och dran, dass der als Gemeng sollicitéiert gouft vun der ADEM, fir nei Lokalitéiten ze sichen oder ze fannen. Dass de Kontakt duerno ofgebrach ass. Do ass meng Fro: Wat hutt Der proposéiert vu Lokalitéit? A wéi vill Plaz brauche se dann eigentlech? Wa mir soen, si sollen heibleiwen, mee mir kënnen hinnen awer näischt bidden, da musse mer awer och kënne soen, wéi vill Plaz brauche se.

A wa mer soen, se hu just 2 Büroen a se bräichten der 6, wou si mer do drun? Dat si Saachen, déi elo an der Motioun net drastinn an déi Der lo net weider erkläert hutt, an dat wären am Fong ganz interessant Donnéeë fir déi ze hunn. Mee mir sinn natierlech déi Lescht fir net ze soen dass mir ënnerstëtze fir Aarbechtsplazen zu Diddeleng ze hunn, dass mer alles sollen op eng zentral Plaz maachen. Dat ass jo eppes wat mir all Joers an eise Budgetsdiskussioune mat soen. Wou och ech ëmmer soen, mir brauchen Aarbechtsplazen am Stadzentrum, no beim Zentrum. An ADEM, d'Leit, déi do schaffen, dat ass och eng Aarbechtsplaz. A vun do aus kréie mer mat Sécherheet och Leit zu Diddeleng an

am Süde placéiert. Et ass awer och wichteg, wann een eng ADEM huet, dass d'Qualitéit an d'Resultater dovun och méi wéi korrekt musse sinn. An dofir bräichte mer déi Donnéeë vun deenen Dossieren, déi traitéiert ginn. Wou si mer do drun? Dat sinn d'Donnéeën déi mer feelen. An da kënne mer jo nach e bësse weider diskutéieren herno wa mer déi bis hunn. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): D'Madame Spagnuolo léisst mech vir, dat ass ganz léif. Ech sinn och relativ schnell fäerdeg. Mir hunn et op der Form e bësse komesch fonnt dat Ganzt, well ech hu mech gefrot, respektiv ech hu mech och e bëssen ëmfrot, ob an enger Motioun e Gemengerot kann eng Demande un de Gouvernement stellen. Ech hunn dat nach ni sou gesinn. Reng theoretesch wär d'Motioun warscheinlech sou gewiescht dass mir de Schäfferot beoptragen, sech bei der Regierung ze mellen. Dat ass superfétatoire, well dat ass jo scho gemaach ginn. Do hu mer eis gefrot, ob et net éischter eng Resolutioun wier, dass de Gemengerot sech fir d'Bäibehale vun der ADEM ausschwätzt. Soit.

Mir hunn et e bësse komesch fonnt op der Form, mee am Inhalt si mir selbstverständlech d'accord. Diddeleng, zum enge muss een dat Ganzt wierklech e bësse méi regional denken. Diddeleng ass e Centre de développement, dat ënnerstëtze mir och. Diddeleng ass, an ech fannen, dat muss een ëmmer erëm soen, ech hunn dat jo réischt virun e puer Méint geléiert, déi eenzeg Gemeng, déi e Service Emploi huet. Och dat mengen ech muss een ëmmer erëm widderhuelen an deem dote Kontext. An dann d'Fro vun den dezentrale Servicer, Services de proximité, déi ëmmer méi ewechfalen. Wann ech schonn denken, d'Agencë vun de Banke ginn zougemaach, d'Agencë vun der Post ginn zougemaach. Wann dat elo bei der ADEM och nach geschitt, dat ass natierlech eng Entwécklung, wou mer eis dogéint ausschwätzen. A wann dat doten d'Form ass, déi d'LSAP erausgesicht huet, dann ënnerstëtze mir dat och.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Mir ënnerstëtzen och dës Motioun d'ADEM Diddeleng als lokal Antenn fir d'Gemenge Beetebuerg, Réiser a Fréiseng an Diddeleng bäizebehalen. Als e Service public de proximité ass den Diddelenger Site vun der ADEM ganz ubruecht. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ma bedenkt een d'Unzuel u Bierger, déi vun deem ADEM-Posten hei zu Diddeleng profitéieren, respektiv an d'Situatioun kënne kommen, dass se e brauchen an och dass mir fir eng Dezentraliséierung stinn an net fir alles an der Stad ze zentraliséieren, sollt Der wëssen dass Dir op deem heite Punkt als LSAP d'Ënnerstëtzung vun der DP op alle Fall hutt. Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert. D'ADEM ass net nëmmen eng Agence, si ass eng wichteg ëffentlech Stell, déi Mënschen a schwierege Situatiounen ënnerstëtzt a Perspektiven opmécht. Si bitt net nëmmen Aarbechtsberodung mee och Berodung. Ech mengen et ass ze soen, dass op déi QP vum 21. Abrëll vun 3 LSAP-Deputéierten, déi agereecht ginn ass, bis elo nach keng Äntwert do ass. Wéi scho gesot vum Här Martini feelen eis nach wichteg Zuelen op deem Dossier. Sou wéi mir héieren hu sinn d'Gebaier ze kleng ginn an d'Funktionalitéit vum Gebai ass net ginn. Et muss een zwar och ervirsträichen, dass aktiv no Alternative gesicht ginn ass. Ech si mir sécher datt dem Minister d'Wichtegkeet vum Standuert Diddeleng wichteg ass, zemools wou eng nei Antenn zu Diddeleng am Quartier NeiSchmelz ugeduecht ginn ass. Et geet ëm méi wéi just nëmmen eng Administratioun. Et geet ëm eng Zukunft an d'Wuelergehe vu ville Mënschen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Kemp. Ma ech mengen eis war et lo wichteg, dofir hu mer déi Initiativ och geholl, d'LSAP, dass mer deen heite Punkt am Gemengerot thematiséieren. Och e bëssen de Feeling kréie vun deene verschiddene Parteien a Fraktiounen, déi sech dozou positionéieren. Iwwert d'Form kann een diskutéieren. Ech mengen et kann een et als Gemengerot en tant que tel bäibehalen, et kann een et awer och maache wéi déi viregt Motioun, dass et en Invitt ass vum Gemengerot un de Schäfferot. Un där Diskussioun soll et net scheiteren, wa mer eis um Niveau vum Fong eens sinn. A mir wäerten dat natierlech och a Form vu Courrier un den Aarbechtsminister, dat war fir d'Remark vun der Madame Thoma a vum Här Steffen, och deementspriechend adresséieren. D'ADEM huet engem net onbedéngt matgedeelt wéi vill Leit hei an der regionaler Antenn schaffen, wéi vill Leit de passage sinn, dat fënnt een da jo och net an den offizielle Statistike vun der ADEM, respektiv vum Statec. Well dat ass jo net fir näischt. Mir schwätzen zwar ni iwwert d'Aarbecht, déi d'Parlament mécht, mee dofir soen ech an deem do Kontext ass et net fir näischt wou déi Question parlementaire grad mat deenen dote Froe gestallt gouf, fir déi Froen och kënne beäntwert ze kréien, vu dass ee se an den offizielle Statistiken net fënnt.

Dat Eenzegt wat een an den offizielle Statistike fënnt, an ech mengen, dat schwätzt awer och fir sech, wann de Chômage bei 5,6% läit, dann ass Diddeleng zwar licht drënner mee awer héich. Läit bei 5,2%. Zu Péiteng ass et 5,4%, zu Rëmeleng 5,5%, Déifferdeng 5,8%, Esch 5,9% a wéi gesot, national jo bei 5, 6%. Also mengen ech schwätzt dat dote fir Diddeleng an déi Gemenge ronderëm awer ganz kloer fir den Erhalt vun engem Service de proximité, ugeklongen och als Service public de proximité. An ech mengen dass een den Erhalt vun deem Service hei net soll dovun ofhängeg maache vun der Qualitéit vun de Resultater. Also dat ass jo ënnerschwelleg, wéi wann hei déi regional ADEM net gutt Qualitéit géif leeschten an net gutt Resultater.

Dat ass e bësse sou ugeklongen an Ärer Interpretatioun, an Ärer Ausleeung, Här Martini. Ech mengen hei geet et drëm, en dezentrale Service vum Staat hei ze hale mam Engagement vun senge Leit, déi mer deementspriechend hunn. A wat ech wierklech schwéier kann novollzéien, dat hei ass jo e Service, deen ass virun 13 Joer hei opgemeet ginn. Dass e lo soll fortgoen, wou mer eis awer mat der Regierung a mam Staat eens sinn, dass eng Antenn op NeiSchmelz soll kommen. Dir kënnt Iech jo virstellen, e Service public, deen 13 Joer do ass, deen da fortgeet fir dann zeréckzekommen, dat ass déi ganz Aarbecht, déi wärend 13 Joer gemeet

gëtt, déi da fort ass bis deen neie Service do steet. Dass déi ganz Aarbecht, dee ganzen Engagement, de ganze Suivi, dat ass alles verluer. Dat kritt een net méi opgebaut par rapport zu deem wat elo do ass.Et ass déi ganz Kontinuitéit, déi muss assuréiert ginn.

Natierlech versteet een, et ass jo och an deem Sënn e gutt Zeechen, wann no neie Lokalitéite gesicht gëtt well nei Ufuerderungen do sinn oder ausgebaut soll ginn. Dat heescht jo och, dass e gewëssene Besoin do ass. Mee da muss ee kucken, wéi kann déi Durststreck do aneschters iwwerbrécken amplaz dat Extreemt, mir baue komplett of a mir maachen zou. Vläicht fënnt een eng Solutioun entre les deux oder et léisst een et beim Bestand oder et hält een awer eng Rei Servicer oprecht en attendant dass eng komplett nei Struktur kënnt an engem neie Gebai, mat neie Gegeebenheeten, mat neie Méiglechkeeten, déi een dann och zesumme plangt. An ech mengen et ass déi Kontinuitéit, vum Service public de proximité, déi gewahrt muss a soll bleiwen. An dofir och de Courrier an d'Question parlementaire, an dofir déi Motioun hei fir déi Diskussioun och um politeschen Niveau parteiiwwergräifend ze féieren. Et ass jo net fir näischt, dass d'ADEM hei zu Diddeleng ass als CDA-Gemeng, déi awer e regionale Rôle huet, a well mer jo och e regionale Player deementspriechend sinn an déi Servicer ëmmer als regionale Player wouergeholl hunn. Also ass och do eng gewësse Logik, fir dee Service deementspriechend och hei ze halen.

An dann awer nach par rapport zu der Remark vum Här Steffen. Effektiv, am Plan de Mobilité 2035 sinn eng Rei Elementer drageschriwwen, déi och d'Ubannung un Diddeleng concernéieren an ech hunn absolut kee Problem, dass een hei am Considérant sou e Passage drasetzt, wou ee seet hei vu de Plan national de mobilité 2035 avec son application sur la Ville de Dudelange, wann ee sou ee Passage géif drasetzen an d'Considérante mengen ech stäerkt dat sécherlech och nach eng Kéier weider d'Motioun par rapport zu de Virhabe vun der Regierung um Niveau vun der Mobilitéit an och deene Projeten, déi hei zu Diddeleng stattfannen. Ech hätt probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Also ech fannen dass Dir net ganz vill Froe vu mir beäntwert hutt. Zum Beispill: Wéi vill Plaz hu se? Wéi vill Plaz brauche se? Wat waren d'Demarchë vun der Stad Diddeleng? Well den Dossier leeft jo scho säit zwee Joer. Et ass net virun engem Mount dass decidéiert ginn ass Hals iwwer Kapp fir nei Büroen do ze sichen. Dat geet schonn iwwer zwee Joer. Wat ass dann do vun Demarchë komm? A firwat ass dat ne zustane komm? A respektiv, wa mer jo wëssen, dass mer op NeiSchmelz kommen, hu mer dann iergendwéi eng Tëscheléisung zu Diddeleng ze bidden?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, dass Iech dat dote méi interrogéiert wéi de Fait dass d'ADEM eis net Bescheed gesot huet, dass se hir Dieren hei zu Diddeleng wëll zoumaachen. Gutt, mee ech ginn Iech awer op déi dote Fro eng Äntwert.
Ech mengen et goufe Méiglechkeeten am besteeënde Gebai, dat hu mer jo och am Courrier geschriwwen, wou d'ADEM Locataire ass. Oder ass et an der Question parlementaire? Ech weess et net. Op alle Fall, d'ADEM ass jo da Locataire an deem besteeënde Gebai an do géifen et nach Méiglechkeete ginn, nach weider Raim ze lounen. Mee et ass jo net d'ADEM eleng déi decidéiert, et ass och déi staatlech Loyerskommissioun. Wat jo och e Facteur ass wa mir als Gemeng dem Staat Lokalitéite ginn dass déi staatlech Loyerskommissioun mat muss dobäi sinn. Hei zu Diddeleng sinn an der Entrée vun Diddeleng nei Bürosflächen entstanen, respektiv waren nach anerer hei an Diddeleng fräi, wou mer se weider drop orientéiert hunn.

Et ass jo net un der Stad Diddeleng Büroen ze sichen. D'ADEM ass jo nach ëmmer eng staatlech Institutioun an d'ADEM ass un d'Stad Diddeleng erugetruede fir ze froen, hinnen ze hëllefen ze sichen. Et ass jo net dass d'Stad Diddeleng de ADEM Lokalitéiten zur Verfügung stellt. Dat hei waren aktiv Demarchë vun der ADEM fir eis ze froen: Hei kënnt Dir eis hëllefen? A mir hunn eng Rei Saachen ausgewisen. Mee wa mer an alles ageweit gewiescht wäre vun den Demarchen, dann hätte mer net bräichten eng Question parlementaire ze stellen, hätte mer net bräichten e Courrier ze maachen, hätte mer net déi Motioun hei bräichten ze maachen. Dann hätte mer jo eng Rei Réckmeldungen transparenterweis deementspriechend och kritt vun de staatleche Stellen, wéi dass mer dat effektiv iwwert aner Weeër gewuer goufen. Wat e bësse schued ass an der ganzer Demarche. Da wär ech op déi verschidde Froe vum Här Martini agaangen.

An ech géif da mat deem Ajout vum Plan natonal de mobilité 2035 dann hei d'Motioun zum Vott stellen, sou wéi se hei presentéiert an diskutéiert gouf.

***Wien ass mat där heiter Motioun averstanen? Dat si Stëmme vun der LSAP, DP, ADR, Déi Lénk, déi Gréng. Wien enthält sech? Dat ass dann d'CSV.***

Ma da schécke mer dat heite un den Aarbechtsminister an da kucke mer wat dann déi weider Reaktiounen an dësem Dossier sinn.



# MOTIOUNEN VUN DÉI GRÉNG:

# 8. ACQUISITIOUN VUN NEIEN ËFFENTLECHEN ABORDABELE LOGEMENTER

# 9. D'VIRKAFSRECHT SPILLE LOOSSEN

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op deen nächste Punkt iwwer, dat ass eng Motioun vun deene Gréngen, oder zwou Motiounen. Ech weess net, mat wéi enger dass Der gäre wëllt ufänken. Dat ass engersäits iwwert d'Acquisition de nouveaux logements publics abordables an dat Anert iwwert Exercer le droit de Préemption. An da ginn ech dann den Auteuren, der Madame Ahmedova an dem Här Steffen d'Wuert fir mat där unzefänke wou si mengen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter. Ech wäert dann d'Considéranten op Franséisch liesen, well wann ee sou en Text virbereet mécht ee sech immens vill Gedanke fir all Wuert, a wann ech einfach lo géif iwwersetzen, kléngt dat sécherlech net d'selwecht, wéi wann ech den originalen Text géif liesen.

*Considérant que la crise du logement est un problème persistant dans de nombreuses régions du pays et qu'elle se caractérise par une pénurie de logements abordables pour une partie significative de la population,*
*Considérant que un des aspects les plus critiques de la crise de logement est l'augmentation des prix des logements tant à l'achat qu'à la location, qui dépassent souvent largement l'inflation d'un côté et l'augmentation des salaires de l'autre côté, Considérant que cette situation complexe et multi-facettes touche autant les petites que les grandes villes dont la Ville de Dudelange avec des conséquences importantes sur la qualité de vie des individus, Tenant compte du fait que Dudelange dispose actuellement de 55 logements destinés à la location ainsi que d'environ 68 logements destinés à la gestion locative sociale, Et pour finir, considérant que la commune a la possibilité d'agrandir son parc de biens immobiliers afin de jouer un rôle important d'acteur social et développer des logements publics.*

An dann erklären ech mech. Zil ass et, datt d'Gemeng dann effektiv abordabel Wunnenge keeft, respektiv baue léisst. Also Dir gesitt, mir sinn ëmmer an der Optik, datt mer zesumme Léisunge sichen a mir fannen déi Demarchen, déi bis elo gemaach ginn natierlech scho ganz gutt. Mee Zil ass et jo, weider de Parc immobilier ze stäerke fir eeben abordabel Wunnengen kënnen ze entwéckelen. A schlussendlech wësse mer jo, datt 180 Leit op enger Waardeléscht stinn, also 180 Stéit, net Leit, op enger Waardeléscht stinn an datt u sech duerch de Méi-Bau vun abordabele Wunnenge mir och d'Marchéspräisser kënne stabiliséieren, respektiv an der Hoffnung nach ëmmer fir erofzedrécken, ass et wichteg, datt mer an déi Richtung weiderfueren.

Ech wëll lo kuerz op d'Gesetz agoen. Den Artikel 29bis, deen am Pacte Logement definéiert ass, gesäit jo eng gewëss Obligatioun fir, fir bei nei PAPen méi wéi 5 Eenheeten, respektiv bei neiem Bauland, wat ugeschloss gëtt un de Bauperimeter, respektiv PAG, datt een do eng Obligatioun huet, fir e gewëssenen Undeel fir Logementer ze kafen. Ech ginn e Beispill: Am Nouveau PAP, tëschent 5 an 9 Eenheeten, muss z.B. déi ëffentlech Hand 10% Acquisitioun maachen a fir Parzellen, déi nach net am Bautereglement si kann et souguer bis zu 20% goen, deemno wéi, wéi vill Unitéite virgesi sinn. Dat ass dat, wat elo d'Gesetz definéiert. Mee dat wat net am Gesetz definéiert ass, a wou et interessant wier, trotzdeem weiderhin drun ze schaffen, dat sinn eeben déi PAPen, déi an engem Quartier existant sinn, respektiv déi PAPen, déi manner wéi 5 Eenheeten virgesinn.

Haut de Moie ass u sech en neie Moment, well et war immens interessant ze gesinn, datt de Service technique sech reegelméisseg Projeten ënnert d'Lupp hëlt an analyséiert. Wëssend natierlech datt mer de Cahier de charges vum Ministère de Logement hunn an datt de Service technique sur base vun deem Cahier de charges wat d'Krittäre vun de Subventiounen definéiert, duerchkuckt, ass et genau dat, wat mir wëllen. An dofir soen ech, et ass en neie Moment. Well et war eis bis elo net bewosst, dofir och de Sënn vun eiser Motioun. Mir wëllen u sech näischt Aneschters wéi méi transparent mat deem Ganze virgoen. Méi transparent vläicht vis-à-vis vum Gemengerot an deem Sënn, datt een déi Saache kann am viraus méi diskutéiere fir datt mer och zesumme kënnen eng Decisioun huelen ob en Terrain vläicht gutt ass oder net gutt, interessant oder net interessant. Mee awer och eng gewëss Transparenz vis-à-vis vun enger Bautekommissioun wou een awer och doduerch direkt oder indirekt Leit vun dobausse mat involvéiert. Well mir hunn awer Leit, déi net onbedéngt eng parteiesch Kap an der Bautekommissioun hunn.
Wuel wëssend natierlech, ech hunn dat scho virdru gesot, d'Krittäre si jo virginn. D'Krittäre si vum Ministère du Logement virdefinéiert. Wat u sech och d'Aarbecht, ech erlabe mer dat ze soen, méi vereinfacht, andeem een de klore Kader setzt fir eeben déi Projeten duerchzekucken.

Mee et wier interessant, eeben eng Lëscht ze gesi vu Saachen, déi Der scho vläicht duerchgekuckt hutt, oder déi an der Pipeline sinn, well mir mierken och dobaussen, datt d'Promoteure momentan Schwieregkeeten hunn. De Bausecteur huet Schwieregkeeten. Dat heescht, et si Projeten, déi geännert ginn, déi méi kleng

gemaach ginn. Voilà, et si Modifikatiounen an Dir sidd effektiv déi richteg Ulafstell, ech kucken op de Service technique, wou Der de Kontakt mat de Promoteuren hutt. Et wier wierklech interessant a wichteg, datt mir do och kënne matschwätzen an op d'mannst eeben déi Lëschte kënne gesi vun deene Projeten, déi Dir duerchgekuckt hutt. Voilà, dat ass u sech d'Zil vun der Motioun, wou mer iwwer Logement public a Logement abordable schwätzen. Ech weess elo net, ob mer sollen diskutéieren oder ob ech schonn op déi zweet agoen, well déi zwee hänken am Fong ganz zesummen.

Déi éischt, do ass et wierklech konkret, fir souzesoe Bausubstanz ze kafen. An den Droit de préemption ass éischter op d'Bauland bezunn. Dofir, d'Considérante sinn hoergenau déi selwecht mam Zil eebe méi abordabel Wunnenge kënnen ze schafen. An et ass och sou, datt een an der Préemptioun als Gemeng Virkafsrecht huet. Ganz oft gëtt ee jo vum Notaire kontaktéiert als Gemeng, ob een op verschiddenen Terrainen, déi spezifizéiert sinn, wëll oder net wëll déi Terraine kafen. Eng kleng Parenthèse, mir schwätze vun Terrainen, déi an engem POF sinn oder engem Plan sectoriel Logement. Mir schwätze vun Terrains constructibles mat verschiddene Konditiounen, Terrains agricoles au naturel an da Zones urbaines etc.. Déi Definitioun ass zimmlech large an ass ënnert dem Gesetz vum Amenagement communal et Développement urbain definéiert.Wéi ech virdru gesot hunn, d'Notairë kontaktéieren da meeschtens d'Gemeng, fir ze froen, ob si wëllen de Droit de préemption uwenden oder net. An hei ass et erëm eist Zil a wichteg, dass mer eng gewëss Transparenz hunn, nach eng Kéier vis-à-vis vun enger Bautekommissioun, heescht, vis-à-vis vun de Leit dobaussen.

Wat mer maachen. Ob mer Terraine wëlle kafen oder net wëlle kafen. Wa mer se net kafen, firwat kafe mer déi net? Ech widderhuelen nach eng Kéier. Et si jo net alleguerten déi Terrainen, déi hei an deem Fall sinn. Et si spezifesch Terrainen, déi déi Konditiounen erfëllen. An anersäits ass et effektiv, dass mer vläicht e gewëssene Mechanismus aféieren, wou mer einfach systematesch Bauterraine kafen, déi wuelverstanen interessant sinn, an och zu engem interessante Präis. De Moie war jo déi Diskussioun, Bauen, jo, mee net zu egal wéi engem Präis. Also et ass elo net hei fir d'Präisser um fräie Marché eropzedrécken, mee éischter de Contraire. An dofir ass et interessant, och wa mir als Oppositioun en Abléck hu fir de Potenzial wat do ass. Mir stellen absolut net a Fro, datt Dir déi richteg Decisiounen trefft, andeems Dir déi verschidden Terraine verwerft oder unhuelt, mee et wär interessant vis-à-vis vun eis, eise Membere vum Gemengerot, respektiv eise Membere vun der Bautekommissioun ze wëssen, wat do genau hannert de Kulisse geschitt a wéi et geschitt a firwat et geschitt. An zesummen eng Decisioun kënnen ze huelen.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter. Jo, also wéi ech scho virdru gesot hunn, mir sinn absolut dofir, fir méi abordabele Wunnraum ze schafen. Dat stoung an eisem Walprogramm. Dat hutt Dir an der Schäfferotserklärung. A menger éischter Sitzung, déi ech hei am Gemengerot matgemaach hat, hat ech dat och schonn eng Kéier ugeschwat. Ech hunn awer elo misse feststellen, an där Zäit, wou mer elo an där Konstellatioun hei schonn zesumme schaffen, dass quasi net ee Gemengerot ëmgeet, wou net e Punkt um Ordre du jour ass, wou mer als Diddelenger Gemeng kucke fir eppes ze kafen. Des weidere si jo och nach e ganze Koup Saachen a Planung. Am Lëtzebuerger Wort war jo och geschriwwen, dat krute mer jo zougeschéckt, dass um Terrain vum aktuelle Pompjeesschapp och ënner anerem herno Wunnenge sollte gebaut ginn. An et ass, muss ech zouginn, net sou, dass d'Diddelenger Gemeng näischt mécht. Natierlech hätte mer gär nach méi Wunnengen. Mee et muss een och ëmmer kucke mat deem Budget, deen engem zur Verfügung steet, wat machbar ass. Nichtsdestotrotz muss ech der Madame Ahmedova awer och soen, dass ee Punkt ganz gutt ass, dee se hei opgeluecht huet. Dat heescht et wär schonn interessant ze gesinn, falls da sou eng Lëscht existéiert, ob wéi eng weider Projeten d'Gemeng awer vläicht schonn en A drop geworf huet fir an Zukunft ze realiséieren, fir dass mir eis och schonn am Virfeld do méi mat abrénge kënnen. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Merci och der grénger Fraktioun fir de Courage, fir eng Motioun ze stellen a fir sech d'Aarbecht gemeet ze hunn. Mir hunn eis déi Motioun e bëssen ugekuckt an e bëssen driwwer nogeduecht, an och schonn déi leschte Kéier, wou Der se jo schonn zum Deel gestallt an nees zréckgezunn hutt well et net sou konvenéiert huet. Mir fannen awer elo dës Kéier näischt raus hei wou mer soen, jo dat dote kënne mer lo wierklech maachen, dat dote feelt hei. Et ass näischt so wou mer soen, dat do ass elo en neie Moment, do kënne mer eppes erreechen. Säit 2018, wou ech hei am Gemengerot sinn, sou déi lescht 2 Joer, ass sou massiv hei an de Wunnengsbau fir abordabele Wunnraum ze schafen investéiert ginn an diskutéiert ginn an zu engem ganz groussen Deel och unanime matgeholl ginn. Mee ech mengen, dass mer schonn um gudde Wee sinn an dass mer net mussen nach eppes Zousätzleches dobäisetze wat elo net onbedéngt e Sënn ergëtt. Dofir, mir hunn hei e bësse Schwieregkeeten, fir de staarke Sënn doran ze gesinn, fir dat hei ze stëmmen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, et wäert warscheinlech elo wéineg iwwerraschen, dass natierlech déi 2 Motioune bei eis e bëssen oppen Dieren arennen. Ech menge wat wichteg ass ze soen ass, dass mir eeben an där Logementskris sinn. Ech weess, mir wëssen dat alleguerten, mee do muss een ëmmer erëm rappelléieren. Et muss een d'Fro vun der Prioritéit setzen a froen, wat maache mer par défaut? Wann ech elo zum Beispill bei der zweeter Motioun vum Droit de préemption, do geet et jo eeben drëm, dass een einfach seet par défaut zéie mer den Droit de préemption. Wa mer et net maachen, dann erkläre mer firwat. Dat ass awer schonn eng Ännerung an eisem Verhalen. An dat heescht net, dass d'Gemeng soll iwwerall den Droit de préemption soll zéien, dat heescht net, dass d'Gemeng do soll zu enger Präisspiral matdroen, mee dat ass "OK, mir soen eis, mir ginn eis deen doten Narrativ". Mir soen, par défaut notze mer en, a wa mer en net notzen, dann erkläre mer firwat. An ech fanne schonn, dass dat awer e bëssen e Paradigmewiessel ass an dee géinge mer natierlech ënnerstëtzen.

Genausou wéi natierlech déi éischt Motioun. Ech menge mir hu jo och schonn oft Motiounen an deem dote Sënn eragedroen, respektiv gefrot am Gemengerot. Dass eben d'Gemeng sou vill wéi méiglech, au cas par cas soll kucken, mécht et Sënn, do eppes ze kafen? Am Dezember 2016 hate mer eng Motioun agereecht fir e Plan d'investissement, wierklech e couragéierte Plan d'investissement eranzebréngen. Ech krut gesot, ech misst nach eng Kéier drun erënneren. Den Här Thill huet mech gebrieft. Mee dann ass jo effektiv awer d'Fro, wat mir lo e bëssen opgefall ass an der Motioun wou d'Madame Ahmedova lo virgestallt huet, se huet immens vill vun Transparenz geschwat.

Dat fënnt een am Fong geholl lo net sou an der Motioun erëm, do hätt een nach bal kënnen en Tiret dobäisetze wou ee seet: A wann déi Projete gekuckt ginn a wann dann ënnersicht gëtt, wat ee ka kafen, dass dat wierklech an enger Kommissioun, an enger Bauten- oder an enger Finanzkommissioun, jee nodeem, dass dat och do géing zesummen diskutéiert ginn. Mee well et einfach wichteg ass. Mir wëssen, d'Gemeng mécht schonn an de Schäfferot sicht Projete fir ze kafen, mee dass ee seet: Probéiert och méi Projeten ze kafe wéi just de legale Minimum, mee kuckt dass Dir dat maacht. An ech mengen dowéinst schonn dass déi zwou Motiounen awer e Méiwäert hunn, well se awer e gewëssene Paradigmewiessel zumindest ukënnegen an dowéinst wäerte mir déi zwou Motiounen ënnerstëtzen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, wann ech just ka kuerz reagéieren, well d'Madame Thoma huet et genau op de Punkt bruecht an ech mengen si huet déi Motioun ganz richteg verstanen, wat domadder gemengt war. A wann ech mer däerf erlaben, ech weess elo net, wéi d'Prozedure sinn, mee déi Propositioun, fir dann e weidere Punkt op déi Motioun ze setzen, do hätte mir absolut kee Problem domat an dat wier ganz interessant. Natierlech waarde mer op Är Reaktioun, mee ech fannen dat effektiv pertinent. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt mer just erlaben, ganz zaghaft ze soen, ech hat verstanen dass d'Gemeng den Droit de préemption ëmmer zitt wann et interessant ass a wann et net ze deier ass. Mee wann awer en Terrain schwéngseg deier soll verkaf ginn a mir wëllen herno do Logement abordable maachen, mir mussen dat jo iergendwéi rentabiliséieren, do hat ech gemengt dat wieren da Situatiounen, wou mir den Droit de préemption net zéien. A fir de Rescht hat ech verstanen, mir géifen en ëmmer zéien, do wou et nëmme méiglech ass. Natierlech, mir hunn och an engem Joer e Budget, mir mussen och kucken, dass mer do net 100 Millioune Schold musse maache just dowéinst. Awer et ass jo awer pour la bonne cause. Also ech hat dat sou verstanen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Här Gangler. Gutt. Merci fir Är verschidde Stellungnamen. Vläicht och d'Propos hei wat déi zwou Motiounen ugeet, déi och e bëssen ofzeänneren, wann et an eng Richtung soll goen, wou dann och eng Majoritéit se mat kann droen. Och nach eng Kéier villmools Merci, dass Der déi Motioun nach eng Kéier iwwerschafft hutt. Mir hunn och do e bësse Saache preparéiert, wou mer och hei vläicht wéilten drop agoen. Um Niveau vum Nouveau Logement abordable, de Patrick kann dat vläicht ablenden. Beim zweete Considérant hu mer „proportionnellement" mat rabruecht, well et ass jo am Fong dat, wat ausschlaggeebend ass dass d'Präisser vum Logement am Achat an an der Locatioun, proportionell par Rapport zu der Inflatioun, respektiv d'Augmentatioun vun de Salairen zougeholl huet. Et ass jo net den Niveau brut, mee et ass de Rapport. Dat just par rapport zu de Considéranten. An da sou Kosmetiksaachen am 3. Considérant mat „concerne" an hei vun der „qualité de vie". An da par rapport zum Invitt. Do probéiere mer éischter dann an déi Richtung ze goen „à vérifier l'opportunité d'acquisition d'une unité d'habitation si et seulement si elle répond aux critères d'éligibilité des subventions environnementales, telles que les aides à la pierre ainsi que le cahier des charges défini par le Ministère du logement." „Vérifier l'opportunité" an ech bleiwen hei an därselwechter Koherenz wéi och am leschte Gemengerot. D'Reegel gëtt d'Gesetz vir. An d'Gesetz gesäit vir am Kader vun de PAPen, och den 29bis dee spillt, och en fonction vum Ordre de grandeur, dass do D'Gemengen, Staat, Fonds du logement abordabele Wunnraum kënne maachen, d'Acquisitioun maachen.

Wéi Der déi Motioun hei presentéiert hutt, hutt Der ganz vill vum Budget geschwat. Dat ass eng Saach, déi ee sech och muss leeschte kënnen, souwuel abordabele Wunnraum wéi awer och Terrainen. Dat ass bei der zweeter Motioun. An ech mengen net dass duerch déi Motioun, déi Dir hei presentéiert am Fong d'Ausnam vun deene méi klenge PAPen, wou abordabele Wunnraum soll geschaf ginn, d'Reegel soll ginn. Ech menge mer hate jo virdrun hei e PAP, wou mer d'Konventioun verlängert hunn an der Rue Pasteur, do hate mer eng Kéier eng Diskussioun hei am Gemengerot, dass mer ee vun deenen ale PAPen net, dass mer do géifen un de Promoteur eruntrieden an d'Opportunitéit verifiéieren, ob ee kann abordabele Wunnraum kréien. Dat ass dann eng Diskussioun, déi ee mam Promoteur muss hunn, par rapport zu der Aide à la pierre, ob dat korrespondéiert, ob de Cahier des charges vum Logementsministère, ob dat deementspriechend alles passt. A wann alles gutt geet fënnt een och vläicht eng oder méi Unitéiten déi passen, mee dat muss awer net systematesch de Fall sinn.

Dofir soen ech d'Ausnam soll keng Reegel sinn. Well et kënne jo och Situatioun sinn, wou de Promoteur der Gemeng net wëll verkafen. Reng och aus Rentabilitéitsgrënn par rapport zu der Acquisitioun vum Terrain, par rapport zu de Wunnengen, déi e muss bauen, well en awer sech eng gewësse Marge wëll ginn, déi méi héich ass, wann e privat Keefer an Acquereuren huet, wéi wann en elo der Gemeng wëll verkafen. Et kann awer och vläicht sinn, dass een an d'Diskussioun kënnt a sech op eemol erausstellt, an deem dote PAP, dass et vläicht net oninteressant ass, mee dass et awer net de Besoine vun der Gemeng entsprécht par rapport zu de Besoinen, déi e Service Logement huet. Dofir soll dat heiten net eppes Systematesches ginn, dass een d'Initiativ hëlt an d'Opportunitéit verifiéiert, mengen ech ganz gären. A mir si jo als Gemeng an Diskussioun mat de Promoteure bei klenge PAPen. An och gekuckt

en fonctioun vun de Gegeebenheeten, ob eng Ouverture do ass oder net. A wa se do ass, muss se nach ëmmer fir d'Gemeng passe par rapport zu hire Besoinen.

A wann eng Opportunitéit och do ass a mer se huelen, da muss natierlech och d'Aide à la pierre an och de Cahier des charges passen, fir dass mer och déi néideg Subventionementer kréien. Well ech mengen dat war jo déi grouss Diskussioun haut de Moien hei am Gemengerot. An ech mengen déi dote Logik applizéiert sech nach méi an dësem Cas de figure, wou effektiv dann déi legal Dispositioune vum PAP par rapport zum abordabele Wunnraum eeben net spillen. Dofir dann och déi dote Propos vu Formulatioun. Dir decidéiert natierlech herno als Auteure vun där Motioun, ob Dir mat där Formulatioun averstane sidd oder net. A wann net, da gëtt iwwert déi Motioun, déi Dir erabruecht hutt, gëtt iwwert déi ofgestëmmt. Da par rapport zu der zweeter Motioun iwwert den Droit de préemption. Et muss ee wëssen, wann een e Virkafsrecht zitt oder net, et sinn och déi selwecht Diskussiounen, déi mer och de Mueren deelweis haten an och an de viregte Gemengeréit, dass d'Gemeng d'Präisspiral net däerf dreiwen.

A wa mer e Virkafsrecht spille loossen, komme mer jo souwisou hei an de Gemengerot a mir probéieren, déi néideg Erklärungen ze gi fir dass et ka spillen. An natierlech ass do och de Präis, de Budget. Mir mussen och eng Koherenz behale par rapport zum Budget, par rapport zum Terrain. Och dat war jo och eng Diskussioun de Moien. De Präis vum Terrain. Et kann ee jo net Abstraktioun vun der Diskussioun vun de Muere maachen, déi mer viru gutt 2 Stonne gefouert hunn. Dofir hei hunn ech kee Problem, dass mer d'Virkafsrecht net zéien, dass mer och do d'Erklärunge ginn an dofir dann hei nach eng Kéier eng Ëmformuléierung par rapport zu Ärer Propos, dass mer eemol d'Joer an d'Bautekommissioun kommen. Well mir hu jo och am Kader vum Virkafsrecht insgesamt, am Kader vum Gesetz, eng Rei Delaien, déi ee jo och anhale muss, och vis-à-vis vun Notairen, par rapport zum Panc-Gesetz, Procédure administrative non-contentieuse, do gëtt et jo Jurisprudenz. Par rapport och zu deem, wou den Terrain wëll verkafen. Do si mer jo awer an engem kloer reglementéierte Kader. Mir hunn awer kee Problem, dass een eemol am Joer an eng Bautekommissioun kënnt a sommairement déi Projete presentéiert, déi deementspriechend net zréckbehale goufen, well zum Beispill och de Präis ze deier war. Wou mer net wëllen als Gemeng zur Präisspiral bäidroen.

Dat ass e Modus mat deem och de Service ka gutt ëmgoen, well dat sinn eis Servicer, déi och ganz vill administrativ Demarchë musse maachen an deene ganzen Diskussioune ronderëm d'Virkafsrecht. Ech mengen dass dat hei och e Modus ass, wou nieft de méi politesche Considératiounen awer och wann ee kuckt, déi ganz Aarbecht, déi eis Servicer hunn, awer e Modus vivendi ka sinn, wou ee kann hei eng Approche hunn, wou een hei och déi néideg Erklärungen sommairement ka gi firwat dass d'Virkafsrecht net gezu gouf. Dofir wëll ech dann och déi heiten Ëmformuléierung par rapport zu där Motioun, déi Dir hei eraginn hutt. Mee och dat wéi gesot, ënner Virbehalt vun Ärem Aval, well Dir sidd natierlech Auteur vun Ärer Motioun an hei ass en Propos, déi um Dësch läit. An Dir sot natierlech herno, ob Dir domat averstane sidd oder net. Mee dat einfach e bëssen als konstruktiv Reaktioun par rapport zu där doter Motioun.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. Also dat ass scho mol ganz ganz interessant, datt déi Saachen einfach duerch e bësse Kosmetik, wéi Dir gesot hutt, verbessert ginn, domadder hu mer absolut kee Problem, well déi kosmetesch Verbesserunge sinn effektiv ganz richteg. Par konter wa mer hei verbleiwen, ech weess net, mir si jo an enger Diskussioun, a mir soen „annuellement". Ass dat net vläicht awer e bëssi ze wéineg, kéinte mer net soen all Semester. Zweemol am Joer. A vläicht ee Moment fir och e bëssi déi Remark vun der CSV opzehuelen, déi Saachen duerchkucken, déi geschitt sinn. Dat heescht, wou déi Decisioun gefall ass, eebe vläicht fir net ze kafen. An dann awer déi, déi an der Pipeline stinn och duerchzekucke vis-à-vis vum Budget. Dat heescht dee Moment kënne mir och, eis Kommissioun, mam Budget kucken, kënne mer eis eppes erlaben oder kënne mer eis et net erlaben? Geet dat ze wäit?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat geet ze wäit. Déi an der Pipeline sinn oder déi eventuell kommen, dat ass eng Fro vu Budget. Wéi gesot, mir hunn e legale Kader an deem mer eis beweege mussen, an dee musse mer och respektéieren, fir awer e gewëssene Formalismus ze wahren. A souwisou wann der an der Pipeline sinn, respektiv wa mer d'Virkafsrecht zéien, da komme mer jo  souwisou an de Gemengerot. Dat hu mer jo scho méi wéi eng Kéier gemeet. Dir hutt dann och de ganzen Dossier deementspriechend virleien an déi aner do muss een eemol am Joer, do kann een nieft dem normalen Ordre du jour vun der Bautekommissioun, kann een do e Passus dobäimaachen, wou dann och de Service ka sommairement op déi verschidde Projeten agoen. Well et sinn awer ëmmer voluminéis Dossieren, dat wësst Dir jo selwer, wou och vill Aarbecht hannendru stécht fir déi ganz Analysen ze maachen, fir Iech da kënne sommairement ze soen, firwat dat eeben net gezu gouf.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Neen, dat ass schonn e ganz interessante Punkt, well am Moment sëtze mir do a mir wëssen net, wat hutt Der gemaach a firwat ass net kaaft ginn, firwat ass et kaaft ginn. An et wär effektiv interessant. Also déi Propos ass wëllkomm.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also et ass heiansdo net nëmmen eng Saach vu Präis, et sinn och verschidde Promoteuren, déi eng Combine maachen, déi et onméiglech maachen, déi dann och e bëssen d'Gesetz ausmäerzen, déi Combinne maachen, dass et onméiglech ass, d'Virkafsrecht ze zéien, och wann den Terrain vläicht interessant ass. Mee well vläicht schonn e Projet drop ass. Also do ginn et heiansdo Astucë vu ganz gewëtzte Promoteuren. Mee dat ass mengen ech eng Méiglechkeet, déi een awer dann hätt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt nach just e klengen Ajout maachen an „à présenter à la Commission des bâtisses et au Conseil communal" da vläicht

awer och nach op d'Lëscht. Dat wär awer flott, wa mir och do géifen invitéiert ginn, da muss net eisen ee Männchen, deen do an der Bautekommissioun sëtzt de Briefing maachen an nach eng Kéier dee ganzen Dossier duerchhuelen. Et wär flott, wa mir dann och géifen do dobäi sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Bei der Bautekommissioun?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Do wa dann déi Liste des terrains constructibles, wann déi virgestallt gëtt. Dat eemol am Joer. Dat vläicht dann awer och mam Gemengerot. Well mir sinn et jo awer och déi iwwert de Budget herno eppes ze soen hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dir kritt jo awer e Rapport?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Neen, offiziell ass dat sou gesot, dass dat net sou ëffentlech soll sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Eis Kommissioun ass jo net ëffentlech.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): De Rapport, dee kréie mer jo awer.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass jo kee Problem, dass Der dee kritt. Souwisou, d'Kommissioun ass net ëffentlech.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Mee dat do ass jo eng extra Saach. Dat geet jo awer e bësse méi wäit, wéi Baugeneemegunge ginn. Dat do ass awer och en Impakt, dat ass wat d'Madame Ahmedova gesot huet, op de Budget. Wou mer dann herno och kënnen diskutéieren, wa mer dat zum Beispill géifen am November kréien, dat wär awer interessant, da kann een dann och de Budget anescht analyséieren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat hei sinn déi Projeten, wou mir d'Virkafsrecht net gezunn hunn. Déi hunn a priori jo keen Impakt op de Budget. Et si jo just déi, wou mer e Virkafsrecht zéien, wou en Impakt op de Budget hunn. Wou mer d'Virkafsrecht net zéien, do hu mer jo dann och da keng Depense, do maache mer jo och keen Akt, well mer soen, de Präis ass ze deier.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Mee hei gi jo se alleguer virgestallt, oder? „Tous soumis à un droit de préemption exerçable etc.".

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Déi wou souwisou den Droit de préemption spillt, déi komme jo hei an de Gemengerot. Déi kritt Dir virgestallt. Do muss de Gemengerot jo och den Aval ginn, well do gëtt et jo e Kafakt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dann ass et jo souwisou alles wat souwisou schonn ass dann.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, hei war jo dann d'Demande fir déi, wou d'Virkafsrecht net gezu gëtt. An dat gëtt an der Bautekommissioun presentéiert an och sommairement erkläert wat d'Grënn waren, dass mer et net gezunn hunn. Also wann d'Auteuren domat averstane sinn.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Just vläicht nach eng Fro. Dem Carole säi Punkt. Also dat gefält eis ganz gutt mat der Transparenz. Mir hunn dat sou geschriwwen, datt ee faktuell déi Saache schreift an dann huet een natierlech an der Presentatioun aner Saachen, déi nach dobäikommen, déi net onbedéngt geschriwwe ginn. Mee de Punkt mat der Transparenz, wann s Du do e Saz hues, kéinte mer dee gären dobäisetzen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech hunn elo net verstanen. Wa mer an d'Kommissioun ginn an dat dote virstellen, dann ass et jo transparent.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Dann ass et gutt. Dann ass et jo transparent. Et ass just dat Wuert, wat dann net do drasteet.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mer maache jo eppes, wat mer bis elo an deem Sënn nach net gemeet hunn. Eemol am Joer gi mer an d'Kommissioun a presentéieren et. Kee Problem. Also déi zwou Ofännerungen, sinn déi fir Iech OK?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Déi si fir eis all OK. Merci.

Dan BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat heescht, mir kënnen iwwert déi doten zwou Motiounen, sou wéi se hei mat der Modifikatioun proposéiert ginn, ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? Mat der ofgeännerter Motioun? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. Déi zwou. OK.

# 10. MOTIOUN DÉI GRÉNG – GROUSS BOTZ AKTIOUN VUN DER GEMENG DIDDELENG AM JOER 2025

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann eng aner Motioun iwwert d'Grouss Botz.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo, fir de Kader vun eiser Motioun ze setzen ass et och an eisen Ae wichteg, nach eng Kéier explizitt ze betounen, dass Diddeleng eng propper Stad ass an dass eis Servicer hei am Alldag bei all Wieder eng wonnerbar Aarbecht leeschten. Hinnen dann och am Kader vun dëser Motioun e grousse Merci op dëser Plaz. Eis Motioun, an déi domat hoffentlech resultéierend grouss Botz d'nächst Joer ass an alleréischter Linn als eng Sensibiliséierung ze gesinn. Engersäits fir op d'Aarbecht vun de Gemengenaarbechter hinzeweisen, dass eeben och deen Zigarettestomp op de Buedem geheien eppes ass, wat engersäits verbueden ass an anerersäits ass et eppes, wou een aneren och erëm muss ophiewen an entsuergen. Anerersäits fir ze weisen, wéi vill kleng

bëssen Dreck herno ganz vill Dreck ergëtt. An enger Anti-Littering Campagne, wou virun 3 Joer an d'Liewe geruff ginn ass vun der Gemeng, goufen d'Eegeninitiative vun deenen eenzele Bierger, dem Jugendhaus a verschiddene Veräiner ervirgehuewen. Mir sinn der Meenung, bestoend Initiativen, wann et se dann nach ginn, ze ënnerstëtzen.

Op der Hoplr-App hu mir allerdéngs just eng sou eng Aktioun fonnt an deene leschten zwee Méint, a mir denken, hei kéint d'Gemeng den Acteur spillen, dee fréier Initiativen erëmbelieft, deen de Leit hëlleft, dës Aktiounen ëmzesetzen andeems se e Kader bitt, där Aktioun ee sech uschléisse kann, sou wéi dat och an anere Gemenge gemaach gëtt. En Acteur, dee Leit erreeche kann oder motivéiere kann, déi soss eventuell net sensibel op d'Thematik wieren. Sou géinge mir mat lech eis Motioun an der Kontinuitéit vun der Gemeng hire Beméiungen zum Anti-Littering, eis Iddi vun der Grousser Botz ab dem nächste Joer, wa se dann zum Erfolleg géing ginn, gären als traditionell alljärlech Grouss Botz proposéieren. Dofir géing ech eng Kéier kuerz op d'Considéranten agoen.

Also de Gemengerot stellt fest, dass an de Méint Mäerz an Abréll vill Gemengen zu Lëtzebuerg awer och am Ausland Fréijoersbotzaktiounen organiséieren. Dass sou Aktiounen, vun der Gemeng initiéiert, eng Sensibilitéit bei de BiergerInne schafe fir d'Thema Littering.
Dass sou Aktioune bei de BiergerInnen eng solidaresch Responsabilitéit schafen, dass jiddwereent mat responsabel ass, eis Stad propper ze halen. Dass dës Aktioun zu enger Zort Fest ka ginn, wa se um Ofschloss kombinéiert gëtt mat engem gemeinsame Patt oder engem lessen. Keng Angscht fir de Budget. Dat muss kee grousse Banquet sinn. A ville Gemengen ass Lënsenzopp, Curry, Chilli oder wat och ëmmer d'Wal vun der Gemeng. Dass d'Gemeng fir sou Botzaktiounen de BiergerInne wa gebraucht, den néidegen Ekipement zur Verfügung stelle kann. Do geet et da virun allem ëm Pëtzzaangen, Händchen, Tuten, Vesten oder Änleches.
Et ass an allen deelhuelende Gemengen nach ëmmer kiloweis Dreck bei sou Aktiounen opgeraf ginn. Dofir invitéiere mer de Schäfferot, eng Fréijoersbotzaktioun Grouss Botz am Mäerz/Abréll 2025 ze organiséieren.
Hei ass virun allem domat gemengt dass d'Organisatioun vu sou enger Botzaktioun vun der Gemeng ausgeet, wéi et och an deene Gemengen de Fall ass, déi ech beispillhaft an d'Annex gesat hunn. Zesumme mat de concernéierte Servicer an der Ëmweltkommissioun e Konzept fir dës Botz ze erstellen. Och hei nees de Verweis op Good-Practice-Beispiller aus der Annex.

Dëst Konzept soll klären, wéi eng Quartieren, Stroossen, Parkanlagen, Bëscher sech besonnesch fir d'Aktioun eegnen, klären, wéi den Tri vum opgesammelten Offall herno gehandhaabt gëtt, well d'Leit fänken jo net un ze triéieren, wärenddeem se mat der Pëtzzaang ronderëm lafen an eng Tut am Grapp hunn. Klären, wéi d'Diddelenger BiergerInnen erreecht kënne gi fir um Event deelzehuelen. D'Organisatioun vun engem klengen Ofschlossiessen dann eebe virgesinn. D'Méiglechkeet fir eng Kopplung un eng eventuell Spendenaktioun virgesinn. Beispillsweis e Kilo Offall ass en Euro fir eng wueltäteg Organisatioun am Beräich Natur an



Ëmweltschutz oder Änlechem. An dann eeben och dem Gemengerot dëst Konzept Enn vum Joer virzestellen. Beim drëtte Punkt, dat wären elo mol einfach Pisten, un déi mir geduecht hunn, respektiv déi am Gespréich mat den zoustännege Schäffen aus deelhuelende Gemenge bei eis opkomm sinn. Do komme bei der Planung warscheinlech nach Punkten dobäi an anerer sollten an eisen Aen, wéi virdru scho gesot, an enger zoustännegen Kommissioun diskutéiert ginn a gekuckt ginn, wéi dat kéint stattfannen. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Also ech wëll hei net géint gutt Initiativë schwätzen. Ech wëll just soen, et ass net, dass mer lo missten éischtens mol mengen, hei zu Diddeleng géif et näischt esou ginn an zweetens dass eis Gemeng lo misst dat alles an d'Hand huelen. Wou ech als Bouf mat de Scouten déi éischt Botzaktioun hei matgaange sinn, dat war d'Natur- a Vulleschutzliga, déi huet dat gemaach. D'Gemeng déi huet et bestëmmt ënnerstëtzt. Mee dat war net elo, dass dat eng Initiativ vun der Gemeng onbedéngt war. An dann däerf een awer och net vergiessen, wat vläicht vill Leit net wëssen, mee zu Butschebuerg gëtt et eng Botzaktioun scho säit Joerzéngten. Zesummen organiséiert vum Interesseveräin Quartier Butschebuerg an de Lëtzebuerger Guiden a Scoute Saint-Jean vum Gehaansbierg. Dat ass eng ganz flott Aktivitéit, ausserdeem ass se och nach edukativ ganz wäertvoll, well mer do eis Kanner matgoe loossen.

Ech gesinn net an, firwat d'Gemeng lo sollt do nach vill pronéieren, well d'Gemeng ënnerstëtzt eis do. All dat, wat do steet, d'Material, kréie mer geliwwert. Mir kréien och e klengen Obulus fir herno kënne fir déi Kanner ze grillen. Dat ass fir déi immens flott, si kréien Händchen, Pëtzen an Dreckstuten. An déi Aktioun, déi leeft tipptopp. Dat heescht, ech géif dann éischter mengen, et sollt ee sensibiliséieren, dat ass ganz richteg. Mee wann ech da kucken, dann hu mer zu Butschebuerg de Ribeschponter Wee an am Weierchen. An dann och uewen op der Keelerstrooss si mer och am Gaang. Et ass do, wou et am schlëmmsten ass. Do hu mer scho Fläschen, Béchsen a McDonaldstuten hu mer awer och schonn alles fonnt bis zu Pneuen an enger Toilette. An et ass do effektiv, wou ee muss sensibiliséieren. An do kann een effektiv soen, firwat net am Ufank vun deem Wee einfach mol e Schëld dohistellen, wat eng Graphik huet, déi weist: "Geheit w.e.g. näischt eraus". Awer ech mengen net, dass d'Gemeng elo muss hei op ganz Diddeleng do d'Rad nei erfannen. Dat fonctionéiert an deem Quartier do. Firwat sollt een net Quartiersinitiativen ënnerstëtzen?

Et gëtt jo an all Quartier en Interesseveräin, a firwat sollt een net un déi eruntriede fir dat doten ze maachen? Wou ech awer elo e Problem hunn, dat ass wann ech mat menge Biber a menge Wëllefcher, déi leien tëschent 7 an 11 Joer, wou ech do herno soll soen: Sou lo maache mer déi Dreckstuten op an da kucke mer wat do alles dran ass, an dann triéiere mer dat. Ech mengen déi Loscht hunn déi warscheinlech net. Mee fir de Rescht, dat hei ass eppes, wat et scho gëtt, an dat brauch e just nëmme mengen ech op Quartiersniveau e bëssen ze ënnerstëtzen oder ze initiéieren. Mee et ass net, dass d'Gemeng lo soll hei iergend eppes Grousses nei opféieren, wat et scho gëtt. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech sinn och e bësse paff, dass dat hei lo eng Motioun ass. Fir mech gehéiert dat do an eng Kommissioun. Soss wëllt Der jo och alles a Kommissioune beschwätzen an alles opgekläert kréien. Mee genau dat hei gehéiert an eng Kommissioun a soll och do debattéiert ginn. Ech si vu ganz klengen Däbbes u Grouss Botze matgaangen a Grouss Botze sinn och deemools entstanen, wou Lëtzebuerg nach vill méi chrëschtlech war, ass ëmmer virun Ouschtere gemaach ginn. Ech sinn net grad sou al wéi Dir Här Gangler, mee gleeft mer, ech sinn domadder grouss ginn. An dat ass ëmmer virun Ouschtere gemaach ginn, eebe fir alles schéi propper ze hunn, dann hu mer alles gebotzt.  Deemools si se och just samschdes an d'Bidde gaange virun der Houmass. Mee voilà. Deemools ass dat Ganzt sou entstanen, an et ass och haaptsächlech gewiescht net fir d'Quartiere propper ze maachen. Et ass gewiescht fir eeben déi Plaze propper ze maachen, wou ee soss net higaangen ass.

Dat heescht, wann ech elo einfach Diddeleng huelen, da wär et zum Beispill eng Haard. Oder mir ginn an de Wal. Et sinn net déi Stroossen, den normale Quartier, mee et sinn eeben déi Plazen. An déi Clibb, déi dat ëmmer gemaach hunn, wéi Dir richteg sot Här Gangler, eebe Butschebuerg ass do ganz ganz aktiv. Dat sinn eebe sou Clibb wéi d'Scouten, d'Jugendpompjeeën. Dat kënnen awer och Elterevereenegunge sinn. Ech weess net, Dir hutt e Kand, vläicht sidd Der geschwënn an enger Elterevereenegung dran. Dat kënnen Elterevereenegunge sinn. Jee, et gi ganz vill Gruppementer an Diddeleng, wou sou Saache kéinten initiéieren. An, wéi gesot, fir mech gehéiert sou eng Motioun an eng Kommissioun. An dat kënne vill Kommissioune sinn, dat kann eng Jugendkommissioun sinn, dat kann eng Ëmweltkommissioun sinn, et gi vill Kommissiounen, wou do kënne mat involvéiert ginn, fir dat Ganzt e bësse méi auszebauen. Voilà. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech mengen et ass richteg dass d'Gemeng soll déi Veräiner ënnerstëtzen, déi da dote wëlle maachen. Mee wann ech kucken am Verglach zu anere Gemengen, also ech weess net, ob ech falsch leien, mee ech gesinn all Moies Leit mat de Weenercher ronderëm lafen an den Dreck oprafen. Ech mengen dat maache mer jo scho permanent?

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech wollt nach just heizou soen, datt ech dat sou änlech gesi wéi den Här Gangler och, datt et a mengen Aen och net un der Gemeng ass, fir dat ze maachen, mee datt dat éier am associative Beräich ass an op fräiwëlleger Basis an datt mir eis do jo och eebe kënnen op d'Gemeng verloossen, déi dat ënnerstëtzt. Mee ech kéint mer dat och ganz gutt virstellen zum Beispill am Kader vum Syndicat. Datt de Syndicat d'Initiative do zum Beispill kéint eng Initiativ dann huelen an e bëssen dat kéint koordinéieren oder wéinstens mol kommunizéieren. Et ass elo vun Interesseveräiner Rieds gaange vu Quartieren. Mee déi eng Quartieren, déi hunn Interesseveräiner. Anerer hu vläicht Interesseveräiner, mee déi sinn awer vläicht net esou un deem Projet do interesséiert. Ech weess et net.

Mee op alle Fall, sou kéint een einfach mol nëmmen déi sou bal iwwer 150 Veräiner, déi mer hei zu Diddeleng hu sensibiliséieren an en Opruff maachen an da kucken, wann een e Stéchdatum huet, fir sou eppes an d'Liewen ze ruffen. Dat heescht, ech menge mir kéinten eis do awer verloossen op eng ganz dynamesch Veräinswelt, déi mer hei hunn. Wa mer dat e bëssen an d'Hand huelen, wat elo d'Kommunikatioun ubelaangt, da kéinte mer do och sou e Revival kréie vu sou Projeten, oder besser koordinéieren. Déi Veräiner, déi dat elo scho maachen, déi maachen dat ganz gutt, mat ganz vill Häerzblutt. An do fanne mer bestëmmt der nach, déi op eemol op déi Iddi komme fir matzemaachen. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Et ass e ganz interessante Sujet. Merci och fir d'Motioun. Effektiv, mir géifen och éischter optéiere fir deen Dossier mat an eng Ëmweltkommissioun ze huelen an en do vläicht auszebauen oder weider ze kucken, wéi een dat ka maachen. Den Tri vun den Dechete géif ech absolut net maachen, dat ass nämlech e grousse Risk fir sech ze blesséieren oder fir sech mat iergendeppes ze kontaminéieren. Virun allem, wann s de eppes mat Kanner oder mat Jugendleche méchs. Mir haten effektiv d'leschte Kéier eng ganz Fläsch Lachgas fonnt gehat zum Beispill. Du fënns wierklech Substanzen, déi net grad an d'Hänn vu Kanner gehéieren. A fir dat och nach ze triéieren duerno, ech fannen, dat muss net sinn. Huel déi puer schwaarz Tuten do an da gi se verbrannt. Neen, ech mengen dat ass awer sou. Wa mer doheem den Tri maachen, huet dat jo och e Sënn bei der grousser Mass. Mee dat, wat mer op de Stroosse fannen, do solle mer eis net ze vill Gedanken driwwer maachen.

Ech muss awer soen, dass ech des Lescht mam Vëlo gefuer sinn an ech immens erschreckt war, wéi vill staark Alkoholfläschen niewent de Stroosse leien. Ech schwätzen net vun enger Fläsch Béier, mee ech schwätze vun immens staarkem Alkohol, deen ech net mol riche kann, an et ass eng grouss Mass vu sou Fläschen, déi's de laanscht d'Stroosse fënns. An ech mengen dass mer e ganz groussen Alkoholproblem am Land hunn dee kachéiert gëtt, deen een awer iwwert deen heite Wee mol eng Kéier kéint uschwätzen a mol eng Kéier soen, dass een do eppes gesäit, wat kachéiert gëtt. Ech menge wann der mam Vëlo just nëmmen eng Kéier erof op Näerzeng an der fuert de Wee erop, well dat geet e bësse méi lues, wann der de Wee eropfuert, da gesäit een immens vill där Dénger do leien. An ech denken dass dat e Sujet ass, deen een an noer Zukunft

wierklech eng Kéier kann e bësse méi op de Leescht huelen. Well déi Leit fueren och mam Auto an déi kënnen net an engem normalen Zoustand mam Auto fueren. Oder et si Leit, wou doheem drénken an d'Fläschen erausgeheie fir ze kachéieren. Ech hat mir e bësse Gedanke gemaach, wéi ass dat méiglech, dass do sou vill Fläsche leien. Ech weess et net, mee do kéint een awer eng Kéier sech méi Gedanken driwwer maachen. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo, ech hätt just eng Info. An zwar ass dat deen nächsten Datum vun der Butschebuerger Botzaktioun. An ech wollt mer awer elo do net Feinde maachen, mee mir hu leider kee besseren Datum fonnt wéi den 8. Juni. Dann ass Familljendag hei, dann ass Braderie. Dat deet eis jo leed, awer eis Kanner kommen awer um 14:00 souwisou an d'Versammlung an dann hu mer decidéiert, dass mer deen Datum bäibehalen. Also wa Leit mol eng Kéier wëlle gesinn, wéi eng Botzaktioun ofleeft, da si se wëllkomm fir hëllefen ze kommen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, also et wier awer schonn net schlecht, wann Der mer géingt nolauschteren, wann ech hei virliesen, wat ech mer opgeschriwwen hunn, wéi déi Motioun gemengt ass. Well do si ganz vill Saache beienee komm, déi ech awer explizitt nach virun e puer Minutten hei tel quel gesot hunn, dass et dat net wier. Hei ass jo gesot ginn, et gi wonnerbar Initiativen, déi et onbedéngt ze fërdere gëllt. An ech denken et sollt een déi zwou Iddien net géinteneen ausspillen. Et sollt ee soen: Ma gutt, mir huelen déi Initiativen déi lafen a bannen déi an, andeems mer e Kader bidden. Ech mengen d'Martine Kohn hat dat ganz konstruktiv gesot, dass mer de Syndicat d'initiative mat an d'Boot huelen. Och déi Iddi vun de Kommissiounen, déi steet tel quel dran. Dofir verstinn ech hei verschidde Remarken e bësse manner gutt. Et ass awer elo schonn e bësse spéit, vläicht ass et och doropshi geschëlt. Natierlech, an de jeeweilege Kommissiounen, mir fuerderen ëmmer no Kommissiounen, dat ass ganz richteg, mee deen Dag, wou mir eng Motioun mat an eng Kommissioun ginn, do wéilt ech awer och eng Kéier gesinn, wéi dat soll lafen, dat ass mer awer och nei.

Dat hei ass jo am Fong reng d'Iddi, dass mer hei decidéieren, dass mer dat eventuell an eng Kommissioun ginn. Dass de Schäfferot d'Decisioun hëlt, voilà, mir ginn dat do an d'Ëmweltkommissioun, dass se mat de Servicer oder mam Syndicat d'initiative kuckt, wéi mer déi dote Botzaktioun kéinte koordinéieren, well dat, wat an deenen anere Gemenge stattfënnt, dat si genau déi Saachen, déi grad hei ugeschwat sinn. Dat si sou Bëschraumaktioune vu Plazen, wéi grad gesot ginn ass vun der Madame Dimmer, wou vläicht net all Dag ee kucke fiert, ob do eppes an der Heck läit op der Haard, oder wou een einfach seet, dat do si Plazen, do kënnt ee soss net hin. Dat ass jo komplett an deem Esprit. Dat steet jo d'ailleurs an eiser Motioun dran, dass mer soen, dass mer mat de jeeweilege Servicer klären, wou mécht et Sënn hinzegoen, a wou mécht et kee Sënn?
Dat wat den Här Goergen gesot huet, dass all Dag ee ronderëm geet an Dreck opreeft. Och dat hunn ech gesot, dass eis Gemengenaarbechter am Fong dauernd am Gaang sinn, bei all Wieder eis Stroosse propper ze halen. Dass Diddeleng propper ass an dass nach ëmmer Zigarettestëmp duerch d'Géigend leien, well du kënns der Saach net no.

Dat heescht, och do weess ech net, firwat mer eis elo un den Detailer dann do missen ophänken. Dann zum Schluss d'Thema Alkohol fänken ech elo net un, dat ass e bëssen off topic bei där dote Motioun. Den Tri vum Dechet mat de Kanner ze maachen. Och dat hunn ech net gesot. Ech hu gesot, mir sollten eis dann trotzdeem Gedanke maachen, wéi een no der Opraumaktioun deen Tri do kéint maachen. Dat heescht, dat ka vun engem Service gemaach ginn an der Woch duerno, dat kann och iergendwéi anerwäerts stattfannen. Ech weess, dass se et an der Gemeng Beetebuerg genau sou maachen. Se sammelen den Dreck an an d'Gemeng triéiert dat an der Woch duerno, an da ginn déi Saache richteg entsuergt. Da kënnt Glas bei Glas, da kënnt Offall bei Offall a voilà, sou ass dat geduecht. Net mat Kanner Glas raumen, Zigarettestëmp, wat och ëmmer fonnt gëtt. Ech mengen ech hätt elo den Tour gemaach, a wann do verschidde Saachen net ganz verstane gi sinn, sou war dat op alle Fall gemengt.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Also ech wollt just soen, dass ech dat ganz gutt fannen dass den Interesseveräin an d'Guiden a Scouten déi Aktioun maachen an och dass een dat natierlech an enger Kommissioun da kann ausbauen. Dass do d'Kommunikatioun och ganz wichteg ass, net nëmme mat Guiden a Scouten, mee och mat alleguer eise Sportsclibb, fir déi eventuell kënne mat an d'Boot ze huelen. An ech gesinn awer och kee Problem domat, dass d'Gemeng dann eng Kéier moies hei eng Taass Kaffi an e Croissant kann offréiere fir alleguer déi Leit, déi dann Tuten a Pëtzzaange siche kommen. Dat fonctionéiert nämlech effektiv ganz gutt an anere Gemengen, wéi den Här Steffen och scho gesot huet. Wat awer och natierlech schéi wier, dat wär, wa mer déi Leit kéinte mat an d'Boot huelen, déi net forcement bei de Scouten, respektiv an engem Sportsclub sinn. Well ech sinn der Meenung dass ganz vill Leit gären an eis Bëscher spadséiere ginn, Diddelenger Leit an och eventuell Leit vun Nopeschgemengen, déi do beim Botzen eng Hand géinge mat upaken. Well et ass besonnesch an eise Bëscher wou et wichteg ass, fir déi e bësse propper ze halen, well, wéi gesot ginn ass, an de Stroosse leeft effektiv de ganzen Zäit d'Gemengepersonal ronderëm, a si maachen natierlech och do en exzellenten Job. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo Merci. Mir diskutéieren alleguerten, mee ech mengen eigentlech si mer eis jo alleguerten eens, dass eng Grouss Botz eppes Flottes ass an dat gëtt et schonn a verschiddene Versiounen. Déi Gréng wëllen dat vläicht nach e bësse méi ausbauen. Ech war nach ni op enger Grousser Botz. Ech ginn da vläicht mol eng Kéier kucken op Butschebuerg am Juni, obwuel ech awer gelies hunn, dass een dat net soll am Summer maachen am Fong, well een do géing d'Déiere stéieren dobäi. An der Rei. Dann hunn ech eppes bäigeléiert. Mee ech menge schonn, wann et dat a Quartiere wéi Butschebuerg gëtt, dann ass dat immens flott, mee de Littering ass jo am Fong e Problem wou d'Leit sech eeben net hir Gemeng, hir Plaz oder hire Quartier accaparéieren, wou se sech net domadder identifizéieren, do kënnt de Problem vum Lit-

tering hir. Dat heescht, wann een op enger Plaz, am Quartier Butschebuerg, eng grouss Botz huet, dann ass dat flott an da sinn déi Leit warscheinlech och méi sensibiliséiert an ech hoffen dann, dass se all Joer manner opzerafen hu bei hirer Botz. Dat schéngt och de Fall ze sinn.

Da mierkt ee jo, dass dat jo wierklech en Impakt huet, déi Sensibilisatioun. An da denken ech, da wär et jo awer flott, wann d'Gemeng dat kéint e bëssen ënnerstëtzen, dass dat och an anere Quartieren kënnt, wou et dat bis elo net gouf. Vu mir aus kann d'Gemeng do de Syndicat kontaktéieren oder d'Interesseveräiner kontaktéieren oder mam Projet Ensemble. Mee ech verstinn net, vläicht kann een deen éischten Tiret e bëssen ëmänneren, dass et net ass, dass d'Gemeng dat soll organiséieren. Mee et wär awer flott, wann elo d'Gemeng zumindest géing awer eng Sensibilisatiounscampagne maachen, oder de verschiddene Veräiner soen, et wär flott wann der dat géingt d'nächst Joer zu méi organiséieren an äre jeeweilege Quartieren a mir géingen iech dann och do e bësse logistesch ënnerstëtzen. Ech mengen da wäre mer jo eigentlech alleguerten op engem gréngen Zweig an d'Iddi ass jo, dass et dat herno a méi Quartiere gëtt an dass eebe sou vill wéi méiglech Leit do sensibiliséiert ginn. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Merci. Ech hu lo mol ganz intensiv nogelauschtert. Wéi ech déi Motioun fir d'éischt am Grapp hat muss ech éierlech zouginn, an déi Leit, déi mech kennen, déi wëssen, dass ech dat sou gemeet hunn, du hunn ech mol missen de Kapp rëselen. Dat war awer net béis gemengt, ech hunn awer trotzdeem missen de Kapp rëselen. Ech sinn och der Meenung wéi d'Madame Dimmer gesot huet, wann hei soll e Konzept ausgeschafft ginn, da géif ech soen: Net mat Kanounen op Spatze schéissen. Dat heescht, dass net de Schäfferot e Konzept fir eng Grouss Botz soll entwéckelen. Dann ass et ëmmer nach d'Kommissioun, an hei an dësem Fall ass et d'Hygiènes-Kommissioun gewiescht, déi sech ëm déi Saache bekëmmert huet. Mee ech wollt awer keng Spaassbrems sinn. Wéi ech déi Motioun am Grapp hat, hunn ech lech den éischten Deel guttgehalen: „De Gemengerot stellt fest" – dat war OK. Du hunn ech mer erlaabt, de ganzen aneren „Invitéiert de Schäfferot", deen hunn ech komplett gestrach an ech hu mer awer erlaabt, där Motioun eng gréisser Valeur ze ginn. Ech wollt se net vernichten, mee ech hunn hir eng gréisser Valeur ginn andeem ech alles geännert hunn, an du hunn ech 4 Punkten dragesat. Dat heescht, den 1. Punkt invitéiert de Schäfferot, déi bereets getraffe Mesuren a Bezuch op Hygiène a Propretéit weiderzeféieren.

Wat mengen ech domadder? Beim Budget héiert Der jo ëmmer vu mir, dass mer +/- 35 Leit all Dag am Asaz hätten, dass mer dat weider géife féieren. All eis Offallcamionen, déi um Tour sinn, eis Kiermaschinnen etc. weiderzeféieren. Eise Bannhidder, deen och all Dag um Dill ass fir ze kucken, an de Bëscher virun allem, wéi et mat der Propretéit ass. A selbstverständlech eis Ekippen alleguerten, déi mat de Bonbonnièren all Dag dorëmmer fueren, och an de Quartieren, dass mer déi Mesurë wäerte verstäerken an och weiderféieren. Den 2. Punkt wou ech dragesat hunn, dass d'Gemeng, de Schäfferot, d'Informatiouns- a Sensibilisatiounscampagnen, wéi z.B. „De richtege Reflex fir eng propper Stad" oder den „Objectif zéro mégot" a sou weider, dass se déi Campagnë solle weiderféieren. Ech erënneren drun dass mer d'lescht Joer eleng am Blietchen iwwer 8 Campagnë presentéiert hunn, dass mer déi Mesuren alleguerte wäerte weiderféieren oder ausbauen. Ech denken elo un d'Muppen éischter, et ass vun de Spillplaze geschwat ginn, ech denken dass mer eis do och nach eng Kéier dra knéien.

3. Punkt, dat ass och hei gesot ginn, Invitéiert de Schäfferot Diddelenger Veräiner an Associatioune weiderhi bei hirer grousser Botz logistesch an organisatoresch ze ënnerstëtzen. Dat heescht, wéi scho gesot, Interesseveräiner wéi Butschebuerg, de Brill, de Syndicat, déi sinn do ganz aktiv gewiescht schonn. An et ass och scho gesot ginn. Elo net méi spéit wéi den 8. Juni huet den Interesseveräin Quartier Butschebuerg mat dem Groupe Saint-Jean eng Grouss Botz an am Mount Mee, den 18. Mee, huet och de Kannergemengerot decidéiert, eng Grouss Botz ze organiséieren.

Wéi gesot, de Schäfferot ënnerstëtzt déi Diddelenger Veräiner an Associatiounen bei enger Grousser Botz logistesch an organisatoresch. An do gëtt och geschwat vum Catering. Effektiv, d'Hygiènes-Kommissioun spendéiert all deene Veräiner wa se sou eppes maachen, wa se mëttes Paus maachen, de Grill an och d'Gedrénks.
4. Punkt, wou ech dobäigesat hunn. Wa Veräiner an Associatiounen net méi à même si fir kënnen eng Grouss Botz ze organiséieren, dass dann d'Gemeng aspréngt an dat selwer organiséiert. Dat ass dann de Schlusspunkt vun deene 4 Interventiounen. An ech wär frou, wa mir dat hei sou als Gemengerot géifen akzeptéieren. An ech wär och frou wann Déi Gréng, ech well net soe mat deene Verbesserungen, mee mat deenen Ëmännerunge vun der Motioun och kéinten zefridde sinn.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Genau, fir drop ze reagéieren. Also do wier elo dann d'Hygiènes-Kommissioun net mat dran an der Ausfeilung? Also dat Wuert Konzept, dat hat jo och elo hei e bësse fir Fragezeiche gesuergt, fir Kapprëselen, wann ech dat richteg verstanen hunn. Dat soll lo kee sophistiquéiert Konzept ginn. Et sollt einfach just d'Froe beäntwert vun: Gëtt en Zelt op der Gemengeplaz opgeriicht, wou d'Leit hir Zaange kënne siche kommen? Wéi vill Zaange gesi mer vir? Kënnen d'Clibb sech bei deem mellen? A gëtt einfach ee gemeinsamen Datum fonnt, fir déi Initiative beieneen ze bréngen? Wann elo zum Beispill am Quartier Balzeng keen do ass, dee sou eng Aktioun huet an ech kommen op d'Gemengeplaz an ech gesinn, dass déi Butschebuerger dat dote maachen, da schléissen ech mech deene vläicht un, wann ech weess, do ass een Dag, wou an Diddeleng Leit einfach mat enger Zaang ronderëm lafen an ech ka mech deem uschléissen.

Et war éischter an där doter Logik gemengt, an dass et dann och vläicht zu engem conviviale Moment kéint komme wou net herno all Club mat sengem Grill do sëtzt a mat senger Fläsch alkoholfräie Béier, mee dass dat herno dann einfach erëm op der Gemengeplaz stattfënnt an dass eebe sou e Gemeinschaftsgefill entsteet. Also ech begréissen natierlech all Punkt, dee wei-

der sensibiliséiert zu där doter Thematik, mee et beschreift am Fong net genau dat wat mir wollten hunn. Mir wollten eppes hunn, wou mer gesot hunn. Mir wollten eppes hunn, wou mer gesot hunn, dat ass een Dag wou d'Diddelenger alleguerten zesummen an der Gemeinschaft dat dote propper maachen a voilà. Hei vun de Butschebuerger effektiv wousst ech och net. D'Madame Thoma wousst et och net. Lo hu mer schonn all eppes bäigeléiert, a sou geet et warscheinlech ganz villen Diddelenger. A wa mer dat doten hätten, géinge mer et erméiglechen.

Mir musse jo haut net festleeën, wéi mer et konkret géinge maachen, dat kann iwwert de Syndicat d'initiative mat de Clibb lafen. Obwuel mir dat vun de Clibb bewosst net erabruecht hu well mer gesot hunn, virun allem am Fréijoer hu ganz vill Clibb, A.s.b.l.en mat hiren Assemblée generallen a mat allem, wat dozou gehéiert zum Clubliewe ganz vill ëm d'Oueren. Da komm da leeë mir hinnen net nach déi Charge op, wëlle mer net nach bei där Initiativ matmaachen a bei där a bei där. Dass mir als Gemeng einfach dohinner ginn a soen, OK, hei dir musst iech ëm net vill këmmeren, dir kritt deen Dag Zaangen an de Grapp gedréckt, eng Tut, an da maacht dir iech e flotte Moien an dir kommt duerno en Thüringer iessen. Méi ass et net. Wa mer dat vläicht iergendwéi kéinten dra kréien oder vläicht an enger Kommissioun klären, wéi mer dat vläicht wéilten ugoen hätte mer eis nach eng Kéier halbweegs openeen zougenähert.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Jo Merci fir d'Wuert. Dat, wat Der elo grad gesot hutt kléngt iergendwéi plausibel an awer versetzen ech mech elo e bëssen empathesch an d'Haut vun de Veräiner. Ech mengen, si mir lo dofir do, fir hinnen dat virzeschreiwen? Déi ganz Organisatioun vun deem Veräin dréit sech dann ëm deen Dag. Ech fannen de Kader e bëssen ze fest. D'Fréijoer huet e puer Wochen, a wa mir a verschiddenen Deeler vun Diddeleng verschidde Botzaktiounen hunn am Laf vum Fréijoer, wat ass do dobäi? Ech mengen do solle mer de Veräiner awer och e bësse Flexibilitéit loosse fir hir Aarbecht ze maachen, wéi si dat an hirem Kalenner, an hirer Agenda virgesinn. Sou wéi si dat vläicht bis elo ëmmer sou gehandhaabt hunn. An nach bleift do Plaz soen ech mol. Bis elo ass jo net alles ofgedeckt, warscheinlech, vun Diddeleng. Dat heescht, komm mir loossen dat elo mol wuessen. Well déi eng, déi fuere sou weider, wéi se bis elo gutt gefuer sinn a lo kann dann de Syndicat mat Ënnerstëtzung vun der Gemeng warscheinlech och aner Deeler vun Diddeleng encouragéieren, fir vläicht och aktiv ze ginn.

Mee ech fannen et elo net gutt, datt mer elo alles sou zesummenzurren, dat muss op deem Dag sinn an da muss jiddwereen, deen do matmécht sech adaptéieren. Ech sinn do lo kee Frënd dovun, fir dat lo sou festzezurren an datt mer haut lo soen, dat ass dann elo dat Konzept, wou mir eis elo wëllen drun halen. Ech mengen net, datt de Gemengerot elo soll sou en Aschnëtt an d'Veräinsliewen hei virhuelen oder iwwerhaapt, also eppes wat elo awer gewuess ass a wat gutt organiséiert gëtt, lo wéi zu Butschebuerg oder sou, an datt mir lo virschreiwen, dat soll lo een Dag sinn an dat soll lo sou a sou oflafen. Ech mengen datt ee lo encouragéiert, do, wou nach näischt ass an Diddeleng. An da muss een dat och individuell kucken: Wat fir eng Strukture sinn do? Wéi kéinte mer encouragéieren? Kënne mer do vläicht eppes maachen, wat, wéi gesot, op soll si fir Veräiner mat aner Leit vu baussen, déi net an engem Veräin sinn. Villes ass do méiglech, an ech menge mir sollen eis elo haut heibannen d'Liewen net méi schwéier maache wéi et ass. D'Iddi ass gutt, dass mer dat och erëm e bëssen opliewe loossen an datt mer d'Leit solle sensibiliséieren. Mee datt mer eis awer lo sollen do festleeën op ee festen Dag an datt jiddweree sech do soll drun halen, fannen ech elo perséinlech net gutt, net glécklech.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Kohn. Mir hunn elo genuch gedréint, mir musse lo vläicht zu enger Decisioun kommen, respektiv zu engem Vott. Här Steffen, hei stellt d'Fro sech elo par rapport zu Ärer Motioun. Ech ginn Iech d'Wuert elo souwisou, da kënnt Dir nach eng Kéier drop reagéieren zu der Fro, par rapport zu deem wat hei gesot gouf, par rapport zu Ärer Motioun, ob Dir déi sou, wéi Dir se hei erabruecht hutt wëllt oprechterhalen oder ob mer eis eens gi ronderëm eng Modifikatioun vun enger Motioun. Ech mengen dat ass elo e bëssen dat, wat elo hei am Raum ass, a compte tenu vun der Auerzäit ass et awer och wichteg, dass mer lo eng Decisioun huelen, a mer hunn nach e puer Froen hei virleie vu Gemengeconseilleren, dass mer déi och nach kënne beäntweren.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ma Merci. Jo, et ass wéi Dir gesot hutt, mir dréinen hei ganz vill ronderëm an et geet eigentlech guer net ëm déi Saach, wéi mir se initial geduecht hunn. Well och dat mat de Clibb, deenen eppes virschreiwen, dat ass jo och guer net an eiser Logik. An ech hu jo guer net hei gesot, dass mer et onbedéngt wéilten op d'Clibb auslageren. Dat ass eng Iddi, déi hei elo entstanen ass an där heite Ronn. Selbstverständlech, déi besteeënd Initiative vun de Clibb, dass déi solle weidergefouert ginn, dat ass tipptopp. Mir hunn och bewosst déi Clibb aus der Saach erausgelooss an och dat bewosst erausgelooss, wéi et an anere Gemengen zum Deel leeft. Do sinn d'Primmen un d'Clibb deels dru gebonnen, ob se un der Botzaktioun deelhuelen oder net. Dat hu mer och erausgelooss. Einfach well mer gesot hu mer wëllen, sou wéi d'Madame Kohn gesot huet, mir wëllen net nach méi op déi Clibb auslageren. D'Fro, déi fir eis sech eebe stellt, woumat mer lo liewe kéinten, a wat mer och à la base eng gutt Iddi géinge fannen, dat wier, wa mer eis kéinten drop eenegen dass déi zoustänneg Kommissioun, dat ass dann d'Hygiènes-Kommissioun, wann déi einfach géing sech mat der Thematik auserneesetzen a wann déi da géing kucken: OK, geléngt et eis, sou e Fest ze organiséieren, wéi dat an anere Gemengen och ass, wou d'Bierger kënnen, och wa se net an engem Club sinn, hikommen, d'Zaang siche goen a mathëllefe raumen?
Dat ka gären och déi Opdeelung sinn aus der Hoplr-App, wou ee seet, OK hei déi dote Quartieren huele mer ënner d'Lupp.

Wann et eppes ass, wou een an der Kommissioun kann driwwer diskutéieren a wou ee seet, hei mir sichen do eng Léisung oder si ginn eis do en Avis dozou, da kënne mir och mat enger ofgeännerter Motioun liewen. Dat wat lo do steet, dat ass jo éischter sou en: Mir fuere

elo mol einfach weider mat deem, wat mer schonn hunn a mir maache scho quasi alles. Domat hätte mer lo éischter Schwieregkeeten, dat elo sou komplett z'akzeptéieren, well dat ass jo guer net méi eis Iddi, déi mer initial haten. Dat heescht, d'Fro, déi mer géingen zréckstellen ass: Ass et nach eng Méiglechkeet, an een Invitt ze schreiwen, dass een dat an déi Kommissioun hëlt an do vläicht debattéiert a kuckt ob dat machbar ass? Dat wier d'Fro.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Folgendes: Ech proposéieren lech, déi Motioun, wéi mer se geännert hunn tel quel unzehuelen, ouni deen Zousaz, wou Dir elo gesot hutt. Dir musst einfach just mengem Wuert gleewen, dass ech lech proposéieren, dass dee gréngen Vertrieder an der Hygiènes-Kommissioun d'nächste Kéier dat mat op den Ordre du jour setze léisst. A mir wäerten och kucken dass mer als Hygiènes-Kommissioun, dat kann ee maachen, dass d'Kommissioun invitéiert op eng Grouss Botz an iergendengem Quartier, dat kann ee maache wann et néideg ass. Fir dat elo nach do eranzeschreiwe géif ech net proposéieren. Dat do ass am Fong geholl jo eng Opwäertung vun Ärer Motioun, wou Dir jo selwer sot, hei déi Mesuren, déi Dir jo och geluewt hutt, déi ginn hei weidergefouert, si gi verstäerkt a si ginn ni vergiess. Respektiv, wa kee méi do ass vu Veräiner an Associatiounen, dass d'Gemeng awer à charge kënnt vun där Grousser Botz. Dat ass jo awer schonn net schlecht.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Also fir dat dass et eng Opwäertung vun eiser Motioun soll sinn, diffaméiert et zimmlech eis Motioun, déi mer initial gestallt hunn, well mer awer iwwerzeegt war vun der Iddi, déi drasteet. Soss zéie mer se einfach zréck. Mir iwwerschaffe se nach eng Kéier, sou wéi mer lo beschwat hunn, wéi mer hei driwwer gedréint hunn a mir géinge se soss d'nächste Kéier einfach nach eng Kéier op den Ordre du jour setzen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci fir déi dote Propos an Approche. An da kucke mer dass mer an engem nächste Gemengerot dat doten nach eng Kéier op den Ordre du jour kréien.

# 11. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da wäre mer mat dem Volet Motion eriwwer, da komme mer zu de Froen. Eng éischt Fro vum Här Martini wat d'Suppression du passage à niveau ugeet, an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Merci. Jo effektiv, wéi de Buergermeeschter richteg sot, krute mer eng Partie Froe vun den Kolleege vun der CSV, méi genau vum Här Martini, iwwert d'Suppression des passages à niveau mat den Nummeren 103b an 104a. D'Suppression des passages à niveau, also d'Barrièren op Lëtzebuergesch. An d'CSV schreift, datt se aus der Press gewuer gouf, datt d'Regierung méi intensiv géif un deem Projet schaffe fir déi Barrièren ofzeschafen. A si froen eis dofir: Goufen d'Propose vun der CSV an och Biereng 21 concernant déi Diskussioun, den Zuch duerch den Train-Tram tëschent Volmerange-les-Mines a Biereng ze ersetzen, mat diskutéiert? Dat war déi éischt Fro. Jo, d'Iddi vun engem Train-Tram tëschent Volmeranges-les-Mines, Biereng a Beetebuerg, dat war ee vun deene Punkten, deen de Schäfferot och mam Transportministère beschwat huet. Schonn eleng well, a lo widderhuelen ech mech, well d'LSAP dat schonn eng Kéier an hirem Walprogramm hat, laang éier Biereng 21 respektiv och d'CSV mat där Iddi koum, dofir hu mir dat natierlech mat hinnen diskutéiert.

Zweetens: Firwat ass dann du d'Iddi net zréckbehale ginn, vu datt mer lo schonn 3 Acteure sinn, wou déi Iddi haten? Ma et ass esou, den Train-Tram ass aus finanziellen an och aus logistesche Grënn net vun der Regierung zréckbehale ginn. Fir den Train-Tram missten zu Beetebuerg am Triage nei Schinne gebaut ginn oder eng grouss Bréck iwwert d'Gleisen. Fir béid Mesuren hu se do keng Plaz fonnt. En plus missten alleguer d'Quaien ugepasst ginn, fir datt d'Leit komfortabel kéinten eraklammen. 55 cm ass elo déi aktuell Héicht vun deene Quaie vun der CFL. A fir datt d'Leit kéinte komfortabel eran- an erausklamme missten alleguer déi Quaie fir den Train-Tram op 38 cm gehuewe ginn. A fir datt et rentabel ass missten déi Zich och Minimum bis an d'Stad fueren. D'CFL huet och keng Plaz fir sou Zich ze ënnerhalen. Dat si jo aner Zich, wéi déi wou si hunn. A se sinn och eeben net gewëllt, an en neie Fuerpark ze investéieren, also dat ze änneren, well et laut hinnen net an hiert Fuerkonzept passt. Domadder wären dann alleguerten d'Käschten un der Gemeng hänke bliwwen. Des weidere misst dann och nach e separaten Hall de maintenance an entretien zu Diddeleng gebaut ginn. A bon, dat alles dat gouf och schonn an der Présentation publique zum Projet NeiSchmelz, dat war den 23. Mäerz 2022, mat de Ministere Bausch, Kox an Tanson och deemools scho sou hei erkläert.

Drëtt Fro war, ob mir als Gemeng eng onofhängeg Etude de faisabilité gemaach hunn zu dem Thema? D'Gemeng huet de Büro Komobile, eise Verkéiersberoder deen der alleguerte kennt, de Romain Molitor, zesumme mat engem aneren Expert, dem Axel Kühn vu Karlsruhe beoptraagt, sou eng onofhängeg Etüd ze maachen. An an hire Conclusiounen deele se mat, wann den Train-Tram schonn eleng net bis an d'Stad fiert, wär et en Inselbetrib an et wär och net rentabel. A si sinn och zu de selwechte Conclusioune komm wéi de Ministère, also wéi d'CFL, déi ech schonns bei der Fro 2 beäntwert hunn, et géing ze deier ginn, duerch d'Upasse vun de Schinnen zu Beetebuerg am Triage. Datt se missten neit, also anert Fuermaterial kafen an eeben, wéi gesot, datt déi Maintenance dann och misst hei gemaach ginn. An et wär och ze opwänneg wéinst dem Ëmbau vun de Quaien, ech mengen, do sinn ech drop agaangen. Nach eng Kéier, och d'Kafe vun anerem, neiem Fuermaterial an och well eeben d'Maintenance misst zu Diddeleng gemaach ginn. Alleguerten déi do Argumenter si fir si datt et ze deier an ze opwänneg wär. Véiert Fro war: Sinn all Terraine fir de Projet a Gemengenhand? A wann net, musse Parzelle kaaft ginn? A wéi vill? A wou sinn déi Prozeduren drun? Also d'Terraine wou d'Projete fir déi zwou Barrièren, de PN 103b an 104a drop realiséiert ginn, déi gehéieren alleguerten dem Staat, dem

Fonds du logement, dem Fonds du rail an dem Fonds de la route, sou datt do keng Emprisë méi musse geholl ginn.

An déi lescht Fro, dat war zum ëffentlechen Transport beim Projet NeiSchmelz. Do gëtt gefrot, wéi wäit do d'Planunge sinn. Am Mobilitéitsplang vum Projet NeiSchmelz, do ass den ëffentlechen Transport mat behandelt ginn. Ech mengen dat wësst Der, well déi 4 PAPen, den Nord, den Zentrum, de Süd an Italien, déi sinn den 20. Juli 2020 hei vum Gemengerot gestëmmt ginn an do louch och all Kéiers de Mobilitéitsplang dobäi, sou datt all Parteien hei aus dem Gemengerot, oder déi deemools hei am Gemengerot waren, an och d'CSV, dovunner Kenntnes hunn. Fir de Bus ass et folgendermoossen, datt d'Stroossen an d'Arrêten um Site NeiSchmelz sou konzipéiert gi sinn, datt zu all Moment eng Linn ka bis bei d'NeiSchmelz verlängert ginn oder duerch de Site selwer fueren, ouni datt et eebe Verloschter an der Qualitéit, dat heescht an der Frequenz misse ginn. An och zum Beispill de Schnellbus fir de Süden, fréier hu se en mol BHNS genannt, deen elo plazeweis eenzel Couloire soll kréien, dee soll och säin Terminus an Depart um Site vun NeiSchmelz kréien. Et gëtt awer do net nëmmen de Bus, do gëtt et jo och nach den Zuch. Hei ass bekannt, datt déi 4 Arrêten um Terrain vun eiser Gemeng jo sollen ausgebaut a konform gemaach ginn. Dat heescht, wann ech soe konform, e Quai muss 250 m laang sinn a 55 cm héich fir den Zuch. Déi 4 Arrêten, déi bleiwen och bestoen. Tëschent dem Neibaugebitt NeiSchelz an der Gare-Usines wäert och en nei Verbindung fir d'Mobilité douce entstoen, ouni dass se herno musse weiderhin de motoriséierte Verkéier op der Route de Thionville, wéi dat aktuell nach ass, oder den Zuchverkéier herno um gläichen Niveau kräizen.

Domat kéinten ab 2028 all 30 Minutten en Zuch vu Volmerange-les-Mines, Wuelmereng, iwwer Diddeleng a Beetebuerg direkt an d'Stad fueren. An Dir wësst, vun do aus kënnt een an d'Ausland an och an d'Éislek ass ee weider ugebonnen. A wann da bis dat Iwwerhuelgleis zu Biereng ëmgesat ass, dat ass op Héicht vum PAP Helper-Rue du Nord, da ka souguer all 15 Minutten en Zuch tëschent Beetebuerg, Diddeleng a Volmerange herno fueren. Domat gesitt Der datt de Site NeiSchmelz gutt un den ëffentlechen Transport wäert ugebonne ginn an dëst gouf wéi gesot schonn alles eng Kéier presentéiert an zwar an där ëffentlecher Reunioun am Mäerz 2022. Ech mengen dann hätt ech déi Froen all beäntwert.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Claudia fir d'Äntwert op déi dote Froen. An da ginn ech d'Wuert elo weider un de René Manderscheid, well do ass déi nächst Fro vum Här Martini.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Do gouf anscheinend am Februar 2019 eng Informatioun un all Diddelenger Stéit gescheckt fir d'Populatioun op d'Rateproblematik opmierksam ze maachen. An do sinn dann e puer Froen opgehäit ginn, ob dës Campagne och Erfolleg hat. An et kann een zwar net 100% dat miessen, ob se Succès hat, mee mer konnten awer feststellen, dass d'Situatioun um Terrain sech relativ séier



normaliséiert hätt, dass d'Campagne awer dee Succès hätt, dee mer eis geduecht hunn. Wéi eng Moossname goufen nach getraff, fir der Rateproblematik entgéint ze wierken? Eise Service vun der Kanalisatioun, dee geheit 3 bis 4 Mol am Joer Rategëft an d'Haaptschächt, déi bei eis an de Stroosse sinn a geet och op eenzel Plazen, wou mer méi eng staark Presenz vu Rate feststellen oder wou mer der och reportéiert kréien. Ginn et Quartiere mat enger méi grousser Rateplo? Effektiv muss ee feststellen, dass et am Zentrum méi Rate gëtt. Dat ass awer dorobber zréckzeféieren, dass ëmmer méi Leit net zécken hiren Hausmüll do an déi ëffentlech Dreckskëschten ze geheien. Dofir kommen dann och do méi Raten zum Virschäin wéi op anere Plazen.

Wéi huet d'Situatioun sech an deene leschte Joren, also vun 2019 bis 2024 entwéckelt? Se ass vun 2019 ënner Kontroll bliwwen. Dat heescht, et ass näischt Aussergewéinleches méi dobäi komm. Et ass ëmmer sou periodesch wou dat kënnt, an dann ass et erëm gutt. Wéi eng Mesurë gi getraff fir dës Problematik ze kontrolléieren? Wa mer kontaktéiert ginn dass iergendwou Rate sinn oder dass erëm méi Rate gesi gi sinn, zum Beispill beim Match heiansdo oder beim Centre culturel, gi mer nieft dem Gëft och nach Rateboxen mat Gëft opstellen, fir där Problematik dann Här ze ginn. Mee wéi gesot, dat war bis elo net oft de Fall.
Rate sinn ëmmer do. Eleng d'Diddelenger Baach, de Müll. Awer et ass net esou dass dat elo eng Plo ass oder eng grouss Problematik.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Déi nächst Fro.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Eng Fro vun deene Lénken.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Also déi Lénk sinn informéiert ginn, dass et e Problem gëtt mat der Beliichtung vum Tennisterrain an der Rue Stade John F. Kennedy. Et geet drëm, dass déi Luuchten owes net just den Terrain beliichten mee och déi ganz Ëmgéigend ronderëm den Terrain. An dat dann och nach zimmlech spéit, alt emol och bis Hallefnuecht, wéi dat anscheinend an der Ouschtervakanz dëst Joer de Fall war. Dat stéiert d'AwunnerInnen, déi ronderëm d'Pasteurstrooss an d'Kennedystrooss wunnen. Mir hu Fotoe bäigesat kritt wou d'Pasteurstrooss effektiv staark beliicht ass, do wou d'Haiser an d'Gäert sinn. Dat ass och eng Liichtverschmotzung, déi stéiert net nëmmen d'AwunnerInnen, mee bestëmmt och d'Déieren, déi nuets ënnerwee sinn.

Laut dem PAG, schif eriwwer an der Pasteurstrooss tëschent den Haiser 63 a 67 ass eng Zon Habitat d'espèces protégées, Artikel 17, an eng Zon Site de reproduction de chasse et aire de repos d'espèces intégralement protégées, Artikel 21 ausgezeechent. An och dës Déier fléie jo net just an engem Eck ronderëm. An der Annex fannt Der och nach 2 Fotoen, déi an der Ouschtervakanz owes spéit geholl gi sinn an och eng Petitioun vun den AwunnerInne ronderëm dem Terrain. Da maachen eng eng Klammer op: Mir hu bis elo vun där Petitioun keng Kenntnes gehat. Klammer zou. An deem Kontext hu mer folgend Froen, a bieden Iech, déi am Kontext vum nächste Gemengerot ze beäntweren: Wéi al ass d'Beliichtungsanlag vum Tennisterrain an der Kennedystrooss? Ma d'Beliichtungsanlag um Tennisterrain an der Kennedystrooss ass an der Summersaison 2022 installéiert ginn. Mir hunn hei am Gemengerot den 22. Februar 2022 deen Devis gestëmmt. Ass dee Moment, wou déi installéiert ginn ass dru geduecht ginn, dass dës grouss Ëmgéigend mat beliicht gëtt?

Natierlech ass dru geduecht ginn, datt eng Beliichtungsinstallatioun en Impakt op d'Ëmgéigend kann hunn. Aus deem Grond ass och bei der Ausféierung vun der Beliichtung opgepasst ginn, dass d'Beliichtung och nëmmen op den Terrain soll ausgeriicht sinn. Wär et méiglech, déi besteeënd Luuchten duerch nei Luuchten ze ersetzen, déi just erof op den Terrain liichten an net déi ganz Ëmgéigend an d'Pasteurstrooss nach mat? Hei handelt et sech bei de Luuchten ëm nei LED-Luuchten. Aktuell ass net virgesinn, fir déi auszetauschen. Mir ginn awer trotzdeem beim Fournisseur nofroen, ob et méiglech ass, dës Luuchten ze änneren, ouni dass d'Konstruktioun oder d'Fixatioun muss geännert ginn. Eventuell besteet och eng Méiglechkeet, zousätzlech Blenden ze setzen. Bis wéi vill Auer däerf den Terrain owes beliicht sinn a wëssen déi Verantwortlech vum Veräin doriwwer Bescheed?

De Veräin ass informéiert, dass d'Beliichtung bis maximal owes 22:00 Auer soll am Gebrauch sinn a virun e puer Wochen ass et virkomm, dass d'Luuchten nach no 22:00 Auer benotzt gi sinn, well e Championnatsmatch am Gaang war, an deen huet awer missen zu Enn gespillt ginn. A mir hunn nach eng Kéier mam Veräin Récksprooch geholl fir hinnen nach eng Kéier ze soen, dass no 22:00 Auer sollen d'Luuchten ausgemeet ginn a wann dat net géif klappen, probéiere mer en Timer anzesetzen, dass d'Luuchten automatesch ëm 22:00 Auer ausginn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci dem René Manderscheid och fir déi Äntwerten op déi dote Froen. An da gi mer op déi nächst Fro iwwer vun deene Gréngen, par rapport zum Observatoire social. Erëm de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Voilà, do kréie mer dann eng Fro gestallt par rapport zum Observatoire social. An do hu se e puer Froen, déi ech dann och wäert op Franséisch virliesen, sou wéi se hei gestallt ginn.

*Quel est le taux actuel de non-recours financières de notre commune, tel évalué par le Collège des Bourgmestre et échevins et quelles mesures envisage-t-il pour augmenter le taux de recours?*

Déi nächst Fro ass.
*Quand l'Observatoire social mentionné dans la déclaration sera-t-il établi et pouvez-vous nous fournir des détails sur sa composition? Quel sera le rôle de la commission de l'assistance sociale dans ce contexte?*
*Sur quels critères reposera le plan de cohésion sociale et quels éléments seront inclus dans le cahier des charges correspondant? Est-ce qu'un organe de pilotage sera chargé de mettre en oeuvre ce plan? Si oui, quelle sera sa composition? Comment la population de Dudelange et la société civile seront-elles impliquées dans l'élaboration et la mise en oeuvre du plan de cohésion sociale? Quand le plan de cohésion sociale sera-t-il présenté publiquement? Comment l'impact et l'efficacité des actions prévues dans ce plan seront-ils évalués?*

Et ass haut nach ze fréi, fir op all déi dote Froe prezis ze äntweren. Dir wësst dass mer dat doten, den Observatoire social, an eiser Schäfferotserklärung am Juni 2023 presentéiert hunn. Dat ass e Plang vum sozialen Zesummenhalt, dee soll eng iwwergräifend Strategie entwéckelen an de Beräicher Beschäftegung, Ausbildung, Gesondheet, Wunnengsbau, Kultur a sou weider. Dee Plang gëtt dann opgestallt opgrond vun Analysen duerch eng sozial Beobachtungsplaz, déi mam LISER zesummeschafft. Dat ass elo mol déi graue Theorie. Mer haten och d'lescht Joer am November déi éischt Sëtzung mam LISER, wou mer och eng Offer kritt hunn. Mir hate lo am Februar déi zweet Sëtzung, wou mer en Echange haten an och probéiert hunn e Cadrage ze maache vun deem Ganzen. An et ass och sou, dass mer eis en Timing ginn hunn. Dat heescht de feste Vertrag geet richteg lass am Juli 2024 an da gëtt och eng Collection vun den Donnéeë gemeet, dat soll bis Dezember lafen.

Da gëtt och eng Analys gemeet, en Traitement vun deenen Donnéeë vum Juli bis de Juni 2025. A mir hoffen, dass mer dann och kënnen d'Resultater presentéieren an och e Bilan kënnen zéie spéitstens am Juni 2025 wär dat geplangt. A bis dohinner gëtt hei am Haus intensiv geschafft un deenen Donnéeën, fir d'Demographie, d'Immigratioun, de Logement, d'Schoul, den Emploi fir all déi Donnéeën ze sammelen, fir dass mer wëssen, ëm wat et geet a wéi mer kënne virgoen. Et ass och nach vun engem Comité de pilotage geschwat ginn. Deen ass awer lo schonn en vigueur. Dat ass de LISER, dee mat zwee, dräi Leit an deem Comité de pilotage vertrueden ass, dat ass eise Buergermeeschter, den Dan Biancalana, de Sozialschäffe René Manderscheid, an den Haaptkoordinatiounsmann hei am Haus ass de Secrétaire-adjoint, den Yves Goergen. An et ass effektiv och geplangt, wa mer da sollten an déi entscheedend Phas um Terrain goen, dass een eventuell och nach d'Presidentin vun den Actions sociales kann dobäizéie fir opgrond vun deenen Donnéeën konkret Aktioune virzegesinn. Dat ass am Ament alles, wat ech Iech kann dozou soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci och René Manderscheid fir déi doten Äntwerten an da kommen ech op déi lescht Fro, och vun deene

Grénge par rapport zu de Co-working-spaces. Si seet an hirer Fro dass d'Bestriewung, fir sou Co-working-spaces ze schafen am Koalitiounsaccord steet. Se verweisen och op en Interview vum Fonction publique-Minister Serge Wilmes, deen och op d'Wichtegkeet vu sou engem Projet ageet, notamment zu Schieren. Déi Gréng verweisen awer och op e Courrier, dee mer dem Aarbechtsminister gemeet hunn a wou mer och Referenz maachen op e Courrier dee mer kritt hu wat d'Co-working-spaces zu Diddeleng ugeet. An an deem Kontext froen Déi Gréng, wéini dass mer vum Ministère kontaktéiert goufe fir sou e Co-working-space hei zu Diddeleng ze maache fir d'Fonction publique? A wéi d'Gemeng da sou Projeten ënnerstëtzt? Ob d'Gemeng iwwerhaapt de Projet ënnerstëtzt? Wou mer haut an der Realisatioun vun deem dote Projet dru sinn? Wéi ee finanziellen Impakt de Projet op d'Gemeng huet? Wat d'ekonomesch Retombéeë sinn a wéi d'Mobilitéitsaspekter an dee Projet mat integréiert ginn? Ech hu probéiert, Är Fro hei dann hei sou ze resuméieren.

Fe Moment kann ech Iech soen, dee Courrier, dee mer vum Minister kritt hunn, dat ass e knappe Mount hir. Net nëmme vum Fonction publiques-Minister, mee och vum Landesplanungsminister am Kader vun der Dezentralisatioun. An dat ass de 26. Mäerz, also et ass e knappe Mount hir. Do kann ee sech virstellen, wann et e knappe Mount hir ass, wou mer de Courrier kritt hunn, dass par rapport zu deene Froen, déi Dir stellt nach net vill kann erfollegt sinn. An deem Courrier stoung ganz kloer, dass mer eis solle bei hinne mellen, beim Fonction publiques-Ministère an Aménagement du territoire. Dat hu mer och gemaach. Mir sinn am Gaang, do ze sondéiere fir en Datum ze fannen, fir iwwerhaapt emol an d'Gespréich ze kommen. Well mir och natierlech an der Press gelies hunn, dass sou Espacen och zu Diddeleng sollen entstoen. Mir hunn och de Courrier kritt. A priori sti mer sou enger Demarche, wat d'Dezentralisatioun ugeet, mer hate jo virdru schonn d'Diskussioun iwwert d'Dezentralisatioun vu staatleche Servicer an der Gemeng sti mer insgesamt positiv géintiwwer.

Natierlech, wa mer och de Projet kënnen ënnerstëtze maache mir dat. Mee elo ass et mol wichteg fir e Gespréich ze hunn, fir och ze sondéieren, wat d'Iwwerleeunge beim Staat sinn, wat se vu Besoinen hunn, wat se brauchen. Fir och deementspriechend déi néideg Gebailechkeeten ze fannen oder auszeloten. Et huet een natierlech schonn Iwwerleeunge fir Gebailechkeeten oder Bürosflächen, déi fräi sinn, mee et weess een net, ob dat dem Staat och duergeet. Dofir ass dat elo mol déi éischt Demarche, déi mer maachen. Dofir ass et och elo nach ze fréi ze soen ob dat e finanziellen Impakt op d'Gemeng huet. Ma wann hei de Staat am Lead ass, ma da mengen ech wäert de Staat déi néideg Chargen iwwerhuelen. Wat d'ekonomesch Retombéë sinn. Bon, wann Aarbechtsplazen hei weider geschaf ginn, wäerten och hei am Stadkär sécherlech eng Rei Retombéën och sinn.

A Mobilitéitsaspekter, ech mengen dat kann een de Moment nach net soen, well ee jo och nach net weess, wou dee Co-working-space soll ugesidelt ginn. Also mir sinn hei ganz ganz am Ufank, dofir kann ech op eng Rei Froen net äntweren. Mir si virun engem knappe Mount saiséiert ginn an elo gëllt et virun allem mol ze kucken, wat dem Staat seng Iwwerleeungen a seng Besoine si fir dann deen dote Projet och deementspriechend kënnen ëmzesetzen. Dat ass mol dat, wat ech à ce stade zu Ärer Fro soe kann um Niveau vun den Äntwerten.

Dann hätte mer deen dote Volet ofgeschloss. An da komme mer an de Huis clos eriwwer. •

# Poesie am Park

**14.8.**

**17:00-23:00**

Fräien Entreé

## Park Emile Mayrisch
## Diddeleng



Liesunge fir Grouss a Kleng • Musek • Iessen & Gedrénks

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG

VILLE DE DUDELANGE

Commission de la Culture